

# INFO BLAT

09 22

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 30. NOVEMBER 2022

Actualités | Annuaire | Contactez-nous | Développement urbain | DIFFMAG | Emploi | Events | Formulaires | Revue de presse | FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

# Conseil communal du 14 juillet 2023

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIOUNSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 14 JUILLET 2023

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CHARLÉ Zenia (LSAP) | OLTEN Claude (CSV) |
| ULVELING Tom (1er échevin, CSV) | CILLIEN Eric (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DA SILVA Elisabeth (DP) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| BERTINELLI Fred (échevin, LSAP) | ENGEL Morgan (PIRATEN) | TEMPELS Guy (CSV) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MEISCH François dit Fränz (DP) | |
| CEMAN Emina (CSV) | MULLER Erny (LSAP) | |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO BLAT 09.22**


COMPTE-RENDU DU 30 NOVEMBRE 2022

4-84

JUKOWO 2023

85

SUR LA ROUTE ENSEMBLE

86



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 09/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 30 NOVEMBRE 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo De Sousa, échevin (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Fred Bertinelli (LSAP), Pierre Hobscheit (LSAP)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communication du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Finances communales :**
   a. Présentation du budget rectifié 2022 et du budget initial 2023 par le collège échevinal ;
   b. Comptes administratifs et de gestion de l'exercice 2020.
3. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particulier : projet d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Oberkorn, au lieudit rue Prommenschenkel présenté par le collège échevinal pour le compte de Sopi Concept SA.**
4. **Office social de Differdange : budget rectifié 2022 et budget initial 2023.**
5. **Structures d'accueil : organisation pour l'année scolaire 2022-2023.**
6. **École de musique : organisation scolaire définitive 2022-2023 — deuxième validation.**
7. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié de constitution de servitude avec la société *Sotel* en relation avec sa ligne à haute tension souterraine :
   b. Convention de mise en œuvre du Pacte logement 2.0 signée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg ;
   c. Conventions Karro et Klenge Casino relatives à la mise à disposition de structures pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection internationale signées avec l'Office national de l'accueil (ONA) ;
   d. Nouvelle convention avec l'ASBL *Valorlux* ;
   e. Convention-cadre réglant la participation à l'action Écobox de la SuperDrecksKëscht ;
   f. Contrat de bail pour un logement social sis dans la rue de la Chapelle à Differdange ;
   g. Contrat de bail pour une surface commerciale incluant un logement de service au nº 13-17 de l'avenue de la Liberté à Differdange ;
   h. Contrat de bail commercial pour un local situé à la maison Émile-Mark au nº 7 de l'avenue de la Liberté à Differdange ;
   i. Contrat de bail commercial à courte durée pour un local situé dans la maison Krieps à Differdange, place du Marché 2-4 ;
   j. Résiliation d'un contrat d'un commun accord avec la SCI Gego portant sur une cave située dans la maison Krieps au nº 2-4 de la place du Marché à Differdange.
8. **Règlements communaux :**
   a. Nouveau Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites — prise de position par rapport à la réponse ministérielle ;
   b. Diffprimes : Règlement communal ayant comme objet le subventionnement d'investissements dans le but d'établir un changement d'esprit vers la neutralité climatique de la Ville ;
   c. Règlements temporaires de circulation.
9. **Changements au sein des commissions consultatives.**
10. **Questions.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance du 30 novembre, au cours de laquelle le budget sera présenté.*
*Elle excuse monsieur Hobscheit et monsieur Bertinelli.*
*Elle demande une minute de silence en souvenir de madame Ginette Troes-Klees, une collaboratrice de la maison relais, et de monsieur Fernand Jungmann, un ancien collaborateur de la Ville de Differdange.*
*(Minute de silence)*
*Monsieur Weirich et monsieur Altmeisch ont des questions pour la fin de la séance.*
*Pour ce qui est des communications, monsieur Kox a assisté à la présentation du plan d'action local dans le cadre du Pacte logement 2.0.*
*Vendredi a au lieu l'inauguration de la SportFabrik.*
*Le même jour, la miniforêt a été inaugurée dans la Wuelemswiss. Il s'agit d'une tiny forest, mais la commune ne peut pas utiliser ce nom. Les miniforêts constituent une sorte d'oasis composée de mille plantes sur quelques mètres carrés dans un quartier résidentiel. Elles créent un microclimat et deviennent la maison d'oiseaux et d'insectes. Elles contribuent à l'amélioration de la qualité de vie.*
*Differdange sera un centre de promesses du Télévie en avril 2023. Le lancement de l'action aura lieu le 18 novembre 2022.*
*Le service écologique a organisé une semaine sur le climat.*
*Les lettres de Differdange ont été inaugurées sur le parvis d'Auchan. Elles rendent la ville plus moderne et plus colorée.*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la présentation du budget avant de se rendre compte que monsieur Aguiar a une communication.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *annonce la tenue du projet Fit for Gaming du 7 novembre 2022 au 7 janvier 2023 dans le centre médicosocial. Il est financé par le ministère de la Famille et de l'Intégration.*
*Son objectif du projet est de promouvoir la coopération, l'échange et la solidarité au sein des différentes cultures par les jeux vidéos.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot den 30. November 2022, wou ënner anerem d'Presentatioun vum Budget rectifié 2022 an dem Budget initial vun 2023 um Ordre du jour steet, mat ganz villen anere Punkten.

Erlaabt mer, de Pierre Hobscheit an den Här Fred Bertinelli ze entschëllegen, déi net un dëser Sëtzung deelhuelen.

Ier mer ufänken, géif ech Iech bieden, eng Gedenkminutt anzeleeë fir d'Madamm Ginette Klees-Troes, eng Mataarbechterin aus der Maison relais Uewerkuer, déi gestuerwen ass. An där Gedenkminutt wäerte mer och dem Här Fernand Jungmann gedenken, e ganz gudde Mataarbechter bei eis op der Gemeng, deen, wéi d'Madamm Troes, vill ze vill fréi verscheet ass.

(Gedenkminutt)

Ech soen Iech Merci.

Si Froen unzemellen? Den Här Weirich an den Här Altmeisch. Wéi üblech huele mer déi um Enn vun der Séance publique. Villmools merci.

Wat d'Kommunikatiounen ubelaangt, dat ass éischter eng Retrospektiv. Dir wësst, dass den Här Kox am November hei war fir d'Presentatioun vun eisem Plan d'action local am Kader vum Pacte Logement 2.0.

Leschte Freideg war déi offiziell Inauguratioun vun eiser Sportsfabrick. Dee selwechten Dag, freides moies, war d'Inauguratioun vum éischte Minibësch hei am Land um Fousbann op der Wuelemswiss.

Kuerz erkläert: De Minibësch, dat ass u sech en Tiny Forest, wat mer awer net däerfe soen. An engem dicht besidelte Wunnraum gëtt dat eng kleng Oas, 1.000 Planzen op e puer Quadratmeter geplanzt, déi da ganz dicht wuessen. Wou e Pad derduerch fiert a wat e Mikroklima schaaft, wat sech virun allem am Summer bemierkbar maache wäert. A wat en Doheem gëtt fir ganz vill Villercher an Insekten.

Vu dass um Fousbann esou vill gebaut ginn ass, hu mer geduecht, dass dat eng ideal Plaz wär fir esou ee klenge Bësch, wat jo dann och erëm zu méi Liewensqualitéit féiere wäert.

Den 18. November ass an der Stad den offizielle Lancement vum Télévie, wou mir den 22. Abrëll e Centre de promesses wäerten hei zu Déifferdeng hunn. De Service écologique hat op dräi Owenter Klimawochen organiséiert, déi gutt besicht waren. An dann hate mer nach d'Inauguratioun vun eise schéine Buschtawen Differdange. Déi hutt Der sécher scho gesinn op der Plaz virum Auchan, fir d'Stad e bësse méi modern an e bësse méi faarweg ze maachen.

Dat ass alles vu menger Säit aus vu Kommunikatiounen. Et gëtt keng Réckmeldung vu weidere Kommunikatiounen, da komme mer zum éischte Punkt, d'Presentatioun vum Budget rectifié 2022 an de Budget initial 2023.

Entschëllegt, den Här Aguiar huet eng Matdeelung ze maachen.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madame la Bourgmestre, je vous informe que du sept novembre au sept janvier 2023 le projet fit for gaming est à Differdange dans le centre médico social pendant deux mois. Ce projet va dans le sens de la rencontre entre l'intégration et le gaming. C'est financé dans le cadre du Plan d'action national d'intégration, axe « participation citoyenne » par le ministère de la Famille, de l'Intégration et de la Grande Région.

L'objectif du projet est de promouvoir la coopération, l'échange et la solidarité au sein des différentes cultures via les jeux vidéos. L'apprentissage de soft et hard skills, de créer un lien entre les participants, de favoriser l'intégration et le vivre ensemble et de rendre les jeux vidéo accessible à tous.

Ce projet est adressé aux jeunes à partir de 12 ans et aux personnes vivant dans les structures d'accueil pour les DPI. Et c'est un projet qui est adaptable aux plus jeunes du cycle 4.

Une évaluation aura lieu de ce projet afin de mettre en lumière son impact sur la population de Differdange et de voir les besoins en terme de gaming. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Aguiar. Da wiere mer elo bei der Presentatioun vum Budget 2023.

„Mir sti virun Erausfuerderungen an engem Mooss, wéi mer se bis elo an der rezenter Vergaangenheet nach net kannt hunn." Dat ass e Saz aus menger Budgetsried vum leschte Joer. An ech widderhuelen en tel quel, fir d'Budgetsried vun dësem Joer anzelauden, fir ganz kloer an däitlech ze maachen, vu wat mir haut hei schwätzen. Mir sti virun Erausfuerderungen an engem Mooss, wéi mer se bis elo an der rezenter Vergaangenheet nach net kannt hunn. Ech erlabe mer dofir, e bësse méi wäit auszehuelen.

Jo, Corona ass net méi à la une vun der Aktualitéit. Jo, d'geopolitesch, d'ekonomesch an d'finanziell Situatioun huet sech net verbessert, mee am Géigesaz zougespëtzt. Jo, mir si besuergt. E Wuert, dat an dësem Kontext vill heescht, well eis Dépenses ordinaires exponentiell steigen, ouni dass mir iwwerhaapt en Afloss drop hunn.

Mir hunn eng onheemlech Evolutioun bei den Dépenses ordinaires, sou ëm déi 11 %. An déi lafen duebel esou séier wéi eis Recetten. D'Resultat dovunner ass, dass mer deen niddregsten ordinären Iwwerschoss hunn zanter Joren. Mir leie souguer ënner dem ordinären Iwwerschoss vum Covid-Joer 2020. An anere Wierder: An deene leschten ee bis zwee Joer hu mer eng Perte vu ronn 10 Milliounen am ordinären Iwwerschoss, wat 25 % entsprécht.

Mee elo eent nom aneren. Ufanks dëses Joers ware mer an enger onsécherer Wirtschaft, bedéngt duerch de Covid. Déi awer amgaange war sech ze erhuelen duerch en extreeme Konsum. Well d'Leit vill Suen haten, déi se an der Pandemie net konnten ausginn. 2021 hate mer schonn eng inflationär Tendenz, zum Deel, well d'Liwwerketten ausserneegebrach si beim Holz, beim Bëton, beim Mazout et autres. Et konnt am Fong net méi esou geschafft a produzéiert gi wéi virdrun. A virun allem huet d'Produktioun dorënner gelidden, wat dunn nodréiglech zu Entloossunge gefouert huet.

Enn 2021, ufanks 2022 hat d'Wirtschaft erëm lues a lues ugefaangen ze funktionéieren an et hat een erëm vill Leit gebraucht, déi op eemol awer aus deene verschiddenste Grënn a well se sech ënner anerem och ëmorientéiert hunn, einfach net méi do waren. Leit si gebraucht ginn, mee si waren net do.

Wat wëll ech domadder soen? Am Fong, fir d'Bild kloer ze veranschaulechen, vu wat ech schwätzen a wat ech mengen, dass jiddwerengem et kloer am Kapp ass: Denke mer un d'Biller vum Chaos op de Flughäfen, wéi d'Reesen erëm erlaabt ginn ass a wéi d'Kontrolleren duerch ganz Europa an duerch d'Welt gefeelt hunn.

An der Wirtschaft en général ass d'Nofro zu deem Zäitpunkt och geklommen. D'Vertraue vun de Konsumenten an d'Wirtschaft war do, mee d'Produktioun ass net nokomm. D'Demande war also méi grouss wéi d'Offer. Mat der Konsequenz: D'Präisser sinn an d'Luucht gaangen.

D'Wirtschaft stoung deemools zwar nach op wackelege Been, mee si war kloer amgaange sech ze erhuelen.

Bumm, 24. Februar 2022, den Dag vun der rechtswiddreger Invasioun vu Russland an d'Ukrain an domadder erëm e Krich an Europa. Resultat: D'Präisser si vun engem Ament op deen aneren an d'Luucht geschoss, fir d'éischt d'Energiepräisser, duerno d'Matières-premières-Präisser an dann och nach d'Liewensmëttelpräisser.

D'Liwwerkette si brutal ënnerbrach ginn, d'Aarmut klëmmt, an nach méi Mënsche leiden Honger. D'Repercussiounen dovunner sinn op der ganzer Welt ze spieren.

Haut hu mir aktuell eng Inflatioun an der Europäescher Unioun vun 10,3 %. A bei eis hei am Ländche läit se bei 6,7 %.

D'Produzenten hunn déi Inflatioun direkt ze spiere kritt, d'Konsumente

*Il est destiné aux jeunes à partir de 12 ans et aux DPI, mais il est adaptable aux plus jeunes.*
*Une évaluation permettra d'analyser les besoins de Differdange en matière de gaming.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la présentation du budget 2023.*
*Elle rappelle que l'année dernière, elle avait parlé de défis exceptionnels. Elle pourrait faire exactement la même remarque aujourd'hui. Car même si le coronavirus n'est plus à la une, la situation géopolitique, économique et financière a empiré. La bourgmestre est donc inquiète, d'autant plus que les dépenses ordinaires augmentent sans que le collège échevinal puisse intervenir.*
*Les dépenses ordinaires augmentent de 11 % — deux fois plus vite que les recettes. En deux ans, l'excédent ordinaire a baissé de dix-millions d'euros, c'est-à-dire de 25 %.*
*Au début de 2022, les gens dépensaient beaucoup, car ils avaient de l'argent, qu'ils n'avaient pas pu dépenser pendant la pandémie. Depuis 2021, les livraisons de bois, de béton ou de mazout sont à la traine à cause d'une baisse de la production pendant la pandémie. Cela a entrainé des licenciements. Début 2022, les recrutements ont repris, mais les demandeurs d'emploi n'étaient plus là.*
*En fait, les consommateurs faisaient confiance à l'économie; la demande était forte, mais l'offre n'arrivait pas à suivre. Les prix ont augmenté. En tout cas, à ce moment-là, l'économie était en train de se reprendre.*
*Le 24 février 2022, la Russie a envahi l'Ukraine et a déclenché une guerre en Europe. Les prix de l'énergie, des matières premières et des aliments ont explosé. La chaine de livraison a été interrompue, la pauvreté et la faim dans le monde ont augmenté. Les répercussions se ressentent à travers le monde.*
*Aujourd'hui, l'inflation dans l'Union européenne est de 10,3 %. Au Luxembourg, elle se situe à 6,7 %. Les producteurs en ont ressenti les conséquences immédiatement; les consommateurs un peu*

*plus tard. Au Luxembourg, deux tranches indiciaires sont tombées, ce qui représente un défi considérable pour les petites et moyennes entreprises.*
*Actuellement, la confiance dans la production baisse. Les salaires augmentent. Et les gens dépensent moins. Pour l'État, cela a des répercussions directes sur l'impôt commercial. La TVA, quant à elle, a été baissée de 1 %. La fonction publique paye plus d'impôts sur le revenu renflouant ainsi le fonds de dotation global communal.*
*Le 23 novembre 2022, le Statec s'est inquiété d'un refroidissement du marché de l'emploi avec comme risque une augmentation du chômage. La crise sanitaire serait alors suivie d'une crise économique et finalement d'une crise sociale.*
*Christiane Brassel-Rausch répète que les prix des matières premières et de l'énergie ainsi que les frais de personnel augmentent. Pour stabiliser la consommation, la production et les prix, l'Union européenne et les États-Unis ont rapidement augmenté les taux d'intérêt. Des taux élevés freinent l'inflation, mais peuvent provoquer une récession ou une stagnation. L'inflation accompagnée de stagnation entrainerait une augmentation du chômage et l'impossibilité de baisser les taux d'intérêt.*
*Pour la Ville de Differdange, cela comporte des risques énormes en ce qui concerne les recettes et les dépenses. La fourchette entre les recettes ordinaires et les dépenses ordinaires risque de se rétrécir et d'éliminer l'excédent. À ce moment-là, la commune ne pourrait plus financer ses investissements. C'est pourquoi le collège échevinal a prévu un emprunt compensatoire de neuf-millions d'euros pour équilibrer le budget 2023.*
*D'après le ministère, le taux fixe s'élève à 4,05 %. Un emprunt de 9 millions d'euros entrainerait donc des annuités de 600 000 €. C'est nettement plus qu'en 2020.*
*En d'autres termes, si la commune avait réalisé tous les projets prévus en 2020, elle devrait contracter un emprunt compensatoire de 25 millions d'euros en 2023. L'amortissement se chiffrerait à 1,2 million d'euros. En 2024, la commune se*

méi spéit. An déi direkt Konsequenz heivunner ass, well alles mat enger onvirstellbarer Vitess geschitt ass, déi keen, awer wierklech keen, esou konnt viraussoen, datt dann hei am Land direkt zwou nei Indextranchë fälleg waren. A well dat fir déi kleng a mëttel Betriber, nieft der Augmentatioun an deenen anere Beräicher, déi virdru schonn erwäänt gi sinn, eng riseg Erausfuerderung war ass a bleift, ass eng dovunner op 2023 geluecht ginn.

Wat ass duerno geschitt? D'Vertrauen an d'Produktioun fält, d'Aarbechtskraaft gëtt ëmmer méi deier a vill Leit dréien den Euro tëschenzäitlech zweemol ëm, ier se en ausginn.

D'Konsequenz fir de Staat, mat direkte Repercussiounen op d'Gemengen: Den ICC, also d'Gewerbesteier, brécht an, d'TVA gëtt ëm 1 % erofgesat an d'Personal gëtt méi deier.

Eng Ausnam an deem ganzen Zenario ass d'Akommessteier. Well d'Fonction publique a communale bezuelen duerch den Index méi Akommessteier a fidderen esou nach de Fonds de dotation global communal.

Den 23. November 2022, also ganz rezent, huet de Statec virun enger extreemer Ofbremsung respektiv Ofkillung vum Aarbechtsmaart gewarnt. Wat bréngt dat mat sech? E risegrousse Risiko vun Aarbechtslosegkeet. An da wäre mer genee an deem Zenario, dee scho virun dräi Joer gefaart ginn ass: Fir d'éischt eng Santéskris, duerno eng ekonomesch Kris an dann zum Schluss eng Sozialkris, virun där jiddwereen heibannen, mengen ech, Angscht huet a se net erbäiwënscht.

Fir de Privatsecteur sinn dat natierlech extreem schwiereg Konditiounen. Duerch d'Inflatioun klammen d'Matières-premières-Präisser. D'Energiepräisser hu sech mëttlerweil op engem ganz héijen Niveau stabiliséiert an d'Personalkäschte klamme weider.

De Marché ass iwwerhëtzt. Firwat soen ech dat? Duerch dat rapid Unhiewe vun den Zënsen – doriwwer hunn ech nach guer net geschwat – souwuel an der Europäescher Unioun wéi och an Amerika an déi ekonomesch Onsécherheet, gëtt probéiert, de Konsum ze drosselen, fir d'Produktioun ze drosselen. Dass sech iwwert dee Wee d'Präisser op engem gewëssen Niveau géifen apendelen an net nach weider an d'Luucht ginn.

Héich Zënse bremsen zwar d'Inflatioun, ma implizéieren, dass déi ganz ekonomesch Entwécklung ausgebremst gëtt, an da si mer an der Gefor vun enger Rezessioun. Dir hutt et schonn héieren, ganz bestëmmt, an den Noriichten. An am schlëmmste Fall géife mer an eng Stagnatioun kommen. Wat heescht dat, eng ekonomesch Stagnatioun mat Inflatioun? Dat heescht an der Praxis: De Chômage geet an d'Luucht, d'Zënsschrauf an d'Steierschrauf kënne mer net méi no ënnen dréie wéinst der Inflatioun. An da si mer definitiv an engem grousse ekonomeschen Dilemma.

Firwat elo dëse laangen Exkurs an d'Makroekonomie? D'Gemeng ass an esou ugespaanten Zäiten extreeme Risiken ausgesat, wat eis Recettes an eis Dépenses ordinaires ugeet. Mir riskéieren, dass déi Schéier tëschent de Recetten an den Depensen am ordinären Exercice zougeet an esou eisen ordinären Iwwerschoss lues a lues opfrësst.

Am extraordinären Exercice kréie mer en Nettoimpakt vun den Investissementer net méi mat eisen eegene Mëttele gestemmt. Aus dëser Ursaach hu mir am Budget 2023 en Emprunt compensatoire vun néng Milliounen Euro agesat. Dat ass, fir dass de Budget opgeet um Stand vun haut.

Wat heescht dat elo ganz konkreet? No Bestätegung vum Ministère de l'Intérieur géif den Taux fixe beim Emprunt bei 4,05 % leien. Dat heescht, den Emprunt vun néng Milliounen Euro géif eis beim Amortissement a beim Zëns eng Joresannuitéit vu ronn 600.000 Euro kaschten. E gudde Batz méi wéi dat nach 2020 de Fall gewiescht wär.

Elo e klengt Denkspill: Stellt Iech vir, mir hätten all d'Projeten 2020 duerchgezunn, déi virgesi waren. Da wäre mer haut viraussiichtlech an der Situatioun, dass mer 2023 en Emprunt compensatoire vu geschate 25 Milliounen Euro hätte missen asetzen. Mat enger Zënslaascht an engem Amortissement vun ongeféier 1,2 Milliounen Euro.

Dat hätt dofir gesuergt, dass d'Gemeng spéitstens no 2024 net méi manövréierfäeg gewiescht wär an an eng ganz schwéier kontrolléierbar Scholdespiral gerode wär. A fir genau dat ze vermeiden, hat de Schäfferot schonn d'lescht Joer reagéiert an zwee grouss Projeten op Äis geluecht. Wat sech da spéitstens haut, bei dësen Zuelen, definitiv als richteg Decisioun erwisen huet.

An dofir froen ech elo ganz einfach hei an de Raum: Si mer wierklech nëmmen Annonceurs de projets mat eidele Verspriechen? Oder hu mer net einfach eng Entscheedung geholl, déi richteg a wichteg fir d'Gemeng ass?

Da kommen ech elo zur Analys vum Budget. Fir d'éischt de Budget rectifié vun 2022.

Am Iwwerschoss am ordinäre Budget rectifié sinn 42,64 Milliounen Euro a mir reportéieren e Boni aus dem Budget 2021 vun 21,86 Milliounen Euro. Mir hunn also eege Mëttelen an Héicht vu 64,51 Milliounen, déi mer an de Budget extraordinaire kënnen investéieren.

Den Invest am Extraordinär am Budget rectifié ass op 127,25 Milliounen Euro festgesat. Den Nettoimpakt vun eisen Investissementer op den Extraordinär sinn awer 69,48 Milliounen Euro. Dofir wäerte mer e presuméierte Gesamtmali vu 4,97 Milliounen Euro am Exercice 2022 hunn.

Dës 4,97 Millioune Gesamtmali léise sech an der Reegel am Compte administratif bei der Clôture am Mäerz/Abrëll 2023 op duerch engagéiert Montanten am Budget 2022, déi tatsächlech esou net genotzt gi sinn, sief et duerch decaléiert Investissementer, duerch Retarden oder aus anere Grënn.

Am Budget rectifié 2022 hu mer 149,34 Milliounen Euro Recettes ordinäres stoen. Dat ass en décke Montant. Firwat? Mir hate mat enger Dotatioun vun 90 Milliounen Euro gerechent, hunn awer 94,79 Milliounen Euro confirméiert kritt vum Ministère fir 2022, wat dann am Fong eng Augmentatioun bei de Recettes ordinaires ass. Mir kréien an der Dotatioun genau 4,15 Milliounen Euro méi wéi virgesi fir 2022.

Een anere Grond, bei de Recettes ordinaires hu mer e Plus vu ronn zéng Milliounen Euro, ganz einfach, well mer am Budget initial 2022 ausgaange si vun 139,23 Milliounen Euro a sinn am Rectifié bei de Recettes ordinaires op 149,34 eropgaangen. Dat ass e Plus.

Dee Plus erklärt sech doduerch: 7,8 Milliounen Euro vun deenen zéng Milliounen, déi mer méi kréien 2022, sinn eng eemoleg Recette. Dat heescht, dat si Suen déi mer eemol kréien. 4,8 Millioune si Remboursement vun der TVA vun de Contributions directes an dräi Milliounen aus eisem Fonds de réserve, dee mer d'lescht Joer decidéiert hunn, dass mer géifen en opléisen, well en eis uganks 2022 150.000 Euro Negativzënse kascht hätt.

Stand haut kann ee sech natierlech froen: Hätte mer en net solle stoe loossen? Just, fir Iech ze soen, wéi volatil an op wat fir engem onséchere Buedem d'Decisioune musse geholl ginn. Well si musse geholl ginn. Et weess ee just net, wéi ee se soll huelen.

Am Budget initial 2023 hu mer an de Recettes ordinaires e Gesamtvolume vun 150,92 Milliounen Euro. Wat u sech eng Augmentatioun vun engem Prozent par rapport zum Budget rectifié 2022 ass. Et muss een awer ënnersträichen, dass vun den 150,92 Millioune Recettes ordinaires 67,7 % vun enger Dotatioun vum Staat, dat heescht eng Dotatioun vum FDGC, a vum ICC gedroe ginn. Dat sinn 102,5 Milliounen Euro, fir de Gemengen, laut Circulaire ministériel, weiderhin d'Méiglechkeet ze ginn ze investéieren.

Effektiv ass et awer e Fakt, dass den ICC, also d'Gewerbesteier, deen u sech eng reell Basis ass, fir eis ekonomesch Entwécklung ze moossen, amgaangen ass massiv zréckzegoen. Mir fale vun 3,0 Milliounen op 2,14 Milliounen erof a leien domadder ënner deem, wat 2019 vum ICC generéiert ginn ass.

Am Budget initial 2023 belafe sech d'Dépenses ordinaires op ronn 119,06 Milliounen Euro. Dat ass eng Augmentatioun vun 11,6 % par rapport, zum Budget rectifié 2022. Dir gesitt: Dépenses ordinaires e Plus vun 11,6 % a bei de Recettes ordinaires e Plus vun 1 %, just fir et nach eng Kéier ganz kloer an de Raum ze stellen.

*retrouverait dans une véritable spirale de l'endettement. C'est pourquoi l'année dernière, le collège échevinal a gelé deux projets. C'était la bonne décision. Le collège échevinal n'était donc pas simplement un annonceur de projets avec des promesses vides. Il a agi pour le bien de la commune.*

*Pour ce qui est du rectifié 2022, l'excédent ordinaire se chiffre à 42,64 millions d'euros. L'excédent de 2021 s'élevait à 21,86 millions d'euros pour un total de 64,51 millions d'euros.*

*Les investissements se montent à 127,25 millions d'euros avec un impact net de 69,48 millions d'euros sur le budget extraordinaire. Le déficit se situe donc à 4,97 millions d'euros. Il devrait se résorber en mars ou avril 2023 lors de la clôture du compte administratif grâce à des fonds non utilisés en 2022.*

*Les recettes ordinaires de 2022 s'élèvent à 149,34 millions d'euros. La dotation devait s'élever à 90 millions d'euros, mais elle a finalement rapporté 94,79 millions d'euros à la commune, c'est-à-dire 4,15 millions d'euros de plus que prévu.*

*Par ailleurs, les recettes ordinaires de 149,34 millions d'euros avaient été estimées initialement à 139,23 millions d'euros. Mais certaines recettes sont uniques : le remboursement de la TVA (4,8 millions d'euros) et le fonds de réserve (3 millions d'euros). La commune aurait-elle dû préserver son fonds de réserve ? Il fallait prendre une décision, mais il est difficile de savoir laquelle est juste.*

*Les recettes ordinaires 2023 se montent à 150,92 millions d'euros, c'est-à-dire 1 % de plus que le budget rectifié 2022. La dotation de l'État représente 67,7 % de ces recettes, c'est-à-dire 102,5 millions d'euros. Cependant, l'impôt commercial est en train de reculer fortement et passe de 3 millions d'euros à 2,14 millions d'euros — moins qu'en 2019.*

*Les dépenses ordinaires de 2023 s'élèvent à 119,06 millions d'euros, une augmentation de 11,6 % par rapport à 2022. C'est beaucoup comparé à l'augmentation de 1 % pour les recettes ordinaires.*

*L'excédent ordinaire représente 31,85 millions d'euros. Il s'agit d'une baisse de 25,3 % ou 10,8 millions d'euros par rapport à 2022.*
*Les frais énergétiques ont explosé. L'électricité coutera 2,3 millions d'euros en 2023 contre 1 million d'euros en 2022. La situation est dramatique.*
*Les frais de personnel de la commune sont liés à l'indice. En 2023, ils augmenteront de 11,7 % et s'élèveront à 60 millions d'euros, plus la charge patronale. Cela représente 52,8 % des dépenses ordinaires.*
*Les frais énergétiques et les intérêts constituent les autres problèmes.*
*Par ailleurs, les frais de participation aux syndicats augmentent aussi fortement et passent de 11,6 millions d'euros en 2022 à 12,91 millions d'euros en 2023. C'est-à-dire une augmentation de 11,3 %.*
*Il s'agit d'augmentations sur lesquelles la commune n'a pas d'influence. À titre d'exemple, l'électricité augmente de 180 %. La commune est obligée de verser les tranches indiciaires auxquelles s'ajoutent les adaptations de salaire automatiques, les grades, les échelons, le contrat collectif… Les syndicats sont contents, mais les frais de personnel s'en ressentent.*
*Les salaires de l'État font l'objet de négociations entre la CGFO et la fonction publique avec une demande d'augmentation de l'ordre de 5 %. Le résultat des négociations aura des répercussions sur la commune.*
*Les recettes extraordinaires 2023 sont estimées à 55,56 millions d'euros et les dépenses extraordinaires à 90,91 millions d'euros. L'impact net est donc de 35,35 millions d'euros. La commune peut financer directement 26,34 millions d'euros grâce à l'excédent ordinaire de 2023. Mais un emprunt compensatoire de neuf-millions d'euros devient nécessaire.*
*Christiane Brassel-Rausch se rend compte qu'elle vient d'énoncer beaucoup de chiffres. Mais avant de passer à la conclusion, elle souhaite parler de ses ressorts.*
*Le budget alloué à l'enseignement évolue peu par rapport à 2022. Les*

Déi Zuele weisen eis ganz kloer, dass mer nach en ordinären Iwwerschoss vun 31,85 Milliounen Euro hunn, wat awer eng Baisse par rapport zu 2022 vu 25,3 % ass. Oder aneschters ausgedréckt: Mir hunn 10,8 Milliounen Euro manner wéi 2022 duerch déi iwwerraschend an exorbitant héich Depensen, déi esou vu kengem virauszegesi waren.

Hei e puer ganz konkreet Beispiller, fir d'Saach méi anschaulech ze maachen: Duerch dee ganze Budget erduerch erzitt sech d'Erkenntnis, dass d'Energiekäschte massiv an d'Luucht ginn. D'Elektresch geet vun enger Millioun 2022 op 2,3 Millioune fir 2023 erop. Dat ass bal dat Dräifacht.

Ech denken, et kann een do scho bal vun enger mëttlerweil dramatescher Situatioun schwätzen.

Dat nämmlecht gëllt fir d'Personalkäschten. Eis Personalkäschte sinn, wéi all déi aner, un den Index gebonnen. Eleng déi Indextranche ufanks Oktober bedeit fir d'Gemeng e Surplus vun 1,5 Milliounen Euro Depensen, déi wéi gesot – ech widderhuele mech –, esou net virauszegesi waren. A fir et ganz kloer ze soen, alles wat ech soen hei, dat si Fakten, dat si keng Excusen.

Vum Rectifié 2022 op den Initial 2023 ass an de Personalkäschten eng Augmentatioun vun 11,7 %. Fir 2023 si 60 Milliounen Euro u Käschte plus Charges patronales virgesinn. Dat mécht 52,8 % par rapport zu eisen Dépenses ordinaires, ouni d'Finanzleeschtungen, dat heescht ouni d'Empruntskäschten.

Wann d'Personalkäschten héich an net méi negligeabel sinn, muss ee soen, dass eis Energiekäschten a virun allem awer d'Zënsen eis immens staark belaaschten. Do dernieft bleift en anere grousse Käschtepunkt, deen an d'Luucht gaangen ass, dat sinn d'Syndikater. Am Budget 2022 läit eis Participatioun bei de Frais de fonctionnement bei 11,6 Milliounen Euro. A mir ginn 2023 erop op 12,91 Milliounen. Dat ass eng Steigerung vun 11,3 %.

An dat alles, ouni dass mir elo als Gemeng do iergendwou en direkten Afloss geschweige dann e Choix hunn.

D'Energiekäschten allgemeng klammen, virun allem awer Gas a Stroum. De Stroum eleng klëmmt ëm 180 %. Déi Käschte klammen alleguer esou, ouni dass mer gefrot ginn. Op den Index hu mer och keen Afloss, dee musse mer bezuelen. An do denken ech jo och, dass eis Oppositiounsparteien dat d'nämmlecht gesinn.

Da bleift ze bemierken, dass nieft dem Index dann och nach d'Automatismes vun de Salairesupassungen, d'Graden, d'Echelonen etc. plus d'Aushandlunge vun de Gewerkschafte beim Südgemengekollektivvertrag eis Personalkäschten natierlech wäerte beaflossen. D'Gewerkschafte ware wierklech frou, dass si gutt verhandelt hunn, mee eis Personalkäschten, déi wäerten dovunner net verschount bleiwen.

Wat elo nach Zukunftsmusek ass, awer vläicht gutt ze wëssen, dat ass, dass d'Staatssalairen Enn 2022 auslafen an elo Sujet vu Verhandlunge sinn tëschent der CGFP an der Fonction publique, mat Fuerderunge bis zu 5 % Augmentatioun oder mat enger Upassung vum Point indiciaire. Egal wéi se ausginn, d'Resultater vun deene Verhandlunge wäerte Repercussioune ganz sécher op Gemengenniveau hunn, wou d'Gemeng dann och wäert handele mussen.

Dat do war de Budget rectifié 2022. Elo kommen ech zum Budget initial 2023.

Am Budget initial 2023 leie mer bei de Recettes extraordinaires, Subsiden, Participatioun, Venten, sans emprunt compensatoire, bei 55,56 Milliounen Euro. Bei den Dépenses extraordinaires leie mer bei engem Investvolume vun 90,91 Milliounen Euro. Dat ergëtt en Nettoimpakt op de Budget 2023 vun den Investissementer vu 35,35 Milliounen Euro.

Bei engem momentan presuméierte Mali vun 2022 vu 4,97 Milliounen an engem ordinären Iwwerschoss vun 31,85 Millioune fir 2023, komme mer op eege Mëttele vu 26,34 Milliounen, fir den Nettoinvest vu 35,35 Milliounen ze finanzéieren. Esou erklärt sech den Emprunt compensatoire vun néng Milliounen Euro.

Ech weess, dat si ganz vill Zuelen. Dir kënnt se nolauschteren. Ier ech zur Konklusioun kommen, géif ech Iech nach ganz kuerz Informatiounen iwwer

meng Ressorte ginn, déi sech elo fir mech erginn.

Dat ass zum engen d'Schoul. Wéi d'lescht Joer sinn am Budget vun der Schoul net vill Ännerunge par rapport zu 2022 geschitt.

Déi meeschte Variatioune kommen duerch d'Unzuel vun de Kanner, déi geännert huet. Oder doduerch, dass eng Reserv virgesi gëtt, fir der Präisdeierecht entgéintzewierken, virun allem beim Holz. Dat heescht, dat betrëfft d'Miwwelen, de Pabeier, d'Fotokopien, d'Bicher, de Sprit, also de Bensinn oder wat och ëmmer, dat betrëfft den Transport scolaire.

Ee Beispill: De Präis vun enger Palett Fotokopiespabeier ass vu 737 Euro 2021 op 1.070 Euro hors TVA geklommen. An dat ouni Präisgarantie fir ee Joer, déi mer an de Jore virdrun ëmmer vun den Entreprisen zougeséchert kritt hunn.

Obwuel mer an all eise soziale Medien, am Diffmag Reklamm gemaach hunn, ass eise Budget vun de Subsides et mérites scolaires mol net zur Hallschent genotzt ginn. Et ass an dësem Moment schwéier ze soen, ob de Message nach net bei all deene Jonken ukomm ass oder ob esou vill Jonker hiert Joer net gepackt hunn. Well dorëms geet et jo bei der neier Formel vum Mérite scolaire: déi Jonk ze motivéieren, gutt ze léieren, dass hir schoulesch Efforte belount ginn.

D'nächst Joer wäerte mer nach eng Kéier an deem Sënn eng grouss Campagne starten, fir eis Awunner doriwwer ze informéieren.

Verschidden Ännerungen am Schoulbudget si reng administrativer Natur. Mir hunn de Poste vum Pabeier fir de Primaire zum Beispill analog zum Budget fir de Prescolaire och ënner den Artikel Matériel didactique gesat. Den Artikel Frais divers et d'exploitation, deen u sech genotzt gëtt fir aussergewéinlech Depensë respektiv Bürosmaterial fir d'Kommiteeën, d'Schwämm an Änleches, ass elo ënner dem Grupp vum Budgetsartikel 913 fir de Primär, mee gëtt awer fir sämtlech Cyclë genotzt. Dofir hu mer en zougemaach an en neien Artikel Frais divers d'exploitation an der Kategorie Autre Enseignement fondamental opgemaach.

Well verschidde Budgeten net all opgebraucht goufen, notamment dee vun de Séjours scolaires, well d'Leit sech awer nach net esou richteg getraut hunn, mat de Klasse fortzefueren, hu mir déi Sue regruppéiert, fir dem leschte Campus, nämlech dem Campus Woiwer, deen elo an de Vëlosprojet klëmmt, Vëloen ze kafen. Sou, wéi mer et och fir all déi aner Campusse gemaach hunn.

Dëst Joer hu mer e gewëssene Montant virgesinn, fir eng Formatioun Airtramp fir d'Personal an de Schoulen ze organiséieren. Parallel ass eng Demande un den IFEN gestallt ginn, fir eng gratis Formatioun zu Déifferdeng ze organiséieren. Do si mer aktuell op enger Waardelëscht.

De Budget vun der Éducation artistique ass op där enger Säit gehéicht ginn, well d'Aktivitéit vum Art à l'école, déi 2022/2023 net stattfonnt huet, well se keng Leit haten, déi d'Coursë konnten halen, elo fir d'Rentrée 2023/2024 erëm start. An op där anerer Säit hu mer festgehalen, dass de Budget déi lescht siwe Joer just zur Hallschent genotzt ginn ass. Dofir hu mer en elo mol ëm een Drëttel fir 2023 gekierzt.

De Montant vum Budget vun den Honorairen a Käschte vum Service médical scolaire ass opgrond vun den neie Consignë vun der Direktioun vun der Santé adaptéiert ginn. Et gëtt ënner anerem e Changement an der Tarifikatioun vun de Médecins généralistes an de Pediateren.

An et gëtt e Changement an der Organisatioun vun der Médecine dentaire. Do gëtt d'Promotioun am Cycle 1 an den Depistage an de Cyclen 1.2 an 2.1 vum Service dentaire vun der Direktioun vun der Santé assuréiert. Den Depistage vun de Klassen driwwer, dat heescht de Cyclen 3.1 a 4.2, gëtt vun de lokalen Zänndoktere gemaach.

Dat ass dat, wat eis Schoulen ubelaangt.

Wat eis Maison-relaisen ubelaangt, kënne mer soen, dass d'Alimentatioun souwuel fir d'Crèchë wéi och fir d'Maison-relaisen ëm 20 % eropgeet. Dir wësst, mir kafe fairtrade, bio a lokal.

*variations s'expliquent par le nombre d'enfants ou l'augmentation des prix du bois, du papier, des meubles, des livres, de l'essence pour le transport scolaire… À titre d'exemple, la palette de papier pour les photocopies passe de 737 € en 2021 à 1070 € HTVA. En plus, les prix pourraient encore augmenter en cours d'année.*

*Malgré les annonces dans le Diffmag et les réseaux sociaux, le budget réservé aux subsides scolaires n'a pas été entièrement utilisé. Christiane Brassel-Rausch ne sait pas si cela est lié à un problème de communication ou à des échecs scolaires. La nouvelle formule du mérite scolaire récompense en effet les efforts accomplis en classe. Il faut en informer les habitants.*

*Le papier pour le primaire figure désormais sous l'article matériel didactique.*

*L'article Frais divers se trouvait sous Primaire, mais il est utilisé par tous les cycles. Il a donc été déplacé sous Enseignement fondamental.*

*Certains articles budgétaires comme celui des séjours scolaires n'ont pas été utilisés entièrement. Les fonds seront réaffectés à l'acquisition de vélos pour le campus Woiwer.*

*Des formations d'Airtramp pour le personnel sont prévues dans les différentes écoles. La commune a également demandé à l'IFEN de tenir une formation gratuite à Differdange.*

*Le budget pour l'éducation artistique a été réduit d'un tiers, car le collège échevinal a constaté que lors des sept dernières années, seule la moitié a été utilisée.*

*Les honoraires du service médical scolaire ont été adaptés sur la base des consignes de la Direction de la santé. Le service dentaire est assuré par la Direction de la santé dans les cycles 1 et 2.1, et par des dentistes locaux dans les cycles 3.1 à 4.2.*

*Pour ce qui est des maisons relais et des crèches, le budget pour l'alimentation augmente de 20 %. La commune préconise le commerce équitable, biologique et local. Par conséquent, il faut accepter l'augmentation des prix qui va avec. Les frais reposent sur des estimations du cuisinier et de la Provençale. Christiane Brassel-Rausch insiste*

*sur le fait que Differdange s'engage pour les produits biologiques locaux.*
*Le projet Natur genéissen avec SICONA est reconduit.*
*Le budget pour les crèches augmente de 25 000 € et celui pour l'alimentation dans les maisons relais de 270 000 €.*
*L'article Mise en conformité passe, quant à lui, de 70 000 € à 200 000 €. En effet, tous les trois ans, Luxcontrol effectue un contrôle des structures. Ce contrôle est nécessaire pour obtenir l'agrément du ministère. L'année prochaine, le budget sera donc moins élevé.*
*Les frais de fonctionnement augmentent également, c'est-à-dire l'eau, l'électricité, le gaz, les pellets, l'entretien… Les hausses se chiffrent à 25 000 € pour les crèches et à 261 575 € pour les maisons relais.*
*Les salaires augmentent en raison des avancements de carrière et probablement de trois tranches indiciaires. Cela représente 187 240,20 € pour les crèches et 1 219 579,20 € pour les maisons relais.*
*Les frais d'exploitation pour les activités des maisons relais augmentent de 20 000 € — notamment pour acheter du matériel sportif dans le cadre de Spodi.*
*La gratuité de l'encadrement des enfants n'aura pas d'impact sur les finances communales en ce qui concerne les crèches. En revanche, à court terme, les recettes provenant des crèches baisseront de 250 000 €. L'État prendra cette différence à sa charge.*
*L'État participe au financement des crèches à 100 % et au financement des maisons relais à 75 %.*
*Pour ce qui est du logement, les 80 appartements et les 50 studios de Gravity seront livrés l'année prochaine. Le promoteur devrait fournir des dates précises la semaine prochaine. L'appel à candidatures pour les locations sera lancé l'année prochaine. Il s'agit de 46 appartements. Deux autres appartements seront loués au Rehazenter et deux triplex serviront à la colocation.*
*En tout, les appartements et studios de Gravity couteront 57,3 mil-*

Dat heescht, dat ass schonn eng grouss Steigerung, wat d'Liewensmëttelkäschte betrëfft, déi an eise Maison-relaisen eropginn.

Dës Zuel baséiert op enger Prognos vun eisem Chefkach wéi och op enger Estimatioun vun der Provençale bedéngt duerch d'Inflatioun op der Matière première, compte tenu vun der aktueller Lag.

Sief nach erwäänt, datt d'Gemeng Déifferdeng sech weiderhi fir bio, regional a fair Produiten asetzt.

De Projet „Natur genéissen" a Kooperatioun mat SICONA ass 2023 och nach aktuell.

An der Crèche hu mer eng Hausse vun de Budgete vu 25.000 Euro. An de Maison-relaise bei de Liewensmëttel eng Hausse vun 270.000 Euro. Dat si stolz Präisser.

Den Artikel Mise en conformité gëtt fir 2023 exceptionnellement fir d'Crèchen an d'Maison-relaisen eropgesat. Dir hutt gesinn, déi gi schlagaarteg vu 70.000 op 200.000 Euro erop. Ech widderhuelen: Fir d'Crèchë vun 20.000 op 50.000 Euro a fir d'Maison-relaise vu 70.000 op 200.000 Euro.

De Grond heifir ass wéinst dem Contrôle périodique, deen all dräi Joer muss stattfanne vun der Luxcontrol. An all eise Strukture gëtt eng duerchgefouert. Dat hänkt zesumme mam Agrement, dee mer vum Ministère kréien. Dat heescht, déi Zuel geet d'nächst Joer erëm erof.

Et ass och eng Hausse vun de Frais de fonctionnement ze verzeechnen. Dorënner falen ënner anerem Waasser, Stroum, Gas, Pellets, Kanal- an Entretiensaarbechten. Do leie mer bei de Crèchë fir 2023 bei enger Hausse vu 25.000 Euro an an eise Maison-relaisen och e stolze Präis vun 2022 op 2023, eng Hausse vun 261.575 Euro.

Et ass ee schonn erstaunt, wann een déi Zuelen héiert.

Eng Hausse massive salariale. Ech hunn et virdrun erkläert, e Grond sinn d'Avancementer, d'Karriären an dobäi kommen d'nächst Joer viraussiichtlech dräi Indextranchen. Dat heescht an de Crèchen hu mer vun 2022 op 2023 eng Hausse vun 187.240,20 Euro an an eise Maison-relaisen, eng Hausse vun de Personalkäschte vun 1.219.579,20 Euro.

D'Hausse bei de Frais d'exploitation fir d'Aktivitéiten an de Maison-relaisen, do ass eng Erhéijung vun 20.000 Euro par rapport zu 2022.

Am Zesummenhang mam Projet pédagogique Spodi, wat, wéi Der wësst, eng flott Zesummenaarbecht ass vum Service des sports mat eise Maison-relaisen, dee Betrag dozou déngt, fir Sportsmaterial ze kafen.

Budget recettes. Déi am September agefouert Gratuitéit wäert keen direkten Impakt op eis Recetten hu vun eise Crèchen, well just scolariséiert Kanner vun der Gratuitéit concernéiert sinn. Op där anerer Säit awer huet d'Gratuitéit e kuerzfristegen Impakt op d'Recettë vun der Maison relais. Duerch d'Gratuitéit wäerten à court terme d'Recettë vun der Maison relais op 250.000 Euro falen. Fir d'Differenz vun de feelende Recettë wäert de Staat opkommen.

Et bleift ze erwänen, datt den SEA-Secteur duerch den Dekont der Kontroll vum Staat ënnersteet. D'Participation financière ass gereegelt iwwer eng Konventioun. Déi läit bei de Maison-relaise bei 75 % a bei de Crèchë bei 100 %.

Wat de Logement ubelaangt, wëll ech ganz kuerz op de Gravity agoen. Déi 80 Appartementer plus déi 50 Studioen, déi mer kaf hunn an un d'Miami weiderverlounen, wäerte wéi geplangt d'nächst Joer geliwwert ginn. A virum Summer, laut Planning, wäerte mer d'Akten – sauf imprévus – hunn.

Mir wäerten an den nächsten Deeg vum Promoteur méi genee Informatiounen iwwert d'Datume vun der Receptioun vun den Appartementer an de Studioe kréien. Den Appel à candidatures fir d'Locatioune vun eise 76 Appartementer wäert ufanks d'nächst Joer lancéiert ginn.

46 Appartementer – keng 50, wéi initial ugeduecht waren –, well zwee Appartementer dovunner, ech hat et hei schonn eng Kéier erwäänt, ginn un de Rehazenter verlount. An déi zwee Triplexen,

fir déi mer leider keng Interessente fonnt hunn, déi wäerten a Form vun enger Kolocatioun fir Doktorande respektiv Studente vun der Uni, sief et Belval oder vun eisen Unien hei, verlount ginn.

Dee ganze Projet Gravity, 80 Appartementer – 30 plus déi 50 Studioen – wäerten zum Schluss d'Stad Déifferdeng ronn 57,3 Milliounen Euro kaschten. Mir kréien e Gesamtmontant, Subsid plus Loyer, vun 42,3 Milliounen Euro. Dat heescht, et bleift en Delta vu 15 Millioune fir d'Stad.

Duerch d'Participatioun um Pacte logement 2.0 wäerte mer, laut den Estimatioune fir 2023, 4.779.250 Euro kréien. Dës Sue kréie mer duerch d'Unzuel vun de subventionéierte Wunnengen, déi mer um Territoire vun der Stad Déifferdeng entstoe loossen. Dat sinn am Ganzen 144 Wunnengen. Mee awer och duerch d'Unzuel vun de Wunnengen, déi vun der GLS, der Gestion locative sociale, an der AIS Kordall geréiert ginn. Dat sinn iwwer 100 Wunnengen.

D'Detailer vun dësen Zuele stinn am Libellé vun den extraordinäre Recetten.

Am Budget extraordinaire sti Sue fir Renovatioune vun zwee Haiser an der Grousssstrooss, Nummer 11 an Nummer 16.

Zum Projet participatif an der Grousssstrooss. Dir wësst, mir haten do e Projet ugeduecht gehat virun zwee Joer a Richtung Tübingen, dass d'Leit selwer sech hiert Haus solle konzipéieren an entwerfen. Dat muss nach no hanne verréckelt ginn aus PAG-technesche Grënn. Mee eis Servicer sinn amgaangen, drun ze schaffen.

Ech kommen esou lues zum Schluss vu menger Budgetsried, fir eng Konklusioun ze maachen. Ech hunn Iech elo bombardéiert mat Zuelen. Fir déi, déi se net opgeschriwwen hunn oder net verhalen hunn, Dir kënnt alles nolauschteren, Dir wësst dat.

An dach bleift mer ze soen: Déi Zuelen, déi ech elo erwäänt hunn, déi sinn haut gëlteg. Mir wëssen net, wat an dräi Méint a sechs Méint oder an néng Méint ass. A ganz zum Schluss, fir der Traditioun trei ze bleiwen, wëll ech eng Informatioun awer och nach weiderginn, dass mer 2022 eng Pro-Kapp-Verschëldung vu genau 1.533 Euro haten.

Wat bleift mer ze soen? Et bleift mer ze soen, dass mer eisen ordinäre Budget nach am Grëff hunn. Dat ass eng immens positiv Nott. Awer gläichzäiteg soll et vun dëser Plaz aus en Opruff an awer och, wéi déi Däitsch soen, e Weckruf sinn, fir weider virsiichteg ze sinn, fir rational virzegoen a virun allem net ze vergiessen, dass mer am ordinären Iwwerschoss ënner dem Covid-Joer 2020 leien.

A genee wéinst dëser Onsécherheet a Volatilitéit huet de Schäfferot decidéiert, engersäits all Projet en cours ze garantéieren a sech anerersäits weider ze engagéieren, andeem e sech op déi weesentlech, obligatoresch an essenziell Investissementer fokusséiert.

Niewent all de Warnungen an negativen Informatiounen, ass et trotzdeem wichteg zréckzebehalen, doduerch dass mer no Covid an am Joer 2021 bei eisen Investissementer räsonabel agéiert hunn, dass mer zwar, wéi jiddweree vun dëser Energie- a Finanzkris getraff sinn, mee mir sinn nach manövréierfäeg. Mir sinn et nach a mir bleiwen et och nach haut.

Soudass mir am Fong op dës Kris nach ëmmer kënne reagéieren a weiderhin an eng flott an eng modern a virun allem dynamesch Stadentwécklung kënnen investéieren. Well mer opgepasst hunn, well mer net héich verschëlt sinn an nach esou zolidd sinn, dass mer iwwerhaapt kënnen investéieren.

Mir hunn eisen ordinäre Budget nach am Grëff, mee dofir musse mer eis op dat Weesentlecht konzentréieren, op déi obligatoresch Missioune vun der Gemeng, déi musse mer upaken. Do schwätzen ech vun de Schoulen an de Maison-relaisen, mee mat enger rationaler Projetsplanung.

Sachant que, wa mer eis de Pluriannuel ukucken an déi aktuell ugespaante Situatioun vum Cashflow consideréieren, musse mer eis bewosst sinn, dass all Euro, deen an Zukunft iwwert den ordinären Iwwerschoss vum jeeweilegen Exercice erausgeet, muss geléint ginn – mat der Konsequenz vläicht vum Däiwelskrees, dass all geléinten Euro

*lions d'euros à la commune. Les subsides et les loyers représentent une somme de 42,3 millions d'euros. Il reste donc 15 millions d'euros.*

*En 2023, la commune devrait toucher 4 779 250 € dans le cadre du Pacte logement 2.0 pour la création d'appartements subventionnés. Il s'agit de 144 appartements auxquels s'ajoutent plus de 100 appartements gérés par l'AIS Kordall.*

*Le budget extraordinaire prévoit la rénovation de deux maisons dans la Grand-rue.*

*La commune voulait lancer un projet participatif dans la Grand-rue sur le modèle de Tubingue. L'idée consiste à ce que les gens créent leurs maisons. Ce projet sera reculé pour des raisons liées au PAG.*

*Christiane Brassel-Rausch ajoute que tous les chiffres avancés sont vrais aujourd'hui. Elle ne sait pas ce qui se passera dans quelques mois.*

*La dette par tête d'habitant s'élève à 1533 € en 2022.*

*Pour le moment, la Ville de Differdange maitrise son budget ordinaire. Mais il faudra se montrer prudents et rationnels. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de garantir les projets en cours et de se focaliser sur les investissements nécessaires. Grâce à des investissements raisonnables, la commune reste gérable. C'est ce qui permet au collège échevinal de continuer à investir dans un développement urbain chouette, moderne et dynamique. La Ville de Differdange n'est pas très endettée et peut continuer à investir.*

*Pour continuer à maitriser le budget ordinaire, le collège échevinal veut se focaliser sur l'essentiel : les écoles, les maisons relais, des projets rationnels… Il faut comprendre que chaque euro dépassant l'excédent ordinaire devra faire l'objet d'un emprunt avec le risque de tomber dans un cercle vicieux. Le collège échevinal doit prendre ses décisions sur la base de faits et de données.*

*Actuellement, la situation financière est plutôt bonne. Depuis trois ans, Differdange s'est lancée dans la numérisation et la participation. Mais il reste du pain sur la planche. Differdange est pleine mutation.*

*Christiane Brassel-Rausch a réalisé des projets qui lui tenaient à cœur. D'autres seront réalisés au cours des prochains mois.*
*En matière de logement, la Ville de Differdange a été une des premières communes à s'engager dans le cadre du Pacte logement 2.0. Tout à l'heure, elle a parlé du projet de la Grand-rue selon le modèle de Tubingue. Mais il y a aussi les colocations, l'AIS Kordall… La commune a également acheté des terrains en vue de construire des logements abordables.*
*Pour ce qui est l'urbanisme, le collège échevinal a réalisé des projets chouettes et nécessaires comme le commissariat, qui offrira des conditions de travail agréables aux agents.*
*La commune a acheté cinquante studios pour étudiants. La demande est forte. Differdange est en train de devenir une ville de la formation. Christiane Brassel-Rausch mentionne l'ouverture prochaine du Lycée Émile-Metz.*
*Un des défis consistera à dynamiser le centre-ville.*
*(Interruption et discussions)*
*Christiane Brassel-Rausch répond que le centre-ville doit devenir jeune et attractif. Elle remercie la cellule économique, qui s'engage pour créer des postes d'emploi à Differdange. Le concept des chemins courts est également important. Tous ceux qui se retrouvent chaque jour dans les embouteillages le savent bien.*
*Differdange a toujours été une ville solidaire. Elle a été une des premières villes à offrir des logements aux réfugiés ukrainiens. Le collège échevinal a, par ailleurs, augmenté considérablement l'allocation de solidarité pour aider les habitants à faire face à la crise.*
*Déifferdeng, eng Stad hëlleft, soutient les projets éducatifs et durables de nombreuses ONG.*
*Christiane Brassel-Rausch souligne que pour elle, la ville et ses habitants resteront au cœur des préoccupations jusqu'à la fin de son mandat. Elle espère que son message a été entendu et que les conseillers communaux voteront dans l'intérêt de la ville. Elle souhaite que son successeur puisse*

eisen ordinären Iwwerschoss laangfristeg belaaschte wäert.

An dofir musse mer eis op Fakten, op Daten, op Donnéeë kënne baséieren. Ech kann Iech just elo soen: Gemengenintern si mer um gudde Wee. Jo, mir hunn eis zanter dräi Joer op de Wee gemaach an d'21. Joerhonnert, an d'Digitalisatioun, an d'Participatioun. Jo, ech si mer bewosst, dass et nach e laange Wee ass bis alles steet, wéi et soll, mee wéi heescht et esou schéin: „Ce n'est qu'un début."

Déifferdeng ass eng Stad am Wandel. Mir sinn an enger wichteger Transitiounsphas an däers ass sech de Schäfferot ganz kloer bewosst. Vill Saache leien eis um Häerz a vill Saachen hu mer ëmgesat an déi wäerte mer och nach probéieren, sou wäit wéi méiglech an den nächste Méint weiderzedreiwen.

Um Wunnengsmaart zum Beispill war Déifferdeng ëmmer engagéiert. A mam Pacte Logement 2.0 ware mir eng vun deenen éischte Gemengen, déi sech engagéiert huet, fir abordabele Wunnraum ze sécheren an ze schafen, och ënner neie Formen. Ech hu virdru vun eisem Projet an der Grousssstrooss geschwat, Modell Tübingen, awer och wat d'Wunngemeinschaften, déi WGen ugeet, wéi zum Beispill am Gravity an op anere Plazen.

Mir hunn en AIS Kordall, deen immens aktiv ass, dee mer personaltechnesch opgestockt hunn an deen iwwer eng 100 Wunnunitéite geréiert. Mir hu souguer nach dëst Joer Fonciere kaf en vue vun zukünftege qualitativ gudde Projeten am abordabele Wunnengsbau.

Am Urbanismus gëtt u flotten an absolutt néidege Projete geschafft, fir eis an Zukunft nohalteg opzestellen. Fir Ouschtere rechne mer domadder, dass eist Polizeigebai fäerdeg ass, wou d'Beamten dann endlech adequat a besser Aarbechtsbedéngunge wäerten hu fir ze schaffen.

Aktuell hu mer, ech hunn et virdrun a mengem Resümmee gesot, scho 50 Studentewunnenge kaf. Firwat? Well se hei gebraucht ginn. Eis Unie brauche se, well se vill Studenten hunn a well d'Nofro do ass. Mir sinn um Wee, eng Studenten- an eng Bildungsstad ze ginn, mat enger neier jonker Dynamik. Wann ab der Schoulrentrée 2023/2024 déi éischt Schüler vum Lycée Emile Metz op Déifferdeng an hir Informatikcoursë wäerte kommen, da si mer definitiv do ukomm.

Wat eisen ale Stadkär ugeet, dee jo och nach ëmmer do ass, hu mer den Defi opgeholl, fir en nei ze dynamiséieren. E wäert sécher aneschters ginn, wéi mer bis elo gewinnt waren. En definéiert sech nei, attraktiv a jonk. Do e grousse Merci un eise City-Management, dee jo elo Cellule économique heescht, fir hiren onermiddlechen Asaz, fir de Stadkär weiderzedreiwen.

Wichteg, am Sënn vun der Nohaltegkeet, engagéiere mer eis, erëm Aarbechtsplazen op Déifferdeng ze kréien. Mir haten der vill, si si verluer gaangen. Et wär gutt fir d'Stad, wa mer se erëm hätten. Awer och, oder soll ech soen, virun allem am Kader vun de kuerze Weeër. Wunnen a Schaffen zesummebréngen. Ech denken, all déijéineg, déi all Moien am Stau stinn, wäerten dëst Engagement ënnerstëtzen. Liewensqualitéit deklinéiert sech mëttlerweil aneschters wéi an de vergaangene Joren.

Déifferdeng ass – dat ass och nach ze erwänen – zënter jee hier eng solidaresch Stad gewiescht. Solidaritéit mat deenen, déi et brauchen. Sou wéi mat de Flüchtlingen aus der Ukrain ufanks dëses Joers. Do ware mer och eng vun den éischte Stied, déi den ukrainesche Leit Wunngeleeënheeten ugebueden huet. Eis Solidaritéit weist sech och am Montant vun eiser Allocation de solidarité, déi mer an dëse schwieregen Zäite massiv eropgesat hunn, fir deene Leit ze hëllefen, déi wierklech Hëllef brauchen. Ech denken, den Här Mangen wäert herno nach op dee Punkt agoen.

„Déifferdeng, eng Stad hëlleft" ënnerstëtzt weider mat grousse Beträg, mat risege Beträg ONGen, déi sech an edukativ an an nohalteg Projeten engagéieren.

Fir et dann elo fäerdeg ze maachen, bleift mer ze soen: Fir mech wäert bis zum Enn vu mengem Mandat eis Stad mat hire Bierger am Mëttelpunkt stoen.

Ech hoffen, mäi Message hei a virun allem d'Urgence vu mengem Message si

verstane ginn, si bei Iech ukomm, soudass Äre Vott en toute connaissance de cause eleng am Interêt vun eiser Stad ka geholl ginn.

Et ass mer wichteg, dass nom 11. Juni, wann dës Koalitioun hiert Mandat erfëllt huet a mir de Schlëssel ënner den Teppech leeën, meng Successeure vun egal wat fir enger Faarf gesond Finanzen hunn.

2017 huet dës Koalitioun eng Schold vun 62,25 Milliounen Euro iwwerholl a mir iwwerloossen dem nächste Schäfferot, duerch eng gutt Gestioun, also en bonne mère de famille, géif ech soen, eng Schold op den 31. Dezember 2022 vu 45.182.000 Euro. Domadder, mengen ech, si genuch Suen a Raum, fir d'Planung, d'Gestaltung, d'Kreativitéit an d'Féierung vun dëser Stad am Interêt vun de Bierger, der Politik, awer virun allem de kommende Generatiounen ze iwwerhuelen.

Mir iwwerginn eise Successeuren d'Schlësselen an enger gudder, gesonder, stabiller Finanzlag, soudass si an Zukunft weider Moyene wäerten hunn, fir ze agéieren an eis Stad weiderzëentwéckelen.

E grousse Merci vum ganze Schäfferot geet nach vun dëser Plaz aus un all d'Responsabel vun de Servicer fir hir Mataarbecht. E ganz spezielle Merci un de Max Felten, den Henri Krecké, d'Carole Roilgen-Friedrich, d'Romaine Regenwetter an de Jean-François Leblanc, déi eis bei dëser schwiereger Aufgab ëmmer zur Säit stoungen. Merci fir d'Nolauschteren.

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, direkt am Ufank wëll ech och all deene Merci soen, déi mat der Opstellung vun dësem Budget befaasst waren: Dem Max, dem Carole, dem Jean-François, dem Romaine an dem Heng. Villmools merci. Et war net ëmmer einfach, mee mir hunn et hikritt.

Ech géif am Ufank proposéieren, eng kleng Analys vum Budget ze maachen, ier ech op meng Ressorte kommen.

Wann een de Budget kuckt, dëst Joer, stellt ee sechs kardinal Punkte fest, déi dëse Budget charakteriséieren an och staark belaaschten. Dat sinn zousätzlech Käschten, déi duerch Covid a Krich an der Ukrain ufalen. Et war also net einfach, fir dëse Budget opzestellen an ze ficeléieren.

Dat Éischt ass manner Zouwendunge vum Staat. Beim Impôt commercial hate mer am Kont 2020 3,05 Milliounen Euro. Elo wäerte mer nach just 2,14 Milliounen Euro kréien, 900.000 Euro manner a par rapport zu 2021 sinn et 250.000 Euro manner.

Dotatioun hate mer um Kont 2020 op 2021 eng Progressioun vun 11 Milliounen Euro, wat eng aussergewéinlech Post-Covid-Progressioun war. Déi Progressioun ass am Rectifié op nëmmen dräi Milliounen Euro 2022 gestigen. Et soll dann nach ëm 5,5 Milliounen Euro steige fir 2023. Dat heescht, mir hunn an deenen zwee Joren, 2020 an 2023, cumuléiert manner Progressioun wéi mer hate vun 2021 op 2022.

Dat Zweet ass eng riseg Progressioun – d'Madamm Buergermeeschter huet et scho gesot – vun 11,7 % vun de Salaireskäschten, déi aktuell 54 % vum uerdentleche Budget ausmaachen. No leschten Informatioune solle mer jo nach dëst Joer mat dräi Indextranchë begléckt ginn, soudass mer fir all Indextranche wäerten 1,5 Milliounen Euro weider mussen ausginn.

Wéi gesot, um Kont 2020 hate mer 46,8 Milliounen. Dat steigert sech all Joer ongeféier ëm fënnef Milliounen. Soudass mer 2023 op 61,5 Millioune kommen. Wat eng Deierecht an dräi Joer ass vun 31,5 %.

Dat Drëtt sinn – dat ass schonn ugeschwat ginn – déi enorm Energiekäschten. D'Käschte fir d'Elektresch ginn ëm 180 % erop vum Rectifié 2022 op de Budget 2023. E Beispill: Eleng d'Stroossebeliichtung wäert ëm 500.000 Euro klammen dat nächst Joer. De Gas ass och vum Kont 2021 op de Rectifié 2022 ëm 33,08 % eropgaangen. A fir 2023 ass nach eng Hausse vu 5,66 % virgesinn.

D'Pellets gi vum Kont 2021 op 2023 ëm 63 % erop. Do leie mer elo bei iwwer 600.000 Euro. Mir konnten

*remplir son mandat dans de bonnes conditions financières.*
*En 2017, la coalition a contracté un emprunt de 62,25 millions d'euros. Le 31 décembre 2022, cette dette est tombée à 45 182 000 €. Il reste donc de la marge de manœuvre pour planifier le futur de la ville. Les successeurs disposeront d'une bonne situation financière et pourront continuer à développer Differdange.*
*Christiane Brassel-Rausch remercie les responsables des services communaux. Un merci particulier revient à Max Felten, Henri Krecké, Carole Roilgen-Friedrich, Romaine Regenwetter et Jean-François Leblond.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie à son tour tous ceux qui ont participé à l'élaboration du budget.*
*Il va analyser le budget avant de passer à ses ressorts. Six points marquent le budget et sont liés à l'augmentation des frais à cause de la pandémie et de la guerre en Ukraine.*
*Tout d'abord, la dotation de l'État baisse. L'impôt commercial passe de 3,05 millions d'euros en 2020 à 2,14 millions en 2022. La dotation a progressé de 11 millions d'euros de 2020 à 2021, mais seulement de 3 millions d'euros en 2022 et de 5,5 millions d'euros en 2023.*
*Deuxièmement, les salaires explosent. Ils augmentent de 11,7 % et représentent 54 % des dépenses ordinaires. Trois tranches indiciaires sont attendues en 2023 et représentent un-million et demi chacune. En 2020, les salaires s'élevaient à 46,8 millions d'euros. Ils augmentent de 5 millions d'euros chaque année pour passer à 61,5 millions d'euros en 2023, c'est-à-dire une augmentation de 31,5 %.*
*Troisièmement, l'électricité augmente de 180 %. Les illuminations couteront 500 000 € de plus. Le gaz a augmenté de 33,08 % en 2022 et connaitra une hausse de 5,66 % en 2023. Les pellets couteront 63 % plus cher. La Ville de Differdange a cependant su mitiger l'explosion des frais énergétiques grâce à des mesures comme le smart lightning et le relightning. En plus, l'école des Filles de Niederkorn, l'école du*

*Bock et le centre sportif John-Scheuren sont hors service, ce qui engendre aussi des économies.*
*Quatrièmement, les taux d'intérêt sont conséquents et se montent à 4,05 %. Si le collège échevinal n'avait pas reporté certains projets l'année dernière, la commune aurait dû contracter un emprunt dans de mauvaises conditions.*
*Cinquièmement, les frais de construction ont augmenté de 12,5 millions d'euros: 1,5 million d'euros pour le hall O, 800000 € pour l'aménagement extérieur du 1535°, 1,4 million d'euros pour le parc Terrain-AS, 2,5 millions d'euros pour l'école des Filles de Niederkorn, 4 millions d'euros pour l'école du Bock, 1,5 million d'euros pour le CID, 500 000 € pour l'école des Garçons de Niederkorn et 300 000 € pour l'église de Lasauvage.*
*Sixièmement, les frais liés aux syndicats passent de 11,6 millions d'euros en 2022 à 12,9 millions d'euros en 2023 — une progression de 11 %.*
*La baisse de la TVA est la seule bonne nouvelle.*
*La capacité de financement de la commune est passée de 57 millions d'euros en 2021 à 26,8 millions d'euros en 2023. Pour investir, la commune devra recourir à des emprunts avec le risque de tomber dans une spirale.*
*L'emprunt d'équilibrage de 2023 est estimé à neuf-millions d'euros à moins que l'État ne verse ses subsides rapidement.*
*Pour Tom Ulveling, la situation économique nationale n'est pas bonne, mais si les effets sont contrebalancés par des mesures du gouvernement comme le recours à un fonds spécial ou un emprunt massif pour financer la dotation des communes.*
*L'excédent ordinaire chute de 10,8 millions d'euros par rapport à 2022.*
*L'endettement reste raisonnable. La dette de 105 millions d'euros se compose de 56 millions d'euros que l'État remboursera intégralement et de 49,3 millions d'euros de dette réelle. Avec l'emprunt de 2023, la dette réelle passerait à 58,3 millions d'euros.*

awer zum Gléck d'Explosioun vun den Energiekäschten an dësem Sënn hei zu Déifferdeng nach bremsen, well mer Spuermoossnamen ausgeschafft hu wéi Smart Lighting a Relighting. A well mer och eis Stroosseluuchten net méi an der Nuecht sou staark aschalten.

Do si mer och nach glécklech, dass mer déi gréissten Energieschleideren elo net méi hunn an der Meedercherssschoul zu Nidderkuer, an der Bockschoul an am Hal John Scheuren, déi ausser Betrib sinn. Dofir brauche mer natierlech do keng Suen auszeginn. An och well de Motor vun der Kogeneratioun hei vun Uewerkuer ausgeschalt gouf.

Dat Véiert ass eng ganz héich Zënslaascht fir eis Gemeng, déi elo bei ëm 4,05 % läit respektiv déi grouss Inflatioun, déi alles méi deier mécht. An, wéi gesot, et gëtt och scho vu Rezessioun a Stagnatioun geschwat.

Wa mer eis Projeten dat leschte Joer net zréckgestallt hätten, dann hätte mer sécher missen elo en décken Emprunt zéien 2023, bei extreem héijen Zënsen.

Dat Fënneft, dat sinn d'Baukäschten. Dee Posten, wou mer fir d'Zukunft bauen a wou mer en enorm groussen Investitiounsvolumen hunn. Do hu mer à ce stade eng Augmentatioun vun 12,5 Millioune virgesinn. Fir den Hall O: 1,5. Am 1535° en Aménagement extérieur fir 800.000 Euro. Parc AS: 1,4 Milliounen Euro. D'Nidderkuerer Meedercherssschoul: 2,5 Milliounen Euro. D'Bockschoul: véier Milliounen. De CID: 1,5 Milliounen. D'École des Garçons zu Nidderkuer: 500.000 Euro. An d'Kierch zu Lausauvage: 300.000 Euro.

Dat sinn alles Méikäschten, déi eis am Fong opgedronge sinn duerch eeben déi Situatioun, wéi mer se elo virfannen.

Dat Sechst an dat Lescht sinn d'Depensë vun de Syndikater. Do si mer eleng bei de Frais de fonctionnement ordinaires vum Joer 2022 bei 11,6 Milliounen elo am Budget 2023 op 12,9 Milliounen eropgaangen. Dat ass eng Progressioun vun 11 % dat nächste Joer.

Dat eenzegt, wat eventuell zu enger klenger Verbesserung kéint féieren dat nächste Joer, dat ass, dass d'TVA ëm 1 % wäert gesenkt ginn. An dat ass à ce stade nach net mataberechent.

Ouni elo wëllen alles schwaarz ze gesinn, muss ee sech awer bewosst sinn, dass eis sougenannte Capacité d'autofinancement vun 2021 vu 57 Millioune fir 2023 op 26,8 Millioune kéint falen. Wa mer an deem Tempo wëlle weider investéieren, wéi mer et an der Vergaangenheet gemaach hunn, da musse mer op Emprunten zréckgräifen. A well en Emprunt en Impakt, oder et kann een och soen eng Hypothéik op d'Zukunft ass, riskéiere mer, do an eng Spiral ze kommen, déi eis weider no ënnen zitt.

Fir 2023 ass en Emprunt, deen ech géif als Emprunt d'équilibrage gesinn, vun néng Millioune virgesinn. Wann de Staat eis d'Subside sou schnell zréckbezilt, wéi ech mer dat wënschen, da bräichte mer en eventuell net ze zéien.

Leider kënne mir deen ufanks genannte Posten net selwer steieren, well mir hu keen Afloss drop. Si sinn tributär vun der ekonomescher Situatioun vum Land. An déi ass net gutt, och wa versicht gëtt, dat ze verstoppen duerch staatlech Mesuren, wéi zum Beispill d'lescht Joer d'Opléisung vun engem Spezialfonds. An dëst Joer sollt dann och e risegen Emprunt gemaach ginn, fir, ënner anerem, och deelweis d'Dotatioun vun de Gemenge matzespeisen.

Maache mer eis näischt vir, dat ass vill Makulatur. An déi virdru genannte Punkten dрécken de Boni am ordinäre Budget, dee mer brauchen, fir Invester ze tätegen. Mir hunn do eng Chute vun dësem Boni 2023 vun 10,8 Milliounen op de Rectifié 2022. Dat mécht een Drëttel aus. Dat heescht, mir mussen an Zukunft e bësse méi kleng Bréidercher baken, wann et zu Rezessioun oder zur Stagnatioun kënnt.

Wat eis Schold ugeet, do géif ech soen, wär déi nach räsonabel. Am Budget stinn 105 Millioune Schold. Dovu si 56 Milliounen, déi mer fir de Staat gezunn hunn an déi mer och integral vum Staat mat alle Fraisen erëmkréien. Soudass déi reell Schold 49,3 Milliounen ass. A wa mer en Emprunt dëst Joer nach missen zéien, da wäre mer op 58,3 Milliounen. Wat awer nach, géif ech soen, räsonabel ass.

Fairerweis muss een awer och soen, dass mer de Fonds de réserve vun dräi Milliounen dëst Joer am Rectifié opgeléist hunn, well mer riskéieren, systemesch Problemer ze kréien. Dofir hu mer bei der Opstellung vum Budget och dëst Joer erëm de PPF ganz fest am A gehat, fir dach e responsabele Budget hei kënnen elo ze presentéieren, wat sécherlech kee Walkampfbudget ass. Wou net riets oder lénks Kaddoe verdeelt ginn, mee wou den Utile et le nécessaire och dës Kéier de Mot d'ordre war.

Well dëst elo mäi leschte Budget ass virun de Walen, mengen ech soen ze kënnen, dass dës Koalitioun gutt geschafft huet. An dat a schwieregen Zäite vu Pandemie an och elo Krich.

Et war also richteg, fir eis net weider ze verschëlden a fir beim leschte Budget verschidde Projeten no hannen ze verschiben. Well, wéi mer elo gesinn, hätte mer dann eng vill méi grouss Schold mussen ophuele wéi déi, déi elo am Budget steet, fir deen ze equilibréieren.

Et muss ee sech bewosst sinn, dass an den nächste Joren nach grouss Bauprojeten ustinn. Ech denken do haaptsächlech u Schoulen a Sportsanlagen, déi leider dann net méi ouni Verschëldung wäerten ze schëllere sinn.

Dës Koalitioun huet wéi keng aner virdrun esou vill an eise Patrimoine investéiert, andeems mer Schoulen, Maison-relaisen a Sportsanlage gebaut hunn. An dat ouni eis weider ze verschëlde bis elo. Alles dat, fir eise Bierger eng besser Liewensqualitéit ze bidden. Et war richteg, eise Patrimoine déi leschte Joren ze vergréisseren. Ëmmerhi wäerte mer fënnef Milliounen Euro duerch Locatiounen 2023 als Recettë verbuche kënnen.

Eis Commerçanten a Veräiner esouwéi eis bedierfteg Matbierger hu mer wärend der Pandemie net am Ree stoe gelooss. Am Géigendeel, mir hu se staark ënnerstëtzt. Am Sozialen ass nach ni an der Vergaangenheet esou massiv ënnerstëtzt ginn, wéi dës Koalitioun dat gemaach huet. Och hu mer nach ni esou vill Projeten iwwer „Déifferdeng, eng Stad hëlleft" fir Associatiounen ausginn, fir Leit aus hirer Misär ze hëllefen.

Mer däerfen net vergiessen, dass an de leschte Joren nach ni esou vill an abordabele Wunnraum souwéi Logementer fir Seniore respektiv Studenten investéiert ginn ass an och nach ni esou vill an d'Kultur investéiert ginn ass. An dat, fir eis Bierger méi no zesummenzebréngen.

Bref, dës Koalitioun huet en bon père de famille oder mère de famille, wéi Dir gesot hutt, Madamm Buergermeeschter, geréiert.

Da géif ech op meng Ressorte vun der Kultur an d'Festivitéite kommen.

Och d'Kultur gëtt méi deier, nodeems mer déi Konventioun mam Staat am leschte Gemengerot guttgeheescht hunn, wou e Kader gesat gouf, notamment fir d'Bezuele vun den Artisten an de Kulturschafenden.

Dëst Joer war gekennzeechent vun Esch2022, wou eng 26 supplementar Evenementer stattfonnt hunn, dat niewent dem normale Programm, deen alt och ganz gutt gefëllt war. Heifir soen ech allen Acteure vum Kultur- a Festivitéitsservice souwéi de Leit vum CID, déi dobäi gehollef hunn, e ganz grousse Merci.

Zefridde kënne mer si mat all eisen Evenementer vun Esch2022. Se ware gutt besicht. Et sollt dorop opgebaut ginn, an Zukunft verschidde Saache weiderzeféieren. Dat muss jo nohalteg sinn.

Diffdancedays esouwéi déi immersiv a participativ Theaterstécker, déi am Lommelshaff opgefouert goufen an déi all ganz gutt besicht waren, musse weider kënnen organiséiert ginn.

Déi 100 Joer vum Thillebierg Stadion si gutt gefeiert ginn. Ech soen dem Kulturministère nach eng Kéier Merci fir de Subsid vun 150.000 Euro, dee se fir d'Programmatioun vum Programm am Ale Stadhaus bäigesteiert hunn. Dofir hu mer vill gekämpft, mee dat schéngt jo awer elo dann acquis ze sinn.

De Festival du rire war e grousse Succès a wäert dat nächst Joer weider organiséiert ginn. Dofir sti 50.000 Euro am Budget.

*Le budget 2023 n'est pas un budget de campagne électorale avec des cadeaux pour tout le monde. L'utile et le nécessaire restent à l'ordre du jour. Mais Tom Ulveling croit pouvoir dire que cette coalition a bien travaillé. Il était important de ne pas endetter la commune ultérieurement. C'est pourquoi des projets ont été reportés.*
*Par ailleurs, au cours des prochaines années, il faudra construire des écoles et des infrastructures sportives et le recours à des emprunts sera inévitable.*
*La coalition actuelle a investi dans le patrimoine avec des écoles, des maisons relais et des structures sportives sans recourir à des emprunts. En 2023, les recettes provenant des loyers représenteront cinq-millions d'euros.*
*Le collège échevinal a soutenu les démunis, les commerçants et les associations. Dans le domaine social, les investissements ont été massifs. Déifferdeng, eng Stad hëlleft a fait des dons à de nombreuses associations. Les investissements dans le logement et la culture ont été conséquents. Bref, la coalition a agi en bon père de famille.*
*Tom Ulveling passe à la culture et aux festivités. Il rappelle qu'une convention a été signée avec l'État pour fixer un cadre pour la rémunération des artistes.*
*Cette année a été marquée par Esch2022. Tom Ulveling remercie le service culturel et le service des festivités ainsi que le CID. Il se dit satisfait de tous les évènements organisés dans le cadre d'Esch2022. Ces évènements sont censés être durables. Il mentionne notamment les DiffDance Days et la pièce de théâtre jouée au Lommelshaff.*
*Les cent ans du stade Thillebierg ont été célébrés comme il faut.*
*Tom Ulveling remercie le ministère de la Culture pour le subside de 150 000 € pour la programmation de l'Aalt Stadhaus.*
*Le Festival du rire sera reconduit en 2023 pour 50 000 €.*
*Le budget culturel a peu évolué avec tout de même quelques exceptions. Le collège échevinal a décidé de supprimer la Fête de la bière. Alors que beaucoup de gens ont du mal à joindre les deux bouts, la*

*commune ne veut pas organiser des fêtes à boire.*
*Megafuesend sera limité à une journée. En effet, les frais du Blues Express ont explosé. Le festival a couté 110 000 € de plus que prévu. La rémunération des artistes, l'équipement technique et le transport ont occasionné des frais supplémentaires. Pour Tom Ulveling, le Blues Express ne pourra subsister que si à l'avenir, les spectateurs participent aux frais. Si chacun payait 10 €, on atteindrait 150 000 € pour 15 000 spectateurs.*
*Dix-neuf-mille euros sont alloués au Mérite culturel. Pour la première fois, une femme l'a remporté cette année.*
*Le Festival des sculptures sera reconduit.*
*La Foire de l'art sera organisée pour la deuxième fois. La sculpture de Bordalo a le potentiel pour devenir un landmark parallèlement aux tours de refroidissement et aux lettres près d'Auchan.*
*Le budget pour l'acquisition d'œuvres d'art passe à 50 000 €.*
*Le collège échevinal souhaite ouvrir un musée de l'histoire de la photographie avec la collection de Jos Glauden pour 100 000 €. Le Science Center souhaiterait exposer les appareils-photo.*
*Cinquante-mille euros sont destinés à l'amélioration de l'acoustique de l'église de Lasauvage. La programmation de l'église prévoit un budget de 25 000 €.*
*Cette année, le parvis du monument Honsbësch a été refait. L'année prochaine, le pavillon du parc Gerlache sera rénové. Le gite d'étape a ouvert à Lasauvage dans le cadre d'Esch2022.*
*Quarante-cinq-mille euros sont prévus pour Diffbeach et trente-mille euros pour lancer le jumelage avec Mira. Pour Tom Ulveling, il est important d'être partenaire d'un pays fortement représenté à Differdange.*
*Le restaurant Chez Amado sera rénové pour 50 000 €.*
*Le collège échevinal a trouvé un accord concernant le monument à l'entrée de l'usine d'ArcelorMittal. La commune va aménager une copie du monument et un petit parc accessibles depuis la rue pour 100 000 €.*

Wat de Kulturbudget ugeet, do gesäit een, dass mer bal alles bei de Chiffere vun 2022 gelooss hunn, mat e puer Exceptiounen. Mer wëllen dat Béierfest net méi organiséieren, haaptsächlech well et net méi dat Fest ass, wéi et initial ugeduecht war. An Zäiten, wou d'Leit de Rimm méi enk mussen zéien, solle mer net, entschëllegt den Ausdrock, a Sauffester investéieren.

D'Megafuesent gëtt ëm een Dag gekierzt. Domat rette mer zwar de Budget net, mee leider hu mer misse posthum feststellen, dass eise Blues Express dëst Joer de Blues hat, géif ech soen, a reegelrecht explodéiert ass. An zwar ass en ëm 110.000 Euro méi deier gi wéi virgesinn. Dat nëmmen deelweis mat engem Supplement vun 20.000 Euro Recetten opgefaange gouf. Dëst Joer huet dat 250.000 Euro kascht géintiwwer 170.000 vum Joer virdrun. Et ware virun allem Artistegagen, Bünentechnik an den Transport bei dëse Méikäschten, déi dat erbäigefouert hunn. Alles Suitte vun der Pandemie.

Ech mengen, dass wann een de Blues Express an den nächste Jore wëllt weider ausbauen an déi Qualitéit halen, déi mer gewinnt sinn, dass een net laanscht eng finanziell Participatioun vun de Visiteure kënnt. E Beispill: Wann ee pro Persoun géif zéng Euro froen a mat 15.000 Spectateuren, hätt een 150.000 Euro méi. Domat léisst sech eppes maachen. Wéi gesot, dëst Joer steet de Blues Express mat 350.000 Euro am Budget.

19.000 Euro sti fir de Mérite culturel dran, deen dëst Joer éischtmoleg un eng Fra geet a wou och d'Benevoller aus dem Kulturberäich geéiert ginn.

Dir gesitt, d'nächst Joer organiséiere mer erëm eise Skulpturefestival, ënner dem Motto „Perpetuum mobile". An et gëtt nach eng zweet Konschtfoire organiséiert.

Am Kader vum Urban Art hate mer ënner anerem dëst Joer déi nei Skulptur vum Bordalo II am 1535° ageweit. Si huet d'Potenzial, fir e Landmark ze ginn, niewent de fënnef Killtierm an dem Schrëftzuch vun Déifferdeng virum Auchan, dee mer virun e puer Wochen ageweit hunn.

Mir hunn d'Kreditter fir Urban Art op 50.000 Euro erofgesat an d'Acquisitioun vu Konschtobjete liicht erofgesat.

Mir wëllen e Musée fir d'Geschicht vun der Fotografie mat de Fotoapparater aus der Kollektioun vum Jos Glauden maachen. Dofir sinn 100.000 Euro virgesinn. Dat kéint een eventuell zesumme mam Musée vun der Poppespënnche maachen. De Science Center huet en Interêt gewisen, fir eventuell déi Fotoapparater do auszestellen. Et muss een also kucken, a wéi eng Richtung een do geet.

Fir d'Kierch zu Lasauvage si 50.000 Euro am Budget virgesinn, fir déi akustesch Mesuren ze verbesseren. Mir hunn éischtmoleg vill Programmatiounen an der Kierch zu Lasauvage, dofir de Kredit vu 25.000 Euro.

Wat de Patrimoine culturel ugeet, sou si mer amgaangen, dëst Joer de Parvis vum Monument Honsbësch nei ze maachen. Dat nächst Joer muss de Pavillon vum Parc Gerlache renovéiert ginn. Dann hu mer dëst Joer am Kader vun Esch2022 de Gîte d'étape zu Lasauvage opgemaach. Mer hoffen, dass mer domat Succès hunn am Kader vu Men and Biosphere.

Et ass e Kredit vu 45.000 Euro fir Diff-Beach virgesinn. Dat huet all Joer méi Succès. Dëst Joer konnte mer do d'Gewënner vum franséischen The Voice empfänken.

Et sinn 30.000 Euro fir de Jumelage virgesinn, wat mer dat nächst Joer mat Mira wëllen ulafe loossen, nodeems eis aktuell Partnerschaft vu Chaves net méi op eis Bréiwer äntwert. Eis ass wichteg, eng Partnerschaft mat engem Land ze hunn, wat eng grouss Communautéit hei zu Déifferdeng huet.

Dem Restaurant Amado wëlle mer e klenge Lifting verpassen. Dofir sti 50.000 Euro am Budget.

No laangem an zéien Negociatiounen hu mer endlech mat Arcelor en Accord fonnt fir dat Monument niewent der Entrée vum Wierk, wou mer all Joer de 4. September deene Leit gedenken, déi viru 70 Joer de Courage haten ze streiken. A wou sechs Leit doropshi vun den Nazien zum Doud verurteelt gi sinn. Mir däerfen dat Monument leider net

ëmdréien. Dofir ass op der Récksäit eng Kopie virgesinn. Mir wäerten dann do e klenge Park uleeën, fir dat Ganzt vum Wierk ze trennen, soudass dat Monument elo vun der Strooss aus zougänglech wäert sinn. Dofir stinn 100.000 Euro am Budget.

Ech mengen, dass mer mat dësem Budget en nohaltege Kulturprogramm fir eis Bierger gestalten, wou jiddweree sech misst erëmfannen.

Dat nächst Joer ass wichteg, well mer de Centre de promesses vum Télévie am Abrëll hei hunn. Mir hoffen, do eiser Stad all Éier ze maachen an d'Leit zum Spende fir d'Recherche géint de Kriibs animéieren ze kënnen. Ech si frou, dass mer an eise Veräiner fir de Moment eng grouss Bereetschaft fannen, fir do matzemaachen. Dat éiert si. Dofir stinn Depensë vun 80.000 Euro am Budget.

D'Recettë ginn integral iwwer e Spezialkont un den Télévie gespent.

Elo zum Ressort vum CID. Wéi Der wësst, geet de Chantier gutt virun, méiglecherweis wäerte mer 2024 eraplënnere kënnen. Wéinst Deierechten an duerch d'Pandemie gëtt et vill méi deier wéi geplangt. Leider kënne mer näischt dogéint maachen, dat sinn alles Soumissiounen, dat hat ech Iech uganks erkläert.

Dëst Joer hu mer de Budget vun de Gefierer, déi ugeschaf musse ginn, ganz staark reduzéiert. An de vergaangene Jore war do massiv opgerüst ginn. Och hei gëllt d'Devise: fir eppes Neits just den Utile et le nécessaire.

Fir d'Gefierer hu mer 78.000 Euro virgesinn, fir nei Autoen ze kafen, ënner anerem fir de Service vun den Elektriker, den Nettoyage an de CID. Doniewent zwee nei Minibusser fir d'Maisonrelaisen an den RMG, zwee Transitte fir den RMG an de Parachèvement an en neit Gefier fir d'Usträicher. Dat soll 150.000 Euro kaschten.

Et steet eng Zomm vu 567.000 Euro am Budget fir en neie Kiosque mobile ze kafen, dee sou lues auserneefält. Mer denken, do eppes ze kafen, wat e bësse méi sécher ass. Dat ass e Gefier, wat schonn immens al ass, wéi en neien Halter fir de Jardinage, e klenge Müllwon an eng Kiermaschinn fir d'Voirie.

Fir nei technesch Ekipementer sinn 250.000 Euro virgesinn. Fir d'Spillplaze sti Kreditter dran, wéi all Joer, fir eng Renovatioun dovun ze maachen. Fir dass mer weiderhin de Label vun de séchere Spillplaze kënne kréien. An der Grand-Rue hu mer eng nei Spillplaz virgesinn, do, wou elo de Parking ass. Dofir hu mer 30.000 Euro reservéiert.

Kreditter si virgesi fir nei Colombairë fir d'Kierfechter an d'Refektioun vun de Weeër. Zu Uewerkuer ginn de Vestiär, déi ëffentlech Toilette an d'Chaudière um Kierfecht nei gemaach.

Wéi all Joer fanne mer natierlech och Kreditter fir d'Trottoiren, de Reprofilage vu Stroossen, d'Modernisatioun vun der Stroossebeliichtung souwéi fir eis Spillplazen ze renovéieren am Budget.

900.000 Euro si virgesinn, fir Stroossen am alen Deel vun Nidderkuer nei ze maachen. Et handelt sech do ëm d'Rue des Romains, d'Rue St. Antoine an d'Rue du Kirchberg. D'Rue J.-B. Scharlé an d'Rue St. Pierre sti mat 100.000 Euro dran. Mir hoffen, do unzekommen, well mir brauchen do eng Permission de voirie vun der CFL an dat dauert an dat dauert an dat dauert.

Da brauche mer Kreditter, fir de Belair an d'Rue Pasteur fäerdeg ze maachen. Dofir sinn 100.000 Euro virgesinn.

Zum Schluss zu mengem gréisste Ressort – an ee Ressort, deen am meeschte Geld verbraucht an de kommende Joren –, dee vun de Bauten. Virop: All déi Projeten, déi 2022 am Budget verschoben oder no hanne verréckelt gi sinn, bleiwen och dëst Joer wéinst der ugespaanter finanzieller Situatioun no hanne verschoben.

Wéi Der wësst, hu mer aktuell véier grouss Projeten, déi eise Budget belaaschten um Bau. Eppes däerf een net vergiessen: Dat, wat aktuell am Bau ass, ass noutwendeg, et ass keen „nice to have". Well et si Schoulen, zu Nidderkuer d'Bockschoul mat enger Maison relais mat Sportshalen, et ass eise CID an et ass och d'Renovatioun vun der Hal John Scheuren. Do komme mer op e gesamten Investvolume vun 137 Milliounen Euro. A wann ech d'Deierecht, déi derbäikënnt, matarechnen, da si mer do gutt iwwer 150 Milliounen Euro.

*Pour Tom Ulveling, le programme culturel est durable et devrait satisfaire les citoyens.*
*En 2023, Differdange sera un centre de promesses du Télévie. Tom Ulveling espère faire honneur à Differdange en soutenant la recherche contre le cancer. Le budget prévoit 80 000 €. Les recettes seront intégralement reversées au Télévie.*
*Le nouveau CID devrait être prêt pour 2024. Le projet coutera plus cher que prévu à cause de la pandémie et de l'augmentation des prix. La commune ne peut rien y faire.*
*Le budget pour l'acquisition de nouveaux véhicules a été fortement réduit et se monte à 78 000 € — notamment pour des voitures. Deux minibus, deux transits et un véhicule pour le service parachèvement couteront, quant à eux, 150 000 €.*
*Cinq-cent-soixante-sept-mille euros sont prévus pour un nouveau kiosque mobile ainsi que de l'équipement pour le service jardinage et la voirie.*
*L'équipement technique devrait couter 250 000 €.*
*Comme tous les ans, les aires de jeux seront rénovées. Une nouvelle aire de jeux est prévue dans la Grand-rue pour 30 000 €.*
*Des fonds sont prévus pour rénover les cimetières.*
*Plusieurs rues et trottoirs seront refaits. De nouvelles lumières seront installées.*
*Neuf-cent-mille euros sont prévus pour la rue des Romains, la rue Saint-Antoine et la rue du Kirchberg à Niederkorn, et cent-mille euros pour la rue J.-B-Scharlé et la rue Saint-Pierre. La rue Belair et la rue Pasteur figurent dans le budget avec 100 000 €.*
*En ce qui concerne les bâtisses, les projets reportés l'année dernière ne seront pas réalisés en 2023 à cause de la situation financière. Ce qui figure au budget est nécessaire : les écoles de Niederkorn, l'école du Bock avec une maison relais et une salle de sport, le CID et le hall John-Scheuren. Les investissements se montent à 137 millions d'euros et à plus de 150 millions d'euros si l'on compte l'inflation.*
*L'école primaire de l'EIDE et le commissariat seront fonctionnels*

*en 2023. La commune sera entièrement remboursée par l'État.*
*À cause de la pandémie et de la guerre, les prix ont augmenté de 20 %. Tom Ulveling va présenter les projets en cours et à réaliser, et expliquer les crédits.*
*Cent-quarante-deux-mille euros sont prévus pour une étude concernant le parking du Contournement. La trame verte figure au budget avec 1,57 million d'euros. La mise en sécurité de la ferme Lommel coutera 300 000 €. Le budget prévoit 250 000 € pour le nouveau local de la place des Alliés. Le réaménagement du local de la Caisse d'épargne coutera 250 000 €.*
*Tom Ulveling mentionne ensuite la rénovation de l'ascenseur de l'hôtel de ville et la rénovation de la maison Moderne pour 500 000 € de nouvelles fenêtres pour la villa Hadir, la rénovation d'une maison dans la Grand-rue, l'acquisition du Karro, la rénovation du centre sportif, la maison relais du Bock, la maison relais d'Oberkorn, le commissariat…*
*Un devis supplémentaire de 652 000 € pour le gite de Lasauvage est à prévoir auquel s'ajoutent 120 000 € pour le mobilier. Un-million d'euros serviront à rénover les maisons des mineurs de Lasauvage.*
*Pour le 1535°, le collège échevinal prévoit de réaménager l'extérieur et de refaire le toit pour un-million d'euros.*
*Tom Ulveling cite ensuite le SIACH, des travaux de canalisation et Gravity.*
*La place Jéhan-Steichen sera rénovée pour 200 000 €.*
*Un parking est prévu au Haneboesch pour 500 000 € afin d'éviter des problèmes de stationnement quand le CID ouvrira.*
*Il reste un solde de 350000 € à liquider pour le parking de la Place-des-Alliés.*
*Le budget prévoit 2,9 millions d'euros pour le réaménagement de la rue Wangert et de la rue Haut-Wangert. Ces travaux n'ont pas pu être réalisés à cause de problèmes avec les propriétaires.*
*Tom Ulveling mentionne ensuite des travaux dans la rue Lazard, la rue Belair et la rue Pasteur, à Niederkorn et au Balcon de Lasauvage.*

Ech ginn net op déi Kreditter a fir d'Baute vun der Primärschoul vum EIDE a fir d'Polizeigebai, déi alle béid 2023 bezuchsfäerdeg si wäerten. Se ginn integral vum Staat zréckbezuelt mat de Fraisen. Déi wäerten dëse Budget also net direkt belaaschten.

Leider si mer an eng Period gefall, wou mer mat extreemen Erhéijungen um Bau ze dinn hunn, iwwer 20 % oft. Dat wéinst Krich an der Ukrain a wéi gesot als Folgekäschte vum Covid. Ech hat Iech uganks gesot, dass mer schonns eng 12,5 Millioune méi brauche wéi virgesinn. Ech fänken dann elo u mat all deene Projeten, déi mer dëst Joer gemaach hu respektiv dat nächst Joer wëlle maachen. Fir Iech do e bëssen d'Kreditter ze erklären.

Parking Contournement: Do ass eng Etüd en cours. Do hu mer 142.000 Euro virgesinn. D'Trame verte, déi wäert nach dëst Joer ugoen. Do sinn 1,57 Millioune virgesinn. Bei der Ferme Lommel maache mer eng Mise en sécurité, Stabiliséierungsaarbechten am Keller a mir leeën dat Haus dréchen. Dofir sinn 300.000 Euro virgesinn. 250.000 Euro si virgesinn, fir dat neit Lokal vum Bock op der Place des Alliés ze amenagéieren. Fir d'Spuerkeess, wat mer sollte kafen, sinn 250.000 virgesinn, fir dat ze amenagéieren.

Eng Renovatioun vum Lift am Stadhaus, eng Renovatioun vun der Maison moderne fir eng hallef Millioun.

Dëst Joer goufen nei Fënsteren am Hadirsgebai installéiert, d'Haus 11, Grand-Rue gouf renovéiert. A mir hunn de Karro kaaft fir 12,6 Milliounen.

Et sti Kreditter dra fir d'Renovatioun an den Neibau vun der Sportshal, Maison relais um Bock. D'Maison relais Mathendahl steet mat 2,48 Milliounen dran. D'Maison relais Uewerkuer 100.000 Euro. An et kënnt nach en Devis supplémentaire vun 300.000 Euro.

D'Polizeigebai, dat gëtt fäerdeg, do war am Rectifié 11 Milliounen. An elo stinn nach eng Kéier siwe Milliounen dran, fir dat dann ofzeschléissen.
De Gite vu Lasauvage, do ass en Devis supplémentaire ze erwaarden. 652.000 Euro stinn dofir dran. Et sinn och nach 120.000 Euro fir Mobiliar do virgesinn. D'lescht Joer hu mer mat der Transformatioun vun den dräi Mineurshaiser zu Lasauvage ugefaangen. Dofir steet bal eng Millioun dran.

1535°: Do hu mer fir den Aménagement extérieur, déi éischt Phas, Kreditter virgesinn. Do soll zousätzlech den Daach fir eng Millioun renovéiert ginn.

Eng Etüd vu Pluie-fortë fir 100.000 steet am Budget. En Dekont vum S.I.A.CH. fir de Bassin Bascharage an de Raccord Déifferdeng an Zolwer, fir 236.000 Euro. Kanalaarbechten zu Lasauvage fir 748.000 Euro. An de Gravity kascht eis nach eng Kéier 40 Milliounen Euro.

Et ass virgesinn, fir d'Place Jéhan Steichen ze reamenagéieren. Do ass de Moment eng Parkplaz. Dat wëlle mer e bësse méi begréngen, eng kleng parkaarteg Anlag maachen, fir 200.000 Euro.

Et gëtt e Parking am Haneboesch installéiert. Do gëtt et am Moment scho vill Problemer mam Parken. A wann de CID dohinner plënnert an all eis Leit och nach wëllen dohinner parken, da gëtt dat e Problem. Dofir hu mer 500.000 Euro virgesinn.

Fir de Parking Place des Alliés musse mer e Solde vun 350.000 Euro bezuelen. Dëst Joer hu mer och nach de Kanalsystem am ënneschten Deel vun der Woiwer Strooss gemaach fir 621.000 Euro.

D'Amenagement vun der Rue Wangert an der Rue Haut-Wangert steet mat 2,9 Milliounen am Budget. Dat kënne mer leider zur Zäit net realiséieren, well mer nach ëmmer net eens si mat all deene Proprietären, deenen deelweis d'Strooss gehéiert. Dat ass emol gestoppt.

Weider e Solde fir d'Amenagement vun der Rue Lazard fir 85.000 Euro. D'Reamenagement vun der Rue Belair an der Rue Pasteur, dofir stinn dëst Joer 1,7 Milliounen a fir d'nächst Joer eng Millioun am Budget. Zu Nidderkuer gëtt reamenagéiert fir eng Millioun Euro. De Balcon fir 284.000 Euro – endlech. Do ware Problemer mat de Proprietären, dat kënne mer dann dëst Joer ugoen.

D'Nicolas-Strooss, déi jo agefall ass, nodeem do esou vill gebaut ginn ass, dofir ass e Kredit vun 150.000 Euro virgesinn. Een Drëttel bezuele mir, déi aner zwee Drëttel gi vun den zwee Promoteuren iwwerholl.

An der Rue de la Montagne, wou d'Mauer ëmgefall ass, well de Bierg gerutscht ass, dofir sti 445.000 Euro dran. Ech kann Iech awer do berouegen: Mir hunn en Devis vun 170.000 Euro kritt, soudass dat bal 300.000 Euro manner kaschte wäert, wéi virgesi war. Dat ass virun zwee Deeg erakomm, dofir konnt dat net berécksiichtegt ginn.

D'Reamenagement vum AS Terrain fir eng Millioun. Mir kréien 1,6 Milliounen Euro u Subsid fir de Projet vu Ponts et Chaussées a vum Ministère des Sports. Do ass e Multisport a Petanque virgesinn. 50.000 Euro fir en neie Park hanner der Gulf, mat enger Bréck, déi an d'Rue Henry Grey geet.

Deen neie CID steet dra mat Kreditter, déi mer brauchen, fir e fäerdeg ze maachen. Der SUDenergie musse mer 750.000 Euro zréckbezuelen, wéinst Aarbechten, déi se an de Stroosse gemaach hu fir d'Gemeng Déifferdeng.

Et gëtt Problemer mat eise Waasserbehälter um Rattem a Lasauvage an och mat der Pompelstatioun Rodange an Hussigny. Dofir si 580.000 Euro fir dëst Joer an eng Millioun fir d'nächst Joer virgesinn.

Fir eis Veräiner hu mer missten eng Aart Cagen opriichten an enger Hal, fir hinnen dat zur Verfügung ze stellen. Dofir sinn 30.000 Euro virgesinn. Fir den Thillebierg, d'Phas 1, d'Sécurisatioun, ass e Montanten dra vun eng Kéier 240.000 Euro an eng Kéier vun enger Millioun.

Fir d'Sportsfabrick e Solde vum Devis fir 3,8 Milliounen Euro. D'Renovatioun vum Centre sportif John Scheuren 5,2 Millioune fir dëst Joer a siwe Millioune fir d'nächst Joer. E Solde fir den Amenagement extérieur vum Hall O an d'Turnhal 360.000 Euro.

Fir d'EIDE, de Primär, 10,7 Millioune respektiv zéng Millioune fir d'nächst Joer. D'Renovatioun vun der Meederchersschoul zu Nidderkuer, woumat dëst Joer schonn ugefaange gouf – déi gëtt net ofgerappt, déi gëtt renovéiert an et komme véier nei Schoulsäll dohinner –, dofir hu mer fir dëst Joer 2,1 Milliounen a fir d'nächst Joer 8,4 Milliounen Euro virgesinn. Dat ass e ganz sportleche Projet, well dee muss an engem Schouljoer praktesch fäerdeg sinn. Dee sollt fir den nächste September da komplett renovéiert sinn.

Reamenagement vum Schoulhaff an der École Prince Henri mat enger neier Spillplaz fir 185.000 Euro. Eng Etüd fir d'Extensioun vum Aquasud fir 50.000 Euro. Eng Etüd vum neie Schoulcampus Woiwer, wou mer eventuell d'Ediff wëllen deplacéieren op een neie Site, souwéi eng Etüd vum neie Schoulcampus Déifferdeng. Dir wësst, mir hunn eng Preetüd gemaach, fir dat eventuell um ale Servior, also deem ale Spidol respektiv ale Klouschter nidderzeloossen.

Dann als Lescht: Am Déifferdenger Zentrum gëtt e provisoresche Schoulcontainer opgeriicht. Deen ale Schoulcontainer ass faul, e fält praktesch zesummen, deen hu mer schonn deelweis gespaart. Do wäerte véier nei Klassen drakommen, mat neiem Sanitär, fir 100.000 Euro an d'nächst Joer fir 1,6 Milliounen Euro. An dann nach Mobiliar fir Schoulen, dëst Joer 275.000 Euro an d'nächst Joer 322.000 Euro.

Dat war et vu menger Säit. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech fänken dëst Joer mat der Sécherheet un. Endlech, no laanger Zäit, hu mir d'Méiglechkeet, fir Kameraen opzestellen. D'Schoul am Déifferdenger Zentrum gëtt als éischt ekipéiert, dëst Joer nach wa méiglech. 260.000 Euro si fir d'nächst Joer virgesi fir d'Schoulen

*Cent-cinquante-mille euros sont prévus pour la rue Nicolas. Deux tiers sont à la charge des promoteurs.*

*Dans la rue de la Montagne, un mur s'est effondré. Quatre-cent-quarante-cinq-mille euros figurent au budget. Mais le devis se monte à 170 000 €.*

*L'Administration des ponts et chaussées et le ministère des Sports verseront un subside de 1,6 million d'euros pour le parc Terrain-AS. Un parc sera aménagé derrière la station Gulf pour 50 000 €. La commune doit rembourser Sudgaz à hauteur de 750 000 € pour des travaux réalisés pour le compte de la Ville.*

*Cinq-cent-quatre-vingt-mille euros serviront à résoudre les problèmes du bassin de rétention du Rattem et de la station de Rodange et Hussigny.*

*Des cages pour les associations seront installées dans une halle pour 30 000 €.*

*La sécurisation du Thillebierg est prévue pour 1,24 million d'euros. Tom Ulveling mentionne ensuite 3,8 millions d'euros pour la Sport-Fabrick, 12,2 millions d'euros pour le centre sportif John-Scheuren, 360000 € pour l'aménagement extérieur du hall O et 20,7 millions d'euros pour l'EIDE.*

*L'école des Filles de Niederkorn sera rénovée. En 2023, le budget prévoit 8,4 millions d'euros.*

*Le réaménagement de la cour de récréation de l'école Prince-Henri coutera 185 000 € et une étude pour l'extension d'Aquasud 50 000 €. Des études sont prévues pour l'aménagement de nouveaux campus scolaires.*

*Differdange-centre accueillera un conteneur provisoire avec 4 salles de classe pour 1,7 million d'euros. Le mobilier pour les écoles a couté 275000 € en 2022. Trois-cent-vingt-deux-mille euros sont prévus en 2023.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *commence par la sécurité et annonce l'installation de caméras. L'école de Differdange-centre sera la première à être équipée. Pour les autres écoles, 260 000 € sont prévus. Robert Mangen précise que le vandalisme occasionne 40 000 € de frais par an.*

*Les caméras fonctionneront en dehors des heures de cours. Elles enregistreront des images de la cour de récréation, de la façade et de l'entrée. Les données seront stockées pendant 15 jours avant d'être effacées. Seuls trois fonctionnaires auront accès aux images.*
*Le nouveau commissariat sera prêt l'année prochaine. Robert Mangen espère que beaucoup de policiers voudront y travailler.*
*L'échevin mentionne l'éclairage, le développement urbanistique et l'éducation de rue.*
*Pour ce qui est des séniors, il constate que la population vieillit. Le budget évolue peu par rapport à l'année dernière. Le service séniors s'occupe des démarches administratives, des soins à domicile, du soutien en cas de décès, de la lutte contre l'isolement social…*
*Les Repas sur roues comptent 86 clients réguliers. Le prix actuel est de 14,90 €, mais pour 2023, une hausse est prévue. Un repas coutera alors 17,41 €. Le collège échevinal a décidé de ne pas la facturer aux clients. Cela représente des frais de l'ordre de 75 000 €.*
*Le service Séniors s'occupe aussi de la gestion de Téléalarme, des courses pour les personnes en difficulté, etc.*
*Le projet Boma a Bopa démarre lentement.*
*Le conseil des séniors fonctionne, mais Robert Mangen souhaiterait davantage de réactivité de la part des personnes âgées.*
*Des projets intergénérationnels sont en cours dans les maisons relais.*
*Le service organise des réunions d'information concernant par exemple la démence, la sécurité, la retraite… Il essaie aussi d'atteindre la population portugaise pour qu'elle prenne part à la vie sociale.*
*La collaboration avec le Club Senior se poursuit.*
*Pour prévenir l'isolement social, le service Séniors effectue des visites à domicile — souvent avec le chien Grizzly.*
*Pour ce qui est des évènements, Robert Mangen mentionne le Speed Dating, la Journée du grand âge, En Dag wéi fréier, la Journée forestière, la Senior Art Week et la Fête des retraités. Les retraités recevront des*

um Fousbann, Woiwer an zu Nidderkuer.

Wann een d'Onkäschten zesummerechent, déi de Vandalismus mat sech bréngt, mécht dat Schnëtt ongeféier 40.000 Euro pro Joer.

Ons Kameraen zeechne just op, et sëtzt kee virun engem Bildschierm. D'Auerzäiten an de Schoule si begrenzt op déi Zäiten, wou keng Schoul ass. Dat heescht am Summer vun 22 Auer u bis siwen Auer moies an am Wanter vun 20 Auer bis siwen Auer.

Wat gëtt opgezeechent? De Schoulhaff, d'Fassad an den Agank. D'Donnéeë ginn digital fir 15 Deeg stockéiert an duerno geläscht. Déi eenzeg Persounen, déi Zougang zu den Opzeechnungen hunn, sinn déi dräi Beamte vun onsem Service entretien bâtiments.

Dat neit Policegebai um Contournement, dat hutt Der schonn héieren, gëtt d'nächst Joer fäerdeg. Ech hoffen, datt dat vill nei Polizisten unzitt, an datt déi sech fir d'Sécherheet an onser Gemeng asetzen.

D'Beliichtung, déi urbanistesch Entwécklung vun der Stad, de Streetwork an d'Jugendaarbecht bleiwe selbstverständlech bestoen a gi weiderhin entwéckelt.

Da kommen ech zum Ressort Senior. Ons Populatioun gëtt ëmmer méi al, dofir ass et wichteg, ee Service Senior ze hunn, deen den drëtten a véierten Alter begleet. Am finanzielle Rahmen deet sech net vill am Verglach zum virege Joer. Ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir Iech opzelëschten, wat onse Service Senior an onser Gemeng ubitt.

Fir d'éischt emol am Beräich Sozialhëllef: Si maachen Demandë fir an de CIPA, Assurance dépendance, Hëllef bei Soins à domicile, administrativ Hëllef a Verwaltungen/Banken, Hëllef a Stierffäll vum Partner, Feststelle vun Isolement social.

Zum Repas sur roues: D'Zuel ass variabel. Am Moment gëtt dëse Service vu 86 Clienten an Usproch geholl a siwen, déi dat ab und zu an Usproch huelen. Den aktuelle Präis läit bei 14,90 Euro. Eng Upassung gouf et dëst Joer schonn op 15,37, déi mer awer net wouergeholl hunn. Fir d'Joer 2023 ass eng weider Hausse virgesinn. Dat géif da 17,41 Euro kaschten.

Wéinst der aktueller finanzieller Lag hu mir am Schäfferot decidéiert, dës Deierecht net un d'Beneficiairë weiderzeleeden. D'Netadaptatioun vum Iesse vum Repas sur roues kascht d'Gemeng 75.000 Euro d'Joer.

Da maache se d'Gestioun vum Telealarm, d'Akafe fir vulnerabel Leit souwuel an de Geschäfter wéi an der Apdikt. Dat ass e Service, deen ugebuede ginn ass wärend der Covid-Pandemie. D'Akeef ginn deelweis vum CIGL getätegt, déi bréngen dat da bei d'Leit heem, wéi dat an der Covid-Zäit de Fall war.

De Projet Boma-Bopa-Service fänkt lues a lues un. De Seniorerot ass am Funktionéieren. Hei géif ech mer awer méi Reaktivitéit vun den eelere Leit an onser Gemeng wënschen, datt si sech un dësem Service bedeelegen an, wa méiglech, datt verschidde Leit aus ënnerschiddleche Quartiere sech mellen, datt se sech un deem Projet bedeelegen.

Intergenerationell Projete mat de Maison-relaise lafen, d'lescht Joer schonn an dëst Joer och.

Si organiséieren Informatiounsversammlungen zu ënnerschiddlechen Theemen, wéi zum Beispill Demenz, Sécherheet, Pensioun. Si versichen och eng Mediatioun bei onser portugisescher Populatioun, dass déi Leit och um soziale Liewen deelhuelen, andeems mer Mëtteger organiséieren am Club Senior, wou déi portugisesch Populatioun sech treffe kann.

D'Zesummenaarbecht mam Club Senior gëtt weidergefouert.

D'Preventioun vum sozialen Isolement duerch Visites à domiciles, eeler Leit mat gläichen Interessien zesummebréngen, spadséiere goen an dat oft mam Hond Grizzly, dee mer do asetzen.

Am Evenementiel hu mir weiderhin d'Journée du grand âge, Speed Dating, een Dag wéi fréier, d'Journée forestière, d'Senior Art Week an d'Rentnerfeier.

Zur Rentnerfeier si follgend Informatioune wichteg: Um Enn vum Joer verdeele mir erëm, wéi déi Jore virdrun, Akafsbonge vu 15 Euro fir d'Commercen zu Déifferdeng, déi do kënnen agesat ginn. Déi Bongen, déi dëst Joer net ageléist gi sinn, kommen dem Télévie zegutt. D'Feier gëtt nogeholl, wann d'Wieder besser ass. Am Fréier organiséiere mer erëm, wéi déi Jore virdrun, eng Rentnerfeier, mee awer dann hoffentlech ënner bessere Bedéngungen, wou d'Infektiounsgefor manner grouss ass.

Si organiséieren och d'Gestioun vum Ruffbus Dinola. Dëse Poste kascht d'Gemeng 170.000 Euro. D'Nofro vum Dinola läit ongeféier tëschent 190 an 210 Leit pro Mount, am Schnëtt siwe bis aacht Leit den Dag.

Eng Iwwerleeung ass hei, ob mer dee Service solle weider bedreiwen oder ob mer net sollen en Ofkommes maache mat engem Taxiunternehmen, deen dann e Forfait pro Faart kritt. Oder mir et als Gemeng selwer sollten organiséieren. Aktuell ginn 2 Euro pro Faart gerechent.

Ech verléieren e Wuert iwwert d'Etüd vun der Uni Lëtzebuerg an dem Gero, dat ass de Kompetenzzenter fir den Alter, iwwert d'Besoine vun de Leit iwwer 50 Joer. Wou mir als Gemeng mat de Gemenge Clierf, Ettelbréck a Miersch deelgeholl hunn. Et ass eng Demande do, fir Aktivitéiten ze maache mat de Leit, elo net bei 100 %, mee et läit ongeféier tëschent 15 % an 20 %. An dat virun allem net an ze vill grousse Gruppe mat Interêt u Musek, Kultur, Iessen, Sport a Gesondheet.

D'Sprooch spillt bei de Leit eng grouss Roll. Do muss ee versichen, déi auslännesch Communautéit mat ze integréieren.

Interessant ass dës Etüd am Beräich vun de 60 bis 69 Joer Al an am Grupp iwwer 70 Joer. Do wäerte mer versichen, déi Virschléi vun dëser Etüd ëmzesetzen an dozou bäizedroen, datt d'Leit aus deenen zwou Altersgruppe besser integréiert ginn an onser Gemeng.

Da kommen ech op de Syndikat Minett Kompost ze schwätzen, wou ech dra sinn. Den Apport vun onser Gemeng an dësem Syndikat bleift säit Jore konstant. An dat obwuel de Site, ech hat dat jo schonn hei virgestallt, ganz erneiert a verduebelt ginn ass.

Dëst ass bedéngt deels duerch d'Akafe vun der Stad Lëtzebuerg an dem Minett Kompost an deels duerch Suen, déi zréckgeluecht gi sinn, déi Jore virdrun, fir Renovatioun. Ech mengen, dat war eng virsiichteg Gestioun, déi vun de Responsabele gemaach gouf.

Leedeglech klammen 2023 d'Personalkäschten. Dat ass awer indexbedéngt. D'Tariffer bleiwen onverännert. D'Taxe fixe bleift bei 14 Euro pro Habitant. Iwwer 15.000 Euro gëtt dës Taxe fixe halbéiert. D'Taxe variable vun den Decheten, déi ugeliwwert sinn, kascht ons 25 Euro d'Tonn.

Da kommen ech zum Ressort vun der Museksschoul. Déi üblech Ausgabe vun der Museksschoul: nei Instrumenter, Formatioun vu Personal, pedagogesch Projeten, divers Ekipementer. D'Subventioune fir Diffwinds an Drummer Days bleiwen d'selwecht wéi déi Jore virdrun.

Zwee Poste ginn an d'Luucht. D'Personalkäschten, well laut deem neie Gesetz d'Enseignanten an eng Klass A1 oder A2 wiesselen a well mer e bäigeuerdenten Direkter bäikréien.

D'Ënnerstëtzung vum Staat ass zwar op 1,5 Milliounen Euro geklommen am Verglach vun de Jore virdrun, geet awer bei wäitem net duer, fir déi Ausgabe vun 2,78 Milliounen Euro ze begläichen. Dat mécht a sech eng Méibelaaschtung fir ons Gemeng vun 1,3 Milliounen Euro aus.

Zur Erënnerung: Laut Gesetz besteet eng Gratuitéit vun de Coursë bis 18 Joer, déi mir awer als Gemeng op 25 Joer ausgeweit hunn. Ab 25 Joer bezilt jiddwereen 100 Euro pro Cours. Dëst Joer hu mir 875 Inscriptiounen. Dovu komme 661 aus onser Gemeng, 214 aus Nopeschgemengen a 40 aus dem Ausland.

No deem neie Gesetz kann d'Bluesschoul net méi vun der Museksschoul ofhängen. D'Bluesschoul ass u sech e Workshop vu 14 Coursen, dee vun ongeféier zéng Enseignantë gehale ginn. De Service culturel wäert sech an

*bons d'achat de 15 € valables dans les commerces differdangeois. L'argent des bons non utilisés cette année sera reversé à Télévie.*
*Le service Séniors gère aussi le bus sur appel Dinola, qui coute 170 000 € par an. En moyenne, sept à huit personnes utilisent Dinola chaque jour. Robert Mangen se demande s'il ne vaudrait pas mieux signer un accord avec une compagnie de taxis.*
*L'université de Luxembourg et le Kompetenzzenter fir den Alter ont réalisé une étude sur les besoins des personnes de plus de cinquante ans dans différentes communes. La demande pour participer à des activités musicales, culturelles, culinaires ou sportives est assez importante. Il est nécessaire d'intégrer les communautés étrangères. Selon l'étude, il faut intégrer de manière plus efficace les gens de plus de soixante ans.*
*Robert Mangen passe aux syndicats. La participation de Differdange au Minett Kompost reste constante même si le site a été rénové et agrandi. Cela prouve que la gestion de ces dernières années a été prudente et responsable. En 2023, les frais de personnel vont augmenter. La taxe fixe est maintenue à 14 € par habitant. À partir de 15 000 €, elle est divisée par 2. La taxe variable sur les déchets livrés est de 25 €/t.*
*Le budget de l'école de musique est comparable à celui des autres années. Cependant, les frais de personnel augmentent. La participation de l'État passe à 1,5 million d'euros pour des frais totaux de 2,78 millions d'euros. La loi prévoit la gratuité des cours jusqu'à 18 ans. La commune a étendu l'âge limite à 25 ans. Ensuite, la participation à un cours coute cent euros. Cette année, 875 élèves se sont inscrits : 661 de Differdange, 214 des communes voisines et 40 de l'étranger.*
*Selon la loi, la Bluesschoul ne peut plus faire partie de l'école de musique. Elle propose 14 ateliers tenus par une dizaine d'enseignants. Le service culturel s'occupera de l'organisation des cours tenus au 1535°. Un cours coute 15 €. En moyenne, l'école compte quarante étudiants. Le weekend, la rémuné-*

*ration des enseignants passe à 300 €. Les frais totaux se montent à 45 000 €. L'État verse un subside de 15 000 €.*
*En matière de tourisme, le gite de Lasauvage sera achevé cette année. Pour l'exploitation, c'est la société simpleviu qui a été engagée. L'exploitant touchera 70 % du loyer et la commune 30 %. La commune n'exigera pas sa part les quatre premiers mois pour laisser le temps à l'exploitant de développer son projet. Plus tard, le loyer sera adapté au chiffre d'affaires. Les trois autres maisons deviendront aussi des gites.*
*L'auberge de Lasauvage sera revalorisée.*
*Des négociations sont en cours pour ouvrir un musée national des marionnettes à Lasauvage.*
*Le budget prévoit 200 000 € pour le fonctionnement du Minett Park. La société Maitres du rêve a réalisé un bilan du site. Differdange et Pétange attendent d'obtenir un rendez-vous avec le ministère du Tourisme. Les deux communes souhaitent préserver le cachet du site et investir dans les ressources humaines. Il faudra recruter du personnel qualifié pour gérer le Train 1900 et la Minièresbunn.*
*L'Institut national pour le patrimoine va revaloriser l'entrée du site, qui ne sera accessible qu'en navette. Les automobilistes devront se garer sur le parking du cimetière en forêt et sur la prairie à côté.*
*Le responsable actuel, Frédéric Humbel, a démissionné. Le conseil d'administration cherche un remplaçant. Robert Mangen souhaite bonne chance à monsieur Humbel.*
*En ce qui concerne la bibliothèque et les archives, le budget n'évolue pas. Robert Mangen suggère aux conseillers communaux de visiter le site internet des archives, car il est vraiment chouette. Il en profite pour lancer un appel aux habitants : s'ils disposent de documents concernant Differdange ou ses associations, ils peuvent les remettre à l'archiviste de la commune. Elle les leur rendra une fois qu'ils seront numérisés.*
*En 2021, la bibliothèque comptait 11 039 usagers, mais ce chiffre a augmenté cette année.*

Zukunft ëm dës Organisatioun këmmeren. An d'Coursë ginn am 1535° ofgehalen. Am Schnëtt hu mir ongeféier 40 Schüler. Ee Cours kascht 15 Euro.

D'Remuneratioun vun den Enseignantë gëtt eropgesat op 300 Euro de Weekend anstatt vun deenen 90 Euro virdrun.

De gesamte Käschtepunkt gëtt mat 45.000 Euro berechent. Dovunner kréie mer 15.000 Euro Subside vum Staat. Dat heescht, 30.000 Euro muss d'Gemeng bäileeën.

E bëssen iwwert den Tourismus. De Gite vum Minett Trail zu Lasauvage gëtt Enn dëses Joers fäerdeg a kann dann och natierlech benotzt ginn. Als Exploitant hu mir déi vum ORT Sud virgeschloe Firma Simpleviu agestallt. Vum Loyer gi 70 % un den Exploitant an 30 % un d'Gemeng. Déi véier éischt Méint froe mer ons Part net, mir ginn dem Exploitant hei d'Méiglechkeet, säi Projet ze entwéckelen. D'Loyere gi spéiderhin un de Chiffre d'affaires ugepasst an eventuell dann och revidéiert.

Déi dräi aner Haiser niewent dem Gite ginn och fäerdeggestallt an och fir den Tourismus zur Verfügung gestallt.

D'Auberge zu Lasauvage versiche mer ze valoriséieren, souwuel fir d'Schoule wéi fir d'Privatleit.

A Verhandlung ass och, fir en nationale Marionettemuseum op Lasauvage ze kréien. Sécherlech eng Attraktioun méi fir dëst sympathescht Duerf.

Da gesitt Der am Budget 200.000 Euro fir d'Fonctionnement vum Minett Park. De Bilan vum Site, dee vun enger franséischer Societéit Maîtres du Rêve ausgeschafft ginn ass, läit dem Ministère du Tourisme vir. Mir waarden elo als zwou Gemengen, Péiteng an Déifferdeng, op e Rendez-vous mam Ministère, fir doriwwer ze schwätzen an ze kucken, wéi mer mam Site weiderfueren.

D'Gemenge Péiteng an Déifferdeng si sech eens, datt een éischter den traditionelle Cachet vum Site behale sollt a léiwer an d'Ressources humaines investéiere soll. De Benevolat geet net méi duer, fir déi zwou Bunnen Train 1900 a Minièresbunn ze bedreiwen. Et muss zousätzlech qualifizéiert Personal agestallt ginn, wat sécherlech dann och e Käschtepunkt hu wäert.

Ganz flott ass de Projet vum INPA, Institut national pour le patrimoine architectural, déi fänken d'nächst Joer un, d'Entrée vum Site ze revaloriséieren, mat ënner anerem der Erriichtung vun enger Spillplaz géintiwwer der Giedel, engem Ënnerdaach fir Picknick an enger Renovatioun vum Quai vun der Minièresbunn.

Duerno wäerte keng Autoe méi duerch de Site fueren. Deen ënneschte Parking bleift nëmme bestoe fir d'Bussen an d'Personnes à mobilité réduite. D'Autosfuerer kënne sech op déi iewescht Parkinge stellen, wou dann eng Navette organiséiert gëtt, déi d'Leit op de Site féiert. Dat ass de Parking, deen op de Bëschkierfecht féiert.

Uewerhalb ass och nach e Parking, dee gëtt och reamenagéiert. Niewent deem Parking ass eng Wiss, déi der Gemeng gehéiert. Mam Accord vun der Ëmweltverwaltung kënne mer een Deel vun der Wiss benotzen, wou sech eng 100 Autoe kënne parken.

Als Informatioun: Dee jëtzege Responsabel vum Site, de Frédéric Humbel, huet gekënnegt. Mir sinn als Verwaltungsrot amgaangen, no enger neier responsabeler Persoun ze sichen. Dem Här Humbel wënschen ech alles Guddes fir säin neie Liewensofschnëtt a soen him Merci fir säin Asaz am Minett Park.

Da kommen ech zur Bibliothéik an den Archiven.

D'Ausgabe fir d'Bibliothéik an d'Archive bleiwen op deem selwechten Niveau wéi dat Joer virdrun. Dës zwee Servicer vun der Gemeng gi gutt ugeholl. Den Archivage vun de Gemengendokumenter schrëtt gutt virun. Ech invitéieren Iech, Iech onsen Internetsite vun den Archiven unzekucken. Ech fannen e ganz iwwersiichtlech a flott. Dee gëtt progressiv ëmmer erëm nei alimentéiert.

Och dëst Joer erëm en Appell un ons Biergerinnen a Bierger: Wa se interessant geschichtlech Dokumenter iwwer Déifferdeng oder Ëmgéigend hunn oder Dokumenter iwwer Veräiner, stellt se

onser Archivistin zur Verfügung. D'Original kritt Der erëm zréck, wann dat alles digitaliséiert ass.

Als Informatioun: 2021 hate mir 11.039 Usageren an onser Bibliothéik. Dëst Joer gëtt de Chiffer nach méi grouss. Interessant ze erwänen ass och, datt Leit ausserhalb vun der Südregioun bei ons hei an d'Bibliothéik kommen. Zum Beispill Léierinnen aus der Stad Lëtzebuerg, déi heihinner kommen, well mer eng grouss Offer vu Kannerbicher hunn.

Da kommen ech zu mengem soziale Ressort.

Fir d'éischt d'Allocation de solidarité. Wéi déi vireg Joren, hale mir ons Allocation de solidarité op engem héijen Niveau, wéi Der gesitt, bei 2,1 Milliounen Euro. Als Verglach hate mir 2020 an 2021 am Budget 1,1 Millioune virgesinn. De Montant ass also quasi verduebelt.

2020 goufen nëmme 670.000 Euro ausbezuelt an dat un 1.223 Demandeuren. 2021 hate mer e liichte Plus op 757.000, wou d'Demanden ongeféier d'selwecht bliwwe sinn. Aktuell leie mir dëst Joer bei 1.318 Demanden an enger ausbezuelter Zomm vun 1.770.000 Euro. Bis ufanks Dezember komme sécher nach Chifferen derbäi.

Säit 2019, wéinst administrativer Vereinfachung an och aus Kontroll, hu mir ons Allocation de solidarité un d'Allocation de vie chère vum Staat gebonnen. Och dat nächst Joer besteet ons Allocation de solidarité aus 50 % vun der Allocation de vie chère.

D'Allocation de solidarité kann d'ganzt Joer iwwer ugefrot ginn. Et muss een net méi ee Joer an der Gemeng gewunnt hunn.

Opgepasst, ech soen dat all Joer ëmmer erëm: Wann d'Leit eng Schold bei der Gemeng opstoen hunn, gëtt d'Allocation de solidarité benotzt, fir dat auszegläichen.

D'Allocatioun ass u keng Konditioune gebonnen, mee d'Beneficiairë sollen dës Hëllef a sech sënnvoll bei hiren Ausgaben aplangen.

Ongeféier 2.032 Leit kréien eng Allocation de vie chère vum Staat, sinn also eligibel fir ons Hëllef. Wéi gesot, mir haten 1.318 Demandë bis elo virleien.

Ech mengen, et leien der do ëm déi 100 nach vir. Do ass nach Sputt no uewen, bei deenen 2.032. An et kann een erwaarden, opgrond vun der aktueller finanzieller Lag, datt sech warscheinlech nach méi Leit dat nächst Joer melle wäerten, fir vun dëser Hëllef Gebrauch ze maachen.

Déi finanziell Hëllef vun der Gemeng fir den Office social beleeft sech op 1.089.000 Euro. Dat sinn 140.000 Euro méi wéi 2022. Op den Detail kommen ech spéiderhin ze schwätzen, wa mer iwwert de Budget vum Office social schwätzen.

D'Épicerie sociale gëtt weiderhi vun onser Gemeng ënnerstëtzt, wou mir de Loyer vun de Raimlechkeeten iwwerhuelen. Dat mécht 12.600 Euro aus. D'Rout Kräiz bezilt d'Personal a bedreift och déi Epicerie.

Dann ënnerstëtze mir de CIGL mat 520.000 Euro. 50.000 Euro zousätzlech si virgesi fir Projeten, déi fir ons Gemeng realiséiert ginn, zum Beispill Spillplazen, Renovatioun vun der Naturschoul.

An enger vireger Gemengerotssëtzung hat ech e Rechemodus virgestallt. Pour mémoire: Just 12 % vum Montant, deen de Ministère du Travail gëtt, bezuele mir als Gemeng. Separat gëtt donieft de Service de proximité ofgerechent mat 18 Euro pro Stonn. Dat ass zum Beispill d'Akafen, wat de CIGL mécht fir onse Service senior.

Zum Schluss: Trotz aktueller Kris bleift „Déifferdeng, eng Stad hëlleft" bestoen. 0,25 % vun de Recettes ordinaires, mécht 375.000 Euro aus, gëtt benotzt, fir Drëtt-Länner-Projeten ze ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Aguiar, wannechgelift.

*La bibliothèque est aussi fréquentée par des gens de la région — par exemple des enseignantes de Luxembourg-ville.*
*Pour ce qui est du volet social, l'allocation de solidarité reste à 2,1 millions d'euros. En 2020 et 2021, il s'agissait de 1,1 million d'euros. En 2020, 670 000 € ont été versés à 1223 demandeurs, en 2021 750 000 € et cette année, 1 770 000 € à 1318 personnes.*
*Depuis 2019, l'allocation de solidarité est couplée à l'allocation de vie chère de l'État. Elle se monte à 50 % de l'allocation de vie chère et peut être demandée tout au long de l'année. Si les demandeurs ont des dettes auprès de la commune, l'allocation sera adaptée. L'allocation de solidarité n'est pas soumise à des conditions.*
*Deux-mille-trente-deux personnes touchent l'allocation de vie chère, mais seulement 1318 personnes demandent l'allocation de solidarité. Robert Mangen suppose que les demandes vont augmenter au cours des prochaines années à cause de la situation économique difficile.*
*La participation de la commune à l'office social s'élève à 1 089 000 €, une augmentation de 1400 00 € par rapport à 2022.*
*La commune soutient l'épicerie sociale en prenant le loyer à sa charge. Cela représente 12 600 €. Le personnel est financé par la Croix-Rouge.*
*Le CIGL reçoit 550 000 € auxquels s'ajoutent 50 000 € pour des projets réalisés sur le territoire de la ville. Le mode de calcul est le suivant : la commune participe à hauteur de 12 % du montant versé par le ministère du Travail. Le service de proximité est facturé à part à hauteur de 18 €/heure. Il s'agit par exemple des achats effectués pour les séniors.*
*Dans le cadre de Déifferdeng, eng Stad hëlleft, la commune réserve 0,25 % de ses recettes ordinaires à l'aide humanitaire. Cela représente 375 000 €.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *explique que le budget est un document essentiel fixant toutes les recettes et dépenses de la commune et garantissant ainsi son fonctionnement.*

*Il va commencer sa présentation par le sport. Differdange est une des communes soutenant le plus les clubs sportifs. En 2023, le collège échevinal va reconduire les différentes primes. Tous les clubs ayant droit à la prime Qualité Plus de l'État toucheront en plus un subside communal. Cinquante-cinq-mille euros sont prévus à cet effet.*

*Pour le collège échevinal, il est essentiel que tous ceux qui le souhaitent puissent faire du sport. La commune va donc continuer à subventionner les cartes de membre dans les clubs pour les jeunes de 19 ans ou moins à hauteur de 60 000 €.*

*Pour ce qui est des enfants, la commune s'est longtemps demandé comment introduire le sport dans les maisons relais. Car conduire des centaines d'enfants dans une quarantaine de clubs différents pour les entrainements n'a rien d'évident. C'est ainsi que Spodi a vu le jour. Il s'agit d'un programme visant à faire venir les clubs dans les campus scolaires sur le temps de midi. Le budget prévoit 150 000 €. Le sport est important pour les enfants et il serait dommage que ceux en maison relais n'en profitent pas.*

*En ce qui concerner les personnes handicapées, l'i-Run sera relancé en 2023. Il s'agit d'une course en équipes composées de personnes handicapées et non handicapées. Vingt-mille euros sont prévus. Sport@differdange inclut aussi des cours pour les personnes handicapées.*

*Le Steel-Run sera également reconduit pour 75 000 €.*

*Differdange espère pouvoir accueillir le Tour de Luxembourg. En attendant, 35 000 € ont été inscrits dans le budget.*

*Trente-mille euros sont alloués à la fête du Sport dans les écoles. Pour la première fois, les enfants du précoce vont y participer.*

*L'assainissement du centre sportif John-Scheuren va se poursuivre. Le budget 2023 prévoit 7 millions*

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, madame la bourgmestre. Mesdames et messieurs les conseillers communaux, je ne vous apprends rien de nouveau en disant que le budget est un document essentiel, car il fixe chaque année toutes les recettes et les dépenses de la commune garantissant ainsi son fonctionnement.

Personnellement, je vais passer en revue mes ressorts : le sport, l'égalité des chances, l'Intégration, l'Informatique et la jeunesse.

Pour ce qui est du sport, Differdange fait sans aucun doute partie des communes qui soutiennent le plus les clubs. Cela ne va, bien entendu, pas changer en 2023. Tout d'abord, nous allons reconduire nos primes. En premier lieu, celle qui est couplée au subside Qualité+ de l'État. Rien ne change par rapport à 2022. Tous les clubs recevant une aide Qualité+ toucheront aussi une subvention communale. Le budget 2023 prévoit 55 000 € à cet effet.

Vous savez que la Ville de Differdange s'est donnée comme slogan Le sport pour tous. La volonté du collège échevinal est en effet de permettre à tous ceux qui le souhaitent de faire du sport. Dans ce contexte, nous allons continuer à subventionner les cartes de membres dans les clubs de sport pour tous les jeunes de 19 ans ou moins et nous avons également prévu la somme de 60 000 € comme l'année dernière. L'aide s'élève à 50 % de la carte de membre avec un plafond de 100 €.

Quand je dis Le sport pour tous, cela inclut bien sûr les enfants. Longtemps, la Ville de Differdange a été confrontée à un défi qui paraissait insoluble. Comment permettre aux enfants inscrits à la maison de relais de faire du sport ? Vous imaginez bien que conduire des centaines des enfants dont une quarantaine de clubs sportifs à des jours et à des heures différents est très difficile, car cela implique des moyens humains respectivement des moyens financiers très élevés.

Le service des Sports avec nos maisons relais a trouvé la solution sous forme de Spodi. Spodi, qui signifie Sport à Differdange, est un programme consistant à faire venir les clubs dans les campus scolaires pour y tenir des entrainements. En d'autres termes : Les enfants en maisons relais peuvent désormais choisir librement un sport à pratiquer le temps de midi.

Cent-cinquante-mille euros sont inscrits au budget pour ce projet. Le bienfait du sport est trop important pour que les enfants en maisons relais, qui ne peuvent pas être conduits par leurs parents dans un club, n'en profitent pas.

Le sport pour tous est aussi un sport pour les personnes handicapées. Cette année, nous allons relancer l'i-Run, notre course de l'intégration, à laquelle on participe en équipes composées de personnes handicapées et non handicapées.

Pour 2023, nous avons prévu 20 000 € pour cet évènement. Je rappelle que dans le cadre de nos cours de sport et de loisirs, nous intégrons aussi des cours pour les personnes à mobilité réduite ou avec un handicap.

L'i-Run ne sera qu'un évènement parmi d'autres, puisque nous allons aussi organiser notre traditionnel Steel-Run avec 75 000 €.

Nous espérons aussi pouvoir accueillir le Tour de Luxembourg à Differdange. Nous avons fait la demande et attendons une réponse. En tout cas, Differdange est prêt avec ses 35 000 € inscrit au budget 2023. Trente-mille euros sont alloués au Schoulsportdag, la traditionnelle Fête du sport dans les écoles avec comme nouveauté que les enfants du précoce y participent également.

En ce qui concerne les infrastructures sportives, nous allons poursuivre l'assainissement du centre sportif John Scheuren. Les dépenses pour 2023 sont estimées à sept-millions d'euros.

Je vous rappelle que le projet de rénovation d'extension et de mise en conformité a été approuvé par le conseil communal pour un montant de plus de 23 millions d'euros.

Un autre grand projet qui nous accompagne depuis quelque temps est celui de la construction d'une nouvelle salle de sport au Bock. Deux-millions-huit-

cent-mille euros sont prévus pour 2023 pour un total de six-millions d'euros.

Sans rentrer dans les détails, je vous signale que nous avons prévu 50 000 € pour la mise en conformité du stand de tir d'Oberkorn.

Je passe à mon deuxième ressort l'égalité des chances.

Nous allons reconduire les actions ayant connu un bon succès cette année. Comme l'année dernière, nous allons investir 30 000 € dans Gender For Kids. Je vous rappelle que l'objectif de cette action est de former les éducateurs et les éducatrices de nos maisons relais pour qu'ils puissent lutter efficacement contre les stéréotypes filles/garçons et femmes/hommes. Je pense que ces stéréotypes se combattent dès le plus jeune âge, car nos enfants représentent la société de demain.

Pourquoi la somme de 30 000 € que comme en 2022 ? C'est tous simplement une continuation ; nous voulons que toutes les maisons de relais puissent avoir la même formation. Toutes les éducatrices de maisons de relais.

Pour le reste, nous allons reconduire les évènements que vous connaissez déjà, c'est-à-dire des actions dans le cadre de la journée de la Femme, la journée de l'Homme, l'Orange Week, etc.

En ce qui concerne l'intégration, cela reste bien évidemment un sujet important à Differdange. Nous sommes une ville multiculturelle par excellence avec des habitants provenant de plus de 120 pays différents. Il est donc essentiel de nous assurer que le vivre ensemble fonctionne comme il faut.

Je pense que vous connaissez déjà notre campagne Different Together qui met en avant nos différences tout en montrant que chacun a sa place à Differdange. Également, ce projet sera reconduit en 2023. La campagne connait un beau succès.
D'autres évènements traditionnels et importants : notre Weekend des cultures, qui fait la part belle aux différentes cultures differdangeoises et au vivre ensemble avec des stands et des ateliers dans le centre de la ville. Nous avons prévu 75 000 €.

Je vous rappelle par ailleurs que notre service Wok est à l'écoute de toutes les associations actives dans le domaine de l'intégration et dans le soutien de leurs activités le cas échéant.

Peut-être que vous avez oublié, mais en 2023, il y aura les élections communales. Pour que le vote soit le plus représentatif possible de la population differdangeoise, il est important que les non-Luxembourgeois y prennent part aussi. Même s'il n'est pas obligatoire pour eux. C'est pour ça que nous allons lancer des actions pour les informer qu'ils peuvent s'ils le souhaitent s'inscrire sur les listes électorales et participer à la vie politique de notre ville.

Nous allons organiser pour la deuxième fois la foire des nouveaux habitants. Nous allons inviter les Differdangeois et les Differdangeoises qui sont installés à Differdange récemment pour leur présenter les services communales et autres.

Je passe au ressort de la jeunesse.

Là aussi, quelques nouveautés intéressantes. Par exemple en ce qui concerne les maisons des jeunes. Habituellement, les frais de fonctionnement des maisons des jeunes sont pris en charge moitié-moitié par la Ville de Differdange et le ministère.

Cela ne va pas changer. En revanche, la Ville de Differdange a décidé de recruter un éducateur supplémentaire en CDD de deux ans. Nous avons fait la demande auprès du ministère dès 2021, mais nous n'avons pas encore reçu de réponse positive. Donc, nous ne voulons plus attendre et nous avons décidé de financer à 100 % cet éducateur. Le temps que le ministère puisse étudier le dossier et éventuellement participer aux frais. Nous devons à nos jeunes de leur offrir un service de qualité. Le Jugendtreff Déifferdeng compte 1123 membres répartis dans nos 4 structures.

Le budget prévoit 100 000 € pour notre projet de place aux jeunes, car tous les jeunes n'ont pas forcément envie d'être encadrés dans nos structures comme les maisons des jeunes et de participer à des activités prédéfinies. D'un autre côté, nous ne voulons pas non plus qu'ils soient livrés à eux-mêmes. C'est

*d'euros pour un total de 23 millions d'euros.*
*Une nouvelle salle de sport est construite au Bock pour un total de 6 millions d'euros, dont 2,8 millions d'euros prévus en 2023.*
*Le stand de tir d'Oberkorn sera remis en état pour 50 000 €.*
*En matière d'égalité des chances, la commune va investir 30 000 € pour Gender for Kids, dont l'objectif est de former les éducateurs à la lutte contre les stéréotypes liés au sexe. La somme prévue est la même qu'en 2022. Le collège échevinal souhaite que tous les éducateurs de toutes les maisons relais profitent de la formation.*
*Des actions comme la journée de la Femme, la journée des Hommes ou l'Orange Week seront reconduits.*
*En ce qui concerne l'intégration, Paulo Aguiar rappelle que Differdange compte parmi ses habitants des gens provenant de plus de 120 pays différents. Il est donc essentiel que le vivre ensemble fonctionne. L'échevin mentionne la campagne Different Together mettant en avant les différences tout en montrant que chacun a sa place à Differdange. Parmi les autres évènements importants figure le Festival des cultures coutant 75 000 €.*
*Paulo Aguiar mentionne ensuite le wok, un service à l'écoute de toutes les associations locales actives dans le domaine de l'intégration.*
*Pour les élections communales de 2023, la commune lancera une campagne d'information destinée aux non-Luxembourgeois. Le vote n'est pas obligatoire pour eux, mais il est important qu'ils participent à la vie politique de la ville.*
*Pour la deuxième fois, la Ville de Differdange va organiser la Foire aux nouveaux habitants.*
*En ce qui concerne la jeunesse. Paulo Aguiar annonce quelques nouveautés. Habituellement, les frais de fonctionnement des maisons des jeunes sont répartis entre la Ville de Differdange et le ministère. Cela ne va pas changer, mais la commune a besoin d'un éducateur supplémentaire pour une durée de deux ans. Comme le collège échevinal ne veut pas attendre la réponse du ministère, il va financer directement cet éducateur. Le cas échéant,*

*le ministère pourra participer aux frais plus tard.*
*Tous les jeunes ne veulent pas forcément être encadrés. C'est pourquoi 100000 € sont prévus pour aménager un site sur lequel se retrouver et passer du temps en toute liberté. Le collège échevinal pense au Metzkimmert, un endroit proche du centre-ville où les jeunes ne dérangeront pas les riverains. Des ateliers avec les jeunes seront organisés dès le premier trimestre 2023 pour décider à quoi le site doit ressembler, car il est essentiel qu'ils s'y sentent à l'aise.*
*La Jugendkonschtwoch sera reconduite.*
*Le service jeunesse continuera à travailler à la réalisation du Plan communal de la jeunesse. Il organisera aussi des ateliers avec le Zentrum fir politesch Bildung sur la participation politique.*
*La Ville de Differdange a également mis en place des mesures d'emploi comme l'occupation occasionnelle de jeunes chômeurs pour un montant de 275 000 € remboursé à 85 % par le Fonds de l'emploi. Paulo Aguiar mentionne ensuite des cours de langues, des formations, etc.*
*Pour ce qui est de l'informatique, généralement, on n'a besoin des informaticiens que quand les choses vont mal. Pourtant, c'est grâce à eux que nous sommes constamment connectés. En tout, le service informatique gère plus de mille appareils, un chiffre impressionnant.*
*Comme promis l'année dernière, toutes les écoles de la commune sont connectées au wifi.*
*Paulo Aguiar parle ensuite des programmateurs, qui développent des applications spécifiques pour les services, facilitant ainsi leur travail. L'échevin remercie les services communaux s'occupant de ses ressorts pour le travail qu'ils réalisent tous les jours.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *va présenter ses ressorts en commençant par le projet européen Fusilli. Cette année, il a surtout été question de la stratégie alimentaire. Le conseil de l'alimentation se réunit chaque mois. Il est composé de particuliers, de restaurateurs et de directeurs de magasins alimentaires,*

pourquoi nous avons eu l'idée d'aménager un site sur lequel ils pourront se retrouver et passer du temps en toute liberté.

Ce site, nous l'avons trouvé. Il s'agit du Metzkimmert, un endroit proche du centre-ville et assez facilement accessible pour les jeunes, sans qu'ils dérangent les riverains.

Bien entendu, nous voulons que ce projet soit réalisé de manière participative. C'est pourquoi nous allons organiser des ateliers avec les jeunes au premier trimestre 2023 pour voir ce dont ils ont envie, comment ils voient l'aménagement de ce site. Après tout, le site est pour eux et afin qu'ils le fréquentent, il est essentiel qu'ils s'y sentent à l'aise. Les ateliers sont organisés en partenariat avec la maison des jeunes, le service Jeunesse, le collectif Outreach ainsi que d'autres partenaires.

Nous allons reconduire aussi la Jugendkonschtwoch, notre semaine des jeunes artistes, qui fonctionne toujours très bien. Notre service Jeunesse va continuer à travailler sur la réalisation du Plan communal de la jeunesse et va également organisé les ateliers en partenariat avec le Zentrum fir politesch Bildung afin de développer chez les jeunes un intérêt pour la participation citoyenne et la vie politique.

Ce que je pourrais ajouter dans le cadre de la jeunesse sont des mesures d'emploi mises en place par la Ville de Differdange, telle que l'occupation occasionnelle des jeunes chômeurs pour un montant de 275 000 € remboursés à 85 % par le Fonds de l'emploi ainsi que l'occupation des étudiants pendant les vacances scolaires.

Nous allons également promouvoir des compétences des jeunes sur le marché d'emploi à travers des différentes actions : cours de langues, formation des compétences…L'élaboration d'un catalogue de formation est envisagée après avoir fait un état des lieux des besoins des jeunes.

J'en viens à mon dernier ressort l'informatique.

Tous les ans, je souligne que c'est un domaine difficile, parce que nous avons l'impression de n'avoir besoin de nos informaticiens que quand les choses vont mal. Mais nous pensons rarement au fait que c'est grâce à leur travail que nous sommes constamment connecté. Un chiffre que je tiens vraiment à mentionner. Notre service informatique gère plus de mille appareils, que ce soit des ordinateurs de bureau, des portables, des tablettes ou de téléphones. C'est un travail immense.

Je tiens par ailleurs à vous dire que toutes les écoles de la commune sont désormais connectées au wifi. Une promesse que je vous avais faite l'année dernière. Je souhaiterais mettre en évidence nos programmateurs, qui développent des programmes spécifiques pour les différents services, qui leur font épargner beaucoup d'argent et qui sont un plus pour le travail au quotidien de notre personnel.

Pour conclure, je tiens à remercier les services communaux qui s'occupent de mes ressorts pour le travail qu'ils font tous les jours. J'espère que vous approuverez notre budget. Merci beaucoup de m'avoir écouté.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, elo ass dann u mir, Iech duerch de Budget vun de Ressorten, déi ech betreien, ze féieren.

Als Éischt géif ech gär op den EU-Projet Fusilli agoen, dee bis 2024 leeft. Dëst Joer gouf haaptsächlech un der Ernärungsstrategie geschafft, mat Hëllef vum Ernärungsrot, deen all Mount zesummekënnt. Den Ernärungsrot besteet aus Leit vun der Zivilbevëlkerung, klenge Restaurateuren a Gerante vu Liewensmëttelbutteker. Si hunn de Liewensmëttelsystem analyséiert an dësen als Input fir d'Ernärungsstrategie benotzt.

De Moment definéiere si Pilotprojeten an organiséiere kleng Kachworkshops hei am Hall O, déi ganz gutt besicht

sinn. D'nächst Joer ass dann d'Joer vun der Implementatioun vun der Ëmsetzung vun den Iddien.

Initial hate mer wëlles, eisen agroekologesche Projet op eisen Terrainen zu Zounen ze maachen, mee wéinst administrativen Hürden, d'franséischt Gesetz, gëtt dat immens schwéier. Dofir wäert eise Geméisubau dann op den Terrainen an der Kondel stattfannen, wou de Perimeter erweidert gëtt.

Dëst Geméis gëtt fir eis Maison-relaise benotzt an een Deel geet och un de Croix Rouge-Buttek.

Fir d'Kanner iwwert de Kultivatiounsprozess ze informéieren, wëlle mir mat de Maison-relaisen op engem Terrain vu Gaart an Heem Jardins pédagogiques opriichten. Hei kommen d'Kanner eemol d'Woch dohinner a schaffe mat eiser Maraichère zesummen an de Gäert.

D'Zil ass, datt dëse Projet och no 2024 weiderlieft an nach weider ausgebaut gëtt. Dofir si mer schonn amgaangen, eng Ekipp, ech nenne se mol Équipe agricole, op d'Been ze stellen. Eng Iddi ass, ënner anerem, d'Restaurante laangfristeg vun der Gemeng mat eisem Geméis ze beliwweren. Sou ee Menü kéint ee bal Menü Fusilli dann nennen.

Elo kommen ech bei den Deel City-Management oder Cellule de développement économique, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch virdru gesot huet.

Hei huet sech a leschter Zäit vill gedoen. Wéi Dir um Ordre du jour vun dësem Gemengerot gesitt, si mir amgaangen, eis Moyenen ze ginn, fir eisem ale Stadzentrum eng Identitéit ze ginn. An der Foussgängerzon wäerte mer ronn 600 Quadratmeter Fläch lounen. Wéi am Budget steet, hu mer wëlles, d'Spuerkeess-Gebai ze kafen. Esou kënne mer decidéieren, wat fir Geschäfter/Aktivitéiten an de Stadkär kommen.

D'Ekipp ass jonk. Si si ganz fläisseg drun ze schaffen, fir erëm Liewen an Déifferdeng ze bréngen. Eis ass et wichteg, flott Events op Déifferdeng ze kréien. Den Här Ulveling hat et virdrun ernimmt, The Voice, déi am September ee Precasting zu Déifferdeng haten, si bereet, eng weider Kéier ze kommen a souguer an enger méi grousser Envergure.

Och si mer a Verhandlunge fir d'Luxembourg Fashion Week op Déifferdeng ze bréngen. Mat dësen zwee Eventer weise mer no baussen, datt sech eppes zu Déifferdeng deet. Eeben de Marketing, d'Vermaartung vun eiser Stad. Do hu mer e ganz grousst Potenzial.

Ee grousse Budget steet fir d'Maison moderne. D'Madamm Pregno hat d'lescht Joer gesot, datt mir do mat Denkstatt zesummegeschafft hunn, fir Iddien ze kréien, wéi mer dëst Lokal ideal benotze sollen. Doropshi gouf een Opruff gemailt, deen awer aus diverse Grënn net deem entsprach hat, wat mer geduecht haten. Hei lafen awer scho Gespréicher, fir déi initial Iddie vun engem Point de rencontre vu Leit a Verbindung mat engem Geschäft, mat enger Aktivitéit ze kombinéieren. Fir dëst ze erreechen, musse mer dran investéieren. De Montant gouf virdru vum Här Ulveling erwäänt.

Am Urbanismus schaffe mer weiderhin u klengen Ännerunge vu PAPen, och um Masterplang fir d'Entrée en ville. D'Madamm Buergermeeschtesch hat virdrun de Lycée Emile Metz ernimmt, de Parking Hauts-Fourneaux soll een zentrale Punkt ginn tëschent dem alen an deem neie Kär, dee sech do an der Entrée en ville forméiert.

Wéi den Här Ulveling gesot huet, schaffe mer drun, d'Plaz Jéhan Steichen ze reamenagéieren. Déi net schéi Plaz, fir se net aneschters ze nennen, ass eng zentral Plaz fir d'Uewerkuerer. Do kann een och envisagéieren, déi Wiss bei der oppener Schwämm, déi fënnef Sechstel vum Joer zou ass, mat an de Projet anzebannen.

An d'Mobilitéit wäerte mer nach weider investéieren. De Vël'OK-System, wou d'Zuele weisen, datt en immens benotzt gëtt, gëtt op verschidde Statioune vergréissert, wou et méiglech ass.

Weider Statioune kommen an Déifferdeng dobäi, zum Beispill op der Place des Alliés, wou am Summer eng mobil Statioun installéiert gouf, wat vill Vëlosfuerer glécklech gemaach huet.

*et essaie de mettre en place une stratégie. Actuellement, les membres du comité définissent des projets pilotes et organisent des ateliers culinaires au hall O. L'année prochaine sera l'année de la mise en pratique des idées.*
*Le collège échevinal souhaitait mettre en place un projet agroécologique à Saulnes, mais les obstacles administratifs en France sont trop importants. C'est pourquoi la culture des légumes se fera au Kondel. Les légumes seront utilisés dans les maisons relais et la boutique de la Croix-Rouge. Des jardins pédagogiques seront aménagés sur des terrains de Gaart an Heem. Les enfants des maisons relais s'y rendront une fois par semaine.*
*Pour que ce projet se poursuive au-delà de 2024, le collège échevinal est en train d'assembler une équipe. L'idée consiste à fournir les restaurants en légumes.*
*Pour ce qui est de la cellule du développement économique, le collège échevinal se donne les moyens de revigorer le centre-ville. La commune va louer 600 m2 dans la zone piétonne et acheter le bâtiment de la Caisse d'épargne. L'équipe de la cellule de développement économique est jeune. Elle essaie d'organiser des évènements à Differdange comme The Voice cette année. Des négociations sont en cours pour la Luxembourg Fashion Week l'année prochaine. Differdange a du potentiel en matière de marketing.*
*La société denkstatt a développé des idées pour la maison Moderne, mais l'appel d'offres n'a pas abouti. Désormais, il est question d'en faire un point de rencontre avec des magasins et des activités.*
*Pour ce qui est de l'urbanisme, de petites modifications de PAP, mais aussi du plan directeur de l'entrée en Ville sont en cours. La bourgmestre a parlé du lycée Émile-Metz. Le parking des Hauts-Fourneaux doit devenir un point central entre le centre-ville et l'entrée en Ville.*
*La place Jéhan-Steichen va être réaménagée. L'idée consiste à en faire une place centrale à Oberkorn en intégrant éventuellement la prairie devant la piscine au projet.*
*En matière de mobilité, le système Vël'OK fonctionne bien et va être développé. De nouvelles stations*

*seront ouvertes sur la place des Alliés, par exemple.*
*Le collège échevinal souhaite commencer la construction de pistes cyclables en direction de Sanem et de Pétange. Il veut se donner les moyens de créer une solution propre évitant les zones à problèmes. La signalisation et la sécurité des pistes cyclables seront renforcées. De nombreuses pistes commencent et se terminent par une barrière, forçant les cyclistes à descendre de vélo pour les contourner.*
*Aux arrêts de bus, les usagers seront informés en temps réel du temps d'attente. Les nouveaux panneaux donneront aussi un aperçu des connexions.*
*De nombreux Differdangeois utilisent le Diffbus, mais il est encore possible d'optimiser les lignes. Celles-ci seront réorganisées — notamment à Niederkorn.*
*Paulo De Sousa passe au parking du Haneboesch. Le site manque déjà de places de stationnement et avec son développement, les choses risquent d'empirer. C'est pourquoi le collège échevinal souhaite construire un parc de stationnement. Des navettes conduiraient alors les automobilistes dans le centre.*
*Les nouvelles bornes statiominute ont trouvé un écho positif de la part des commerçants. Elles seront étendues à des endroits stratégiques, où l'on s'arrête brièvement pour faire les courses. Par exemple, une pharmacie, une boulangerie ou une boucherie.*
*Le collège échevinal cherche des solutions pour réduire les limitations de vitesse dans la rue de Hussigny.*
*Paulo De Sousa passe ensuite à l'éclairage dynamique des passages pour piétons. Il arrive de ne pas voir un piéton s'engageant sur la route. L'éclairage dynamique s'allume quand un piéton veut traverser la rue. La rue de la Gare et la rue Prince-Henri à Oberkorn seront les premières à être équipées du système. Celui-ci sera ensuite étendu aux passages pour piétons désignés comme dangereux par la commission de la mobilité.*
*La première phase de Survcoin se passe bien. Bientôt, tout le personnel pourra en profiter. En 2024, ce sera au tour de la population.*

D'Vëlosweeër a Richtung Suessem a Péiteng wëlle mer an Ugrëff huelen. Fir éischt Etüden, wéi mer déi Problemplazen ëmgoe kënnen, gi mer eis d'Moyenen, fir do eng propper Léisung ze fannen, soudatt jidderee mat deene Vëlosweeër liewe kann.

Un der Signalisatioun an un der Sécherheet vun eise Vëlosweeër gëtt d'nächst Joer weidergeschafft. Op villen Agäng oder Ausgäng vun de Vëlosweeër ass eng Barriär, déi net vëlofrëndlech ass, soudatt d'Vëlosfuerer oft mussen erofklammen, fir laanscht dës Barriären ze kommen.

Endlech hu mer e Modell fonnt, fir eis Bushaltestellen ze digitaliséieren, datt d'Leit en temps réel wëssen, wéi laang se op e Bus waarde mussen. Et ka jo, wéi mer all wëssen, zu verschiddenen Zäiten am Dag zu immens grousse Waardezäite kommen. Des Weideren erlaben déi digital Pannoen ee besseren Iwwerbléck vun de Busverbindungen.

Wann ech vum ëffentlechen Transport schwätzen, wëll ech vun eisem Diffbus schwätzen. Vill Déifferdenger benotzen dësen. Trotzdeem kéint dee ganze Reseau nach weider optimiséiert ginn. Mir schaffen un enger Reorganisatioun vun de Linnen, wou mer mierken, datt déi Nidderkuerer Linn net dee Succès huet, dee mer eis erhofft haten.

Och d'Express-Linn kann nach weider optimiséiert ginn, wou kruzial Plazen duerch d'Gemeng ugefuer ginn, soudatt zum Beispill d'Parkhaus Parc des Sports mat den Aarbechtspôlë vun der Gemeng wéi de 1535° besser verbonne ginn.

Wann ech vu Parkhaus schwätzen, wëll ech d'Parkhaus am Haneboesch ernimmen. Momentan ass d'Demande u Parkméiglechkeete scho grouss an duerch d'Expansioun, déi an den nächste Joren do stattfanne wäert, wäert déi Demande nach méi grouss ginn. Dofir plange mir am Haneboesch e Parkhaus.

D'Zil ass et, d'Leit, déi vun ausserhalb kommen, do opzefänken a mat Navetten op Déifferdeng ze bréngen, soudatt den Auto ausserhalb vun der Stad bleift.

Vläicht hutt Der schonn eis éischt Statio'minutes-Bornen zu Déifferdeng gesinn am Zentrum. No den éischte positiven Echoen, déi mir vun de Leit a souguer vun de Commerçantë kritt hunn, wäerte mer dëse System op strateegesche Plaze weider ausbauen. Wat ass strateegesch? Dat sinn déi Plazen, wou ee ganz kuerz stoe bleift, fir eng kleng Kommissioun ze maachen, sief dat eng Apdikt, Bäcker, Metzlerei. Mir sinn amgaangen ze kucken, wou esou Plazen hikommen.

Eng grouss Suerg, déi d'Leit hunn, ass d'Héisenger Strooss. Elo mat der neier Gesetzgeebung, wat d'Nationalstroossen ugeet, kënne mir do vill méi aktiv ginn. Do kucke mer, fir d'Vitess erofzeschrauwen. Verschidde Variante leie schonn um Dësch. Am Laf vum Joer wäerte mer déi adequaatst ëmsetzen.

Een anere Projet, deen eis um Häerz läit, ass eng dynamesch Beliichtung vun den Zebrasträifen. Jiddereen huet op d'mannst schonn eng Kéier a sengem Liewen ee Schreck kritt, datt en ee Foussgänger net gesinn huet, dee sech engagéiere wollt, fir iwwert d'Zebrasträifen ze goen.

Do wäerte mir e Pilotprojet starten. Eng dynamesch Beliichtung laanscht d'Zebrasträifen, déi dës duerch blénkeg Spotlights beliicht, wa Leit sech engagéieren, fir iwwert d'Strooss ze goen. Déi éischt Zebrasträifen, déi mir heimat ekipéieren, sinn zu Uewerkuer an der Rue de la Gare an an der Prince Henri.

Wa sech dëse System bewäert, kucke mer, fir dëst weider ze erweideren, au fur et à mesure, op déi 20 Zebrasträifen, déi d'Mobilitéitskommissioun als geféierlech agestuuft huet.

Déi zwee Projete gi muer an der Mobilitéitskommissioun presentéiert.

Déi éischt Phas vum Survcoin, dee virun zwee Méint hei presentéiert gouf, leeft villverspriechend. Et sinn nach e puer kleng Bobboen do. An noer Zukunft leeft et un, wou dee ganze Service communal an dann hoffentlech 2024 d'ganz Bevëlkerung matagebonne gëtt.

Da kommen ech zum nächste Ressort, der Energie. Zuele goufe scho genannt.

D'lescht Joer hate mer mat enger Hausse vum Gas gerechent, déi och komm ass an déi wéi gedoen huet. Wann een déi Hausse elo awer mat deem vum Stroum vergläicht, ass dat näischt.

D'Madamm Buergermeeschtesch hat virdru gesot, datt d'Stroumkäschte vun enger Millioun op 2,9 Milliounen Euro an d'Luucht gaange sinn. Insgesamt ginn eis ordinär Energiedepensë vun 2,3 Milliounen Euro op 5,65 Milliounen Euro d'nächst Joer erop. Dat ass eng Hausse vun 150 %. Dat heescht, mir musse weiderhin an erneierbar Energien investéieren, weider op Kooperative setzen, wéi mir se am 1535° oder am Stadion hunn.

Am Aquasud, eng vun eise gréissten Energieschleideren, lafe scho Pläng, fir den Daach mat enger ganz grousser PV-Anlag ze beleeën, soudatt si iwwert de Summer ganz autonom funktionéiere kënnen.

Och d'Parkhaus Parc des Sports bitt eng grouss Fläch fir eng grouss PV-Anlag.

Eng aner Energieschleider ass eist Gebai A am 1535°, dat huele mer d'nächst Joer an Ugrëff, fir de Locatairen eng besser Liewensqualitéit ze bidden.

Da kommen ech bei de Service écologique. Leschte Summer hunn eis Leit iwwer Wochen all Weekend geschafft, fir eis Beem am urbane Raum ze netzen a sinn heiansdo mat der Aarbecht net nokomm. Do weist sech, wéi wichteg eng automatesch Irrigatioun mat Cuven ass, déi mat Reewaasser gefëllt sinn. Esou ee System kënnt an de Park vum AS Terrain oder an d'Trame verte. Mir mussen de System vun der automatescher Bewässerung weider ausbauen, mat neie Cuven a Reservoiren.

Duerch de Klimapakt 2.0 si mer aktuell am Theema Klima aktiv. Do stiechen eis Diffprimme ganz staark eraus. Eise Katalog, deen ëmmer erëm aktualiséiert an adaptéiert gëtt, steet haut och um Ordre du jour vun dëser Sitzung. Trotz der schwiereger finanzieller Lag, hu mer dëse Budgetsposte fir 2023 méi wéi verduebelt.

Zum Schluss kommen ech zu eisem EU-Projet, ech nennen e mam richtegen Numm, 100 climate neutral and smart cities by 2030. Kuerz nenne mir en NetZeroCities. Wéi wichteg dëse Projet ass, brauch ech Iech net ze erzielen. Dëse Projet wäert déi zwee nächst Schäfferéit intensiv beschäftegen, ob dat herno blo, rout, orange, gréng, mof oder soss eng Faarf ass. Ech wëll der ganzer Ekipp, déi um Projet schafft, e grousse Merci fir hiert Engagement ausschwätzen. Obwuel et heiansdo net esou virugeet wéi erwënscht, schaffe si mat grousser Motivatioun weider.

Wann Dir de Budget duerchkuckt, gesitt Dir de Libellé NetZeroCities a villen Artikelen. Mir hunn all Kategorie mat engem Budgetsartikel affektéiert, fir eng gewëssen Transparenz herno vis-à-vis vun der EU ze hunn.

Insgesamt hu mir fir eis Projeten an Etüde fir d'nächst Joer ee Budget vu 670.000 Euro virgesinn.

Ech wäert elo kleng Projeten hei ernimmen, wann ech alles misst opzielen, dann hätte mer eelef Auer.

Am Kader vun den Energiespuermoossnamen hu mer e puer konkreet Projeten, sief dat zum Beispill an de Quartiere Renovatiounsprojeten, an Zesummenaarbecht mat SUDenergie, wou Wärmepompele kéinten agesat ginn oder de BHKW zu Uewerkuer duerch alternativ Energiequellen, wéi zum Beispill Geothermie, ze ersetzen.

Et lafe Gespréicher mat Enovos fir eng Agrophotovoltaik vun ongeféier zwee Megawatt peak op eisen Terrainen a Frankräich ze installéieren.

An der Gestioun vun eisem Offall kucke mer, fir eise Fuerpark, eis Touren ze optimiséieren, d'Elektrifizéierung an d'Digitaliséierung ze erhéijen, wéi och mat intelligente Schleisen ze schaffen. Mam Holzoffall a mat de Beem, déi an de Bëscher leien an net genotzt ginn, wëlle mer eng kleng Pelletsproduktioun op d'Bee stellen, fir eis Awunner, wéi beim Brennholz, mat Pellets ze beliwweren.

Am Urbanismus lafe Gespréicher fir een innovativen Hub mat klengen Artisanten, Entreprisen, déi an der Nohaltegkeet schaffen.

*L'année dernière, le gaz a augmenté et a fait mal à la commune. Mais ce n'est rien comparé à la hausse de l'électricité cette année. Les frais pour l'électricité sont passés de 1 million d'euros à 2,9 millions d'euros. En tout, les dépenses énergétiques grimpent de 2,3 millions d'euros à 5,65 millions d'euros. C'est une hausse de 150 %. La commune devra continuer à investir dans les énergies renouvelables. Aquasud devrait être équipée d'installations photovoltaïques tout comme le parking du Parc-des-Sports. Des travaux sont nécessaires dans le bâtiment A du 1535° pour améliorer la qualité de vie des locataires.*

*En ce qui concerne l'écologie, le service des arbres a eu du mal à arroser tous les arbres l'été dernier. C'est pourquoi un système d'arrosage automatique est nécessaire. Il sera installé dans le parc Terrain-AS et dans la trame verte.*

*Les Diffprimes jouent un rôle important en matière de Pacte climat 2.0. Le poste budgétaire a été doublé en 2023.*

*Paulo De Sousa passe au projet européen 100 climate-neutral and smart cities by 2030. Ce projet occupera les deux prochains collèges échevinaux, quelles que soient leurs couleurs. Paulo De Sousa remercie l'équipe s'occupant du projet pour son engagement. Dans le budget, de nombreux articles portent la mention net0cities. En tout, 670 000 € sont prévus.*

*Paulo De Sousa mentionne des travaux de rénovation en partenariat avec SUDenergie pour le recours de pompes à chaleur à Oberkorn. Enovos pourrait installer un dispositif agrophotovoltaïque sur le terrain de la commune en France. Dans le domaine de la gestion des déchets, les tours seront optimisés et la commune misera davantage sur l'électrification et la numérisation. Le bois mort dans les forêts sera utilisé pour la production de pellets pour les habitants. Le service urbanisme réfléchit à la création d'un hub composé d'artisans et d'entreprises durables.*

*Tous ces projets seront utiles à d'autres communes avec comme objectif que l'Union européenne*

*devienne neutre pour le climat en 2050.*
*En matière de mobilité, la Ville de Differdange misera sur les bornes à chargement rapide, car la demande croît. Mais une direction de l'Union européenne interdit à Enovos d'augmenter le nombre de ces bornes dans le pays. C'est pourquoi il faut chercher des investisseurs.*
*Paulo De Sousa précise que ces projets ne forment qu'une partie de tout ce qui est prévu dans le cadre de Net0Cities.*
*Il remercie ses services, le collège échevinal et le secrétariat pour l'élaboration du budget. Les dernières semaines ont été intéressantes.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*annonce une pause jusqu'à 10 h 25.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au compte administratif et au compte de gestion de l'exercice 2020. Le collège échevinal tiendra compte de l'avis du ministère l'année prochaine.*
*La mise à disposition de matériel informatique constitue un apport additionnel et n'est pas permise. Il faudra donc réfléchir à quoi inscrire dans la note de service l'année prochaine, car les employés ont besoin du matériel. La pandémie a d'ailleurs démontré que les employés de Differdange étaient bien équipés pour le télétravail.*
*Le ministère n'a en revanche pas d'observations concernant la gestion de l'exercice 2022. Christiane Brassel-Rausch remercie le receveur, Sven Zahles. Elle signale que monsieur Hobscheit a donné procuration à monsieur Altmeisch.*
*(Votes)*

Déi Projeten, déi mir hei entwéckelen, sollen herno och op aner Gemengen iwwergoen, soudatt d'EU-Zil vu Klimaneutralitéit 2050 erreecht ka ginn.

An der Mobilitéit wäerte mer ënner anerem op schnellluedend Bornë setzen, fir der Demande, déi ëmmer méi séier wiisst, gerecht ze ginn. Wéinst enger EU-Direktiv däerf Enovos d'Unzuel vun de Bornen am Land net erweideren. Dofir siche mir Investoren, déi Bornen an der Gemeng installéieren.

Dat si mol e puer Projeten, déi mir fir d'nächst Joer am Kader vun NetZeroCities hunn. Dir gesitt, dass dës Projete vill Zäit a vill Engagement fuerderen.

Als Konklusioun wëll ech all menge Servicer, wéi och de Schäfferotskolleegen an dem Sekretariat, e grousse Merci soen, fir d'Begleedung an d'Opstelle vu mengem éischte Budget. Et ware ganz intensiv, awer och ganz interessant Wochen. Ech sinn der Meenung, datt sech d'Resultat, wat mir Iech hei presentéiert hunn, weise léisst. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här De Sousa. Fir Iech war dat jo och eng Erausfuerderung. Ech denken, eis Kolleegen hu lo laang nogelauschtert an hu sech elo eng kleng Paus verdéngt. Et ass 10.13 Auer. Wa mer 10.25 Auer erëm géifen ufänken, wier ech frou.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, no der Budgetspresentatioun komme mer elo zum Punkt 2). Do geet et ëm zwee Punkten, d'Comptes administratifs an d'Gestion vum Exercice 2022.

Dir hutt Notte virleie vum Ministère iwwer d'Comptes administratifs an iwwer d'Informatik. Mir hunn dat als Gemeng zur Kenntnis geholl. Mir wäerten déi Remark d'nächst Joer op de Leescht huelen. An der Note de service steet, dass d'Informatiksmaterial, wat de Leit zur Verfügung gestallt gëtt, datt dat en Apport en plus wär, awer mir hätten d'Recht net, dat ze maachen. Mir wäerten d'nächst Joer driwwer bestëmmen, wat mer als Note de service do erausginn, wéi mer mat deem Informatiksmaterial ëmginn.

Well et muss een awer soen, dass d'Leit se brauchen. Et bleift ervirzehiewe ganz kloer, dass wéi d'Pandemie ausgebrach ass – dat schéngt elo immens laang hier ze sinn –, an doduerch, dass mir proaktiv waren an eis Servicer gutt ausgestatt ware mat informateschem Material, ware mir a sech gutt opgestallt, fir d'Erausfuerderung vum Teletravail unzegoen. Dat wëll ech awer ganz kloer hei ervirhiewen.

Iwwer d'Gestion de l'exercice 2020 si keng Observatioune vu Säite vum Ministère. Ech géif eisem Receveur, dem Sven Zahles, vun dëser Plaz aus e ganz grousse Merci soen fir seng consciencieuse Aarbecht.

Un Iech ass elo d'Fro: Wëllt Der dat zesummen ofstëmmen oder eenzel? Da maache mer zwee Votten.

Gëtt et Wuertmeldungen? Et gëtt keng Wuertmeldung, da komme mer zum éischte Vott, d'Comptes administratifs.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver le compte administratif de l'exercice 2020.*

Entschëllegt, ech hat vergiess ze erwänen, dass den Här Altmeisch eng Prokuratioun huet fir den Här Hobscheit. Dat heescht, Här Altmeisch, Dir stëmmt allkéiers zweemol of. Merci.

Da komme mer zum Vott iwwert d'Gestion de l'exercice 2020.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Also de Compte vum Receveur wuelverstanen!

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le compte de gestion de l'exercice 2020.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Fir de Punkt 3, e PAP zu Uewerkuer op Rue Prommenschenkel, géif ech dem Här De Sousa d'Wuert ginn, fir eis deen Dossier virzestellen. Villmools merci.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, et handelt sech hei ëm de PAP an der Rue Prommenschenkel vis-à-vis vun der Uewerkuerer Kierch, an enger Zone MIX-u. Als Definitioun: Eng Zone MIX-u ëmfaasst Uertschaften oder Deeler vun Uertschafte mat engem urbane Charakter. Et ass exklusiv geduecht fir Wunnengen, kommerziell Aktivitéiten, deenen hir Verkafsfläch op 2.000 Quadratmeter pro Gebai limitéiert ass, Fräizäitaktivitéiten oder nach administrativ a berufflech Servicer.

Fir all PAP nouveau quartier däerf e Mindestundeel vun der bebaute Bruttofläch fir Wunneng reservéiert ginn, net manner wéi 25 % sinn. Dat ass d'Definitioun vun enger Zone MIX-u.

Bei dësem PAP ginn insgesamt 30 Logementer an dräi Louse fir bedierfteg Jugendlecher bis zum Alter vu 27 Joer geschafen, déi meeschtens am Ufank vun hirer Beruffskarriär Schwieregkeeten hunn, eng Wunneng ze fannen. Maître d'ouvrage ass hei SopiConcept, déi vun der Oeuvre paroissiale vun Uewerkuer beoptraagt gëtt, fir dëse Projet auszeschaffen.

D'Oeuvre huet scho mam Staat eng Konventioun iwwer 40 Joer ënnerschriwwen, fir dës encadréiert Logementer ze subventionéieren.

Et ass och schonn e Bedreiwer fonnt gi fir d'Encadrement, Solina, déi schonn hir Zoustëmmung ginn huet, déi Jonk wärend 20 Joer hei um Site ze betreien. Dës Konventioun ass duerno renouvelable.

De Mangel u Wunnengen um Maart beaflosst besonnesch déi Vulnerabelst. Dovunner sinn definitiv och déi Jonk betraff, dat gesi mer mat eisem Projet am Quartier Arboria, wou ronn 40 Jonker ënnerbruecht goufen. Och bei eise Gemengewunnengen hu mir bei der Verdeelung un déi Jonk geduecht, soudatt och si d'Méiglechkeet kréien, bei der Penurie um Logementsmaart eng adequat Wunneng ze fannen.

Elo zum PAP. Mir hu bei dësem PAP immens vill derogéiert, ënner anerem fir méi dicht ze bauen, well de sozialen Aspekt bei dësem Projet immens wichteg ass. Dës Derogatioun gouf am Avis vun der Cellule d'évaluation vum Inneministère ernimmt. De Rapport vun der Cellule weist ganz kloer, datt den initiale Projet guer net gutt war, sief dat, datt de Projet net an de Kontext vun de Gebaier ronderëm gepasst huet, sief et d'Adaptatioune vun de verschiddene Bauvolume vun de verschiddene Gebaier.

All déi Punkte fannt Dir am Dossier, op déi ech net explizitt aginn.

De Büro, dee sech mat dësem Projet befaasst huet, huet all deene Remarken a Beanstandunge vun der Cellule zu 100 % Rechnung gedroen, soudatt fir eis deen neie Projet mam sozialen Aspekt ze vertrieden ass.

Een Zweiwel vun der Cellule war de sozialen Aspekt vum Projet, dee si an hirem Avis a Fro gestallt hunn. Doropshin huet de Büro d'Konventioun mam Staat ernimmt, an datt schonn een Encadrement virgesinn ass.

Wéi gesot, hei entstinn op dräi Gebaier 30 Logementer an dräi Lousen. Am Lot 1, bestoend aus véier Bléck, sinn insgesamt zwielef Logementer virgesinn. Dat bestoend Eckhaus bleift integral konservéiert, ronderëm ginn déi aner Bléck gebaut. Dat gëtt och dat héchste Gebai, mat engem Sous-sol, engem Rez-de-chaussée an zwee Stäck. Déi zwee aner Lote si weesentlech méi kleng, wéi et vun der Cellule gefuerdert gouf. Hei entstinn zéng respektiv aacht Logementer fir d'Jugendlecher.

Insgesamt op enger Fläch vu ronn 2.400 Quadratmeter entstinn déi 30 Wunnengen.

Wat déi verschidde Koeffizienter CSS, COS, CUS an den Degré de logement uginn, ass de Maximum ausgeschëpft ginn, wat eise PAG eeben erlaabt. Do

*Christiane Brassel-Rausch passe à un PAP dans la rue Prommenschenkel.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *précise que le PAP est situé en face de l'église d'Oberkorn dans une zone Mix-u.*
*Ces zones regroupent des localités à caractère urbain et accueillent des appartements, des activités commerciales de 2000 m2 par bâtiment au maximum, des activités de loisirs et des services. La surface brute pour les habitations ne peut pas être inférieure à 25 %.*
*Le PAP dont il est question aujourd'hui prévoit 30 logements et 3 lots destinés à des jeunes de moins de 27 ans commençant leurs carrières professionnelles et ayant du mal à trouver un logement. Le maitre d'ouvrage est SopiConcept, qui a été chargé de réaliser le projet par l'Œuvre paroissiale d'Oberkorn. L'Œuvre a une convention avec l'État depuis plus de quarante ans. L'encadrement des jeunes sera assuré par Solina pendant vingt ans. Les jeunes sont particulièrement vulnérables au manque de logements. Quarante jeunes habitent à Arboria et d'autres, dans des appartements de la commune.*
*Une des dérogations du projet concerne la densité de construction, car il s'agit d'un projet social. Le rapport de la Cellule d'évaluation du ministère de l'Intérieur a fortement critiqué le projet initial. Son avis figure dans le dossier des conseillers communaux.*
*Toutes les remarques de la Cellule ont été appliquées à 100 %.*
*La Cellule a également remis en question d'aspect social du projet. Mais une convention a déjà été signée par l'État et un encadrement des jeunes est prévu.*
*Le projet se compose de trente appartements dans trois résidences sur trois lots. Le premier lot de 4 blocs comprend 12 logements. La maison faisant le coin est préservée. Il s'agit de la résidence la plus haute avec un sous-sol, un rez-de-chaussée et deux étages. Les deux autres lots sont plus petits et comprennent huit et dix logements. La surface totale se monte à 2400 m2.*

*Le CSS, COS et le CSU correspondent à ce qui est fixé dans le PAG.*
*Paulo De Sousa ne veut pas entrer dans tous les détails concernant les différents bâtiments. C'est le volet social qui importe. Les écologistes soutiennent le projet.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale que ce projet se trouve dans une zone mixte urbaine avec un nouveau quartier superposé jouxtant un secteur protégé.*
*Le projet prévoit trois lots de 14,18 a. Le lot 1 fait 6,11 a et comprend 12 logements. Le lot se trouve au coin de la rue Prommenschenkel et de la route de Belvaux. Deux maisons devant être restaurées se trouvent sur ce site, en face de l'église d'Oberkorn.*
*Le lot 2 dans la rue Prommenschenkel fait 4,46 a. Le nouveau bâtiment a une longueur de 20,45 m et une profondeur de 13,60 m. Il se compose d'un sous-sol et de trois étages et il accueillera 10 appartements pour les jeunes.*
*Le lot 3 constitue un bâtiment séparé dans la rue Prommenschenkel. Il fait 3,59 a. La résidence a une longueur de 11,60 m et une profondeur de 15 m. Elle accueillera huit appartements pour les jeunes.*
*En tout, le projet prévoit 30 logements pour jeunes.*
*Pour ce qui est des places de stationnement, le règlement des bâtisses actuel sera appliqué. Cela représente une place de stationnement pour dix logements pour jeunes et au minimum une place par appartement. Il faudra donc prévoir trois à quatre emplacements.*
*Les remarques de la Cellule d'évaluation ont été reprises dans le projet. Une des remarques concernait la densité du projet comprenant 211,6 unités de logement par hectare. Mais elle doit être nuancée. Les logements encadrés pour les jeunes de moins de 27 ans sont par définition plus petits.*
*L'encadrement sera assuré par l'association Solidarité jeunes de la Fondation Solina. Un bail de vingt ans pouvant être reconduit a été signé.*
*Le Parti socialiste approuvera le PAP de la rue Prommenschenkel.*

gesäit een, datt all Quadratmeter immens vill Wäert huet.

Ech ginn net weider an den Detail, wéi héich all eenzele Block ass, wéi vill Quadratmeter all eenzelt Gebai huet a sou weider. Eis ass an dësem Projet de sozialen Aspekt immens wichteg. De Besoin vu solche Wunnengen nozekommen. Soudatt mir dëse Projet matënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot an och zoustännege Schäffen. Wéi mer héieren hunn, laut eisem neie PAG, handelt et sech bei dësem Projet ëm eng Zone mixte urbaine mat iwwergelagertem PAP nouveau quartier. Dat Ganzt an engem ugrenzende Secteur protégé, wéi erwäänt gëtt hei vun der Cellule d'évaluation.

De Projet selwer gesäit dräi Lote vir, déi iwwer e Morcellement vun zwou Kadasterparzellen ze realiséiere sinn, mat am Ganze 14 Ar an 18 Zentiar.

Ech ginn op déi dräi Loten an, wat fir eng Bausubstanz dohi soll kommen. Am Lot 1, dee 6,11 Ar huet, sinn zwielef Logementer geplangt. Et handelt sech ëm de Lot um Eck tëschent der Rue Prommenschenkel an der Route de Belvaux geleeën.

De Lot begräift dat aktuellt sougenannte Veräinshaus, dat soll am Fong restauréiert ginn, an en neien Ubau un dëst Haus an der Route de Belvaux, Säit Bieles, a Form vun engem ugepasste Gabarit. Gradesou wéi dat klengt Haus, dat hanner dem Veräinshaus an der Rue Prommenschenkel geleeën ass, an eebenfalls restauréiert gëtt. E sougenannt Verbindungselement soll dëst Gebai un déi zwee éischt genannten ubannen. Dat Ganzt geleeë vis-à-vis vun der Uewerkuerer Kierch. An der Partie écrite vum PAG ginn dës Volumen als Block A, B, C an D bezeechent.

Am Lot 2 an der Rue Prommenschenkel vu 4,46 Ar ass en neit Gebai geplangt vun 20,45 Meter Stroossefront an 13,60 Meter Déift, bestoend aus engem Sous-sol, dräi Stäck héich an en Daach. An dësem Gebai sinn zéng Logementer fir Jugendlecher virgesinn.

De Lot 3, e separat Gebai, eebefalls an der Rue Prommenschenkel, 3,59 Ar, och en neit Gebai vun 11,60 Meter Stroossefront a 15 Meter Déift, wou aacht Logementer fir Jugendlecher sollen hikommen. Dëst Gebai kritt e Sous-sol, zwee Stäck plus e Retrait.

Am Ganze gesäit de Projet 30 Logementer vir, dovun 29 Logementer fir Jugendlecher an eng Appartementswunneng.

Wat d'Parkgeleeënheeten ubelaangt an déi aner Exekutiounsbestëmmunge vum Projet, sou ass dat aktuellt Bautereglement ze applizéieren.

Fir Parkplaze sinn dat een Emplacement pro zéng Logementer pour jeunes an op d'mannst ee fir en Appartement, dat heescht, dat hänkt jo vun der Surface of vun deem Appartement, soudass mer minimum dräi Parkgeleeënheete mussen hunn a souguer vläicht véier, well dat net kloer definéiert ass. Bon, ech géif soen, dräi misste mer der hunn.

Zu den allgemenge Bemierkungen: D'Remarken am Avis vun der Cellule d'évaluation sinn zum groussen Deel an de Projet iwwerholl ginn, wéi mer am Avis vum Service Développement urbain feststellen.

Wat d'Remark vun der grousser Densitéit vum Projet ubelaangt, 211,6 Unitéiten de Logement pro Hektar, sou ass dëst ze relativéieren, well et sech jo ëm e Projet handelt, fir Logement encadré fir Jugendlecher bis 27 Joer unzebidden, wat par définition méi kleng Wunnenge sinn.

De Projet Jugendwunnenge gëtt betreit vu Solina solidarité jeunes, wou e Bail vun 20 Joer Lafzäit ënnerschriwwen ass, mat enger Méiglechkeet, fir weider 20 Joer ze verlängeren.

D'LSAP stëmmt de PAP an der Rue Prommenschenkel a fënnt dëse Projet eng gutt Initiativ, vu dass jo nach ëmmer net genuch Logementer fir Jugendlecher zur Verfügung stinn. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Léif Kolleegen aus dem Gemengerot, mir als Gréng wäerten dëse Projet ënnerstëtzen. Ech ginn net op déi technesch Detailer an, déi si gutt erkläert ginn. Et ass richteg, dass mer zu Déifferdeng weider Logementer kreéiere fir Jonker, a speziell fir Jonker, déi an engem Encadrement sinn. Déi also um éischte Schratt sinn, fir autonom ze ginn an an där éischter Zäit eeben do nach encadréiert ginn.

Mir begréissen déi Plaz. Et gëtt effektiv dicht bebaut, mee wéi scho gesot ginn ass, dat erkläert sech doduerch, dass et sech hei ëm Wunnenge fir Jonker handelt.

Ganz staark begréisse mer, dass den Dossier e Richtungswiessel geholl huet. Deen éischten Dossier, wéi dat ausgesinn huet, huet no dem Avis vun der Cellule eng aner Nues kritt. Do sinn eng ganz Partie urbanistesch Upassunge gemaach ginn, déi deem Quartier Rechnung droen a besser an de Quartier integréiert sinn, wéi dat bei der éischter Versioun de Fall war.

Mir kënnen dëse Projet, elo wéi en hei ass, urbanistesch op jidde Fall zoustëmmen.

Am Avis vun der Cellule steet, mat Recht, dass se drop hiweisen, dass eng Gemeng, wa se fir Jonker eppes baut, keng Garantien huet. An och keen Impakt dorobber huet, wat mat deene Wunnenge kéint geschéien, wa se bis stinn. Duerfir si mer immens frou, dass mer d'Konventioun scho mol virleien hunn, déi si selwer gemaach hu mam Ministère. Dat ass eng wichteg schrëftlech Pièce, wou mer wëssen, dass et also an déi heite Richtung geet an och fir laang Joren esou wäert bleiwen.

Mir sinn och ganz frou ze héieren, dass mat Solina eng Konventioun ënnerschriwwe ginn ass fir d'Exploitatioun, déi sech dann ëm déi Jonk këmmeren, d'Encadrement garantéieren. Soudass mer déi Garantien, déi d'Cellule freet, haut um Dësch leien hunn a mat guddem Gewësse kënne soen, dass déi Wunnenge fir dat gebaut ginn an och fir dat genotzt ginn, fir dat se geduecht sinn.

Mir stëmmen dësem PAP jiddefalls zou. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci alleguerten. Ech si séier fäerdeg. Nodeems den éischte Projet net esou glécklech war, a gekuckt ginn ass mat eisen zoustännege Leit op der Gemeng, dee Projet esou ze iwwerschaffen, dass en elo passt, si mir frou, dass hei op dëser Plaz 30 Wunnenge fir déi jonk Leit gebaut ginn an herno och esou wäerte genotzt ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Meng Virriedner hunn et gesot, et ass en absolutt begréissenswäerte Projet. Am Logement haakt et ëmmer bei deene Leit, soen ech elo, déi e bëssen aus der Norm falen. Dat si ganz oft Jonker, déi an d'Beruffsliewe starten oder en Accident de la vie haten a kee Wunnraum méi hunn. Dann ass et genial, dass mer op de Wee ginn, fir weidere Wunnraum fir jonk Erwuessener ze schafen.

*Differdange manque actuellement de logements pour les jeunes.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *annonce que les écologistes soutiennent aussi le projet.*
*Les détails techniques ont bien été expliqués de sorte qu'il ne reviendra pas dessus. En tout cas, il est important de créer de nouveaux logements encadrés pour les jeunes.*
*Georges Liesch salue l'emplacement choisi. La construction est dense, mais il s'agit d'appartements pour jeunes.*
*Le projet a été amélioré à la suite de l'avis de la Cellule. Les modifications urbanistiques permettent d'intégrer les résidences dans le quartier. C'est pourquoi les écologistes peuvent approuver le projet.*
*La Cellule constate qu'une commune n'a généralement pas de garanties quand elle construit des logements pour jeunes et qu'elle ne sait pas non plus ce qui va arriver des appartements. Or, dans ce cas-ci, la convention a déjà été signée. La Commune sait donc dans quelle direction se dirige le projet et que celui-ci est prévu sur le long terme.*
*Georges Liesch se dit content que l'encadrement soit assuré par la Fondation Solina. Les garanties demandées par la Cellule sont donc là.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *signale que le projet a été retravaillé. Désormais, il est adapté à l'environnement. Les chrétiens sociaux sont contents que trente logements pour jeunes soient construits.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *salue à son tour le projet.*
*Les problèmes de logement se posent souvent chez ceux qui sortent un peu de la norme. Souvent, ce sont des jeunes qui commencent leurs carrières professionnelles ou qui ont eu des accidents de parcours. C'est pourquoi il est extraordinaire que la Ville de Differdange construise des appartements pour eux.*

*Eric Weirich est content que le Collège échevinal ait tenu compte des remarques de la Cellule.*
*En revanche, ce qui l'a surpris, c'est que pour une fois, la Cellule ait demandé de construire de manière moins dense. Le PAP prévoit une densité maximale, ce que le conseiller communal salue expressément.*
*Déi Lénk approuvera le projet.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à monsieur Mangen pour le budget de l'office social.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique qu'en 2021, l'office social comptait 1946 clients. Cette année, le nombre est passé à 2078, ce qui représente une augmentation de 132 personnes. Le nombre d'entretiens s'élevait à 5598 en 2021 et 5508 en 2022. En revanche, les prestations passent de 6473 à 7037.*
*L'office social est financé par le ministère de la famille et la commune à hauteur de 1 089 000 € chacun. Il s'agit d'une augmentation de 438 000 € par rapport à l'année dernière. Toutefois, les dépenses liées à l'aide aux bénéficiaires n'ont pas augmenté. L'argent supplémentaire a servi à financer le personnel, qui a été renforcé par deux tâches et demie pour l'assistance sociale et d'une tache et demie pour le volet administratif. En tout, l'office social compte désormais 16 employés, si l'on inclut le personnel de l'ARIS. Differdange en a besoin, mais il n'est pas toujours évident de trouver les locaux adéquats.*
*Le personnel de l'ARIS est financé intégralement par le ministère de la Famille.*
*Parmi les aides financières versées par l'office social figurent les avances. L'office social règle certaines factures comme le loyer et le client rembourse la somme à travers de petits montants chaque mois.*
*La gestion constitue la deuxième forme d'aide. Elle vise à soutenir les personnes ayant des revenus, mais n'étant pas capable de gérer leur argent. Une assistante sociale doit s'en charger. Quarante-cinq*

Ech si frou, dass dem Avis vun der Cellule gréisstendeels Rechnung gedroe gouf, dat heescht mat der Garantie oder Lettre d'intention vum futur exploitant mat der Konventioun mam Staat, wou d'Wunnenge sécher op 40 Joer garantéiert an eisem Besëtz, an ëffentlecher Hand bleiwen.

Eng Saach, déi mech iwwerrascht huet vun der Cellule, normalerweis fuerdere si eis op, méi dicht ze bauen an d'Bauland beschtméiglech ze notzen. Dës Kéier ass et anescht. Wou ech emol eng Kéier net mam Avis vun der Cellule averstane sinn. De PAP gesäit vir, den absolutte Maximum dorobber ze bauen, wat ech absolutt begréissenswäert fannen, dass mer dat bäibehalen hunn.

Dat gesot, stëmmen ech dat heite gäre mat fir déi Lénk. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et gëtt keng weider Wuertmeldung méi, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le projet d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Oberkorn, au lieudit rue Prommenschenkel présenté par le collège échevinal pour le compte de la société* Sopi-Concept SA.

Well haut den Dag vun de Budgeten ass, souwuel rectifié wéi initial, géif ech d'Wuert dem Här Robert Mangen ginn, fir eis iwwert de Budget vum Office social ze schwätzen.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Direkt am Ufank e puer Zuelen als Verglach zu de Joren 2020, 2021 an 2022. D'lescht Joer hate mir am Office social 1.946 Clienten. Dëst Joer si mer schonn op 2.078. Dat ass e Plus vun 132 Leit.

Gespréicher gouf et der 5.598 2021 an dëst Joer 5.508, e liichte Minus bis elo. Par contre d'Prestatioune klamme vun 6.473 2021 op bis elo 7.037, e Plus vu 564. Heizou gehéieren all d'Hëllefen, déi am virleiende Budget beschriwwe sinn.

Déi finanziell Hëllef, fir d'Funktionement vum Office social ze decken, läit bei 2,178 Milliounen Euro, déi sech de Ministère de la Famille an d'Gemeng deelen. Fir ons Gemeng mécht dat eng Zomm vun 1.089.000 Euro. Am Verglach sinn dat ongeféier 438.000 Euro méi un Ausgabe wéi d'Joer virdrun.

Mee opgepasst, wann Dir de Budget richteg gelies hutt, sinn déi eigentlech Poste vun der Hëllef un d'Beneficiairen, dat heescht Gestioun, Secoursen an Avancen, gläich bliwwe mat deem Budget vum virege Joer.

Déi 430.000 Euro ginn integral genotzt, fir dat weidert Personal ze bezuelen, wat d'Gesetz dëst Joer dem Office social zousprécht. Dat heescht fir ons Gemeng ee Plus vun zwee an hallwe Poste vun Assistante sociale an 1,5 Poste méi fir den administrativen Deel.

Mat deene jëtzege fënnef Assistante-sociallen an dräi administrative Leit erhéicht sech d'Mannschaft vum Office social op 16 Persounen, wann ech nach déi fënnef Leit vum ARIS dobäi rechnen.

Déi Leit gi sécherlech an onser Gemeng gebraucht, mee et ass awer och eng Erausfuerderung, fir adequat Raimlechkeeten ze fannen, fir se ënnerzebréngen.

Just zur Erënnerung: D'Personal vum ARIS gëtt integral vum Ministère de la Famille bezuelt.

Ech gi kuerz op déi dräi finanziell Hëllefen an, déi den Office social geréiert. Fir d'éischt zu den Avancen. Hei bezilt den Office social dem Client seng Leeschtungen, zum Beispill Loyer, an de Client bezilt iwwer Méint mat engem klenge Montant dës Hëllef zréck. Hei si 535.000 Euro virgesi fir dat nächst Joer.

D'Gestioun fir Leit, déi e Revenu hunn, awer net mat hirem Geld eens ginn am alldeegleche Liewen. Do hëlleft hinnen eng Assistante sociale, hir Ausgaben an der Gitt ze halen.

Am Moment hu mer ongeféier 45 Leit, déi an esou enger Gestioun sinn. Dat mécht e finanzielle Volumen aus vun 980.000 Euro. Dat si Suen, déi erakommen an erëm eraus ginn. Dat beaflosst d'Funktionement vum Office social deemno net wierklech.

Par contre d'Secoursen, bei dëser Form vu finanzieller Ënnerstëtzung bezilt den Office social Rechnunge vun hire Clienten, déi déi net méi mussen zréckbezuelen. Hei si fir 2023 684.000 Euro virgesinn.

Wéi all Joer hunn ech mer d'Méi gemaach, fir den Tiercé vun de Secoursen zesummenzerechnen. Dee bleift onverännert am Verglach zum leschte Joer. Mir gi fir de medezinesche Beräich, dat heescht d'Dokteschrechnungen, d'Apdikter, d'Ambulanzen, d'Tiers payant a Spidol 241.000 Euro aus.

Fir Iesse kréien d'Leit Bonge fir an d'Épicerie sociale. Dat sinn 150.000 Euro. A fir Logement 60.000 Euro. Dës dräi Poste maache 65 % vun de Secoursen aus. A sech ass dat en Däiwelskrees, ouni Gesondheet, ouni Iessen an ouni Wunneng kann een net vernënfteg Liewen a sech och schwéier an onser Gesellschaft integréieren.

Mat dësem Background muss een e bësse betruechten, d'Iessen an der Schoul ass scho sënnvoll, dat ass heiansdo déi eenzeg Méiglechkeet fir Kanner, eng waarm Moolzecht am Dag kréien. Den Tiers payant généralisé ass sécherlech am medezinesche Beräich eng Léisung, deen ee kéint a Betruecht zéien. D'Kreatioun vun abordabelem Wunnengsraum muss ee sécherlech hei och fuerderen.

D'nächst Joer si Walen, dat hei sinn dräi Punkten, déi ee vläicht misst nei betruechten.

Zum Schluss eng positiv Nouvelle: Wéi all Joer kritt den Office social vun der Oeuvre Grand-Duchesse Charlotte e gewëssene Montant vun der Lotterie nationale zougesprach, dat si fir d'nächst Joer 350.000 Euro. Dës Hëllef gëtt gebraucht, fir de Service vum Streetwork vu Caritas dat kommend Joer ze bezuelen.

De Streetwork-Projet war jo a sech als eng Testphas fir zwee Joer geduecht. Dat zweet Joer leeft elo un. Um Schluss vun dëser Period wäerte mer dann e Bilan maachen a kucken, wéi an ob mer mam Projet weiderfueren.

Mir bleift, der ganzer Ekipp vum Office social an der Ekipp vun den ARIS esouwéi dem Conseil d'administration Merci ze soe fir hiren Asaz am Déngscht vun deene Bedierftegen an onser Gemeng. Ech wënschen hinnen an och deem jëtzegen oder vläicht deem kommende Schäfferot eng glécklech Hand, fir adequat Raimlechkeeten ze fannen, fir dass dëst Engagement oder dës engagéiert Persounen e vernënftegt Aarbechtsëmfeld kréien. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Moien alleguer. Dat meescht gouf gesot. Merci un alleguerten d'Leit a fir den iwwersiichtleche Budget. Déi Gréng stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen – déi Häre vun der Press si fort. Zum Budget rectifié 2022 an initial vum Office social Déifferdeng. Am Budget rectifié ware keng grouss Adaptatiounen néideg. D'Unzuel vun den Demandë sinn zwar geklommen, wéi den Här Mangen gesot huet, an awer ass net méi ausbezuelt ginn.

Mir begréissen d'Ënnerstëtzung vum Staat an der Gemeng duerch eemoleg Energieprimmen, déi erhéicht gi sinn souwéi d'Allocation de vie chère an

*personnes sont dans ce cas. La somme gérée se monte à 980 000 €. Le secours permet à l'office social de payer des factures que les bénéficiaires n'ont pas besoin de rembourser. Le montant de l'aide se chiffre à 684 000 €. L'office social dépense 241 000 € pour les soins médicaux, 150 000 € pour l'alimentation et 60 000 € pour le logement. Ces trois postes représentent 65 % du secours.*
*Robert Mangen souligne l'importance de l'alimentation à l'école. Souvent, c'est le seul moyen pour les enfants de manger comme il faut une fois par jour. Pour le reste, Robert Mangen mentionne le tiers payant généralisé et la création de logements abordables. Il faudrait en tenir compte en vue des élections de l'année prochaine.*
*Comme tous les ans, l'office social touche une subvention de l'Œuvre Grande-Duchesse Charlotte, qui s'élève cette fois-ci à 350 000 €. Elle servira à financer le projet d'éducation de rue de Caritas. Ce projet entame sa deuxième année. Ensuite, la commune tirera un bilan.*
*Robert Mangen remercie toute l'équipe de l'Office social, de son conseil d'administration et de l'ARIS. Il souhaite bonne chance au prochain collège échevinal, qui devra trouver des locaux adéquats pour que les employés de l'Office social puissent travailler dans de bonnes conditions.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *remercie les personnes concernées pour ce budget transparent. Les écologistes l'approuveront.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que le budget de l'Office social n'a pas nécessité de gros changements. Même si les demandes ont augmenté, les dépenses sont restées stables. Elle remercie la commune et l'État pour les primes énergétiques, l'allocation de vie chère et l'allocation de solidarité.*
*Christiane Saeul estime qu'il faudra se montrer prudents compte tenu de l'inflation. Le prix de l'énergie continuera de grimper. Par rapport à 2020, la clientèle de l'épicerie sociale a augmenté de 27 %.*

*Comme les demandes vont augmenter au cours des prochains mois, le ministère de la Famille a décidé de renforcer le personnel de l'ordre de 50 %. Cela représente une assistante sociale et demie et deux personnes et demie pour l'administration.*
*La dotation de l'Œuvre Grande-Duchesse Charlotte s'élève à 450 000 € pour 2023. Cet argent servira à financer des projets sociaux et notamment le projet d'éducation de rue.*
*Christiane Saeul remercie l'équipe de l'Office social, son conseil d'administration et l'équipe de l'ARIS, qui s'engagent quotidiennement pour le bien des plus vulnérables.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *annonce que le CSV approuvera le budget de l'Office social.*
*Le volume augmente de 10 %. Davantage de personnel sera recruté. Monsieur Mangen a donné tous les chiffres.*
*Disposer de suffisamment de personnel permet à l'Office social d'accorder assez de temps à tous les clients et d'offrir des services de qualité. Bien entendu, il faut aussi des locaux adéquats.*
*Les recettes sont constituées de la participation de la commune et du ministère de la Famille. Cette participation augmente de 25 %.*
*Les aides directes avaient augmenté en 2022 et restent stables en 2023. Si l'Office social devait constater en cours d'année que les fonds sont insuffisants, ils seront bien entendu adaptés.*
*Le CSV remercie tous ceux travaillant dans le domaine social. Ils réalisent un travail important pour la commune et ses citoyens.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *regrette que nous vivions dans un pays riche avec de plus en plus de pauvres.*

d'Allocation de solidarité. Natierlech sollten déi och zu deem richtegen Zweck verwennt ginn.

De Budget 2023 bleift am Ordinären an der Linn vum Budget 2022.

Trotz allem heescht et virsiichteg bleiwen, vu d'Präisdeierecht, déi amgaangen ass. D'Energiekäschte wäerte weider klammen, mir hunn dat scho gemierkt. Am Moment huet d'Épicerie sociale hei zu Déifferdeng am Vergläich zu 2020 schonn e Plus vu 27 % Clienten. Dat ass immens vill.

Vu dass festgestallt gouf, dass wuel an deenen nächste Méint méi Demanden an den Office social komme wäerten an déi ze veraarbechte sinn, huet de Ministère de la Famille decidéiert, de Personalschlëssel ëm 50 % ze erhéijen. Dat heescht et kënnt 50 % Personnel administratif bäi, dat sinn annerhallef Persoun hallefdaags, a 50 % Assistants sociaux bäi, dat sinn zwou an eng hallef Persoun hallefdaags.

Positiv am Budget vum Office social bleift weiderhin d'Dotatioun vun der Loterie Nationale mat der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Notéiert fir 2023 si 450.000 Euro. Déi Sue si virgesinn, fir sozial Projeten opzebauen an ënnerstëtzen am Moment de Streetwork-Projet, deen nawell vill Succès huet.

Zum Schluss wéilt ech dem ganze Staff vum Office social, dem Conseil d'administration an der Ekipp vum ARIS e grousse Merci soe fir hir kompetent Aarbecht, déi si all Dag maachen am Sënn vum sozialen Engagement fir de Bierger, deene Vulnerabelsten an eiser Gesellschaft ënner d'Äerm ze gräifen a wënschen eis weiderhin eng gutt Zesummenaarbecht. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch, léif alleguer, no der Presentatioun vum Budget vun der Gemeng hu mer haut och de Budget vum Office social Déifferdeng virleien, dee mir als Déifferdenger CSV matstëmmen.

De Gesamtvolume geet par rapport zum virege Joer ëm ronn 10 % erop. Zu den Ausgabe kënnt weidert Personal, dat scho längstens néideg war, fir déi vill Demanden ze traitéieren. Den Här Mangen huet dëst kloer mat Zuele veranschaulecht.

Genuch Personal ass wichteg, fir ausräichend Zäit fir d'Leit an hir Uleiessen ze hunn an e gudden, uerdentlechen a virun allem wierdege Service ze garantéieren. Dozou gehéiere selbstverständlech och d'Lokalitéiten.

Bei de Recettë gëtt dëst an der Haaptsaach duerch eng Hausse vun der Participatioun a gläichem Mooss vun der Gemeng a vum Ministère assuréiert, déi jeeweileg ëm ee Véierel eropginn.

Wat d'Montante bezüglech Direkthëllefen ugeet, stinn déi am Dokument alignéiert un déi vum Rectifié vun 2022. Déi goufen am virege Joer schonn op den néidege Budgetsartikelen eropgesat.

Wéi déi Jore virdrun: Sollt sech am Laf vum Joer erausstellen, datt déi virgesinne Montanten ënner de regruppéierte Poste vun Aides aux personnes dans le besoin an Aides aux enfants net duer goen, mussen dës nodréiglech no uewen ugepasst ginn.

Ofschléissend wëlle mir als Déifferdenger CSV alle Leit Merci soen, déi an eise soziale Servicer schaffen, fir déi wichteg Aarbecht, déi si fir eis Gemeng an all eenzele leeschten. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir wunnen an engem räiche Land mat villen Aarmen a mat ëmmer méi Aarmen. Wann een déi Situatioun hei kuckt, da stellt ee

fest, dass déi Aarmut – an dat hunn ech nach all Joer gesot, an ech muss dat leider widderhuelen – verwalt gëtt, mee dass keng Léisunge fonnt ginn, fir dass et ëmmer manner Aarmer gëtt.

Mir wunnen an engem Land, wou déi amerikanesch Rating-Agenturen all Joer déi bescht Nott ginn. Mee wou dann awer zu Déifferdeng Leit liewen, an net nëmmen zu Déifferdeng, och an eisen Nopeschgemengen, déi keng Suen hu fir ze iessen oder net genuch Suen hu fir ze iessen an déi da musse gehollef kréien.

Mir wunnen an engem Land, wou d'Leit net kënnen no hirer Gesondheet kucken, wou der vill net bei den Dokter ginn, net bei den Zänndokter ginn an da wësse mer, wéi se do erëmlafen. An dann, wa se ginn, gesi mer hei nach 241.000 Euro, wou d'Gemeng dann dat bezuschusst.

Dat ass eng eenzeg Katastroph. An déi Katastroph gëtt ëmmer méi grouss. Dat ass keng Folleg vun engem Naturereegnes, mee eng Folleg vu politeschen an ekonomeschen Decisiounen, déi all Dag geholl ginn. Mat esou engem System kënne mir als Kommunistesch Partei net d'accord sinn. Dat muss an eisen Ae geännert ginn.

D'Situatioun gëtt ëmmer méi schlëmm, well insgesamt d'ekonomesch Entwécklung méi schlëmm gëtt, well d'Kris ëmmer méi grouss gëtt. Dëst Joer kënnt nach erschwéierend derbäi – dat hu mer nach net hei drastoen, mee dat kënnt elo nach derbäi –, dass ëmmer méi Leit op d'Strooss gesat ginn. Och zu Déifferdeng. An den nächste Méint wäerten hei zu Déifferdeng Leit op d'Strooss gesat ginn. Well dat Gesetz, dass et net erlaabt ass, am Wanter een op d'Strooss ze setzen, nach ëmmer net duerch d'Chamber ass. An da mussen déi Leit d'Follgen dovun droen.

Ech stëmme selbstverständlech dee Budget hei, well dat e bëssen eng Hëllef fir déi Leit ass, mee ech muss soenm ech si grondsätzlech net domat d'accord, wéi dat leeft.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Och mir als LSAP stëmme selbstverständlech dee Budget. Déi Initiativ vum Office social ass op jidde Fall an dëser Gesellschaft fir de Moment déi beschte Form, fir de Leit ze hëllefen. Den Här Mangen huet eis all d'Méiglechkeeten opgezielt. Et gëtt fir de Moment keng aner Ulafstell, obwuel mir eis alleguer géife wënschen, dass mer keen Office social méi géife brauchen. Mee leider ass dat net de Fall. A wann, da solle mer eis Hëllef esou intensiv an esou gutt wéi nëmme méiglech maachen.

Duerfir wëlle mir och vun der LSAP aus all deenen Engagéierten am Office social, sief et de Conseil d'administration an deem ganze Personal, wat do schafft, e grousse Merci soen, fir dat, wat si fir eis Populatioun maachen. Si sinn eng wichteg Ulafstell fir eis Populatioun. D'Leit brauchen Hëllef, déi brauche Gespréich, déi brauchen och Iddien, wéi se hir Situatioun besser an de Grëff kréien. A si däerfe virun allem net eleng gelooss ginn.

A wat ech nach wëll soen: Mir soen, et gëtt ëmmer méi där Leit, mir nenne se déi sozial Schwaach oder déi Mannerbemëttelt, mee dat sinn oft keng esou manner bemëttelt Leit. Mee déi Grenz gëtt ëmmer méi héich tëschent deem, wat haut gefuerdert ass, an de Besoinen, déi d'Leit hu par rapport zu deene Verdéngschter oder deene Méiglechkeete vun Einnamen, déi se hunn.

Mir schwätzen do vun der Verlagerung vun deene ganze Schichten zur Mëttelschicht hin. Ech mengen, dat si grouss Problemer. An ech ginn och dovun aus – an ech hoffen –, dass d'Politik op nationalem Plang, Här Ruckert, sech och deene Saachen unhëlt. Och wann nach villes haut net an der Rei ass. Mee ech mengen, dat ass fir eis Gesellschaft séier wichteg, dass déi Problemer do ganz seriö ugepaakt ginn.

Nach eng Kéier villmools Merci, Här Mangen, deene ganze Servicer an och

*Comme tous les ans, il doit répéter que la pauvreté est administrée, mais que l'on ne cherche pas à diminuer le nombre de pauvres. Les agences de notation financière accordent tous les ans la meilleure note au Luxembourg, mais de nombreux Differdangeois n'ont pas assez à manger et ont besoin de l'aide sociale.*
*Le Luxembourg est un pays où les gens ne peuvent aller ni chez le médecin ni chez le dentiste. Parallèlement, la commune doit verser 241 000 € à ceux qui y vont.*
*Pour Ali Ruckert, il s'agit d'une véritable catastrophe, qui ne fait qu'empirer. Mais ce n'est pas une catastrophe naturelle. Elle est due à des décisions politiques et économiques avec lesquelles les communistes ne peuvent pas être d'accord. La situation économique empire et la crise ne cesse de croitre. En plus, des gens vont être mis à la rue au Luxembourg et à Differdange, car la loi interdisant l'expulsion de personnes en hiver n'a toujours pas été approuvée par la Chambre des députés.*
*Ali Ruckert approuvera le budget, car il sert à aider un peu les gens, mais il n'est pas d'accord avec ce qui se passe.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *annonce que le LSAP approuvera le budget. Pour le moment, il n'existe pas de meilleure initiative pour soutenir les gens. Monsieur Mangen a énuméré les mesures. Tout le monde souhaiterait ne pas avoir besoin de l'Office social. Mais on en a besoin et il faut donc réaliser le meilleur travail possible.*
*Erny Muller remercie l'Office social et son conseil d'administration ainsi que le personnel. Ils sont des interlocuteurs importants pour la population. Les gens ont besoin de soutien, de conversations et de conseils pour s'en sortir.*
*Par ailleurs, on parle de gens démunis, mais ils ne sont pas aussi démunis que cela. Souvent, leurs revenus ne suffisent pas à financer leurs besoins. Il s'agit de gros problèmes. Erny Muller espère que le gouvernement s'en occupe. Mais il est évident qu'il reste du pain sur la planche.*

*Erny Muller remercie à nouveau monsieur Mangen, tous les services sociaux et l’ARIS. Cette année, il n’y a pas eu d’explosion des aides financières. Mais il est probable que les dépenses augmenteront dans les mois à venir. La commune doit aider ses habitants autant que possible.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*passe aux structures d’accueil. Actuellement, les maisons relais comptent 50 aides-auxiliaires, 24 auxiliaires de vie, 109 éducateurs diplômés et 12 éducateurs gradués. En tout, 195 personnes sont employées dans les maisons relais. Christiane Brassel-Rausch précise qu’il s’agit de la situation au 21 novembre 2022. Le personnel des cuisines n’est pas inclus dans le comptage.*
*L’organisation des crèches et maisons relais évolue quelque peu. Les adaptations figurent en jaune dans le dossier. Comme la gratuité a été introduite cet été, la commune présente l’organisation plus tard que d’habitude.*
*La maison relais Differdange-centre compte 366 inscriptions, dont 26 personnes sur la liste d’attente, Fousbann/Lasauvage 235 et 12, Oberkorn 248 et 4, Niederkorn 185 et 3, Mathendahl 129 et 4, et Woiwer 307 et 2. Au 15 novembre, cela représente 1504 enfants inscrits dans les maisons relais et 51 personnes figurent sur les listes d’attente.*
*Dans la crèche en forêt, 17 enfants sont inscrits et 15 sont sur la liste d’attente. Au Kornascht, ces chiffres se montent à 84 et 70. En tout, 101 enfants sont inscrits et 85 figurent sur les listes.*
*En additionnant les maisons relais et les crèches, 1605 enfants sont inscrits et 136 se trouvent sur les listes d’attente.*
*Sur les 1332 demandes introduites entre le 21 février et le 4 mars, 1237 ont été faites en ligne et 95 sur papier. Cela démontre que le nouveau système fonctionne. En plus, il est pratique pour les services. La commune compte poursuivre sur cette voie.*

dem ARIS, deen och eng wichteg Aufgab huet. An dann hoffe mer, mir hu jo nach keng Explosioun am Budget festgestallt, mee trotzdeem, et geet an eng extreem aner Richtung. Virun allem, wat d’Allocatiounen ubelaangt, d’Allocation de solidarité an déi aner. Ech mengen, do komme mer op héich Depensen. Wéi gesot, soulaang mer kënnen, solle mer op jidde Fall do net bremsen an de Leit esou vill wéi méiglech hëllefen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller.

Ech gesinn, et gëtt keng weider Wuertmeldung méi. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le budget rectifié 2022 et le budget initial 2023 de l’Office social de Differdange.*

Villmools merci. Da komme mer elo zu de Structures d’accueil. Mir hate virdru scho kuerz driwwer geschwat. Et geet ëm d’Organisatioun vum Schouljoer 2022. Dir hutt alles geschéckt kritt. Stand 2022: Wat d’Personal ubelaangt hu mir am Moment 50 Aide- éducateurs, 24 Auxiliaires de vie, 109 Éducateurs respektiv Éducatrices diplômées an 12 Éducateurs gradués. Dat sinn am Ganzen 195 Persounen, déi an eise Maison-relaise schaffen.

Dat ass d’Situatioun op den 21. November 2022. Dobäi ass net gezielt d’Käch an d’Kichepersonal.
Wat elo de Punkt selwer ugeet vun der Organisatioun vun eise Maison-relaisen, wéi och de Crèchen, do sinn e puer Ännerunge respektiv Adaptatioune virgeholl ginn. Déi sinn am Dossier, deen Der geschéckt kritt hutt, giel ugezeechent.

D’Zuele vun den Aschreiwunge fir 2022/2023, nom Stand vum 15. November 2022: Wéi Der wësst hu mer, opgrond vun de rezenten Adaptatiounen am Summer vum Educatiounsministère, ënner anerem wéinst der Gratuitéit vun de Maison-relaisen, eis erlaabt, e bësse méi Zäit mat der Presentatioun vun den Zuelen ze loossen.

Wat fir en Impakt hunn dës Aschreiwunge bis ewell gehat? Déi éischt Zuelen, déi mer kritt hunn no der Gratuitéit: D’Maison relais Déifferdeng Zentrum huet 366 Inscriptiounen, 26 Persounen op der Liste d’attente. Fousbann/Lasauvage 235 Inscriptiounen, zwielef Leit op der Liste d’attente. Uewerkuer 248 Inscriptioune, véier op der Liste d’attente. Nidderkuer 185 Inscriptiounen, dräi op der Liste d’attente. Mathendahl 129 Inscriptiounen, véier op der Liste d’attente. Woiwer 307 Inscriptiounen, zwou op der Liste d’attente. Bësch-Maison-relais 34 Inscriptiounen, keen op enger Liste d’attente. Wat en Total op de 15. November 2022 mécht vun 1.504 ageschriwwene Kanner an de Maison-relaisen an 51 Persounen op de Liste-d’attenten.

D’Zuelen aus de Crèchen: Am Foyer du jour Kornascht si 84 Kanner ageschriwwen, Liste d’attente: 70. Am Alter tëschent 0 bis 2 Joer waarde 64 Persounen op eng Plaz an an der Tranche d’âge vun 2 bis 4 Joer waarde fënnef Persounen op eng Plaz.

An eiser Bëschcrèche si 17 Leit ageschriwwen a 15 op enger Liste d’attente. Dat mécht op de 15. November 2022 en Total vun Aschreiwungen an eise Crèchë vun 101 Inscriptiounen a 85 Leit op de Liste-d’attenten.

Déi zwee zesummegerechent, Maisons relais a Crèchen, sinn et 1.605 Aschreiwungen an 136 Persounen op de Liste-d’attenten.

Wärend der Period vun den Inscriptioune vum 21. Februar bis de 4. Mäerz 2022 hate mer 1.332 Inscriptiounen, dovunner 1.237 online an nëmme 95 op Pabeier. Dës Zuele weisen, dass eisen neie System vun den Aschreiwunge paperless déi beléiftste Method ass an och, praktesch gesi fir eis Servicer, déi effizientsten um Niveau vun der Beaarbechtung.

Mir wäerte weider op dee Wee goen, souwuel fir d’Aschreiwunge vun der Schoul wéi fir d’Aschreiwunge vun de Maison-relaisen.

Bis November 2022 sinn 1.504 Aschreiwunge gemaach ginn an 51 Persoune sinn op der Liste d'attente. Um Niveau vun de Crèchë sinn 101 Aschreiwunge gemaach ginn. Momentan sinn op der Liste d'attente vum Kornascht 65 Kanner an déi 84 agrementéiert Plazen am Kornascht si komplett beluecht.

Och déi 17 Plaze vun eiser Bëschcrèche si besat. Hei sti 15 Kanner op der Liste d'attente.

Als klenge Resümmee géif ech festhalen, dass aktuell 2.818 Kanner an eise Schoulen ageschriwwe sinn, Stand ëmmer November 2022. Dat heescht mat den 1.504 Kanner sinn iwwer d'Hallschent vun de Schoulkanner an eise Maison-relaisen ageschriwwe ginn.

Wa mir op den Total vun all eise Strukture kucken, Maisons relais a Crèchen zesummen, sinn 1.605 Kanner ageschriwwen, wat net näischt ass.

Weider Punkten, déi an der Organisatioun geännert hunn: D'Kichen an der Maison relais Mathendahl ass am Februar opgaangen an d'Kichen am Zentrum huet zougemaach.

D'Formation continue vum Personal: Dat edukatiivt Personal, de Service nettoyage an d'Kichepersonal hunn zanter dësem Joer e Kont mat Formatiounsstonnen. Dat ass nei. D'Responsabel vun de jeeweilege Servicer kënnen domat hir Leit op Formatioune schécken, déi, wa se de Virgabe vum SNJ, also dem Service National de la Jeunesse, entspriechen, dann och kënne gratis sinn.

Ech widderhuelen et, well ech et ëmmer erëm gäre widderhuelen: Eise Projet Spodi, dat heescht de Sportsprojet a Kollaboratioun mat de Veräiner, dem Service des sports an de Maison-relaisen, ass zanter dëser Rentrée offiziell fir dat ganzt éischt Schouljoer gestart, no enger Zäit als Pilotprojet am leschte Fréijoer. Dëse Projet fënnt aktuell vill Zousproch, souwuel bei de Kanner wéi bei de Veräiner.

Nei ass vum Ministère en E-Bichelchen. Dat ass eng elektronesch Versioun vum Schoulbichelchen, wat op Pabeier war. Hei ass elo eng elektronesch Versioun, wou d'Enseignanten, d'Elteren, d'Kanner an d'Educateure kënnen draschreiwen, wat se dann als Moyen de communication tëschent de Partië solle benotzen.

Nei ass: Déi geplangte Kollaboratioun mat der Eltereschoul kann elo endlech no der Covidzäit an den Haiser starten. Virum Covid hate mer ënnerschriwwe mat der Eltereschoul, dass déi méi aktiv sollte ginn an de Maison-relaisen. Dat war iwwert de Koup gehäit ginn duerch déi Kris an de Start ass elo endlech gemaach.

Eng Persoun vun der Eltereschoul ass eemol am Mount present, fir datt d'Elteren a Kontakt mat hinnen kënne kommen a vläicht déi eng oder aner Fro, sief et wéinst der Erzéiung vun hirem Kand, ze stellen oder just Rotschléi an Tipps ze kréien.

D'Gratuitéit ass zanter dëser Rentrée nei fir eis Maison-relaisen an dat just an der Schoulzäit. Dat ass ganz wichteg ze soen. An de Vakanzen ass d'Betreiung net gratis. Do kréien d'Eltere weiderhin eng Facture, jee no Aschreiwung vun hirem Kand. Dat Ganzt ënnerläit nach ëmmer dem Chèque service, an den Tarif vum Chèque service gëtt ugewannt.

D'Theema Facturatioun bréngt mécht zum Règlement d'ordre interne, dem ROI, vun eise Maison-relaisen. Den ROI ass, wéi den Numm et seet, d'Reegele vum Haus. Dës Reegelen adresséiere sech un d'Kanner, un d'Personal vun de Strukturen, awer och un d'Elteren. Am ROI fënnt een, ënner anerem, all Informatiounen zu den Aschreiwungen, zu den Absencen, zu den Annulatiounen a virun allem och zu de Facturatiounen. Wat am Moment e Problem ass: D'Leit komme bei eis, well se geduecht hunn, si hätten de Chèque service net méi bräichten unzefroen. Dofir ass et ganz wichteg, déi Informatiounen op dëser Plaz weiderzeginn.

Et gëtt eng Ännerung an der Facturatioun vum Foyer vacances, d'Vakanzenzäiten. An der Vergaangenheet sinn d'Kanner ganz oft ze spéit ofgemellt ginn oder och guer net ofgemellt ginn. Soudatt dann ze vill Personal present war an d'Personal am Virfeld de Congé net plange konnt. Dobäi kënnt, datt fir déi Kanner och gekacht ginn ass.

*Pour résumer les chiffres, 2818 enfants sont inscrits dans les écoles en novembre 2022. Plus de la moitié fréquentent les maisons relais. En tout, 1605 enfants se trouvent soit en maison relais, soit en crèche.*
*La cuisine de la maison relais du Mathendahl a ouvert en février et celle du Centre a fermée.*
*Le personnel éducatif, le service de nettoyage et le personnel de cuisine disposent d'un compte pour les formations depuis cette année. Les responsables des services peuvent inscrire leurs collaborateurs à des formations. Celles-ci sont gratuites si elles correspondent aux conditions posées par le service national de la Jeunesse.*
*Le projet Spodi, un partenariat entre les clubs sportifs, le service des sports et les maisons relais, a officiellement été lancé à la rentrée, même si une phase de test a commencé au printemps dernier.*
*Le projet connait un beau succès auprès des enfants et des associations.*
*Parmi les nouveautés introduites par le ministère figure le carnet électronique. Il sert de moyen de communication entre les enseignants, les parents, les enfants et les éducateurs.*
*La collaboration avec le service École des Parents va être lancée. Le service sera plus actif dans les maisons relais. Une personne du service sera présente dans les maisons relais une fois par mois pour prendre contact avec les parents et répondre à leurs questions concernant l'éducation des enfants.*
*La gratuité des maisons relais a été introduite cette année, mais uniquement en période scolaire. Les parents seront facturés pendant les vacances sur la base du chèque-service.*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux Règlements d'ordre interne des maisons relais. Les règles s'adressent aux enfants, au personnel et aux parents. Y figurent par exemple des informations sur les inscriptions, les absences, les annulations ou la facturation.*
*Pour ce qui est du Foyer Vacances, de nombreux enfants ne s'y rendaient pas entrainant une présence trop importante d'éducateurs. En plus, le nombre des repas était*

*prévu. La commune a augmenté le budget pour l'alimentation de 20 % afin de servir des produits biologiques issus du commerce équitable. Il est dommage de devoir les jeter à la poubelle. Désormais, les enfants peuvent être désinscrits du Foyer Vacances au plus tard cinq semaines avant le début. Cela permet au personnel de prévoir ses congés et de lutter contre le gaspillage alimentaire.*
*Christiane Brassel-Rausch demande au conseil communal d'approuver l'organisation des structures d'accueil 2022-2023.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que la première structure d'accueil, la cantine de Differdange, a ouvert en 1988. Elle accueillait trente enfants.*
*L'année prochaine, 1637 enfants profiteront des maisons relais et 100 enfants des crèches.*
*Cent-trente-six enfants figurent sur les listes d'attente.*
*Le dossier entre dans tous les détails. On y reconnait facilement les nouveautés. François Meisch voudrait que tous les dossiers soient aussi bien préparés.*
*Les projets et les partenariats sont intéressants. Les démocrates saluent la gratuité des structures, l'aide aux devoirs à domicile, le service École des Parents et les formations pour le personnel.*
*Le Parti démocratique approuvera l'organisation des structures d'accueil 2022-2023.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *signale que la maison relais n'est pas vraiment gratuite, mais ce sont la commune et le ministère qui payent. Il est important d'offrir une prise en charge des enfants qui soit de qualité.*
*Le concept pédagogique differdangeois tient compte des intérêts des enfants, qui peuvent choisir librement leurs activités comme à la maison.*
*(Discussions)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à monsieur Hartung que son micro ne fonctionne pas.*
*(Rires)*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue le Spodi mis en place par le service des*

A wann Der déi Augmentatioun vun 20 % wäertvolle Liewensmëttel, déi mir als Gemeng an eise Maison-relaisen asetzen – ech soen nach eng Kéier bio, Fairtrade a lokal –, dann ass et nëmme Recht a richteg, dass eis Servicer sech Moyene ginn, fir dat iergendwéi gesteiert ze kréien. Well wat maache mer mat deene Saachen, déi mer net lass ginn? Dat flitt an d'Dreckskëscht. An dat ka jo net sinn an deenen Zäiten, an deene mer elo sinn.

Fir deem entgéintzewierken, ass de Congé repos an de Congé de maladie vun den Eltere respektiv Tuteuren aus dem ROI erausgeholl ginn. Dat ass deemno keng Excuse méi. Weiderhi kann ee säi Kand ouni Justificatif bis zu fënnef Wochen virum Ufank vun engem Foyer vacances ofmellen. D'Unzuel vu Kanner fënnef Wochen am Viraus ze wëssen, ass relevant, fir de Personalschlëssel auszerechnen, fir de Congé vum Personal ze plangen an de Gaspillage alimentaire vun Iessen ze verhënneren.

D'Organisatioun vun eise Betreiungsstrukture fir 2022/2023, mam ROI, bieden ech Iech haut ze stëmmen. Dir hutt e relativ gudden, schéinen, festen, kompletten Dossier virun Aen. Ech bieden Iech, dësen Dossier matzestëmmen.

Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, 1988 goung et lass mat der éischter Structure d'accueil, mat enger Schoulkantin am Déifferdenger Zentrum, deemools fir eng 30 Kanner just.

D'nächst Schouljoer kënnen, laut initialem Dossier, 1.637 Kanner vun eise verschiddene Maison-relaise profitéieren an eng 100 an enger vun eise Crèchen.

Op de 15. November stoungen awer nach 136 Leit op enger Liste d'attente. Deem musse mer nach entgéintwierken.

D'Detailer goufen all genannt, se stinn am Dossier. En Dossier, muss ee soen, dee wierklech detailléiert ass, wou ee ganz genau gesäit, wat déi nei Elementer si par rapport zum leschte Joer. Merci dofir. Esou géif ee sech am Fong als Oppositiounspolitiker all Dossier wënschen.

Am Dossier stinn eng ganz Rei vu Projeten an Zesummenaarbechten, déi ganz interessant a vast sinn. Do dernieft begréisse mer déi nei bal komplett Gratuitéit, déi ergänzend gratis Hausaufgabenhëllef, d'Offer vum informellen Austausch mat den Elteren, der sougenannter Eltereschoul wéi och déi nei ëmfangräich Offer vu Formatioune fir d'Personal.

Merci de Leit, déi um Dossier geschafft hunn, an eise Leit um Terrain, déi dat Ganzt ëmsetzen an ëmmer erëm fir nei Projeten an Iddie suergen. Mir stëmmen d'Organisatioun fir d'Opfaangsstrukturen 2022/2023 gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. D'Gratuitéit gouf ugeschwat, dat ass sécherlech gutt. Et kascht awer, just datt elo d'Gemengen an de Ministère dës Part ganz iwwerhuelen. An datt et eppes kascht, och wann elo fir d'Elteren an de Schoulwoche gratis, ass och gutt. Well mer wëlle jo eng qualitativ héichwäerteg Prise en charge vun eise Kanner.

Mir si frou, datt eis Haiser ënner engem Konzept lafen, dat kandgerecht ass a si an de verschiddenste Funktiounsraim hiren Interessen nogoe kënnen. U sech deels wéi doheem, wou si hir Fräizäitaktivitéite selwer eraussichen. Hei natierlech an engem pedagogesche Rahmen.

(Ënnerbriechung)

Den Här Aguiar hat schonn am Kader vum Budget dovu geschwat, e grousst Luef un d'Gemeng, eisem Sportsservice mat de Veräiner, datt de Spodi elo endlech ëmgesat gëtt. Wou d'Offer vun de Sportsveräiner elo och an de Maisonrelaise stattfënnt. Et ass fir d'Kanner

immens wichteg, datt si d'Méiglechkeet kréien, hirem Sport au choix nozegoen.

Logistesch sécherlech näischt Einfaches, bestëmmt och nach hei oder do, wou kann nogebessert ginn, hoffentlech mat och ëmmer méi Veräiner, déi matmaachen. Awer alles fänkt eemol un. An ech soe bewosst net „kleng un", well et ass schonn zimmlech grouss. A fir dat, wat se elo schonn ëmsetzen, dat ass eng grouss Plus-value fir all d'Kanner.

Des Weidere gesäit een am Dokument, datt vill Wäert op d'Weiderbildung vun de Betreierinnen a Betreier geluecht gëtt. Dat kann een nëmmen ënnerstëtzen.

Sou gutt eng Betreiung ka sinn, ass a bleift Zäit fir d'Kand mat der Famill immens wichteg. Dat kann näischt ersetzen, dat soll een ni vergiessen. An deem Kontext si mer frou, datt d'Elterepartnerschaft ëmmer méi zu engem wichtege Bestanddeel gëtt. Nieft den üblechen Tür- an Angelgespréicher sinn och elo reegelméisseg Elteregespréicher virgesinn, wou an der Haaptsaach iwwert d'Entwécklung vum Kand geschwat gëtt.

Elterenhaus, Maison relais a Schoul bilden ee Ganzt. D'Eltere mussen informéiert sinn an abezu ginn, respektiv souguer en Deel dovu sinn.

Frou och ze gesinn, Madamm Buergermeeschtesch, Dir hutt et gesot, wéi hautdesdaags d'Aschreiwunge funktionéieren. Denken do generell un de Service um Bierger voire Digitalisatioun. Fréier huet sech een Elterendeel engem vun der Gemeng matgedeelt, e fixen Dag misse fräihuelen, fir ëm eng gewëssen Auerzäit mat all aneren Elteren an d'Maison relais ze kommen, fir säi Kand anzeschreiwen.

Ech denken, et brauch een net vill Virstellungskraaft, fir ze wëssen, datt dat net optimal war. Gutt, datt d'Aschreiwungen elo zënter e puer Joren online funktionéieren. Eppes, wouvu ronn 93 % vun den Elteren, also 1.237 Elteren, profitéiert hunn, fir hir Kanner anzeschreiwen. Dëst weist, wéi wichteg d'Digitalisatioun fir eng Gemeng ass. An datt dat och ugeholl gëtt.

Wann een d'Zuele kuckt, gesäit een, datt mir als Gemeng immens vill an déi formal an an déi non-formal Bildung investéiert hunn, mat zu lescht der Eréffnung vum Mathendahl, wou eng héichmodern Kichen dobäi ass, mat där een déi aner Sitten ofdeckt.

Op Gemengenniveau ginn an eise Strukturen aktuell 1.605 Kanner an der non-formaler Bildung betreit. Op der Waardeléscht stinn 51 Kanner am Schoulalter a 85 am Virschoulalter. Et gëtt eng Prioritéiteléscht, wou divers Méiglechkeeten opgezielt sinn. Do wollt ech froen, ob déi Leit, déi op de Waardeléschte stinn, ob déi op der Prioritéiteléscht virgesi sinn oder net. Dat ass elo eng spezifesch Fro, mee déi kann ee vläicht per Mail nogereecht kréien.

Et ass och wichteg ze kucken, awéiwäit een et nach ausbaue kann oder ob souwäit alles ofdeckt ass. Besonnesch, wann ech u Familles monoparentales oder Familien, wou d'Elteren zu zwee musse schaffe goen, denken.

Ech kommen zum Schluss. Als Déifferdenger CSV wëlle mer dem zoustännege Service mat all de Mataarbechter an de Leit um Terrain Merci soen, fir dëst uerdentlech erstallt Dokument.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Ech wollt eng Erklärung ginn. Ech schwätzen am Numm vum Här Hobscheit, dee seng Preparatioun scho fäerdeg hat, awer bestëmmt Bauchwéi huet, dass en elo haut net kann dobäi sinn, speziell bei sengem Dada, de Structures d'accueils. Ech géif da säin Text, wann Der erlaabt, virliesen.

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech si frou, dass mir haut endlech d'Organisatioun vun eisen SEAen um Ordre du jour hunn. Gefillt zwar dräi Sitzunge méi spéit wéi normalerweis, mee doriwwer wëll ech elo mol ewechkucken. Och wann et komesch ass, iwwer esou eng Organisa-

*sports et les clubs sportifs locaux. Ce programme permet aux enfants de pratiquer le sport de leur choix. Il reste sans doute des améliorations à apporter. Jerry Hartung espère notamment que de plus en plus d'associations participent au projet. En tout cas, Spodi représente d'ores et déjà une grande plus-value pour les enfants.*
*La formation des éducateurs constitue un point important.*
*Malgré la qualité de l'encadrement, le temps passé avec la famille reste essentiel. Jerry Hartung est content du fait que le partenariat avec les parents soit développé. Des discussions régulières avec les parents sont prévues. Il y sera question du développement des enfants.*
*L'École des Parents, la maison relais et l'école forment un tout. Les parents doivent recevoir suffisamment d'informations.*
*Le mode de fonctionnement des inscriptions plait à Jerry Hartung. Auparavant, un des parents devait se rendre à la maison relais à un moment prédéfini. C'était loin d'être optimal. Mais depuis quelques années, les inscriptions se font en ligne et 93 % des parents profitent de cette solution. Cela démontre l'importance de la numérisation pour la commune.*
*La commune investit beaucoup dans la formation formelle et non formelle. Le campus du Mathendahl comprend notamment une grande cuisine couvrant les besoins de trois autres sites.*
*Mille-six-cent-cinq enfants sont encadrés dans les maisons relais. Cinquante-et-un enfants figurent sur la liste d'attente des maisons relais et quatre-vingt-cinq sur la liste d'attente des crèches et foyers. Existe-t-il une liste des priorités ? Jerry Hartung pense notamment aux familles monoparentales et à celles où les deux parents travaillent.*
*Les chrétiens sociaux remercient les services compétents et les gens sur le terrain.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *présentera la position des socialistes au nom de monsieur Hobscheit, qui est absent. Les structures d'accueil sont son dada.*
*Erny Muller constate que l'organisation a été présentée trois séances*

*plus tard que d'habitude. Il est étonnant de discuter de l'organisation des structures d'accueil alors que le premier trimestre est presque terminé.*
*Le document est important, car il concerne l'encadrement des enfants. Erny Muller remercie ceux qui veillent au bon fonctionnement des structures d'accueil. Merci aussi au personnel éducatif, aux responsables des sites et aux services compétents.*
*La Ville de Differdange doit depuis des années faire face à un accroissement impressionnant de la population et doit adapter son offre en infrastructures. Malgré l'ouverture de structures ces dernières années, il reste des défis. Les nouvelles infrastructures sont souvent déjà trop petites au moment de l'inauguration.*
*La personne croît aussi. Au 21 novembre, 200 personnes travaillent dans les structures d'accueil. Il faudrait savoir combien de personnes seront recrutées l'année prochaine. Cinq ? Dix ? L'année dernière, le LSAP a proposé de tirer un bilan du développement du personnel scolaire chaque année.*
*Plus de la moitié des enfants fréquentent les maisons relais. En outre, la liste d'attente est plutôt courte. Mais il faut trouver des solutions, là, où c'est nécessaire. À Differdange-centre, 26 personnes attendent une place.*
*L'encadrement des enfants est devenu gratuit. Erny Muller se demande s'il est vraiment nécessaire d'envoyer une facture aux parents affichant le montant de zéro euro.*
*Les structures d'accueil doivent fonctionner en partenariat avec l'école, les parents et les associations sportives et culturelles. De nouveaux concepts ont vu le jour. Le LSAP suivra leur évolution.*
*Erny Muller salue le fait que les aliments soient locaux ou régionaux.*
*Les concepts pédagogiques se sont établis et sont acceptés par les éducateurs. Les socialistes espèrent cependant que ces concepts seront évalués régulièrement et adaptés le cas échéant.*

tioun vun den SEAe fir d'Schouljoer 2023 ze debattéieren, wann dat éischt Trimester vun deem Schouljoer scho bal eriwwer ass.

Fir mech ass dat Dokument, iwwer dat mir haut hei diskutéieren an ofstëmmen, e ganz wichtegt Dokument. Schliisslech geet et ëm d'Betreiung vun eise Kanner. Virop am Numm vun der LSAP e grousse Merci un all déi Leit, déi Dag fir Dag dofir suergen, dass eis Betreiungsstrukture gutt funktionéieren. Merci un d'edukatiivt Personal an deenen eenzelen Haiser. Merci un d'Responsabel vun deene verschiddene Sitten a Merci dem zoustännege Service op der Gemeng.

Eis Kanner verdéngen eng Betreiung vun héijer Qualitéit an adequaten Infrastrukturen. D'Stad Déifferdeng ass zanter Joren an der schwiereger Situatioun, dass mer eis permanent mussen iwwerleeën, wéi mer eis Infrastrukturen un deen dach rasante Populatiounswuesstem upassen.

D'LSAP begréisst, dass an de leschte Joren ëmmer nees nei flott Infrastrukturen entstane sinn, och ënner ganz aktiver Bedeelegung vun der LSAP. Trotzdeem bleift d'Erausfuerderung grouss, well et net esou däerf sinn, dass mer nei Infrastrukture baue loossen, déi da schonn erëm ze kleng sinn, wa mer se aweien.

Wat fir d'Infrastrukture gëllt, gëllt natierlech och fir d'Personal. Och hei ass d'Entwécklung rasant. Op den 21. November hunn an eise Structures d'accueils bal 200 Leit geschafft. Hei wier et, aus Siicht vun der LSAP, interessant, grad an esou engem personalintensive Beräich, méi genee ze wëssen, wéi vill Leit d'nächst Joer agestallt ginn. Wat heescht plusieurs? Sinn dat der fënnef? Sinn dat der zéng?

Am Kader vun den Diskussiounen d'lescht Joer hat d'LSAP proposéiert, dass all Joer sollt de Bilan vun der Personalentwécklung vum ofgelafene Schouljoer mat am Dossier leien. Mir bleiwen op alle Fall bei dëser Fuerderung.

Fir eppes méi wéi d'Hallschent vun eise Schoulkanner gëtt et eng Plaz an eise Maison-relaisen. Dat ass gutt esou. Gutt ass och, dass eis Waardeléschte relativ kleng sinn. Do wou se méi grouss sinn, muss ee Léisunge fannen. Zum Beispill am Déifferdenger Zentrum, wou mer mat 26 Leit eng relativ grouss Waardelëscht hunn.

Dir Dammen, Dir Hären, d'Betreiung vun eise Strukturen ass zanter Kuerzem zum gréissten Deel gratis. An deem Kontext stellt sech d'LSAP am Sënn vu Schoune vun de Ressourcen an am Sënn vun der Effizienz d'Fro, ob et wierklech néideg ass, den Eltere Rechnungen ze schécken, wou se da liesen, dass de Montant à régler null Euro ass. Ass et net méiglech, op d'Verschécke vun esou Rechnungen ze verzichten?

Léif alleguer, d'Betreiungsstrukture sinn e wichtege Bestanddeel, déi mat hire Partner zesumme gutt musse funktionéieren. Dës Partner sinn d'Schoulen, d'Léierpersonal, d'Elteren an d'Veräiner. D'Zesummenaarbecht mat de Veräiner, souwuel am Sport wéi am Kulturberäich, ass immens wichteg. Hei sinn nei Konzepter entstanen. D'LSAP wäert an deenen nächste Jore mat Interesse verfollegen, wéi sech dës Projeten entwéckelen.

Mir si frou, dass bei Menüe Wäert drop geluecht gëtt, mat lokalen a regionale Produiten ze kachen. Grad an dësen Zäiten ass de Gedanke vun Nohaltegkeet immens wichteg.

Dir Dammen an Dir Hären, am Dossier gëtt een nees relativ vill gewuer iwwert déi verschidde pedagogesch Konzepter, op deenen déi alldeeglech Aarbecht an eise Strukture baséiert. Déi verschidde Konzepter hu sech mat der Zäit etabléiert a komme beim Personal relativ gutt un. D'LSAP begréisst dat an hofft trotzdeem, dass déi verschidde Konzepter reegelméisseg evaluéiert an do, wou et néideg ass, ugepasst ginn.

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ofschléissend ee grousse Merci un all déi Leit, déi dës Organisatioun all Dag mat Liewe fëllen. Loosst eis hoffen, dass si alleguer mol nees ee Schouljoer ganz ouni Restriktiounen erliewen. D'LSAP dréit dës Organisatioun vun de Betreiungsstrukture mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen, Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech schléisse mech menge Virriedner un a schwätzen e ganz grousse Merci aus fir all déi Leit, déi an de Betreiungsstrukturen involvéiert sinn, vum administrative Personal iwwer d'Betreiungspersonal, d'Käch, d'Kächinnen, d'Botzpersonal, d'Livreuren aus dem technesche Service, all déi Leit, déi dozou bäidroen, dass déi Maschinerie iwwerhaapt funktionéiert.

Firwat Maschinerie? Wann ech héieren, dass 195 Leit Personal an de Strukture schaffen, fir ongeféier 1.600 Kanner ze betreien, fannen ech dat enorm Zuelen. Dat weist, dass Déifferdeng e Virreider ass an der Roll vun der Betreiung. Et gëtt wéineg Gemengen, déi esou Zuele kënnen opweisen, a virun allem och eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht maachen.

Déi Betreiung ass haut, leider soen ech, noutwendeg, fir dee Liewensrhythmus opzefänken, deen an de Famillen herrscht. Wou et einfach net anescht méiglech ass, zum Beispill fir Famillen, wou een Elterendeel eleng schafft, wou Elteren zu zwee schaffen, fir an där Dräierkoalitioun tëschent SEA, Schoul an Elteren, d'Kanner opzefänken a se gesond a beschtméiglech duerch den Alldag ze féieren.

Ëmmer bedenken, dass an deene Strukturen d'Kand am Häerz agebett gëtt a wierklech gutt betreit gëtt. Ech gesinn dat all Dag, wann ech an déi Strukture ginn. Et ass wierklech eng flott Atmosphär an et ass eng flott Betreiung. Déi meeschte Kanner gi gären dohinner. Dat weist d'Qualitéit vun der Aarbecht vum Personal, déi all Dag um Terrain gemaach gëtt.

Begréissen di mer déi permanent Weiderbildung vum Personal. Et ass ganz wichteg, dass ee sech ëmmer weider forméiert, d'Challengë vum Alldag a vun der Kandheet ëmmer erëm opzegräifen. Dat weist, dass mer stänneg dobäi sinn, eis weider ze verbesseren.

Ganz flott ass dee Projet, dee scho méi oft hei ernimmt ginn ass, de Spodi. Ech weess, wéi ech am Schäfferot dee Ressort am Ufank vu mengem Mandat hat, dass et e groussen Challenge war: Wéi kréie mer d'Veräiner an de Sport méi aktiv an d'Maison-relaisen? Ech weess, dass dat an Nopeschgemenge schonn de Fall war a mir de Problem haten, dass mer eng grouss Gemeng sinn, mat esou ville Kanner, mat esou ville Veräiner.

Ech sinn immens frou, dass dat schlussendlech gelongen ass, mam coole Logo dem Petzi, dee bei eis doheem seng Plaz an der Stuff mëttlerweil fonnt huet an och ganz gären do gespillt gëtt.

Wat ech e bësse schued fannen – an dat ass da vläicht en Challenge fir dat nächst Mandat, dat kënnt –, dat ass, dass mer et net fäerdegbruecht hunn, eis Crèchëplazen oder d'Listes d'attente vun de Crèchen ze verréngeren. Et si 70 Kanner op enger Liste d'attente, à savoir, dass eng Bëschcrèche bäikomm ass, wat eng absolutt super Betreiung ass an eng super Plaz ass. Mee dass do nach Loft no uewen ass an engem nächste Mandat.

Mir wëssen natierlech och, dass d'Plaze rar geséint sinn, fir Crèchen opzebauen. Awer ech weess och, dass mer ëmmer erëm mam Schäfferot och doriwwer rieds haten, wou mer nach kéinten eng Struktur maache fir d'Petite enfance opzefänke respektiv eng Bësch- oder Naturcrèche 2.0. Ech hoffen, dass dat am nächste Schäfferot, am nächste Mandat opgegraff gëtt. Ech mengen, dass dat e Projet war, dee coronabedéngt op der Streck bliwwen ass, awer ech si ganz zouversiichtlech, dass do nach weider wäert dru geschafft ginn.

Vun Déi Gréng e grousse Merci fir dat komplett Dokument, dat mer virleien hunn, an all de Matbedeelegte vun dëser Betreiung e grousse Merci. Mir stëmmen dëst Dokument mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Ruckert, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie le personnel des structures d'accueil, l'administration, les éducateurs, les cuisiniers, le personnel de nettoyage, les livreurs et tous ceux contribuant au fonctionnement des maisons relais.*

*Cent-quatre-vingt-quinze personnes encadrent mille-six-cents enfants. Ces chiffres sont énormes. Peu de communes peuvent se prévaloir de tels chiffres, ce qui montre que Differdange est pionnière dans le domaine. Cet encadrement des enfants est nécessaire pour tenir compte du rythme de vie des familles actuellement.*

*Laura Pregno estime que les enfants sont bien encadrés à Differdange. L'atmosphère dans les structures est bonne et l'encadrement est chouette. Les enfants aiment y aller, ce qui démontre la qualité du travail du personnel sur le terrain.*

*La formation du personnel est importante pour que les éducateurs répondent aux défis posés par les enfants au quotidien.*

*Laura Pregno salue la mise en place de Spodi. Au début de son mandat, elle a pu constater que rapprocher le sport des maisons relais était tout sauf évident. Differdange étant une grande commune, elle rencontre d'autres difficultés que ses voisins. Le projet est réussi et le logo, un nounours, est cool. Celui-ci a d'ailleurs trouvé sa place dans le séjour de Laura Pregno.*

*Malheureusement, le collège échevinal n'a pas réussi à réduire le nombre de personnes figurant sur la liste d'attente des crèches. Soixante-dix enfants y figurent. Differdange manque de place, mais le collège échevinal des locaux pour une structure pour la petite enfance ou pour une crèche forestière 2.0. Laura Pregno espère que ce projet sera réalisé lors du prochain mandat.*

*Les écologistes remercient tous ceux qui s'occupent de l'encadrement.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *estime qu'accueillir 1605 enfants dans les structures d'accueil est un exploit d'autant plus que le nombre augmente chaque année.*
*D'un autre côté, 106 enfants figurent sur une liste d'attente. Cela signifie que leurs parents ont du mal à s'organiser. Malgré tous les efforts accomplis jusqu'ici, le collège échevinal a-t-il une idée concrète de comment éliminer ces listes d'attente en tenant compte du fait que le nombre d'habitants va augmenter ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *va répondre de son mieux aux questions.*
*En ce qui concerne les familles monoparentales, la commune se tient strictement à ce qui est prévu dans le Règlement d'ordre interne. Sont prioritaires les familles monoparentales, les enfants à besoins spécifiques et les familles où les deux parents travaillent.*
*Par ailleurs, la commune se laisse une marge de manœuvre, car des familles emménagent à Differdange après le 15 septembre. Toutefois, le nombre de chaises par maison relais est déterminé par le ministère. Ce nombre sert de base au financement des structures d'accueil. La commune doit donc s'assurer que toutes les chaises sont occupées. Si une famille monoparentale emménage à Differdange tard dans l'année, elle ne disposera pas de place.*
*Pour répondre à la question de monsieur Ruckert sur les listes d'attente, la commune doit disposer de structures d'accueil, mais elle doit aussi se tenir à l'agrément du ministère. Les maisons relais ne peuvent pas accueillir plus d'enfants que ce qui est prévu. Christiane Brassel-Rausch rappelle cependant qu'il y a des assistants parentaux et des crèches privées.*
*Comme madame Pregno, Christiane Brassel-Rausch regrette que les parents doivent déposer leurs enfants tôt le matin pour revenir les chercher tard le soir. Elle ne sait pas quoi faire de plus après une pandémie et les questions économiques. Les maisons relais sont une priorité du collège échevinal, qui prévoit la construction de trois écoles. Mais cela prend du temps.*

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, Betreiungsstrukturen, wou 1.605 Kanner ënnerkommen, dat ass eng Leeschtung vun der Gemeng. Dat muss een esou soen. Dat huet sech an de leschte Joren ëmmer weiderentwéckelt.

Op där anerer Säit gesäit een awer nach 136 Kanner, déi op enger Waardeléscht stinn. Dat heescht, dass déi Familien, deenen hir Kanner net an déi Strukture kommen, Schwieregkeeten hunn, sech ëmzeorganiséieren.

Elo ass meng Fro: Trotz alle Beméiungen, déi bis elo gemaach gi sinn an déi ech och begréissen als Vertrieder vun der KPL, gëtt et konkreet Iwwerleeunge fir ze kucken, wéi een esou eng Waardeléscht definitiv kann opschaffen? Besonnesch och an der Optik, dass d'Bevëlkerungszuel an den nächste Jore weider wuesse wäert an der Gemeng?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Ech probéieren elo, sou gutt ech kann op all déi Froen ze äntweren. Wann ech iergendeppes net weess, wäerten eis Servicer Iech d'Äntwert ginn.

Här Hartung, Är Fro zu de Monoparentallen. Den ROI ass jo ganz kloer a mir halen eis bei den Aschreiwunge ganz kloer dorun. Dat heescht, un éischter Stell sti souwisou d'Monoparentallen, duerno d'Enfants à besoins spécifiques oder wou déi zwee Eltere schaffen. Zweet, drëtt Stell ass dat, ech hunn dat elo net alles am Kapp. Mee déi stinn awer ganz vir, also hunn déi eng absolutt Prioritéit.
Elo ass et awer esou, dass Leit méi spéit an d'Gemeng kommen. Dir wësst, mir loossen eis do e Sputt, wou mer Plazen deelweis fräi loosse vum 15. September un, well jo da Leit nach geplënnert kommen an d'Gemeng an esou virun an esou weider.

Mee et ass awer esou, dass mir vum Ministère jo op d'Kanner bezuelt ginn, dass op all Maison relais en Agrement läit, an dass mir Sue kréie par rapport zu deene Chaisen, déi mer fëllen. Also musse mer iergendwann déi Kanner huelen, fir d'Maison relais oder d'Crèche komplett ze maachen.

Jo, wat geschitt dann? Da geschitt dat natierlech, wann elo Leit kommen, déi schaffen zu zwee, déi méi spéit an d'Gemeng geplënnert kommen oder wéi och ëmmer, aus wéi engem Grond och ëmmer, do ass dann natierlech keng Plaz méi do.

An ech wëll awer och hei ganz kloer soen, an ech mengen, do ginn ech e bëssen dem Här Ruckert och mat eng Äntwert – Dir hat gefrot, fir déi Waardeléschten opzeschaffen – mir kënnen net méi séier bauen.eEt ass eng Obligatioun vun der Gemeng, et ze maachen. Mir hunn awer och d'Obligatioun, dass mer nëmmen esou vill Kanner däerfen unhuele wéi Agrement op de Strukture läit.

A wann elo direkt vun der Gemeng keng Léisung do ass, verweisen ech awer, dass mer Assistance parentale hunn, dass mer Privatcrèchen hunn. Sou séier kréie mer leider et an der Praxis net opgefaangen, wéi d'Demande do ass.

Ech widderhuelen d'Wierder vun der Madamm Pregno: Et ass schued, dass mer an engem System sinn, wou d'Eltere gezwonge ginn, hir Kanner moies ofzeginn, owes erëmzehuelen. Well se gezwonge sinn, dee ganzen Dag schaffen ze goen zu zwee, well een eleng net méi fäeg ass, de Liewensënnerhalt ze garantéieren. Dat ass fir mech e ganz grousse Problem.

Ech hunn d'Gefill, mir lafen als Gemeng nëmme méi nach an där Hisiicht de Saachen no. Do hutt Der vläicht Recht. Mee ech weess net, wéi mer et aneschters, elo mat der Pandemie a mat Budget, aus Budgetsgrënn, wéi mer et solle maachen. Mir wëssen, et ass eng Obligatioun. Et ass eng absolutt Prioritéit. Mir sinn op der Sich, mir hunn dräi Schoulen, déi ugeduecht sinn, wou se kënne geplangt ginn, mee dat brauch seng Zäit. Dat wëll ech awer ganz kloer soen.

Här Hartung, hunn ech Iech op Är Fro geäntwert? Här Ruckert, hunn ech Iech och op Är Fro geäntwert? Merci.

An der Madamm Pregno wollt ech op hir Fro äntweren. Jo, d'Krittäre fir méi

Crèchëplazen. D'Bëschcrèche däerfe mer net erweideren. Déi däerfe mer net méi grouss maachen. Dat ass an enger Zone verte. Mir hu gefrot, dat geet net. Also hu mer nach d'Kornascht. An do wäerte mer eis mat de Responsabelen d'nächst Joer zesummesetzen, fir ze kucken: Stëmmen eis Critères d'admission?

Well mir hu bis elo och Leit aus anere Gemenge mat an d'Crèchë geholl. Dat heescht, dass mer do dann awer vläicht méi limitativ musse ginn an den Déifferdenger Bierger Prioritéit ginn. Dat ass awer alles à discuter. Dat steet nach op. Mee mir hunn de Problem erkannt.

Här Tempels, wann Der erlaabt, äntweren ech nach dem Här Muller, fir dem Här Hobscheit ze äntweren. Den Här Hobscheit hat mech virun zwee Joer gefrot, fir e Bilan ze kréien, wat d'Personalentwécklung ugeet. An e wier frou, wann en dat all Joer géif kréien.

Ech hunn dem Här Hobscheit héchstperséinlech gesot, nodeem ech mat eisem Personalservice geschwat hat, dass eis am Moment déi technesch Moyene feelen, fir esou eppes opzestellen. An den Här Hobscheit huet Jo gesot. Also: Mir sinn drun. Mir géifen et gär maachen. Mir musse kucken, wéi mer eis do als Gemeng d'Moyene ginn, fir esou eppes ze maachen.

Ech mengen, ech hunn dem Här Hobscheit och d'Äntwert ginn, firwat mer dës Organisatioun esou spéit hunn. Ech widderhuelen et: Wéi Der wësst hu mer opgrond vun de rezenten Adaptatiounen am Summer vum Educatiounsministère, ënner anerem wéinst der Gratuitéit vun de Maisons relais, eis erlaabt, e bësse méi Zäit mat der Presentatioun vun den Zuelen ze loossen. Fir vläicht eventuell eng Äntwert schonn ze hunn op Froen: Wat fir een Impakt hunn dës Mesuren op eis Aschreiwungen? Dat ass d'Erklärung, firwat se esou spéit kënnt.

Lo hunn ech hei eppes stoen, wou ech net méi weess, wat ech Iech soll äntweren. Mee ech mengen, wann elo nach eng Fro opbleift, da kritt Der se gäre vun eise Servicer beäntwert.

Et war nach eng Fro vum Här Hobscheit, wéi gesot, e ka se jo nach eng Kéier stellen dann, da kritt en eng Äntwert.

An deem Sënn villmools Merci. Den Här Tempels hat sech nach gemellt. Hutt Dir och nach eng Fro, Här Tempels?

### GUY TEMPELS (CSV):

Jo, ech hunn eng Fro. Ech hat et e bësse verpennt warscheinlech virdrun. Ech hat mer Gedanke gemaach oder d'Fro ass: Hu mir Donnéeën iwwer d'Iessen? Déi maachen eng gutt Aarbecht eis Käch an de Maisons relais. Ob vill ewechgehäit gëtt oder ob ugeduecht ass, ech hunn dat wéini enzwousch gesinn oder gelies, et gëtt Gemengen, déi stellen dat anere Leit zur Verfügung. Ech mengen, zu Habscht ass dat esou. Dat sinn natierlech och méi kleng Strukturen, net wéi zu Déifferdeng, mee gëtt vill ewechgehäit? Hu mer Antigaspi? Oder ass dat do machbar iwwerhaapt? Dat ass d'Fro. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Tempels. Wann et an der Zeitung steet, wat dat alles ausmécht! Dir wësst, dass mer vum Ministère Moosse kréien, wat muss gekacht gi fir e Kand. Frot mech elo net wéi, mee dat ass jo genau festgeluecht, wat eis Käch vu Quantitéite mussen eise Kanner ginn.

Mir sinn als Gemeng – schonn de virege Schäfferot oder schonn dee virdrun – op de Wee gaangen, doduerch dass d'Kanner net all Dag, mir kënnen dat net programméieren op d'Grammen, wat se iessen, dass eis Leit, souwuel d'edukatiivt Personal wéi d'Botzpersonal, wann d'Kanner alleguer giess hunn an net méi am Iessraum sinn, däerfe se Saachen, déi iwwreg sinn, mat heem huelen. Dat heescht dat ass eis Solutioun, wat den Antigaspillage ugeet.

Fir elo op Är Fro ze äntwere fir dee schéine Schaf zu Habscht, wou d'Reschtiessen drasteet, muss ech soen, dass mer mat der Madamm Pregno scho Gespréicher haten. D'Madamm Pregno ass jo elo awer scho méi laang net am Amt, dat heescht mir hunn eis dat scho méi laang virdrun iwwer-

*Pour ce qui est de la crèche en forêt, elle ne peut pas être agrandie, car elle se trouve dans une zone verte. Il reste donc le foyer de jour Kornascht où il faudra discuter des critères d'admission. Actuellement, le foyer accepte aussi les enfants non differdangeois. Mais cela pourrait changer.*
*Monsieur Hobscheit a demandé il y a deux ans un bilan du développement du personnel. Il souhaiterait qu'un tel bilan soit dressé tous les ans. Christiane Brassel-Rausch a expliqué personnellement à monsieur Hobscheit que le service du personnel ne disposait pas des moyens techniques pour le faire. La commune souhaite remédier à ce problème et cherche des solutions.*
*Christiane Brassel-Rausch répète pourquoi l'organisation a été présentée plus tard que d'habitude. En raison des changements apportés par le ministère — notamment la gratuité — le collège échevinal a préféré attendre pour connaitre l'impact sur les inscriptions.*
*Christiane Brassel-Rausch a pris des notes qu'elle n'arrive plus à lire. Mais si les conseillers communaux ont d'autres questions, ils peuvent les poser aux services communaux.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *demande s'il existe des données quant à l'alimentation. Les cuisiniers des maisons relais travaillent bien. Mais les maisons relais doivent-elles jeter beaucoup de produits ? Gy Tempels a lu que certaines communes offrent les repas à d'autres personnes. Existe-t-il des mesures antigaspillages à Differdange ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le ministère fixe la taille de la portion pour les enfants. Les cuisiniers connaissent les quantités exactes.*
*Le collège échevinal ne peut pas savoir au gramme près ce que les enfants vont consommer. Mais le personnel éducatif et les agents de nettoyage peuvent emporter les aliments qui restent chez eux.*
*Madame Pregno réfléchit depuis longtemps à la meilleure façon de réutiliser les aliments non consommés. Mais le problème de la responsabilité se pose. Qui va gérer les aliments ? Une petite commune*

*comme Hobscheit s'en sort peut-être. Mais qu'arrivera-t-il en cas d'intoxication alimentaire ? Pour le reste, Christiane Brassel-Rausch est ouverte à toutes les idées pour gaspiller moins d'aliments.*
*En revanche, certaines directives du ministère sont étonnantes. Apparemment, le pain préparé le matin ne peut plus être servi dans les maisons relais l'après-midi. Quant au beurre, il doit être jeté au bout de trois jours. Le collège échevinal, les responsables des sites, le personnel administratif et les cuisiniers essaient de mettre en place des mesures antigaspillages. Mais ils doivent se tenir aux directives du ministère.*
*Il faut donc jeter le beurre au bout de trois jours.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à l'organisation définitive de l'École de musique.*

---

**ROBERT MANGEN (CSV)** *précise qu'il s'agit d'une formalité. L'organisation a été approuvée par le précédent collège échevinal avant d'être approuvée par ministère. Elle va désormais être soumise à un deuxième vote du conseil communal.*
*Robert Mangen a deux remarques à faire. La première s'appelle simplification administrative. La deuxième est que les inscriptions sont définitives. Si quelqu'un change d'avis, la commune ne recevra pas d'argent. Malgré tout, l'échevin demande aux conseillers communaux d'approuver l'organisation.*
*(Vote)*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 7. Le 30 mars 2022, le conseil communal a approuvé une convention avec SOTEL portant sur une conduite.*
*Le vote d'aujourd'hui porte sur une conduite passant sur le territoire differdangeois sur une longueur de dix mètres et transportant de l'électricité de Hussigny à Belval. La commune a droit à une indemnisation de 2000 €.*
*(Vote)*

luecht, fir dat Iessen opzefänken, wat net gebraucht gëtt. Do ware mer op déi Iddi do komm. De Problem ass just: Wien iwwerhëlt d'Responsabilitéit? Wie geréiert dat? Wie këmmert sech dorëm?

Fir eng Gemeng wéi Habscht geet dat vläicht, well et eng kleng Gemeng an iwwersiichtlech ass. Awer wéi ee Risiko laaft Der, stellt Iech emol vir, mat enger Intoxication alimentaire. Dat wëlle mir eis absolutt net oplueden. Dofir denken ech – wann een elo eng aner Iddi huet, mir gi gäre mat, well antigaspillage soll net sinn –, hu mer elo awer e Wee fonnt, wou mer kënne maachen, dass esou wéineg wéi méiglech ewechgehäit gëtt.

Ech muss awer och soen, erlaabt mer dat elo, wann dat stëmmt, wat ech héieren hunn, dass e Brout, wat moies gebak gouf, mëttes net méi däerf zerwéiert ginn an de Maison-relaisen. Oder e Botter, deen dräi Deeg am Frigo steet, muss ewechgehäit ginn, da kréien ech Zoustänn. Sorry. Mee esou schéngt d'Direktiv vun eisem Ministère.

Ma ech stellen d'Fro: Dir gitt Iech selwer d'Äntwert drop. Ech wëll Iech just soen: Mir sinn eis dem Problem bewosst. A mir probéieren, deem entgéintzewierken. All eis Servicer sinn drun, souwuel d'Responsabel, eis administrativ Leit: Wéi kënne mer deem entgéintwierken? Eis Käch hëllefe mat, kucken, Léisungen ze fannen. Mee mir hunn Direktive vum Ministère. An dat ass einfach esou. Da soll dann e Botter, deen dräi Deeg – ech soen elo dräi Deeg – oder fënnef Deeg op ass, ewechgehäit ginn.

Ech mengen, mer kënnen zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation pour l'année scolaire 2022-2023.*

---

Merci, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn elo d'Wuert weider un den Här Mangen. Ech fannen, ech schwätze genuch haut. Här Mangen, et geet ëm déi zweet Validatioun, mussen eis wierklech froen, firwat mer déi dann och nach erëm brauchen, fir d'Organisation scolaire définitive vun der Museksschoul ze maachen.

---

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dat ass eng Formalitéit. Mir haten d'Organisatioun scho gestëmmt an engem virege Schäfferot. Dunn ass déi op de Ministère gaangen, déi hunn dat approuvéiert. An da musse mer eng zweete Kéier ofstëmmen, ob mer déi Lëscht do akzeptéieren.

Ech hunn zwou Remarken ze maachen: Dat eent nennen ech Simplification administrative. Zweetens: Déi Inscriptioune sinn elo definitiv vun de Schüler, déi op de Lëschte stinn. Et ass en zweeschneidegt Schwäert, dat heescht, déi Inscriptioune sinn elo definitiv. Wann elo een ofspréngt, da kréie mer keng Sue méi, laut dem Berechnungsmodus.

Trotzdeem sollte mer awer ofstëmmen, datt mer d'Organisatioun duerchkréien. Ech soen Iech Merci fir d'Ofstëmmen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Ech denke mir kënne gläich zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire définitive 2022-2023 de l'École de musique.*

---

Da si mer beim Punkt 7, Acte notarié fir déi berüümte Sotelsleitung. Den 30.3.2022 hate mir déi Konventioun mat der Sotel bezüglech der Leitung hei am Gemengerot mat allen Erklärunge vu menger Säit matgeholl. Dat elei ass u sech just d'Offizialiséierung vun enger Leitung, déi op zéng Meter duerch eis Gemeng geet.

Et geet drëm, de Stroum vun Héiseng op d'Arcelor Belval ze bréngen. Mir kréien eng Indemnisatioun, e Paiement unique vun 2.000 Euro. Dat elei ass

d'offiziellt Dokument, fir dat, wat mer am Mäerz matgeholl hunn, ofzeseenen.

Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 voix non d'approuver l'acte notarié de constitution de servitude avec la société* Sotel *en relation avec sa ligne à haute tension souterraine.*

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 7), eng Konventioun vun der Mise en oeuvre vum Pacte logement 2.0. Dir hutt d'Dokumentatioun virleien, wat mer do alles ënnerschriwwen hunn, wat eis Obligatioune sinn a wourop mer Recht hunn.

No der Presentatioun vum PAL ass d'Convention de mise en oeuvre eng logesch Suite, vun deem, wat virgedroe ginn ass a wat mir am Gemengerot approuvéiert hunn am Juli. De Plan d'action local ass vum Ministère de Logement approuvéiert ginn. Duerch d'Approbatioun vun der Konventioun de mise en oeuvre kréie mer eng Recette vu 525.000 Euro. Mir sinn eng vun deenen eenzege Gemengen, déi sou wäit an der Prozedur ass.

Här Weirich, wannechgelift.

#### ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hat leider déi Presentatioun verpasst, wou den Här Kox hei war. Ech war krank. Ech wär gär komm, well Logement ass eent vu mengem Theemen. Ech hu mech scho relativ ausgibeg zum neie Pacte logement 2.0, zemools zu eisem PAL hei, matgedeelt.

Wéi ech ëmmer soen, am grousse Ganze geet et an déi richteg Richtung a mir maachen effektiv Efforten als Stad Déifferdeng, fir Wunnraum ze schafen, zemools spezifesch abordabele Wunnraum an esou weider an esou fort, do si mer um gudde Wee. Mee mir geet et natierlech ni wäit genuch. Dat hunn ech och scho méi oft hei gesot. An dat vermëssen ech och am PAL.

Am PAL geet et, ënner anerem, drëms, fir abordabele Wunnraum ze schafen, bestoende Wunnraum ze mobiliséieren, bestoende Bauterrain ze mobiliséieren. Do sëtze mir als Stad Déifferdeng op Hektar Bauland, wat nach net am PAL virgesinn ass.wWat domadder geschitt, déi grouss zesummenhänkend Terrainen, wou mer am leschte Gemengerot jo nach e Stéck bäi kaf hunn, fir dass dat nach méi e groussen Ensembel gëtt, do ass elo nach näischt virgesinn am PAL. Wuelwëssend, dass d'Entwéckele vu Bauterraine vu gréissere Bauprojete Joren dauert. Do ass et schued, dass mer dat net an der éischter Versioun vum PAL virgesinn hunn.

Genau wéi mat den eidelstoende Wunnengen. Am PAL stinn ëm déi 400 Stéck, hu mer rezenséiert hei zu Déifferdeng. Do ass och elo keng Aktioun virgesinn, ausser d'AISK. Dat ass e gudde Schratt, e gudden Ufank, fir Leerstand ze mobiliséieren. Mee doriwwer eraus hu mer näischt virgesinn, ausser op dat nationaalt Gesetz ze waarden, fir eeben de Leerstand ze taxéieren. D'leschte Kéier hate mer rieds iwwert de B6, dee mer net eropsetzen, an esou weider an esou fort.

Wéi gesot, et geet an déi richteg Richtung, mee mir net wäit genuch. Dowéinst wäert ech mech beim Vott vum PAL enthalen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Liesch, wannechgelift.

#### GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech gräifen dat gär op, well ech wëll dat net esou am Raum stoeloossen, wéi wa mer als Gemeng net genuch géife maachen. Ech mengen, dass mir als Gemeng déi lescht dräi, véier Schäfferéit schonn – ech gräifen do wäit zréck, schonn déi Zäit, wou de Claude Meisch nach Buergermeeschter war – massiv an de Logement ëmmer investéiert a gekuckt hunn: Wou kënne mer nei Quartiere bauen? An esou weider.

Et bleift, effektiv, wéi Dir gesot hutt, Här Weirich, nach een Eck iwwreg, de Woiwer Quartier. Ausser mir géifen de

*Christiane Brassel-Rausch passe à la convention de mise en œuvre du Pacte logement 2.0. Elle reprend les obligations et les droits de la commune.*
*Cette convention est une suite logique du Plan d'action local. Celui-ci a été approuvé par le ministère du Logement. L'approbation de la convention rapporterait 525 000 € à la commune. Differdange est une des seules communes dont la procédure est aussi avancée.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *a raté la présentation de monsieur Kox, car il était malade. Or le logement est un de ses sujets de prédilection. Il a d'ailleurs déjà parlé abondamment du Pacte logement et du Plan d'action local.*
*Le programme va dans la bonne direction. La commune fait des efforts. Mais pour Eric Weirich, cela ne suffit pas.*
*Le PAL a pour objectif la création de logements abordables, et la mobilisation de logements et de terrains existants. Or Differdange dispose d'hectares de terrain constructible non repris dans le PAL. Quand on sait que le développement de grands projets de construction dure des années, il est dommage de ne rien avoir prévu dans le PAL.*
*Toujours selon le PAL, Differdange compte 400 logements non habités. Or la seule mesure prévue est l'AISK. C'est un bon début, mais le collège échevinal ne veut pour le reste qu'attendre une loi nationale. Eric Weirich répète que les efforts du collège échevinal ne vont pas assez loin. Il va donc s'abstenir.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *n'est pas d'accord avec monsieur Weirich. Déjà quand monsieur Meisch était bourgmestre, la commune a énormément investi dans le logement. Il ne reste plus qu'un coin dans le quartier du Woiwer. Pour le reste, le conseil communal ne souhaite pas élargir le périmètre de construction. Une fois ce coin construit, il ne restera rien. La commune ne pourra que densifier les constructions. Or il faut faire attention à la qualité de vie des habitants.*

*Déi Lénk reproche constamment au collège échevinal de ne pas faire le maximum. Mais il faut réfléchir à la façon de se développer avant de sortir les dernières cartouches.*
*La commune ne peut pas résoudre le problème national du logement. Celles autour de Differdange ont beaucoup plus de potentiel. La commune a extrêmement fait. Preuve en est qu'il ne reste pas beaucoup de terrains constructibles. Les possibilités sont limitées. Georges Liesch tenait à réagir parce qu'il ne voulait pas que les remarques de monsieur Weirich clôturent les débats. Il fallait nuancer ses propos et adopter une politique prudente. Comment Differdange veut-elle se développer ? À quoi ressemblera l'avenir ? Comment planifier le quartier Woiwer ? Tout cela peut attendre après-demain.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le service du logement a été créé il y a deux ans. Il faut beaucoup de temps et de travail pour dresser un état des lieux. Par ailleurs, des projets sont en cours de planification.*
*La bourgmestre donne raison à monsieur Liesch. Il y a des idées. Mais il faut laisser une chance au PAL. Il faut faire les choses bien.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'associe à ce que dit la bourgmestre. C'est ce qu'il appelle croitre de manière intelligente. La population explose.*
*La commune a acquis un terrain, mais cela ne signifie pas qu'elle doit y construire quelque chose coute que coute.*
*Que le service du Logement ait été créé est une bonne chose. Erny Muller salue le travail réalisé.*
*Pour ce qui est du Plan local d'action, les subsides possibles sont désormais plus clairs. La convention règle le rapport entre la commune et le service national du Logement. La commune a des devoirs et des droits. Elle peut s'attendre à du soutien matériel et financier.*
*Monsieur Liesch a parlé de la densité des constructions. Les localités de Differdange connaissent une phase de densification. À Oberkorn par exemple, un grand projet de construction avec une résidence est en cours de réalisation. À Nieder-*

Bauperimeter erweideren. Mee doriwwer ware mer eis heibannen eens, dass dat net déi beschten Iddi wär. Da stellt sech awer d'Fro, wa mer dee leschte Fleck, dee mer elo nach do hunn, wou mer eng gréisser Cité nach kéinte bauen, wa mer deen och nach géife bebauen, da si mer eigentlech fäerdeg.

Da si mer um Enn ukomm, dann hu mer nëmmen nach d'Méiglechkeet, innerhalb vum Perimeter ze verdichten, wou een dann och clever muss verdichten, wat mer jo och maachen, fir dass mer Gemeinschaftsraim schafen, wou d'Leit sech kënnen ophalen an eng Liewensqualitéit trotzdeem hunn. Och dat si mer jo amgaange parallel ze maachen.

Duerfir fannen ech et net ganz richteg, dass mer ëmmer vun deene Lénke virgeworf kréien, mir géifen net alles maachen, wat machbar ass. Ech mengen, dass et virsiichteg Politik ass, fir net direkt dat ganzt Polver mateneen ze verschéissen an ze kucken: Wéi developpéiere mer eis?

Mir wëssen och, dass mir als Déifferdenger Gemeng d'Logementspolitik, de Logementsproblem net am ganze Land léise kënnen. Gemenge ronderëm hu vill méi Potenzial, op d'Logementsproblematik ze reagéiere wéi Déifferdeng. Mee Déifferdeng muss awer net an de Buedem kucken. Mir hunn extreem vill gemaach. De Beweis ass, dass mer jo net méi vill Fräiland hunn, fir esou Projeten ze maachen. Wann een eis Kaart kuckt, eise Bauperimeter kuckt, dann ass net méi vill méiglech.

Ech wëll dee Reproche net esou stoe loossen, well soss steet dat do als lescht Wuert an dat gefält mer net. Et ass keng Kritik un der Persoun, mee ech gesinn dat e bësse méi nuancéiert. Ech mengen, dass et eng virsiichteg Bautepolitik ass, fir net alles elo ze maachen an ze kucken: Wéi developpéiere mer eis? Wéi gesäit et an Zukunft aus? A wéi wëlle mer de Quartier Woiwer, wou jo och eng Schoul nach virgesinn ass, urbanistesch nach believen?

Dat kënnt bestëmmt, mee et muss net haut sinn. Et kann och muer oder iwwermuer sinn. Ech fannen dat eng virsiichteg Politik.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Dir sot am Fong, wat ech wollt soen. Mir hunn e Service Logement, deen zwee Joer al ass. De Pacte Logement ass nei. Dat ass vill Aarbecht, dat ass vill Renseignementer, dat ass vill sech ëmkucken, wéi a wat. An ech muss Iech soen, dass Projeten am Urbanismus leien, déi einfach emol ugeduecht ginn an esou, déi elo nach net hei sinn. Dofir ginn ech dem Här Liesch Recht. Kommt, mir maachen et, wa mer et maachen. Mir si schonn op neien Iddien, déi si just nach net sprochräif, dofir si se och nach net hei. Kommt, mir ginn dem Projet PAL an de Leit eng Chance, fir et uerdentlech ëmzesetzen. Dat ass nach ëmmer mäi Krittär: Wa mer eppes maachen, da probéiere mer, et uerdentlech ze maachen.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Mir als LSAP kënnen eis nëmmen Äre Wierder uschléissen. Mir hunn dat ëmmer genannt „intelligent wuessen". D'Populatioun ass explodéiert. Wou mir et an der Hand hunn, musse mer dat e bësse steieren.

Ech mengen, et ass kloer: Mir hunn deen Terrain jo net kaf, fir näischt domadder unzefänken, dat si mer eis jo bewosst. Mee mer kënnen awer elo net komplett, coûte que coûte, well mer deen Terrain hunn, direkt lassfueren.

Dat ass déi eng Saach. De Service Logement, wat ech begréissen, déi eng ganz gutt Aarbecht maachen, dat war eng gutt Initiativ, dass dee Service an d'Liewe geruff ginn ass.

Wat de PAL ubelaangt, de Plan d'action local logement, do gesi mer allgemeng, dass mer do och scho méi spieren, wou mer do hikommen, wat mer eis kënnen erwaarden un Aiden. Deen heite Kontrakt oder déi Konventioun reegelt jo am Fong eist Verhältnis tëschent der Gemeng an dem staatleche Logementsservice, mat allen Avantagen, awer och Obligatiounen, déi d'Gemeng huet par rapport zu der staatlecher Instanz. An och, wat mir eis kënnen erwaarden op

där anerer Säit als Ënnerstëtzung, sief dat materiell oder an der Haaptsaach finanziell.

Wat ech awer nach gesinn hunn a menger Erfarung an der Bautekommissioun, an ech mengen, do musse mer awer elo e bëssen oppassen: Den Här Liesch hat geschwat vu verdichten. Jo, mir ginn elo ganz grousse Phase vu Verdichtungen an eisen Uertschaften oder Zentrum Déifferdeng entgéint.

Ech wëll nëmmen zwee Beispiller nennen: Een deen zu Uewerkuer ënnerwee ass, dee gesäit net wäit ewech oder vis-à-vis vun deem Projet, wou mer de Mueren de PAP gestëmmt hunn, ee gréissere Bauprojet, mat enger relativ grousser Residenz. Zu Nidderkuer si schonn e puer esou Fäll.

An am Zentrum ass eng Entwécklung amgaangen an der Rue Victor Hugo, no bei der Grand-Rue. Dir kennt e sécher vum Schäfferot schonn, dee Projet. Wat eng grouss Entwécklung ass, wou eng Partie Residenze geschéien. Dat géif ech scho bal am de Kader vu Stadentwécklung gesinn.

An do gesinn ech e gréissere Problem. Well mir hu jo dee berüümte PAP quartier existant. An da geet dat duer, dass ee seet, mir halen eis do drun, an da baue mer e komplette Staddeel nei. An ech fannen, wann een e Staddeel nei baut, da misst e Plan directeur bestoen, wéi dat ze geschéien huet.

A wann et méi där Projete sinn, déi unenee geschalt ginn, wéi dat do de Fall ass, da misst een nach aner Moyenen hunn, Genre PAP, wou awer méi am Detail ënnersicht gëtt. Oder e Stadentwécklungsplang, wou misst méi am Detail gekuckt ginn, wat mer musse respektéieren, wat een alles maache ka fir eng, ech soen einfach riicht ewech, eng Baugeneemegung.

Mir sinn awer elo leider an der Situatioun, dass dat elo esou ass. Duerfir wollt ech en Denkustouss ginn, dass mer do vläicht missten eis nach eng Kéier Gedanke maachen, och wéi mir d'Stadentwécklung gesinn. Ob mir ipso facto kënnen op alle Plazen, wou siwen, aacht, zéng Haiser ofgerappt ginn, do eng Mauer bauen, e Wunnprojet, ouni déi wichteg Elementer vun enger Stadentwécklung matanzebezéien.

Dat war dat wat ech nach soe wollt zu deem PAL. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Hartung an dann den Här Liesch.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. U sech wollt ech näischt heizou soen, mee vu dass déi Interventioun koum vun deene Lénken, wéilt ech als CSV och Stellung bezéien, datt d'Positioun vum Här Liesch och eis Positioun ass.

D'Déifferdenger Gemeng mécht wierklech extreem vill punkto sozialen an abordabele Wunnengsbau. Dës Majoritéit huet de Service Logement virun zwee Joer an d'Liewe geruff, grad fir dës Voleten nach weider no vir ze dreiwen.

Mir sinn net fir näischt eng vun deenen éischte Gemengen, déi de Programme d'action local logement gestëmmt hunn an elo dës Konventioun hei mam Logementsministère ënnerschreiwen.

Ech war op der Presentatioun, déi war ganz interessant. Do hunn ech e puer Saachen opgeschriwwen, ënner anerem de Chiffer, datt um nationale Plang just 2 % abordabele Wunnraum besteet. Ech denken, hei zu Déifferdeng, do hu mer zwar aktuell keng Zuelen, mee do misste mer awer bal bei 10 % leien. Dat wier natierlech interessant, et hänkt och dovun of, ob ee just déi Projete kuckt, déi verlount ginn oder och verkaf goufe mat enger Emphyteos. Mee hei zu Déifferdeng hu mer wierklech immens vill an de Logement investéiert.

Wann een de Programme d'action local logement kuckt, wat do alles vu Beméiungen drasteet, wat mer ënnerholl hunn an nach wëllen ënnerhuelen, denken ech, dat léisst sech weisen. Do kéint ee frou sinn, wann aner Gemengen och sou wäit géife matzéien. Merci.

*korn, de tels projets existent aussi. À Differdange, Erny Muller mentionne la rue Victor-Hugo et la Grand-rue.*
*Il voit des problèmes à l'horizon. En effet, le PAP quartiers existants permet de refaire des quartiers entiers. Pour le conseiller communal, de telles rénovations nécessitent un Plan directeur. Et quand de tels projets s'accumulent comme actuellement, il faut un PAP détaillé ou un Plan de développement urbain pour voir de quoi il faut tenir compte pour obtenir un permis de construire. Erny Muller tenait à aborder cette question.*
*Peut-on démolir sept, huit ou dix maisons et créer un grand projet de construction sans disposer d'éléments prenant en compte le développement urbain ?*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *tient à préciser que les chrétiens sociaux partagent la position de monsieur Liesch concernant les propos de déi Lénk. La Ville de Differdange fait énormément en matière de logement abordable. C'est cette majorité qui a créé le service du Logement.*
*Differdange est aussi une des premières communes à avoir approuvé le Programme d'action locale.*
*Au plan national, il n'existe que 2 % de logements abordables. Jerry Hartung suppose qu'à Differdange on se situe à 10 %. Il faut voir si l'on tient compte uniquement du parc locatif ou aussi des logements vendus en emphytéose. De toute façon, le Programme d'action local, qui reprend tous les efforts de la commune, est impressionnant. Si seulement les autres communes faisaient de même…*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur les propos de monsieur Muller, qui sont intéressants. Dans le chapitre Rénovations, le PAL tient compte du réaménagement de quartiers.*
*En revanche, il n'est pas possible de remplacer une rangée de maisons par des appartements. Certes, monsieur Muller a cité deux exemples où cela est possible. Mais le précédent collège échevinal a protégé les maisons unifamiliales et les façades. Ces deux mesures permettent de réguler la transformation de quartiers.*
*Mais il est vrai qu'il faudrait des plans directeurs quand on rénove des quartiers. C'est une bonne idée. Georges Liesch répète toutefois que les exemples de transformations que monsieur Muller a cités ne sont pas possibles partout dans la commune. Ces projets avaient été prévus de la sorte et ils sont en train d'être exécutés.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention entre la commune, Karro et le Petit Casino et l'ONA pour la mise à disposition de logements pour les réfugiés.*
*Differdange a été une des premières communes à mettre de tels logements à disposition des réfugiés de l'Ukraine. Tout à l'heure, Christiane Brassel-Rausch parlait de solidarité. L'ONA ne paye rien pour les logements mis à part les charges.*
*Le Karro a une capacité de 190 lits et le Petit Casino une capacité de 40 lits. Les conventions pour les deux structures sont identiques. Les seules différences concernent les dates d'arrivée dans les structures et le fait que les réfugiés du Karro ont accès à la Diffwäsch alors que le Petit Casino comprend une buanderie.*
*Christiane Brassel-Rausch espère que les conseillers communaux soutiennent ce projet alors que le ministère a annoncé que les réfugiés pourraient rester un an de plus.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt e bësse profitéieren, well mer grad eng interessant Diskussioun hunn. Wat den Här Muller gesot huet ass scho richteg, dass ee sech Gedanke mécht an engem Quartier – an dat ass jo och am PAL virgesinn, am Kapitel vu Renovéieren: Wéi gestalten ech e Quartier, dee ganz nei gemaach ass?

Par konter, wat awer net richteg ass, dass Der gesot hutt, dass mer hei oder do kéinten eng ganz Rei Haiser ersetzen duerch Appartementer. Dir hutt zwee Beispiller genannt, wou dat de Fall ass. Do ass et jo och méiglech.

Mee ech wëll awer drun erënneren, dass mer – an do waart Dir och am Schäfferot mat mir zesummen – hei zu Déifferdeng de Schutz vun Eefamilljenhaiser gestëmmt hunn am Gemengerot. Wat eis extreem Steierungsméiglechkeete gëtt, wou mer wéi verdichten. Mir hunn och de Schutz vun de Fassade gemaach. Mir hunn also zwee Steierungselementer, déi eis zumindest erlaben, dat do ze steieren.

Mee ech ginn Iech Recht, trotzdeem wär et gutt, sech eng Kéier Gedanken ze maachen iwwer Quartieren nei bauen, nei denken, nei renovéieren, dass ee sech do Masterpläng gëtt. Dat fannen ech schonn eng gutt Iddi oder e flotte Gedankenexercice, fir dat ze maachen.

Mee et ass awer net esou, dass dat, déi dräi Beispiller, déi Der genannt hutt, dass dat duerch d'ganz Gemeng machbar wär. Dat ass net machbar. Déi Projete waren an der Pipeline, déi si virgesinn an déi ginn och exekutéiert, ob een dat elo gutt fënnt oder net. Mee déi waren esou geduecht a ginn elo esou exekutéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Dir confirméiert mech. Dee Projet war an der Pipeline viru Covid. Do ass Covid komm, an elo ass en dann an der Realisatioun.

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention d'approuver la Convention de misen en oeuvre du Pacte logement 2.0 signée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 7), eng Konventioun tëschent der Gemeng dem Karro, dem Klenge Casino an der ONA fir eng Mise à disposition vum Hébergement provisoire fir eis ukrainesch Flüchtlingen.

Wéi Dir wësst, ware mir eng vun deenen éischte Gemengen, Mëtt Mäerz, déi iwwerhaapt Wunnunitéite bereetgestallt huet, wéi déi éischt Mënschen aus der Ukrain geflücht sinn. Mir hunn de Solidaritéitsgedanke spille gelooss. D'ONA brauch näischt ze bezuelen, well mir fannen als Gemeng si mir dat néideg ze maachen. Virdrun a menger Ried hunn ech vu Solidaritéit geschwat. Dat ass eisen Apport vis-à-vis vun de Leit, déi aus hirem Land hu musse flüchte wéinst dem Krich. D'ONA bezilt awer Chargen.

Am Karro hu mer eng Capacitéit vun 190 Better. Am Klenge Casino 40 Better. Et sinn u sech déi identesch Konventiounen, just dass d'Datumen änneren. Déi éischt sinn an de Casino komm e puer Deeg éischter wéi se an de Karro komm sinn. Déi aus dem Karro hunn Accès op Diffwäsch, déi aus dem Klenge Casino net, well déi hunn eng Buanderie. Dat sinn déi zwee Haaptënnerscheeder an deenen zwou Konventiounen.

Ech hoffen, Dir gitt mat op de Wee, op dëse Solidaritéitsgedanken, och elo nodeems mer offiziell vum Ministère gesot kritt hunn, dass dat nach dauert bis d'nächst Joer. Dat heescht, dass d'Leit nach dierfen ee Joer hei bleiwen.

Ech wier frou, wann Der dës Konventioune géift ënnerstëtzen. Ech mengen, mir hunn do gutt gehandelt. Virun allem, muss ech nach soen, den Här

Ulveling an ech mir waren do, wéi déi Éischt ukomm sinn. Déi Leit kruten d'Atrocitéite vum Krich nach guer net mat. Dat waren déi, déi sech am Ufank op de Wee gemaach hunn, dat heescht de 24. Februar. Déi elei si Mëtt Mäerz ukomm. An ech muss soen, dass sech der ganz vill vun hinne scho gutt agelieft hunn. An an de Schoule funktionéiert et och gutt.

Erlaabt mer an dësem Kontext eisem Fierschter Merci ze soen, deen en onermiddlechen Asaz gewisen huet, fir de Kanner mat de Famille vun den ukrainesche Flüchtlingen eis Géigend ze weisen. E mécht flott, schéin a laang Trëppeltoure mat hinnen, e weist hinnen de Giele Botter, e grillt mat hinnen. Vun dëser Plaz aus fir säin Devouement – hie këmmert sech wierklech immens ëm déi ukrainesch Flüchtlingen – e grousse Merci un eise Fierschter, deen hinnen eis schéin Natur méi no bréngt.

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP Déifferdeng begréisst d'Zesummenaarbecht vun eiser Stad mat dem Ausseministère, speziell mat dem Office national d'accueil. 190 Better am Hotel Karro, wou mer Proprietär sinn, dee mer kaf hu fir 12 an eppes Milliounen Euro, a 40 Better am Klenge Casino ginn de Krichsflüchtlingen aus der Ukrain zur Verfügung gestallt.

Follgend Froen dränge sech der LSAP op: Wéi vill Leit wunnen op deenen zwee Sitten? D'Zuel vun de Better muss net ëmmer d'Zuel vun de Persoune sinn. Leien dozou Lëschte vir? Ech denken a Fäll, wou e Feier wär oder esou, wou de CGDIS misst intervenéieren, dass een do genau weess, wéi vill Leit op deenen zwee Sitte wieren.

Dir sot, dass d'ONA géif d'Chargen iwwerhuelen, déi op deenen zwee Sitten ufalen. Vum Karro si mir jo Proprietär. Fir de Klenge Casino bezuele mir, souwäit ech weess, e Loyer vun 10.000 Euro de Mount. Fält dee Loyer ënner Chargen oder ginn déi zu Laaschte vun der Gemeng?

Säit Mäerz 2022 sinn déi zwee Sitte besat. Et dauert aacht Méint, bis eng Konventioun op fënnef Säiten alles reegelt an d'Conseilleren den Detail gewuer ginn. Ech fannen dat vill ze laang.

Ech soen dem Fierschter an deem Sënn och Merci. Ech wëll awer bei deem Merci eis Sportsveräiner net vergiessen, déi sech och eng grouss Freed draus maachen, fir déi Kanner opzehuele vun deenen zwee Sitten an hinnen d'Sportsinfrastrukture fir näischt offréieren. An och Uniforme fir näischt zur Verfügung stellen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Et geet ëm d'Validatioun vun der Konventioun, déi mam Office national de l'accueil gemaach ginn ass. Déi leeft de Moment bis den 8. respektiv 15. Mäerz.

Déi zwee Kontrakter kënnen ëmmer nees ëm ee Joer verlängert ginn.

Mir goufen informéiert, dass d'Flüchtlingen aus der Ukrain an deenen Hoteller, dem Klenge Kasino an Hotel Karro, ënnerbruecht gi sinn. Am Karro stinn 190 an am Klenge Casino 40 Better zur Verfügung.

D'Detailer vum Kontrakt goufe gesot, ech wäert net méi drop agoen. Déi Gréng stëmmen dëse Punkt.

E batteren Nogeschmaach bleift awer: Engersäits si mir am Krich, anerersäits, bei dësem Punkt komme mer net derlaanscht drun ze denken, dass mer direkt zwee Hoteller am Zentrum hunn, déi säit längerer Zäit eidel stinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Solle mer se eidel stoe loossen? Merci, Madamm Wohl. Här Hartung, wannechgelift.

*La bourgmestre et monsieur Ulveling ont pu constater que les premiers arrivés n'avaient pas encore assisté aux atrocités de la guerre. Ils sont arrivés mi-mars et se sont déjà bien intégrés.*
*Elle remercie le garde forestier qui s'est donné beaucoup de mal pour montrer la région aux enfants et à leurs familles. Il leur a montré le Giele Botter et a organisé des grillades. Merci pour son dévouement.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *salue le partenariat de la commune avec l'Office national d'accueil. La Ville met à disposition des réfugiés ukrainiens 190 lits au Karro, un bâtiment acheté pour plus de 12 millions d'euros, et 40 lits au Petit Casino.*
*Combien de personnes vivent-elles dans ces deux structures ? Existe-t-il une liste ? En cas d'incendie par exemple, le CGDIS aura probablement besoin de chiffres précis.*
*L'ONA paye les charges. Mais le Petit Casino n'appartient pas à la commune, qui verse un loyer de 10 000 € par mois. Les charges sont-elles incluses dans ce loyer ?*
*Guy Altmeisch constate qu'il a fallu huit mois pour préparer cette convention de cinq pages. C'est trop.*
*Il remercie à son tour le garde forestier ainsi que les clubs sportifs, qui mettent les infrastructures à disposition des enfants et qui leur offrent des uniformes.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *explique que la convention avec l'Office national de l'accueil porte jusqu'au 8 et au 15 mars.*
*Les réfugiés sont logés au Karro et au Petit Casino.*
*Nicole Wohl ne revient pas sur les détails du contrat, qui ont été expliqués. Les écologistes approuveront ce point.*
*La conseillère communale regrette deux choses : d'un côté, il y a la guerre ; de l'autre, la commune dispose de deux hôtels vides depuis longtemps dans le centre.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande à madame Wohl s'il aurait mieux valu les laisser vides.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que ce qui se passe en Ukraine et en Europe est terrible. Comme l'a dit la bourgmestre, il faut se montrer solidaires. Comme pour la question du logement, on pourrait regretter le fait que la répartition des réfugiés ne se fasse pas de manière plus équitable entre toutes les communes. Mais Jerry Hartung se dit content de vivre dans une commune agissant avec du cœur et de la raison.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *s'est rendu en Pologne le weekend où les premiers Ukrainiens sont arrivés pour aller chercher des réfugiés. Certains ont vécu des moments terrifiants. D'autres ont eu la chance de s'être enfuis avant que la situation n'empire. Il est évident que la commune devrait mettre les deux hôtels à disposition des réfugiés jusqu'à ce que la situation se calme dans leur pays.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *estime qu'il faut aider tous les réfugiés, peu importe leurs nationalités ou les raisons. Certains quittent leurs pays à cause de la guerre, d'autres pour des raisons économiques. Mais le Luxembourg ne les traite pas systématiquement de la même façon.*
*Ali Ruckert approuvera la convention, mais il trouve qu'on ne fait pas assez pour mettre fin à la guerre. Le gouvernement luxembourgeois n'essaie pas d'entamer des négociations, mais livre au contraire des armes à l'Ukraine. C'est regrettable.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *ne veut pas commencer une discussion sur les raisons de la guerre. Mais quelles solutions proposer à ceux qui ont commencé la guerre ? Quelqu'un dans la salle peut-il répondre à cette question ? Tout le monde souhaiterait des négociations.*

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Zur Konventioun selwer ass schonn alles erkläert ginn. Et muss een hei am Kader bedenken, datt dat, wat dëse Leit an hirem Hierkonftsland widderfiert – an dat an deem haitegen Europa – ass wierklech grausam. Do si mer an der Flicht, wéi Dir sot, Madamm Buergermeeschtesch, Solidaritéit spillen ze loossen.

D'Iwwerhuele vun de Käschte vun der ONA ass ugeschwat ginn. Effektiv kéint ee sech do méi eng gerecht Verdeelung iwwert d'Land, iwwer all d'Gemenge wënschen, mee ech mengen, dat ass dat selwecht wéi beim Theema virdrun. Beim abordabele Wunnengsraum hate mer dat selwecht, bei béidem kann een elo lamentéieren, datt aner Gemengen net esou vill maache wéi Déifferdeng. Mee ech muss awer ganz éierlech soen, ech si frou an enger Gemeng ze wunnen, déi oppen ass, déi mat Verstand an Häerz agéiert a sech këmmert.

D'CSV Déifferdeng stëmmt dës Konventioune mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech war dee Weekend, wou déi éischt Flüchtlingen zu Déifferdeng ukomm sinn, selwer Leit sichen, op eegen Initiativ, a Polen. Dat war keen einfachen Exercice, déi Leit ze gesinn, an hir Gesiichter ze blécken, déi wierklech grausam Saache matgemaach hunn. Wéi Dir selwer sot, vläicht och d'Chance gehat hunn ze flüchten, ier et wierklech ganz schlëmm ginn ass an et se selwer betraff huet.

Do gëtt et guer keng Diskussioun, dass mer direkt déi zwee Hoteller zur Verfügung gestallt hunn an déi Leit opgeholl hunn an hinnen d'Méiglechkeet bidden, sou laang drableiwen ze kënnen, bis sech d'Situatioun an hirem Heemechtsland berouegt huet.

Dat gesot, stëmmen ech dat heite mat fir déi Lénk. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, Flüchtlingen – egal vu wat fir enger Nationalitéit – deene soll een hëllefen. Onofhängeg dovun, firwat se hu musse flüchten. Hei sinn der, déi viru Krich flüchten. Anerer flüchten aus ekonomescher Nout. An ech mengen, et soll ee Flüchtlingen dann ëmmer gläich behandelen. Wat awer zu Lëtzebuerg net ëmmer geschitt.

Ech wäert fir déi Konventioun stëmmen, dass mir déi Flüchtlinge bei eis ënnerbréngen. Ech wëll awer gläichzäiteg soen, dass net genuch gemaach gëtt, dass dee Krich op en Enn geet, dass et en Enn um Verhandlungsdësch gëtt. An och d'Lëtzebuerger Regierung dréit näischt dozou bäi, mee se liwwert souguer Waffen an d'Ukrain, fir dass dee Krich nach verlängert gëtt. Dat fannen ech ganz bedauerlech.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll elo keng Diskussioun féieren iwwert de Krich an d'Ursaache vum Krich. Ech wëll awer froen: Wat fir eng Léisung hu mer, fir un de Verhandlungsdësch iwwerhaapt ze goen, mat iergendengem vun där Säit, déi dee Krich ugefaangen huet? Deen hätt ech gär emol heibannen, dee mer dat seet. Ech denken, mir wéilten all op dee Verhandlungsdësch goen. Awer einfach soen „Ech ënnerstëtzen et, souguer mat Waffen", ass einfach eng onméiglech Haltung, fannen ech. Et deet mer leed, mer sinn an enger Krichssituatioun, an dat gëtt eng Spiral. So ee mer, wéi mer

déi Spiral ophalen – awer konkreet, wannechgelift.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech kommen op déi zwou Konventiounen zréck, déi mer ganz gäre matdroen. An da komme mer hoffentlech zum Vott.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wann Der erlaabt, Här Meisch, wollt ech awer nach zwou, dräi Äntwerte ginn op Froen, déi hei gestallt gi sinn.

Wa mer vu vir ufänken: Déi Leit si komm an der Urgence. Mir hate Plaz an et wousst keen, a mir wëssen haut emol nach net, wéi laang se bleiwen. Dat wëll ech ganz kloer hei gesot hunn.

Här Altmeisch: Jo, mir bezuelen de Loyer vum Klenge Casino, wéi ech virdrun erkläert hunn, dass de Schäfferot dat am Fong als Solidaritéitsgest gesäit vis-à-vis vun deene Leit, den Apport vun der Gemeng Déifferdeng am Fong op d'Flüchtlingsproblematik.

An dann dierf ech Iech soen, dass net méi spéit wéi den 2. Dezember 2022, dat heescht an zwee Deeg, eng Sécherheetsübung am Karro gemaach gëtt vum CGDIS.
Da wollt ech der Madamm Wohl nach soen, mir schwätzen ëmmer vun Hotellen hei, kommt mir versetzen eis e bëssen zréck: Déi zwee Hotelle stoungen eidel. Do war keen dran. Mir hu vu Gemengesäit, vu Schäfferotssäit krampfhaft probéiert, Leit aus der Horesca ze kréien, fir de Karro oder de Klenge Casino ze iwwerhuelen. Mir hu kee fonnt.

Dass elo Flüchtlingen déi Hotellen an der Gemeng besetzen, soi-disant, dat ass fir mech – mir hu keng Leit fonnt aus dem Horesca-Secteur. Du sinn d'Flüchtlinge komm. Déi sinn esou komm, et hat kee se annoncéiert. Mir hu gesot: „Mir hu Plaz, mir hunn eidele Raum an Dir däerft dohinner." Ech hunn et virdru gesot, et wousst keen et an et weess och haut nach keen, wéi laang déi Leit do bleiwen.

Wat mer awer haut wëssen, dass ee vun deene Secteuren, deen am meeschten ënner der Pandemie plus dëser Kris leit, ass den Horesca-Secteur. Et si keng Leit do. Ech hunn Iech virun engem hallwe Joer oder aacht Méint gesot: „Mir hunn ee fir eisen Ikkuvium. Ech soen Iech awer net wien, bis de Kontrakt ënnerschriwwen ass." Wat ass geschitt: Dee Kontrakt ass ni zustane komm. Firwat? Finanzproblemer, Personalproblemer. An déi wäerte mir net léisen.

Da soen ech als Buergermeeschtesch: Ech si frou an houfreg, dass mir eidelstoend Gebaier Flüchtlingen zur Verfügung stellen. En plus e symbolesche Gest vun 100.000 Euro maachen, fir deene Leit ze hëllefen. A wa se dann eng Kéier ginn, hoffe mer, dass simultan an där Zäit dann och den Horesca-Secteur sech erholl huet, an dass mer Leit fannen, déi vläicht interesséiert sinn, de Klenge Casino ze iwwerhuelen. Dat ass dat eenzegt, wat ech an dëser Diskussioun ka soen.

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech sinn ugeschwat ginn. Ech hat keng Fro gestallt, ech wëll awer dorobber reagéieren. Ech sinn elo iwwert der Madamm Buergermeeschter hir Reaktioun e bëssen erstaunt. Och wa gesot gëtt, wa mer elo mat Flüchtlingen Hoteller besetzen, ech mengen, dat ass jo guer net hei de Punkt gewiescht. Et ass einfach esou, wa mer eppes fräi hunn, firwat sollte mer et net zur Verfügung stellen. Dat ass jo net eppes, wat ech a Fro gestallt hunn. Soss géif ech jo och net soen, mir géifen dat heiten ënnerstëtzen.

Mee et ass einfach esou, dass mer leider Hoteller och eidel stoen hunn – oder eidel stoen haten –, onofhängeg dovunner, wéi déi Situatioun elo ass a wéi déi Konventioun mam ONA ass an esou weider.

Ech wëll dat hei ganz kloergestallt hunn, dass ech net eppes dergéint hunn,

*Mais qui peut dire à Frenz Schwachtgen comment sortir de la spirale de la guerre ?*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *annonce que le DP approuvera les deux conventions et souhaite passer au vote.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *veut d'abord répondre à quelques questions.*
*Ces personnes sont arrivées dans une situation d'urgence et Differdange avait de la place. Personne ne sait quand elles pourront rentrer chez elles.*
*La commune paye le loyer du Petit Casino. Il s'agit d'une preuve de solidarité pour les réfugiés.*
*Le 2 décembre 2022, le CGDIS a tenu un exercice de sécurité dans le Karro.*
*Madame Wohl a abordé la question des hôtels. Mais ces deux hôtels étaient vides. Le collège échevinal a décidé de convaincre des personnes du domaine de l'Horesca de reprendre ces locaux, mais il n'a trouvé personne. Que des réfugiés occupent les deux hôtels est dû au fait que personne de l'Horesca ne voulait les rouvrir. Par ailleurs, personne ne sait combien de temps les réfugiés resteront à Differdange.*
*Ce qui est certain, c'est que les gens actifs dans l'Horesca sont ceux ayant souffert le plus de la pandémie et de la crise. Il y a huit mois, Christiane Brassel-Rausch pensait avoir trouvé un exploitant pour l'Ikkuvium. Mais le contrat n'a jamais été signé à cause de problèmes financiers et personnels.*
*En tout cas, la bourgmestre est contente et fière d'héberger les réfugiés dans des bâtiments vides et de faire un geste financier de 100 000 €. Et peut-être que quand le secteur de l'Horesca se sera repris, quelqu'un voudra gérer le Petit Casino.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *n'avait pas posé de questions et se dit étonnée de la réaction de la bourgmestre. S'il y a deux bâtiments vides, elle ne voit aucune raison de ne pas les mettre à disposition de réfugiés. D'ailleurs, elle soutient les conventions. Mais cela ne change*

*rien au fait que les deux hôtels étaient vides.*
*Elle veut bien loger des réfugiés dans des bâtiments vides, mais souhaitait aussi attirer l'attention sur le fait que la commune a du mal à dynamiser le centre-ville. Par ailleurs, prévoir 190 lits dans un hôtel à Differdange était peut-être exagéré. Mais le collège échevinal n'y peut rien.*
*(Votes)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention avec l'ASBL Valorlux.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'une première convention a été signée il y a deux ans concernant des emballages à jeter dans les sacs de Valorlux. Le prix forfaitaire se situe actuellement à 186 €/t. Mais avec la nouvelle méthode de calcul, le tarif passe à 202,70 €/t.*
*Le calcul est désormais basé sur le nombre de kilos par habitant livrés chaque année et sur le pourcentage de mauvais triage. Chaque année, des contrôles sont faits.*
*Selon Valorlux, le taux de Differdange se situe à 9 %, ce qui est excellent. Cependant, il faut essayer de le baisser pour que les gens trient leurs déchets de manière plus efficace.*
*Les valeurs sont de l'année précédente servent à calculer le prix de l'année en cours. La convention comprend quelques exemples de calcul. En tant que mathématicien, Paulo De Sousa n'est pas toujours convaincu, mais il accepte le mode de calcul.*
*Dorénavant, Differdange n'aura plus besoin de transporter ses déchets à Bech-Klengmaacher. La société Lamesch de Bettembourg s'en occupera. Bech-Klengmaacher se trouve à quarante kilomètres et Bettembourg à vingt kilomètres. Cela représente quelque 10 000 € km par an.*
*Malgré tout, il ne faut pas oublier que l'on parle de déchets, qu'il faut réduire. En 2025, le plastique jetable sera interdit. Tout à l'heure, il sera d'ailleurs question d'une convention avec SuperDrecksKëscht.*

dass mir Plaz, déi mir fräi hunn, zur Verfügung stellen. Mee ech wollt dat doten awer trotzdeem och eng Kéier gesot hunn, well dat weist, dass mer eisen Zentrum eeben net esou belieft kréien. A wann ech 190 Better gesinn, da soen ech mer, vläicht war dat och e bëssen héich gegraff, wou et gemaach ginn ass. Mee dofir ka kee Schäfferot. An dat wëll ech och hei eng Kéier kloer soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer dem Här Meisch sengem Wonsch entgéintkommen an zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention Karro relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire signée avec l'Office national de l'accueil.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention Klenge Casino relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire signée avec l'Office national de l'accueil.*

Villmools merci. Am Punkt 7d geet et ëm eng Konventioun iwwer eng Zesummenaarbecht mat der Gemeng mat der ASBL Valorlux. An dofir géif ech d'Wuert un den Här De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Hei geet et ëm eng nei Konventioun mat Valorlux. Viru ronn zwee Joer hate mer eng aner Konventioun iwwer Produkter, Verpackungen, déi mer neierdéngs an eis Tute geheie kënnen, ënnerschriwwen.

Hei an dëser Konventioun geet et ëm de Präis pro Tonn, dee mer kréien. Dat heescht déi Rechnung. Momentan besteet e Forfaitspräis vun 186 Euro pro Tonn. Mat där neier Method klëmmt de Präis fir d'nächst Joer op 202,70 Euro d'Tonn. An där Rechnung spillen zwee Facteuren eng Roll. Als éischt d'Mass, déi mer liwweren. Déi gëtt ëmgerechent a Kilogramm pro Awunner pro Joer.

Zweetens de Prozentsaz vu Sortéierungsreschter, gemooss wärend engem Kalennerjoer. Wärend dem Joer ginn e puer Stéchprouwe gemaach, fir dëse Prozentsaz ze definéieren.

Momentan leie mer bei 9 %, laut den Informatioune vu Valorlux. Wat e ganz gudde Wäert ass. Trotzdeem ass dat kee Grond, fir dësen Taux net nach weider erofzeschrauwen, datt den Tri bei de Leit doheem nach besser klappt.

Déi zwee Wäerter gi vum Joer n-1 geholl fir de Präis da fir d'Joer n. Dat heescht, fir d'nächst Joer ginn déi Wäerter vum Joer virdru geholl, fir eeben de Präis d'Joer drop ze rechnen.

An der Konventioun gesitt Der e puer Rechebeispiller, wou ech als Mathematiker heiansdo net richteg de Lien gesinn. Do gëtt et Spréng, domadder hunn ech e klenge Problem. Mee dat sinn eebe Rechnungen, wéi si se virhuelen.

Eng weider Info, déi net an der Konventioun steet, déi awer fir eis Gemeng ganz wichteg ass, ass datt mir mat dëser Konventioun net méi brauchen op Bech-Klengmaacher ze fueren, fir eis Valorluxtuten hinzeféieren. Lamesch ass bereet, eis Tuten zu Beetebuerg unzehuelen. Dat war eng Konditioun, déi Lamesch gesat hat, fir eis Tuten ze huelen.

Wat bedeit dat? Ech hunn eng Kéier gekuckt, wéi wäit et ass vun hei bis op Bech-Klengmaacher. Dat si 40 Kilometer. Bis op Beetebuerg sinn et der 20. Dat heescht d'Hallschent vum Wee spuere mer. Dat mécht iwwert d'Joer ongeféier 10.000 Kilometer. An do zielen ech mol nach net d'Zäit mat dran.

Wa mir hei vu positive Saache schwätzen, solle mer net vergiessen: Et ass awer nach ëmmer Offall. An dee musse mer kucken ze reduzéieren. Ab 2025 wäert et souwäit sinn, datt alles, wat

Einweg ass, verbuede gëtt. Spéider haut de Moien hu mer nach eng aner Konventioun, mat der SuperDreckskëscht, fir deem e bëssen entgéintzewierken.

Aus deenen ernimmte Grënn, géif ech Iech bieden, dës Konventioun ze stëmmen. Et bréngt der Gemeng vill, eleng duerch déi CO2-Bilanz, déi besser gëtt, well mer méi kuerz Weeër hunn. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

De Problemstoff Plastik gëtt duerch d'Valorlux net méi kleng an de Weltmierer, op den Deponien a Mikrodeeler an eisem Kierper herno an eiser Nahrung. Am Idealfall wier et jo, mir hätte guer kee Wegwerfplastik an den Einwegplastik wier scho längst verschwonnen. Ab 2025 soll dat dann de Fall sinn, wéi den Här De Sousa gesot huet.

Valorlux ass also e System, deen et besser ni gebraucht hätt.mMee e war eeben néideg, an ass trotzdeem e Schratt an d'Richtung, fir eisen Ëmgang mam Plastik ze verbesseren.

Valorlux ass gegrënnt ginn, am Fong, fir de Plastikmüll beschtméiglech ze recycléieren. All Aktioun, déi mer als Gemeng ënnerhuelen a Richtung Valorlux muss awer och eng Vermeidungsaktioun sinn. Dat heescht, de Message soll ëmmer un de Bierger goen: Kaaft keen Einwegplastik. Probéiert anescht eens ze ginn. Et gëtt aner Méiglechkeeten.

An dësem System mam neie Kontrakt sinn e puer Verbesserungen dran, notamment den Transport, d'Qualitéit soll verbessert ginn. Do ass et wichteg, dass een de Leit ëmmer erëm ganz kloer mécht, wat dora gehéiert a wat net. Well eemol am Joer ginn d'Camionen analyséiert an opgrond vun där Qualitéit gëtt de Präis festgeluecht fir e ganzt Joer. Finalement schléit de Präis vun der Entsuergung vun der Valorluxtut op de Portmonni vun der Gemeng an op de Portmonni vum Bierger herno zréck an den Taxen, déi ze bezuele sinn.

Wat och wichteg ass, an dësem Kontext ze ernimmen, dass mer als Déifferdenger Gemeng virun enger Zäit eng Neierung agefouert hunn, de Codage vun den Tuten. Wat mécht, dass all Tut erëmerkennbar ass, déi doruechter an der Landschaft läit. Do kann, am Fong, iwwert de Barcode gekuckt ginn, wou se hierkënnt.

Dat kann accidentel natierlech sinn, wa se mueres bei der Dier ewechgeblose gëtt an enzwousch anescht hiflitt. Mee wa se am Bësch läit, dräi Kilometer vun der Wunneng vun deem, dee se virun der Dier net wollt stoen hunn, mee an de Bësch gefouert huet, da wësse mer, wou se hierkënnt a mir kënnen eppes ënnerhuelen.

D'selwecht, fir d'Quantitéit vun deenen Tuten, déi pro Menage verdeelt ginn, e bëssen ënner Kontroll ze hunn. Well do gëtt et e ganze Koup Abusen a leschter Zäit ze bemierken.

Ech wollt dat dozou bäidroen. Déi Gréng sinn natierlech frou iwwer all Aktioun, déi hëlleft, Müll ze recycléieren, awer nach vill méi frou iwwer all Aktioun, déi hëlleft, Müll ze vermeiden. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité la nouvelle Convention de collaboration avec l'ASBL* Valorlux.

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären, de Punkt 7), Convention-cadre. Do geet et ëm déi berüümten Ecobox vun der SuperDreckskëscht. Ech géif dem Här De Sousa erëm direkt d'Wuert iwwerloossen.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Da fueren ech do weider, wou den Här

*Paulo De Sousa demande au conseil communal d'approuver la convention, car elle constitue une plus-value pour la commune.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *regrette que Valorlux ne serve pas à réduire le problème du plastique dans la mer, dans les décharges et dans nos corps pour ce qui est du microplastique. Le plastique jetable aurait dû être éliminé il y a longtemps, sans attendre 2025.*
*Valorlux n'aurait par conséquent jamais dû voir le jour, mais sa création était nécessaire pour améliorer la façon dont nous gérons le plastique. L'objectif de l'association est de recycler le plastique. Mais le message de la commune doit toujours être celui de ne pas acheter de plastique jetable. Il existe d'autres solutions.*
*Le nouveau contrat améliore le transport et la qualité du service. Il faut expliquer clairement aux gens ce qu'ils peuvent jeter dans les sacs, car des contrôles sont effectués une fois par an et servent à calculer le prix facturé. Bref, Valorlux est financée par les taxes du contribuable.*
*Frenz Schwachtgen rappelle que Differdange a introduit le codage des sacs. La commune peut donc découvrir qui jette des sacs n'importe où. Bien sûr, un sac peut être emporté par le vent, mais parfois on en retrouve dans la forêt. Il faut aussi contrôler la quantité de sacs distribuée aux ménages, car il y a des abus.*
*Les écologistes sont contents de chaque action servant au recyclage, mais préfèrent diminuer les déchets.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention concernant l'Écobox de SuperDrecksKëscht.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *continue là, où monsieur Schwachtgen s'est arrêté.*

*À partir de 2025, le plastique non réutilisable sera interdit. La Ville de Differdange ne veut pas attendre et souhaite proposer l'Écobox en partenariat avec SuperDrecksKëscht.*
*L'Écobox n'a pas encore été présentée à la Commission de l'environnement parce que tout est allé vite et le collège échevinal souhaite présenter l'Écobox à l'Horesca au Festival antigaspillage ce weekend.*
*Actuellement, deux entreprises travaillent avec l'Écobox et en sont satisfaites. Plus il y a d'entreprises qui participent, plus les habitants en tireront des avantages. Idéalement, il faudrait pouvoir emporter son Écobox dans tous les restaurants, chez le boucher…*
*Paulo De Sousa constate que pour les fêtes communales, l'Écobox n'est pas idéale, car elle n'est pas compartimentée. Mais il reste du temps pour trouver des solutions.*
*Pour ce weekend, la commune a commandé 150 Écobox à 5 €.*
*Paulo De Sousa répète qu'actuellement deux entreprises acceptent les Écobox à Differdange. Dans d'autres communes, les choses avancent aussi.*
*Les associations pourront aussi participer au système, mais l'échevin se rend compte que ce ne sera pas évident.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur De Sousa pour ses explications, car le dossier des conseillers communaux ne parle que de l'Écobox en relation avec les associations.*
*Il est dommage de ne pas mentionner les particuliers, qui sont aussi visés par l'Écobox.*
*Les associations et les communes organisent des fêtes et des évènements. Il y a encore quelques années, elles utilisaient beaucoup de plastique. Aujourd'hui, elles préconisent les bouteilles en verre, les barquettes et les assiettes en carton et le système Cup.*
*L'Écobox doit être lavée de manière professionnelle. Or les associations ne disposent pas des machines adéquates. Une association ne peut pas laver 3000 gobelets du système Cup à la main. Mais s'il reste de l'humidité dans les gobelets, ils deviennent gris. C'est un véritable problème. La machine net-*

Schwachtgen opgehalen huet: Müll vermeiden.

Wéi ech virdru scho gesot hunn, ab 2025 gëtt alles verbueden, wat Einweg ass. Mir als Gemeng starten elo schonn, fir dëst Zil ze erreechen. Dat heescht e Mehrweg-System op d'Been ze stellen.

Een éischte Schratt, dee mir ënnerhuelen, an Zesummenaarbecht mat der SuperDreckskëscht, ass, d'Ecobox ze offréieren.

Dee Punkt hei war nach net an der Ëmweltkommissioun. Déi Konventioun ass virun e bësse méi wéi enger Woch erakomm, a mir wollten d'Ecoboxen awer dëse Weekend um Antigaspi-Festival virstellen. Dat gëtt awer deemnächst nogeholl. Ass mam President vun der Ëmweltkommissioun schonn esou ofgemaach.

De Weekend um Antigaspi wëlle mer de Leit an den Horesca-Betriber dës Ecobox presentéieren, soudatt d'Netzwierk, wat d'SuperDreckskëscht schonn huet hei zu Déifferdeng, erweidert gëtt.

Momentan gëtt et zu Déifferdeng zwee Betriber, déi mat der Ecobox schaffen. An den Echo, dee mer héieren, ass ganz positiv.

Wat dat Netz an der Gemeng ëmmer méi grouss gëtt, wat eis Bevëlkerung méi dovunner profitéiert. Et wier ideal, wann een an all Restaurant, an all Liewensmëttelbuttek, an all Metzler, egal wou, seng Ecobox mathuele kéint an duerno ëmtauschen. Fir dee ganzen Einweg ze limitéieren – ech soen elo net eliminéieren, well eliminéiere kann ech mer net virstellen. Mee esou ze limitéieren, datt e bal op null geet.

Och op eise Fester musse mer ee System op d'Bee stellen, datt mer deem Einweg aus de Féiss ginn.

Déi Ecoboxe sinn net ideal, se sinn net kompartimentéiert. Fir eis Fester, dat heescht, fir Fritten ze zerwéieren, si se net gutt. Awer dofir hu mer jo nach e bëssen Zäit. Mir si scho mat hinnen am Austausch, fir do nei Varianten unzebidden.

Fir de Weekend hu mir 150 där Ecoboxe bestallt à fënnef Euro. Dat wäert duerno esou lafe wéi de Cup-System, awer net nëmmen um Fest, d'Leit kënne se mat heem huelen.
Hei zu Déifferdeng hu mer zwee Betriber, déi se schonn unhuelen, an anere Gemenge gëtt där och. De Weekend wëlle mer de Leit déi Ecoboxen e bësse méi no bréngen. Fir och herno d'Associatiounen, d'Veräiner matanzebannen. Ech mengen, dat ass keng einfach Saach, awer mir ginn elo op de Wee, fir déi och matanzebanne mat der Ecobox vun der SuperDreckskëscht.

Dat ass dat, wat ech heizou wollt soen. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech fannen dem Här De Sousa seng Erklärunge ganz gutt, zemools wann am Dossier, deen ech an der gesetzlech virgesinner Zäit kritt hunn, nëmme rieds ass vun enger Ecobox a Relatioun mat de Veräiner. Dat ass schued. Do ass d'Privatpersoun, wat jo och en Uspriechpartner ass vun der Ecobox, total vergiess ginn. Well déi Erklärungen, déi ech hei hunn, déi schwätze guer net dovunner.

Den Aktivitéitsberäich vun de Gemengen an de Veräiner besteet an der Organisatioun vu Fester an Evenementer. Viru Joren ass vill Plastik gebraucht ginn. Mëttlerweil hunn d'Veräiner sech ëmgestalt, benotze Glasfläschen, Barquetten an Telleren aus Kartrong an de Cup-System.

Déi nei Ecobox, wéi d'Bechere vum Cup-System, musse professionell gespullt ginn. D'Veräiner hu keng esou Maschinnen. Si packen et net, no engem Event 3.000 Becheren op der Hand ze spullen an ze dréchnen. Bleift Fiichtegkeet am Becher gëtt e gro an ass net méi ze gebrauchen.

Déi Becheren, musst Der wëssen, ginn a Këschte stockéiert, wou se aneneegestach ginn. Soudass Fiichtegkeet am

Becher bleift an en ënne gro gëtt. Esou eng grouss Mass kann net all opgestallt ginn, fir zwee, dräi Deeg dréchnen ze loossen. Déi Maschinnen hunn d'Veräiner net, fir se ze dréchnen. Do ass de Problem.

Momentan ginn d'Bechere vum Cup-System net méi professionell gespullt. D'Maschinn steet zu Ëlwen, Transport mam Camion ass deier, net ekologesch an de Präis vun der Spull ass explodéiert.

D'Problemer mat de Bechere sinn nach net geléist, elo kënnt eng nei Box aus Plastik derbäi. Eng weider Kautioun fir de Konsument a weidere Produit, dee mam Camion bei d'Spullmaschinn gefouert gëtt.

D'LSAP Déifferdeng gesäit de Cup-System an d'Ecobox als System vun der Zukunft, wa mir eng Spullstrooss an der Gemeng hunn. Eréischt da kann un en neit System geduecht ginn.

Zu dësem Zäitpunkt kënne mir net fir d'Këscht aus Plastik stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci alleguerten, ech kommen op den Antigaspi zréck. Hei ass ugeduecht, dass d'Veräiner, wa se herno op hirer Festivitéit ze vill Iessen iwwreg hunn, dass d'Leit dat kënnen an der Ecobox mat heem huelen.

Hei stellt sech alt erëm d'Fro vun der Responsabilitéit: Ech mengen, d'Leit sinn net ëmmer ganz verstänneg, déi huelen hir Box mat heem, déi fuere fir d'éischt an de Kino oder si féiere se zwee, dräi Deeg am Auto mat hin an hier an dann iesse se et iergendwann eng Kéier an da gi se krank dovunner. Ass dat gekläert, wat da geschitt oder net? Well soss kënne mer och Ecoboxen huelen an d'Iessen erausginn, wat an de Maison-relaisen ze vill ass, theoreetesch.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och dem Här De Sousa fir d'Erklärungen.

Wéi dem Här Altmeisch, war et mir och direkt opgefall an der Konventioun, dass do just d'Veräiner drastinn, wat e bësse schued ass, well den Här De Sousa huet gesot, haut si just zwee Restauranten um Gebitt vun der Gemeng, déi d'Ecobox aktuell ubidden.

D'Ecobox gëtt et awer scho säit 2018, hunn dat grad nogekuckt. Ech fannen dat e bësse schued, dass mer et just op d'Veräiner begrenzen. Sécherlech hu mer och net d'Muecht, fir Restauranten ze zwéngen, fir se ze benotzen. Mee wat een awer maache kéint als Stad Déifferdeng ass, dass ee Sensibiliséierungscampagnë mécht, d'Restauranten aluet zu enger Informatiounscampagne, e bësse méi insistéiert bei de Restauranten, dass et déi Ecobox gëtt oder éischter Reklamm dofir maachen.

Ech hu mech e bësse mat deem Gesetz auserneegesat, wat Der ernimmt hutt, Här De Sousa, mat dem Single-use Plastic, deen elo scho verbueden ass an ab 2025 wierklech richteg stramm mat deem Verpackungsmüll à usage unique verbuede gëtt. Ech mengen, bis dohinner missten eis Restaurante prett sinn, fir dann Ecoboxen oder vläicht iergendeen anert System en place ze hunn.

Ech fannen et déi richteg Richtung, och am Sënn vun Antigaspi, mee et kéint ee méi Reklamm dofir maachen als Stad Déifferdeng, wou mer nëmme kënnen. Dat gesot, stëmmen ech dat heiten natierlech mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Schwachtgen, wannechgelift.

*toyant les gobelets se trouve à Troisvierges. Le transport en camion coute cher et n'est pas écologique.*
*Et voilà que le collège échevinal veut ajouter l'Écobox, ce qui signifie une nouvelle caution pour le consommateur et plus de transports en camion. Pour les socialistes, l'Écobox et le système Cup ne devraient être utilisés que quand Differdange disposera d'une machine pour les laver. Ils n'approuveront pas la boite en plastique.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *signale qu'à la fin du Festival antigaspi les gens pourront emporter leurs repas chez eux en Écobox. Mais qui sera responsable si ces personnes gardent la boite dans leurs voitures plusieurs jours, mangent ensuite les restes et tombent malades. Car autrement, la commune pourrait tout aussi bien utiliser les Écobox en maison relais.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *trouve dommage, comme monsieur Altmeisch, que seules les associations soient mentionnées dans la convention, car actuellement, seuls deux restaurants s'en servent. Il rappelle que l'Écobox existe depuis 2018. Certes, la commune ne peut pas forcer les restaurants à utiliser les Écobox, mais elle peut lancer une campagne de sensibilisation ou inviter les restaurants à une réunion d'information pour les expliquer les avantages.*
*Eric Weirich a lu la loi concernant le single use plastic qui sera interdit à partir de 2025. À ce moment-là, les restaurants feraient bien d'adopter les Écobox ou un système similaire.*
*Eric Weirich trouve que ce projet va dans la bonne direction même s'il faudrait que Differdange en fasse davantage la promotion.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *juge l'Écobox tout comme Valorlux positifs dans l'ensemble. Si par exemple il n'arrive pas à terminer son steak au restaurant, il pourrait se le faire emballer dans son Écobox.*
*Monsieur De Sousa a expliqué pourquoi le projet n'est encore passé par la Commission de l'environnement. Autrement, les questions de monsieur Altmeisch auraient peut-être été inutiles. Frenz Schwachtgen propose que la Commission discute du projet et qu'elle fournisse ensuite toutes les données.*
*Par ailleurs, le conseiller est représentant de Differdange au Sidor. Les communes membres ont décidé d'aménager un tunnel de lavage à Sanem. Il serait géré par le CIGL. Cela signifie qu'il ne serait plus nécessaire de transporter les gobelets et l'Écobox loin. En revanche, Frenz Schwachtgen ne sait pas si le tunnel fonctionne déjà.*
*Pour ce qui est des Écobox, il existe des conditions d'hygiène à expliquer aux associations. Il en sera question au Festival antigaspi ce weekend.*
*Pour les écologistes, il est évident que Differdange doit participer au projet. Lorsque le système Cup a été introduit il y a quelques années, le scepticisme était fort dans le pays. Entretemps, le système est très bien perçu même s'il faut parfois laver les gobelets avec les moyens du bord. En tout cas, il s'agissait d'un pas dans la bonne direction.*
*L'Écobox doit faire ses preuves, mais il y a toujours une phase de lancement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que le tunnel de lavage de Sanem est déjà en fonction. La commune s'y rend au lieu de Clervaux.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que la convention mentionne les associations et les clubs parce qu'il est plus facile d'établir le lien avec eux. Ils vont d'ailleurs aidé la commune à faire la promotion du projet auprès des restaurateurs, qui seront en contact avec les clients.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

De System Ecobox wéi Valorlux ass eng Saach, déi positiv ze gesinn ass, am grousse Ganzen. Mer mussen et just un d'Leit bréngen an hinnen et och verständlech maachen. Ech sinn och der Meenung, dass et soll erweidert ginn, wann ech mäin Doggybag wëll aus dem Restaurant mathuelen, well ech de Bifdeck nëmmen hallef gepackt hunn, kann ech meng Ecobox mathuelen, amplaz, dass ech et a Stanniol verpaakt kréien a mat heem huelen.

Dat sinn elo d'Ausféierungsbestëmmunge vun esou enger Konventioun, wat verbesserungsfäeg ass a muss erschafft ginn. Dat war och meng Reaktioun op dat, wat den Här De Sousa gesot huet. Effektiv, d'Ëmweltkommissioun huet sech nach net mam Theema befaasst, soss hätte mer vläicht déi Froen, déi den Här Altmeisch elo gestallt huet, méi kloer gehat. Ech sinn der Meenung, dass mer elo op déi Ausféierungsbestëmmungen, wéi mer op déi Froen do reagéieren an och kontrolléieren, ob et esou ass, ganz flott an der Ëmweltkommissioun kënne reagéieren an dann all d'Donnéeë liwweren, déi néideg sinn.

Do ass nämlech eng ganz wichteg Donnée. Ech si Vertrieder vun der Gemeng am Sidor. An am Sidor ass mat deenen eelef Südgemengen decidéiert ginn, dass mer eng Wäschstrooss an d'Gemeng Suessem kréien, déi vum CIGL bedriwwe gëtt. Soudass de wäite Wee op Ëlwen ewechfält, an dat ass dann do och professionell. Ech schwätzen elo vun de Becheren, vum Cup-System, mee dee kann een och ausweiden op eng Ecobox. Dat ass d'Richtung.

Ech weess awer elo net, ob déi Strooss scho fonctionéiert. Mengen Informatiounen no, jo. Ech hunn et in der Kürze net fäerdegbruecht ze verifiéieren. Allzäit ass et emol esou, dass d'Veräiner respektiv d'Gemeng net brauchen de Wee ze maachen. Op kee Fall d'Veräiner, mee d'Gemeng géif dat op de grousse Fêten iwwerhuelen an dann eeben déi Becheren hygieenesch géif erëm zréckliwweren, wéi dat sanitär och soll sinn.

Dat selwecht steet am Ecobox-Kontrakt, dass déi Weeër vun Nahrung a vun Nahrungsoffall sech net däerfe kräizen an esou virun. Do gëtt et eng Partie hygieenesch Virschrëften, déi de Veräiner nobruecht ginn. Den Här De Sousa huet gesot, dass de Weekend iwwer Antigaspi geschwat gëtt, do wäert een déi néideg Informatiounen dozou kréien.

Fir déi Gréng ass et selbstverständlech, dass mer do matmaache sollen an deem ganz positiv géintiwwer stinn. Et ass wéi beim Cup-System virun x Joren. Wéi mer deen agefouert hunn oder wéi deen iwwerhaapt am Land agefouert ginn ass, war am Ufank ganz, ganz vill Skepsis do: „Wou komme mer hin domat?“, „Mir hunn eis Becheren“ an esou virun an esou weider.

Mëttlerweil gëtt awer am ganze Land iwwer Cup-System d'Gedrénks erausgeschott an och gespullt, mat de Moyens du bord heiansdo, ginn ech zou, mee ech mengen, dat war e Schrack an déi richteg Richtung. An d'Ecobox muss sech och beweisen. Fir alles gëtt et eng Ufanksphas. An deem Sënn kann et nëmme gutt goen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ulveling, Dir wollt eppes soen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt just soen, dass d'Spullstrooss zu Suessem scho fonctionéiert. Mir fueren elo op Suessem amplaz op Clierf.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

An där Konventioun steet Associatiounen a Veräiner, well mir de Lien mat deene kënne maachen. Et steet och dran, datt si eis ënnerstëtze fir Sensibilisatiounscampagnen. An dovunner profitéiere mer, fir bei d'Restauranten ze goen, fir déi ze sensibiliséieren. Well do wäert herno de Client méi Kontakt hunn.

Mir gesinn des Ëfteren, wa mer iesse ginn, datt mer d'Reschter meeschtens mat heem huelen an enger Barkett, déi meeschtens doheem och dann erëm direkt an d'Dreckskëscht flitt. Här Altmeisch, mir vläicht net, awer dat gesäit een ëmmer méi. An déi Ecobox hëlt een erëm mat – déi gespullt ass, esou hygieenesch si mer. A si spulle se jo selwer.

Fir déi 150 Ecoboxen de Weekend hu mir hei am Hall O eng professionell Spullmaschinn. Mir brauchen elo nach net op Suessem fueren. Fir déi 150, déi mer fir de Weekend bestallt hunn, kënne mir eis Spullmaschinn hei am Haus benotzen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Eng kleng Saach nach. Ech si frou, dass mer als Veräiner gewuer ginn, dass mer dat kënnen op Suessem féieren. Dat ass eng Neiegkeet, déi mir net woussten. Et wär net schlecht, wann d'Veräiner dat géife schrëftlech matgedeelt kréien. Déi hunn nämlech nach e Stock vun enger gewëssener Zuel vum Cup-System. Déi wëssen dat net. Soss géifen déi déi Becheren emol ofginn, fir dass déi kéinte professionell gewäsch ginn. An da géif een dat erëm demarréieren, sou wéi een et soss hat. Dat wär eng gutt Informatioun un eis Veräiner dat do.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Mir huelen dat mat. Och déi aner Iddien, déi opkomm sinn, huele mer mat an da kucke mer, ob Der eng Äntwert kritt. Kënne mer zur Ofstëmmung kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la Convention-cadre réglant la participartion à l'action Ecobox de la SuperDrecksKëscht.*

Villmools merci. Am Punkt 7) geet et ëm e Contrat de bail fir e Logement social, en Haus an der Rue de la Chapelle. D'Haus gouf ongeféier wärend aacht Joer op Demande vun der Stad Déifferdeng vum Fonds du Logement geréiert. Respektiv d'Locatairen haten e Kontrakt mam Fonds du Logement. Vu datt mir als Gemeng elo e Service Logement hunn, hu mer decidéiert, d'Gerance selwer ze maachen. Da brauche mer als Konsequenz de Fonds du Logement net méi dofir ze bezuelen.

Vu datt mir als Gemeng beim Kaf vun engem Haus e Subsid vum Logementsministère kréien, wäert punkto Loyersberechnung näischt fir d'Locatairen änneren. Mir mussen de Loyer abordable, wat fréier de Loyer social war, applizéieren, wéi och de Fong dat all Joer gemaach huet. De Loyer ass haaptsächlech ofhängeg vum Revenu vun de Locatairen. D'Formel, fir de Loyer ze berechnen, entsprécht engem Règlement grand-ducal, wat ugewannt gëtt.

Wat wichteg ass: Wa mir et an eisem Patrimoine hunn, wësst Der, dass mir fir all Sozial- oder abordabel Wunneng als Gemeng esou vill Sue pro Mount kréie vum Ministère.

D'Leit bleiwen dran, an et leeft ëmmer op ee Joer.
Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mat dëser Propositioun si mer frou, dass d'Gemeng dat iwwerhëlt. Mir hunn awer eng Fro. Dat ass änlech wéi mam Gebai, wat nieft der Kierch steet zu Nidderkuer. Zu Nidderkuer ass e Paschtoueschhaus. Souwäit mer gesinn, ass dat net méi besat. Ass et besat? An ass et och verlount?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, et ass amgaangen. Mir hunn d'Demanden erakritt.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat war meng Fro.

*Actuellement, lorsqu'au restaurant, on demande d'emporter les restes du repas, ceux-ci sont mis dans une barquette à jeter à la poubelle le lendemain.*
*La commune dispose d'un lave-vaisselle professionnel pour les 150 Écobox du weekend. Il ne sera donc pas nécessaire de se rendre à Sanem.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne savait pas que la vaisselle pouvait être livrée à Sanem. Il faudrait penser à en informer les associations par écrit. Certains ont encore des gobelets et ne savent pas qu'ils peuvent être lavés professionnellement.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *prendra en considération toutes les idées qui ont été lancées.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à un contrat de bail pour un logement social dans la rue de la Chapelle. La maison en question a été gérée pendant huit ans par le Fonds du logement. La commune disposant désormais d'un service du Logement, elle n'a plus besoin d'en charger le Fonds du logement.*
*La commune va toucher un subside de la part du ministère du Logement pour l'acquisition de la maison. Pour les locataires, le loyer n'évoluera pas. Il est calculé sur la base d'un règlement grand-ducal.*
*En ce qui concerne la commune, elle touche un subside tous les mois pour chaque logement faisant partie de son patrimoine.*
*Les baux sont reconduits d'année en année.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se dit content de ce projet. La situation est similaire à celle du presbytère de Niederkorn. Celui-ci est-il occupé ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que la commune a reçu des demandes. Il en sera question au sein du conseil communal en décembre ou en janvier.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à l'avenant d'un contrat de bail entre le CIGL et le centre médicosocial.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *explique que l'avenant porte sur deux mois et concerne l'Internetstuff du CIGL, qui voudrait y tenir un projet de gaming à partir du 31 décembre.*
*Paulo Aguiar a déjà présenté les objectifs du projet. Il s'agit de faire profiter les jeunes d'un projet d'intégration dans ce local.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que monsieur De Sousa a expliqué tout à l'heure que la commune voulait louer le magasin de monsieur Jos Glauden pour neuf ans. La commune veut redynamiser le centre-ville.*
*L'idée est de trouver un locataire qui vive à l'étage et travaille au rez-de-chaussée. Le collège échevinal estime le devoir à monsieur Glauden, qui s'est toujours énormément investi pour le commerce de Differdange. Deuxièmement, le site est intéressant stratégiquement. Il se trouve en pleine zone piétonne, qui semble plus déserte maintenant que ce magasin est fermé. La commune a décidé de relever le défi et de chercher quelqu'un qui vive et travaille dans la même maison.*
*Christiane Brassel-Rausch signale par ailleurs que monsieur Glauden dispose d'une vaste collection d'appareils-photo. Elle a déjà téléphoné au CNA, mais n'a pas encore obtenu de réponse. Dans un premier temps, il va s'agir d'évaluer la collection.*
*La bourgmestre rappelle que celle-ci a été léguée à la commune.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch ajoute que le collège échevinal voudrait trouver des synergies avec le musée des Marionnettes. Mais il faudra du temps.*
*En attendant, le contrat dont il est question démarre le 1er janvier et porte sur neuf ans. Le loyer se*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et gëtt gekuckt. Also dat wäert elo an den nächste Gemengerot kommen, Dezember oder Januar, spéitstens Januar ass et dran, wien et kritt huet. Mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bailavec madame Sandy Frey et monsieur Albano Da Cunha Magalhaes pour un logement social dans la rue de la Chapelle à Differdange.*

Villmools merci. Et geet virun, de Punkt 5g, eng Konventioun mam CIGL. En Avenant zu engem Contrat de bail tëschent dem CIGL an dem Centre médico. An d'Wuert kritt den Här Aguiar.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, et geet hei ëm en Avenant vun zwee Méint mam Centre médico. No der Kënnegung vum CIGL senger Internetstuff fir den 31. Dezember kënnt hei de Projet Fir for Gaming eran. Ech hunn Iech dëse Projet mat sengen Ziler an der Kommunikatioun virgestallt. Als klenge Rappell: Et geet hei drëm, dass Jonker vun engem Integratiounsprojet fir de Gaming an dësem Lokal kënne profitéieren. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant au contrat de bail signé avec le CIGL Differdange pour un local situé au rez-de-chaussée du Centre médico-social à Differdange.*

Villmools merci. Dat nächst, dat ass elo eppes méi Neies. Den Här De Sousa huet et a senger Budgetsried gesot, dass mir dem Jos Glauden säi Geschäft fir néng Joer ënner Vertrag huelen. Et ass e grousst Areal a ganz interessant. D'Cellule économique ass och drun interesséiert, mir hunn eng Wunneng derbäi.

Mir sinn amgaangen, den Zentrum nei ze dynamiséieren, fir erëm Leit dohinner ze kréien. Fréier war dat jo esou, dass d'Leit do gewunnt hunn, wou se geschafft hunn. Mir sinn um Wee, dorop hinzeschaffen, fir do een eranzekréien, deen dann och uewe wunnt an ënne schafft.

Mir denken, éischtens si mer vläicht dem Här Glauden dat an enger gewëssener Mesure schëlleg, well e sech immens, immens fir d'Geschäftsliewen hei zu Déifferdeng agesat huet. Dat kann een nu wierklech net verleegnen. Zweetens ass et eng strateegesch interessant Plaz, si läit matten an der Foussgängerzon, déi, komescherweis liicht méi déserte ausgesäit, säitdeem et d'Geschäft net méi gëtt.

Soudass mer als Gemeng geduecht hunn, mir ginn dee Schrëtt. Mir huelen deen Defi un a sichen ee Kandidat, am Sënn, wéi gesot, nei denken, fir Wunnen a Schaffen zesummenzebréngen.

Wat mer och nach gemaach hunn, Dir wësst, den Här Glauden huet eng riseg Sammlung vu Fotoapparater iwwer Joren ewech. Mir sinn amgaangen ze kucken – ech hunn dem CNA schonn ugeruff, hunn awer nach keng Äntwert kritt –, mir mussen éischtens déi Sammlung jo mol schätze loossen. Zweetens huet d'Gemeng déi Sammlung als Don kritt, als Leihgabe kritt, an d'Iddi ass schonn ugeklongen, fir se vläicht mam Marionettemusée, mam Poppemusée ze vereinbaren.

Mee wéi gesot, dat si laang Weeër. Et dauert laang, mee mir sinn um Wee. Dee Kontrakt fänkt den 1. Januar fir néng Joer un. Dat Ganzt fir 3.000 Euro de Mount. Déi mir natierlech dem neie Locataire tel quel esou weiderfacturéieren.

Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et huet mech iwwerrascht, dass mer elo schonn dëse Contrat de bail commercial um Ordre du jour hunn, fir ze stëmmen. Hei geet et ëm d'Fotosgeschäft vun eisem fréiere Kolleeg, dem Här Glauden, deen eis nach net esou laang fir ëmmer verlooss huet. Et passt an d'Konzept, wéi den Här De Sousa bei der Virstellung vum Budget gesot huet, dass d'Gemeng 800 m2 Geschäftslokal huet, fir ze verlounen. Fir esou mat ze decidéieren, wien a wat an dëst kënnt.

Meng Richtung war e wéineg aneschters gaangen. Ech erlabe mer, dat awer och ze soen. Ouni Denkstatt vu Basel ze ruffen, géif ech mer erlaben, hei de Service médias ze proposéieren, deen an d'Konzept géif passen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Saeul, mir hunn Iech ganz schlecht verstanen. Dir musst de Mikro umaachen.wWann Der Är Propos nach eng Kéier wëllt widderhuelen, well mir hunn Iech ganz schlecht verstanen.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Ouni Denkstatt vu Basel kommen ze loossen, géif ech mer erlaben, hei de Service médias ze proposéieren, welchen an d'Konzept géif passen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

De Service médias ze proposéieren, firwat?

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Fir do ze schaffen. Vu dass mer souwisou Plazmangel hunn. Fir do ze schaffen. An d'Leit wären natierlech och dann interesséiert, mol mat der Fotografin Fotoen ze kucken, wat an Déifferdeng passéiert ass oder esou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir huelen d'Propos mat. Wéi gesot, et ass nach näischt decidéiert. Mir wollten Iech elo just soen, dass ab den 1. Januar dee Geschäftsraum zur Verfügung steet, an dass mer dichteg dru sinn ze kucken, well et strateegesch esou wichteg ass, wat mer domadder maachen.

D'Madamm Pregno an duerno den Här Altmeisch.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, fir d'Wuert. Dat wat ech elo wäert soen, dat gëllt och fir déi Kontrakter, déi nach erfollgen, an där nämmlechter Logik sech zeechnen. Mir als déi Gréng ënnerstëtzen, dass d'Gemeng sech an dee Marché amëscht, well mer et immens wichteg fannen, dass d'Gemeng eng Main-mise drop behält a virun allem och d'Geschäftswelt vun Déifferdeng hëlleft ze steieren.

Mir hunn en Zentrum, deen ëmmer méi eidel gëtt. Ech denken, dass et immens wichteg ass, dass d'Gemeng erëm probéiert, Acteur ze spillen, ënner anerem mat dem Konzept Wunnen a Schaffen zesummen ze verbannen. Do kann eppes immens Flottes entstoen. Virun allem à éviter, an ech mengen, dat ass d'Logik, un där geschafft gëtt, dass et eng eidel Vitrinn gëtt, wou vläicht just e Labo moies vun hallwer siwe bis zéng funktionéiert oder eng Agence mat just e puer Fotoen an der Fënster oder wou kee Passage ass.

Mir musse wierklech probéieren, e Passage a Fluxen an den Zentrum ze kréien, well soss geschitt weider dat, wat mer alleguer fäerten, dass déi ganz Geschäftswelt weiderhin a Richtung neie Quartier Plateau du funiculaire wandert a mer e ganz eidelen Zentrum kréien.

Wann ech awer dëse Kontrakt gesinn, wéi och déi nächst Punkten, déi kommen, gesinn ech, dass eis Cellule économique de développement eng super Aarbecht leescht, andeems se nei Iddie bréngt a ganz nei Sparten opmécht, fir de Stadkär e bëssen ze beliewen. Vun eis e grousse Merci. Mir ënnerstëtzen dëse Punkt.

*chiffre à 3000 € par mois et sera facturé tel quel au nouveau locataire.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *s'étonne que ce contrat de bail commercial figure déjà à l'ordre du jour. Il est question du magasin de photos d'un ancien collègue, monsieur Glauden, qui est mort il y a peu. La commune souhaite louer ce local de 800 m2 et pourra décider à qui le louer et quand.*
*Christiane Saeul ne pense pas qu'il soit nécessaire de contacter la société denkstatt de Bâle pour élaborer un concept. Elle propose le service Médias et Communication.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *a mal compris ce que madame Saeul vient de dire.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *propose le service Médias pour ce concept.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ne comprend pas ce que le service Médias vient faire ici.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *rappelle que la commune manque de place et que les gens voudraient voir avec la photographe ce qui se passe à Differdange.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond qu'aucune décision n'a été prise. Mais le local sera disponible à partir du 1er janvier et il faudra voir quoi en faire.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *souligne l'importance pour la commune de s'engager sur cette voie pour garder la mainmise sur les commerces ouvrant à Differdange. Le centre-ville se vide. La commune doit être actrice du futur développement. Trouver quelqu'un qui vive et travaille dans cette maison est une idée chouette. Il faut éviter que le local ne devienne une vitrine vide. Par exemple, un laboratoire ouvert de 6 h 30 à 10 h ou une agence immobilière avec quelques photos. Si la commune ne parvient pas à créer un passage dans le centre, les commerces vont finir par se déplacer en direction du plateau du Funiculaire et le centre sera complètement vide.*

*Ce contrat démontre que la Cellule de développement économique fait du bon travail et qu'elle apporte des idées intéressantes.*
*Les écologistes approuveront ce point.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *se demandait ce qui allait arriver à l'appartement. Le collège échevinal a donné une réponse fantastique. Le concept de work and live est génial. Dans le cadre d'un projet sur lequel Eric Weirich a travaillé, il a aussi essayé de créer des unités de logement et de lieu de travail. Cette idée est bonne.*
*Pour le reste, madame Pregno a tout dit. On ne peut pas s'attendre à ce que le marché régule le commerce. La commune doit donc se montrer proactive, acquérir des locaux commerciaux et créer des concepts comme celui des magasins éphémères.*
*Eric Weirich approuvera le contrat.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *annonce que le CSV approuvera le contrat de bail. Le prix est raisonnable et le projet va dans le sens de ce que monsieur Glauden, qui s'est toujours investi pour les commerçants, aurait voulu. Sans compter la cave, le prix est de 5,77 €/m2, dont 342 m2 pour le commerce et 178 m2 pour l'appartement.*
*L'idée de combiner logement et travail est chouette. Il faudra juste trouver la bonne personne. Jerry Hartung aurait préféré une acquisition pour assurer la continuité du commerce, mais le contrat porte tout de même sur neuf ans.*
*Le site est stratégique. La location s'inscrit dans la continuité des acquisitions de la part de la commune pour dynamiser les commerces. Comme l'a dit madame Pregno, il faut du passage pour que les magasins fonctionnent. À la commune de choisir le bon commerce.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *regrette que l'état des lieux ne figure pas dans le contrat de bail. Il en a souvent signalé l'importance.*
*Quand on connait les difficultés pour louer un local de commerce, il se dit choqué du fait que ce contrat de bail porte sur neuf ans. En plus, il ne peut pas être résilié. La com-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hat a menger Virbereedung fir haut a mengen Notte stoen: Wat geschitt mat där Wunneng? Dorop hutt Dir elo eng fantastesch Äntwert geliwwert. D'Konzept vu work and life, Wunnen a Schaffe méi no bréngen, ass genial an absolutt ënnerstëtzenswäert. Dat hat ech och an engem Wunnprojet, wou ech och emol aktiv war. Do hu mer versicht, esou Unitéiten ze schafen, dass een ënnen zum Beispill Geschäftsraim huet an um éischte Stack gewunnt huet. Dat hei ass e bëssen déi Iddi, dat fannen ech absolutt gutt.

Pour le reste schléissen ech mech de Wierder vun der Madamm Pregno un, déi elo alles gesot huet, fir de Stadzentrum ze revitaliséieren, fir erëm eng Geschäftswelt dohinner ze kréien. Ech mengen, et kann ee sech net drop verloossen, dass de Marché dat reegelt. Visiblement mécht en dat net. Dohier ass et absolutt net verkéiert, dass een als Gemeng da proaktiv gëtt, Geschäftsraum opkeeft oder lount op laang Zäit, nei Weeër geet, nei Konzepter entwéckelt – wéi och eise Pop-up-Store, deen net wäit ëm den Eck ass – an déi Saach an de Grapp hëlt a kuckt, erëm Liewen eranzekréien. Ech stëmmen dat hei ganz gär mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Weirich. Den Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, ech schécken direkt viraus, datt d'Déifferdenger CSV dëse Contrat de bail matstëmmt.

Hei muss ee soen, datt d'Locatioun zu engem ganz räsonabelen a faire Präis mat der Proprietärin stattfënnt. Dat ass ganz am Sënn vum Här Glauden, dee sech immens vill an d'Geschäftsliewen hei zu Déifferdeng abruecht huet.

Ouni d'Fläch vum Keller leie mer bei 5,77 Euro de Meterkaree, dovun 342 Meterkaree Commerce an 178 Meterkaree Wunnfläch.

D'Iddi, fir Wunnen a Schaffen ze kombinéieren, ass ganz flott. Mir hoffen, datt mer déi richteg Persoune fannen. Fir eis ass et wichteg, datt do eng Kontinuitéit ass. Obwuel et eng Locatioun ass. Mir hu jo léiwer e Kaf, fir eeben d'Kontinuitéit ze assuréieren. Mee doduerch, datt de Kontrakt op néng Joer leeft, ass déi Kontinuitéit jo dann och hei ginn.

Dës Plaz ass strateegesch immens wichteg. Si reit sech an déi sëllege Keef vun der Gemeng vun anere Commercen an, fir eeben dës ze beliewen, soudatt hei interessant Geschäfter hikommen, wou dann, wéi d'Madamm Pregno scho sot, och déi richteg Geschäfter kommen, wou vill Passage ass, wat d'Leit brauchen. Mat dësem Prozess huet d'Gemeng et an der Hand, datt hei nees séier e richtege Commerce hikënnt, wat wichteg fir d'Attraktivitéit an den Image vun eiser Stad ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Den Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, eng Saach, déi mer feelt am Contrat de bail commercial – ech hunn et schonn des Ëfteren erwäänt –, dat ass en État des lieux. Dat gouf a kengem Saz erwäänt. Dat ass awer ganz wichteg.

Da sinn ech erféiert, wëssend, wéi schwéier et ass, fir e Geschäftslokal ze verlounen, brénge mir et fäerdeg, e Contrat de bail ze maachen op néng Joer, dee vu kenger Säit ka gekënnegt ginn. Dat heescht, mir engagéieren eis als Gemeng do wärend néng Joer, ob mir ee fannen oder net, mol de Loyer ze bezuele vun 3.000 Euro.

Da gëtt vun der Gemeng nach eng Garantie bancaire verlaangt vu 6.000 Euro. Dat ass jo awer scho méi wéi fragwürdeg.

Des Weideren soen ech, et ka jo net Sënn an Zweck sinn, wéi elo hei am Sall gesot ginn ass, dass d'Gemeng, déi e Geschäftslokal ulount, et da weiderverlount oder weider zur Verfügung stellt un ee Service, deen der Gemeng scho gehéiert. Well da brauche mer d'Wunneng uewendrop jo net ze lounen. Ech menge jo net, dass dat eng Kéier a Considératioun geholl gëtt.

Ech fannen, déi Zäit, déi Durée vun néng Joer, déi net gekënnegt ka ginn, bei deem Loyerspräis do riskéiert a sech wäit zur Fënster erausgeleuecht. Wëssend, wéi d'Situatioun an der Geschäftswelt zu Déifferdeng ass. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Ech soe just, dass mir ganz vill Vertrauen an eis Cellule économique hunn, an dass mir dat färdegbréngen.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec madame Christine Glauden pour une surface commerciale incluant un logement de service au n^o 13-17 de l'avenue de la Liberté à Differdange.*

Villmools merci. Am nächste Punkt geet et ëm d'Markenhaus, och eng Locatioun. Dofir géif ech d'Wuert un den Här De Sousa ginn.

#### SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass ee Kontrakt, wéi mer schonn am leschte Gemengerot haten, am Markenhaus an der Foussgängerzon. Do ass d'Madamm Lara Delfeld mat hirer Societéit Nineteen 91, déi do eng Surface vu ronn 26 Quadramteter um Rez-de-chaussée lount. D'Madamm ass eng Art-Tätowéierin. Se schafft ganz vill an enk mat der Madamm Natalia Havasreti zesummen, där mir d'Lokal säit engem Mount verlounen.

Wéi d'Madamm Buergermeeschtesch am leschte Gemengerot gesot huet a wat haut och schonn e puermol ernimmt gouf, sinn d'Stadzentren amgaangen auszestierwen. Eis Foussgängerzon ass just nach ee Passage. Eis Cellule ass amgaangen. Vill Zäit a vill Gedanke ginn duerch d'Käpp, fir et färdegzebréngen, ënner anerem d'Foussgängerzon erëm zum Liewen ze bréngen. Momentan gëllt se just als Passage fir an d'Schoul, d'Kanner ginn erop, erof, et ass keng Foussgängerzon, wou d'Leit higi fir akafen ze goen.

De Kontrakt fänkt den 1. Dezember un a geet, wéi all eis Kontrakter, ee Joer.

Et geet ëm e Loyer annuel vun 3.927,36 Euro, wou sech de mensuel op 327,28 Euro beleeft. Mir froen zéng Euro de Meterkaree fir eng Fläch vu 25,76 Meterkaree, ofgeronnt 250 Euro, mécht. Plus dräi Euro pro Meterkaree.

Mir wënschen der Madamm vill Gléck a vill Leit. An deem Sënn bieden ech Iech, dëse Contrat de bail matzestëmmen. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här De Sousa. Ech wëll dem Här Altmeisch soen: Här Altmeisch, wéi ech ugefaangen hunn, stoung dat Markenhaus eidel a mir woussten net, wat mer domadder sollte maachen. Dat eenzeg, wat mer woussten: Mir hätte gär Flux a mir hätte gär Leit dohinner. Ech denken, wa mer der Saach eng kleng Chance ginn, an e bësse Gedold hunn, bréngе mer et färdeg. Ech wollt dat just nach als Rajoute zu deem soe vu virdrun. Wat de Grond ass, firwat ech awer optimistesch an deem Sënn sinn.

Wann et keng weider Wuertmeldung heizou gëtt, komme mer zur Ofstëmmung.

*mune s'engage donc à payer 3000 € par mois pendant 9 ans. Une garantie bancaire de 6000 € est également demandée. C'est étonnant.*
*En plus, Guy Altmeisch n'imagine pas qu'une commune louant un local de commerce le mette à disposition d'un service lui appartenant. À quoi lui servirait l'appartement à l'étage ? Bref, cette idée ne sera jamais prise en considération.*
*Guy Altmeisch trouve risqué de louer un tel local pour une durée de neuf ans pour ce prix-là. Surtout quand on connait la situation du commerce à Differdange.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *fait confiance à la Cellule du développement économique.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la maison Émile-Mark.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *rappelle que ce contrat figurait déjà à l'ordre du jour la dernière fois. Madame Lara Delfeld loue une surface de 26 m2 au rez-de-chaussée de la maison Émile-Mark pour sa société nineteen91. Madame Delfeld est une tatoueuse et travaille beaucoup avec madame Natalia Wrona, qui y loue un local depuis un mois.*
*Paulo De Sousa constate que les centres-ville sont en train de mourir. La zone piétonne est devenue un simple passage pour les enfants allant à l'école. Les gens n'y font plus les emplettes. La Cellule du développement économique fait de son mieux pour la revitaliser.*
*Le contrat démarre le 1er décembre et porte sur un an. Le loyer se monte à 3927,36 € par an ou 327,28 € par mois. Cela représente 10 €/m2 pour une surface de 25,76 m2 auxquels s'ajoutent 3 €/m2 pour les charges.*
*Paulo De Sousa souhaite bonne chance à madame Delfeld.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle à monsieur Altmeisch que la maison Émile-Mark était vide et le collège échevinal ne savait pas quoi en faire. Elle estime qu'il faut laisser une chance à ce projet. La bourgmestre se dit optimiste.*
*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe à la boutique éphémère du 3, rue du Parc-Gerlache.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le contrat pour la boutique éphémère porte sur trois mois : du 14 novembre au 13 février. Le mode de calcul est le même que pour la maison Émile-Mark : dix euros le mètre carré pour la location et trois euros le mètre carré pour les charges. Le loyer mensuel se chiffre à 390 €.*
*La boutique propose dans un premier temps des articles de décoration hivernaux. Après les fêtes, on y trouvera des bougies en cynarine de Candle Factory. La cynarine se compose de matières premières naturelles et est entièrement biodégradable. Les bougies en cynarine ont donc des avantages par rapport aux bougies en paraffine, qui se compose de pétrole.*
*Les bougies vendues dans la boutique éphémère sont faites à la main. Les heures d'ouverture de la boutique sont du lundi au samedi de 9 h à 11 h 30 et de 13 h 30 à 17 h, sauf le mardi après-midi.*
*Paulo De Sousa souhaite bonne chance à l'entreprise.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à l'avenant d'un contrat concernant la maison Krieps.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que madame Céline Lacroix souhaite prolonger son contrat de location de l'Ikkuvium de six mois. Les conditions restent les mêmes. Certains conseillers communaux étaient sceptiques en mai. Pourtant, le chiffre d'affaires de l'entreprise a augmenté de 120 % depuis qu'elle s'est installée à Differdange. 20 % de ses clients sont des Differdangeois. Mais les 80 % restants sont plus intéressants, parce qu'ils découvrent Differdange. Voilà le flux dont parlait madame Pregno tout à l'heure.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial avec* Nineteen 91 SARL *pour un localsitué dans la maison Émile-Mark au n*[o] *7 de l'avenue de la Liberté.*

Villmools merci. Fir den nächste Punkt, Här De Sousa, sidd Dir och um Tour. Do geet et ëm eise Pop-up-Store opr 3, Rue Parc Gerlache. Do hu mer och erëm Neiegkeeten.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Hei geet et ëm eise Pop-upStore op der 3, Rue Parc Gerlache. De Kontrakt mat CP Shop huet eng Dauer vun dräi Méint. En huet de 14. November ugefaangen a geet bis den 13. Februar. Hei applizéiere mer déi selwecht Rechnungsmethod wéi am Markenhaus, dat heescht 10 Euro pro Meterkaree plus dräi Euro fir d'Chargen, soudatt een op ee Loyer mensuel vun 390 Euro kënnt.

Wat gëtt do verkaf? An enger éischter Phas, passend zur Joreszäit, wäerte Wanterdekoratiounsartikelen do verkaf ginn. No de Feierdeeg verkafe si Qualitéitskäerze vu Candle Factory, Duftkerzen, déi aus nohalteg ugebautem Cynarin bestinn.
Ech hunn e bëssen nogelies, wat Cynarin ass, well ech doranner net Bescheed weess. Cynarin besteet nëmmen aus natierleche Rohmaterialien an ass komplett biodegradabel.

An där Hisiicht hu Cynarin-Käerzen e puer Virdeeler par rapport zu de konventionelle Paraffin-Käerzen, well Paraffin besteet haaptsächlech aus Pëtrol an deen zersetzt sech net an der Natur.

Déi Käerzen, déi do verkaf ginn, sinn zu 100 % natierlech an handmade. De Pop-up-Store soll normal Ëffnungszäiten hunn. Dat war eng Konditioun, déi mer hinne gestallt hunn, net wéi bei deem virdrun, wou d'Rolllued méi oft erof war wéi erop. A si hunn eis garantéiert, datt si méindes bis samschdes moies vun 9 Auer bis 11.30 Auer an nomëttes vun 13.30 bis 17 Auer op sinn. Ausser dënschdes nomëttes si se zou.

Mir wënschen hinne Bonne chance an hirer Entreprise an hoffen, datt si sech doranner weiderentwéckele kënnen, an datt si mat eisem Lokal eng gutt Startméiglechkeet hunn, fir unzekommen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Et gëtt keng Wuertmeldung, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial à courte durée avec* CP-Shop SARLS *pour un local sis au n*[o] *3 de la rue du Parc-de-Gerlache à Differdange.*

Den Här De Sousa kritt erëm d'Wuert. Et geet ëm en Avenant vun engem Kontrakt an eiser Maison Krieps, wat mir soss ëmmer Ikkuvium genannt hunn, Här De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Wann ech Ikkuvium soen, da wësst Der, wat ech mengen. Et geet hei ëm eng Verlängerung vu sechs Méint vun eisem Kontrakt, dee mir mat der Madamm Céline Lacroix am Mee ofgeschloss hunn. D'Konditiounen an de Loyer bleiwen onverännert.

Ech weess, datt vill Leit heibannen deemools skeptesch waren, an ech mengen elo nach ëmmer sinn, datt mir dem Céline in the kitchen d'Lokal verlounen. Dofir wollt ech e puer Zuelen zu sengem Geschäft ginn.

Zanter datt d'Céline sech zu Déifferdeng etabléiert huet, ass säin Ëmsaz ëm 120 % geklommen. Hatt huet ganz vill Déifferdenger erreecht. 20 % vu senge Clientë sinn neierdéngs Déifferdenger. Wat eng ganz gutt Zuel ass. Méi interessant sinn déi aner 80 % Netdéifferdenger, déi duerch d'Céline elo op Déif-

ferdeng kommen an esou Déifferdeng kenneléieren. Dat ass dee Flux, vun deem d'Madamm Pregno virdru geschwat huet, vu Leit, déi mir an eiser Foussgängerzon an op der Maartplaz wëllen erreechen.

Wärend de leschte sechs Méint huet hatt zweemol ee Brunch organiséiert, wou bannent e puer Stonnen d'Plazen all fort waren. D'autant plus leeft eng Synergie tëschent dem Céline an eisen zwee neie Locatairen am Markenhaus. Si schaffe ganz vill op Social Media mateneen, wat eis als Stad niewebäi eng gutt Publicitéit bréngt.

Et ass ganz kloer, datt d'Lokal ze grouss fir d'Madamm Lacroix ass. Mir schaffen un engem Konzept, wou mir d'Potenzial vum Lokal, dat heescht d'Gréisst an d'Plaz, ganz ausschëpfe wëllen. Mee d'Zäiten, dat ass haut de Moie schonn e puermol gesot ginn, am Horeca-Beräich sinn net einfach. No der Pandemie hu ganz vill Leit sech ëmgeschoult, ëmforméiert. An d'Restauranten hu Problemer, adequat Leit ze fannen.

Mir ginn eis do déi néideg Zäit, fir en uerdentlecht Konzept opzestellen. An am beschten och mam Céline zesummen. Net, datt mer no sechs Méint erëm do sëtzen an d'Dieren erëm zou sinn.

Ech soen Iech Merci, datt Der eis déi Zäit gitt, fir en uerdentlecht Konzept op d'Been ze stellen.

Mir wënschen dem Céline weiderhi vill Erfolleg, an datt hatt nach méi Leit op Déifferdeng zitt. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir als LSAP felicitéieren der Madamm Céline fir hire kommerzielle Succès. Mir wënschen hir nach eng Kéier eng Augmentatioun vun 300 % derbäi.

Dat eenzegt, wat mir opfält, wéi mer dat Lokal kaf hunn, do war um éischte Stack en Appartement, wat ass mat deem Appartement? Ass dat eidel? Gëtt dat verlount? Wat ass mat deem Appartement?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Här Altmeisch, schwätzt Dir vum éischte Stack, do, wou d'Versammlungsraim sinn?

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech schwätze vum Ikkuvium oder wéi mer et nennen, d'Adress steet jo hei, 2-4. Do hu mer um éischte Stack och en Appartement dobäi kaf.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat si Versammlungsraim.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, nee, nee. Ënner de Versammlungsraim. Deen éischte Locataire, dee mer haten, deen e Restaurant do exploitéiert hat, hat do gewunnt. Ech wäert elo net deen eenzege sinn, dee weess, dass de Locataire do gewunnt huet.

D'Madamm, déi eng Pizzeria oder ech weess net. wéi mer et wëllen nennen, exploitéiert hat, déi huet do gewunnt mat hirem Kand. Dat ass um éischte Stack, dat ass en Appartement.

(Ënnerbriechung)

Nee, net bei der Gemeng. Ech schwätze vum – mir sti virum Ikkuvium, mer ginn d'Trap erop, ech war do, do kënnt déi grouss Dier, an da kucke mer uewendriwwer, do ass den éischte Stack, kënnt nom Rez-de-chaussée. An do huet eng Madamm gewunnt, déi de Restaurant exploitéiert hat. Et géif mech wonneren, wa mir als Proprietär net wéissten, dass do en Appartement wier. Dat wier jo méi wéi fraglech.

Well et ware Leit am Gemengerot, déi woussten, wou d'Wunneng wier.

*Au cours des six derniers mois, madame Lacroix a organisé deux brunchs.*
*Des synergies se sont créées entre madame Lacroix et les deux locataires de la maison Émile-Mark sur les réseaux sociaux.*
*Le local est trop grand pour madame Lacroix. Le collège échevinal souhaite exploiter à fond le potentiel du bâtiment et travaille à un concept. Cependant, le secteur de l'Horesca ne va pas bien et les restaurants ont du mal à trouver du personnel. En tout cas, le collège échevinal veut éviter que l'Ikkuvium soit de nouveau fermé dans six mois.*
*Paulo De Sousa souhaite beaucoup de succès à madame Céline Lacroix et espère qu'elle continuera à attirer du monde à Differdange.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *félicite madame Lacroix pour son succès et lui souhaite d'augmenter son chiffre d'affaires de 300 % supplémentaires.*
*Qu'en est-il de l'appartement au premier étage ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *lui demande s'il parle des salles de réunion au premier étage.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *parle de l'Ikkuvium, où se trouve un appartement au premier étage.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rétorque que ce sont des salles de réunion.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *proteste. Le premier locataire habitait dans un appartement sous les salles de réunion. Guy Altmeisch suppose qu'il n'est pas le seul à savoir que quelqu'un vivait là. La femme qui exploitait la pizzéria y vivait avec son enfant.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch insiste sur le fait qu'il y a un premier étage au-dessus du rez-de-chaussée. La madame qui exploitait le restaurant y vivait. Il serait étonnant que les propriétaires n'en sachent rien.*
*(Interruption de Mme Brassel-Rausch)*

*Guy Altmeisch ajoute que des conseillers communaux étaient visiblement au courant.*
*(Rires)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète qu'il y a des salles de réunion au premier étage.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *proteste une nouvelle fois même s'il ne veut pas rentrer dans les détails.*
*(Interruption de Mme Brassel-Rausch)*
*Guy Altmeisch lui propose de vérifier.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond qu'elle le fera.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique qu'elle pourra répondre à sa question lors du repas de Noël.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *souligne le succès que connait Céline in the Kitchen. Elle l'a découverte sur Instagram. Dès qu'elle publiait des pâtisseries, elles étaient vendues.*
*Laura Pregno apprécie le fait que Differdange investisse dans les jeunes. Au début, le conseil communal était étonné de voir une si jeune femme faire des pâtisseries dans un grand local. Les gens font des kilomètres pour ces pâtisseries. Le conseil communal ne savait pas où mènerait ce voyage. Voilà qu'il dure plus longtemps que prévu. Elle a été fidélisée par le fait que la commune lui ait mis une scène à disposition pour ses pâtisseries. Pour Laura Pregno, il est important que les commerçants tissent des liens avec Differdange et que la commune soit un partenaire. C'est pourquoi les écologistes félicitent non seulement cette madame, mais aussi la commune, qui a cru en elle.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de cette success-story, qui fait du bien à Differdange.*
*Un peu hors contexte, elle rappelle que l'ouverture officielle du parking de la Grand-rue aura lieu le 7 décembre à 11 h 30. Madame Céline pourra informer ces clients qu'ils peuvent y stationner à un tarif convenable. Ces places de stationnement devraient aider les commerçants.*

(Gelaachs)

Ech wëll elo op kee kucken.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Um éischte Stack si Versammlungsraim.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, nee, do si keng Versammlungsraim. Also ech wëll elo net an den Detail goen, mee kommt, mer kucken dat emol no. Da kënnt Der mer dorop eng Äntwert gi beim Chrëschtiessen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken dat no, Här Altmeisch. Merci, Här Altmeisch. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech wollt kuerz drop zréckkommen, wéi interessant ech déi Céline in the kitchen fannen. Wat dat eng Success Story entretemps ginn ass. Ech hunn hatt kennegeléiert pur et dur op Instagram. Hunn ech mech gefrot: Wat ass dat? Wéi funktionéiert dat? Knapps waren d'Kuchen oder d'Patisserië publizéiert fir d'Vente, ware se scho sold out. An dat ass och haut nach de Fall.

Ech fannen et och interessant, wéi eng Gemeng an esou jonk Leit investéiere kann. An dat ass awer och e bëssen d'Markenzeeche vun Déifferdeng, dass et heescht: einfach emol maachen. Mir hunn all am Ufank grouss Ae gemaach, wou et geheescht huet: Wéi, eng jonk Madamm mécht do an deem risege Lokal Patisserien? Et war jo e mega schéint Lokal, et ass riseg an et war jo éiweg eng lass an deem Ikkuvium. Wéi et schonn hei ugeklongen ass, war et mat engem komesche Bléck dunn an d'Lokatioun gaangen.

An awer ass et elo eppes, wou d'Leit, wéi den Här De Sousa seet, kommen. D'Leit kommen, fuere Kilometeren. Ech hunn et éierlech gesot vun Nidderkuer elo nach net gepackt, do eppes ze kafen, well ech u sech ëmmer ze spéit u sinn, obwuel ech jo ganz no bäi sinn. Wat ech awer immens flott fannen, well vill Leit op Déifferdeng kommen.

Mir woussten net, wou d'Rees hiféiere géif. Elo dauert déi Rees e bësse méi laang wéi am Ufank geplangt. Ech denken, dass mer d'Madamm fideliséiert hunn, well mer hir d'Méiglechkeet ginn hu fir eng Bün, wou se hir Patisserien an hir Kuche bake kann. Ech denken, dass dat de Wee ass, deen ee muss aschloen an der Geschäftswelt, fir d'Geschäftswelt hei zu Déifferdeng ze bannen.dDass ee probéiert, mat hinnen zesummen eppes opzestellen. Dohier souwuel un d'Madamm wéi och un déi Leit, déi am Gemengenhaus u si gegleeft hunn, e grousse Merci vun der Säit vun déi Gréng. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Pregno. Mir freeën eis als Gemeng iwwert déi Success Story, si deet der Gemeng gutt.

Erlaabt mer, un peu hors contexte, well ech et vergiess hunn, am Ufank ze soen: Wann d'Madamm ganz vill Clienten huet, de 7. Dezember ass offiziell d'Ouverture vun eisem Parking Grousstrooss. Mëttwochs um hallwer zwielef sidd Der invitéiert. D'Madamm Céline kann hirer Clientèle soen, dass se do zu ganz konvenabelen Tariffer kënne parken, fir déi kleng Strooss erofzelafen, fir d'Kichelcher sichen ze kommen. Ech denken, dat ass och eppes, wat eiser Geschäftswelt e bësse weiderhëllefe wäert, dass mer elo do e Parkraum zur Verfügung hunn.

Am Zentrum hu mer 40 Plazen zur Verfügung gestallt fir d'Locatioun. Dat ass elo eng Woch al. Ech mengen, si si bal alle 40 fort. Wëll ech Iech just soen. Dat war elo als Rajoute zum Céline in the kitchen, well ech vergiess hat, Iech et am Ufank ze soen. Merci.

Komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail à courte durée avec madame Céline Lacroix pour un local commercial situé dans la maison Krieps à Differdange, place du Marché 2-4.*

Villmools merci. Nach eng Kéier den Här De Sousa, deen eis eng Resiliatioun vu Kelleren, och an deem besoten Haus, 2-4 Place du Marché, virstellt.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Hei geet et ëm d'Resiliatioun vun engem Kontrakt vun engem Keller an där Residenz, déi mir am Abrëll 2018 mat der Societéit GEGO ënnerschriwwen hunn. De Proprietär wëll elo säin Appartement um zweete Stack mam Keller, deen dozou gehéiert, verkafen. Aus deem Grond gëtt dëse Kontrakt mat engem Accord commun resiliéiert.

Mir haten de Keller dem Exploitant vum Restaurant ëmmer zur Verfügung gestallt. Deen huet deen haaptsächlech als Buanderie an Ofstellraum fir den Employeuren hir Kleeder benotzt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här De Sousa. Mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la résiliation d'un contrat d'un commun accord avec la* SCI Gego *portant sur une cave située dans la maison Krieps au n*° *2-4 de la place du Marché à Differdange.*

Villmools merci. Beim Punkt 8 si mer ukomm. Do geet et ëm eist Bautereglement. Dir musst Iech e bëssen erënneren un eis lescht Seance. Mir hu jo e Bautereglement ausgeschafft am Sënn vun der Stad Déifferdeng, wou mir d'Krittäre méi streng gemaach hunn, wat d'Fläch an d'Gréisst ugeet vu verschiddene Saachen. D'leschte Kéier hate mer hei an dësem Gremium schwéieren Häerzens votéiert, dass mer op néng Meterkaree pro Chambre meublée erofginn. Elo hu mer vum Ministère erëm déi selwecht Remark gemaach kritt par rapport zu de Kichen. Déi géifen dem Gesetz net entspriechen. An awer och par rapport zu de Buedzëmmeren, déi mer op véier Meterkaree ausgewisen hunn an eisem Bautereglement.

Nodeem mer laang hin an hier diskutéiert a gekuckt hunn, wollte mer Iech elo hei proposéieren, dass mer d'Bautereglement an deem Sënn änneren. Dass mer gudde Wëlle weisen a soen, bei de Kiche passe mer eis un, gi mer op Är Uweisungen an, déi kënne méi kleng sinn. D'Berechnung ass relativ komplizéiert, deemno, ob Der zwou Kummeren hutt, dräi Kummeren hutt, da musst Der eng Kichen hu vun zéng Meterkaree oder manner. An da kënnt ëmmer ee Meter 1,50 Meterkaree derbäi pro Habitant en plus.

Dat heescht et huet kee Wäert, Iech elo hei déi Rechnungen ze maachen. Mir hate virgeschloen, eng Kiche vun 10 Meterkaree a bei zwou Kummeren zwou Kichen. De Ministère huet eng aner Reegelung, d'Gesetz seet eppes aneschters. Mir wäerten eis elo, wat d'Kichen ubelaangt, un d'Gesetz halen, eis deem ralliéieren.
Wou mer awer op eiser Positioun bleiwen, dat wär, wat d'Buedzëmmeren ubelaangt. Dass mer an den haitegen Zäiten net kënnen d'accord sinn, eng Buedzëmmer fir sechs Leit ze hunn, wéi ech et d'leschte Kéier schonn ugeduecht hunn. An Zäiten, wou Covid nach ëmmer grasséiert a Covid eis gewisen huet, wat eng ustiechend Krankheet ass, fannen ech, kënne mir als Gemeng et net veräntwerten, eng Toilette fir sechs Leit ze hunn an ee Buedzëmmer fir sechs Leit ze hunn.

Dat ass a mengen Aen: Wou bleift d'Intimitéit vun de Leit? Wou bleift iwwerhaapt eise Standard? Wat hätte mir gär als Standard hei zu Déifferdeng vun de Wunnengen? A wéi ass et mat der Hygiène a mat der Salubritéit? An deem Sënn proposéiert de Schäfferot: Mir ginn an op dat, wat se eis recommandéiert hu vun der Gesetzgeebung, wat d'Kichen ubelaangt. Do gi mer zréck a méi kleng Dimensiounen, awer mir géife bei eiser Positioun bleiwen,

*Les quarante places mises en location ont presque toutes trouvé preneur.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la résiliation d'un contrat avec la société GECO dans la cave d'une résidence.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que le propriétaire d'un appartement souhaite le vendre avec la cave. Le contrat est donc résilié d'un commun accord.*
*La commune avait mis cette cave à disposition d'un restaurateur, qui l'utilisait comme buanderie.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au règlement des bâtisses. Récemment, le conseil communal a décidé d'adapter la surface minimale de certains logements. Le collège échevinal a dû baisser la taille des chambres meublées à 9 m2. Le ministère se plaint désormais du fait que la taille des cuisines et des salles de bains ne respecte pas non plus la loi.*
*La bourgmestre propose de faire preuve de bonne volonté et de modifier le règlement des bâtisses en adaptant la surface des cuisines. Le calcul est relativement compliqué. Il faut prévoir une cuisine de dix mètres carrés ou moins pour deux ou trois chambres. Mais la surface dépend aussi du nombre d'habitants. Le collège échevinal avait proposé une cuisine de dix mètres carrés par chambre meublée, et donc deux cuisines pour deux chambres. Le règlement du ministère est différent.*
*En revanche, le collège échevinal maintient sa position concernant les salles de bains. Il est inconcevable de nos jours que six personnes se partagent une salle de bains. Alors que la COVID-19 continue de sévir, la commune ne peut pas accepter que six personnes partagent une toilette. C'est une question d'intimité, d'hygiène, de salubrité, mais aussi de standard pour Differdange.*
*Le collège échevinal accepte donc de se tenir au règlement concernant la surface des cuisines, mais maintient sa position pour les toilettes et les salles de bains.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *soutient le collège échevinal. Il se demande cependant si la commune a le choix. Il ne voudrait pas devoir une nouvelle fois changer d'avis.*
*Georges Liesch propose même d'aller plus loin et de sortir un communiqué de presse pour expliquer que la Ville de Differdange n'est pas d'accord.*
*D'un point de vue juridique, la commune a-t-elle une chance de prévaloir ou doit-elle s'attendre à une confrontation ?*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *comprend que l'on puisse être contraire à l'idée de faire partager une salle de bains à six personnes. Mais ce n'est pas non plus extrême. Faut-il vraiment exiger une salle de bains par chambre meublée ? On pourrait couper la poire en deux en proposant une salle de bains pour deux ou trois chambres. Cela offrirait une certaine qualité de vie.*
*En juin et en octobre, le ministère avait déjà attiré l'attention du collège échevinal sur le fait que le Règlement des bâtisses n'était pas conforme à la loi. Et voilà que la commune en rajoute une couche en proposant un passage dont on sait qu'il sera rejeté par le ministère. Eric Weirich n'est pas satisfait de cette façon de procéder.*
*Le service de l'Urbanisme a rencontré le ministère de l'Intérieur, qui lui a expliqué que le Règlement des bâtisses serait refusé en sa forme actuelle. Aujourd'hui, le collège échevinal refait la même erreur. Il faudrait peut-être essayer de changer la loi en passant par le Syvicol. La loi a été approuvée en 2019 entre autres par des écologistes. Trois ans plus tard, la COVID-19 a changé la donne. Mais perdre du temps et de l'argent avec des allers-retours incessants n'est pas la solution. Ne vaut-il pas mieux attendre que la loi soit modifiée ?*
*De toute façon, même si le conseil communal approuve une salle de bains pour six chambres meublées, cela ne signifie pas que dix projets de la sorte seront créés demain.*
*Eric Weirich propose de se tenir à l'avis du ministère et de chercher ensuite à modifier la loi.*

wat d'Buedzëmmeren ubelaangt an d'Toiletten.

Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech sinn do komplett bei Iech, et ass effektiv verréckt. Mir hu jo schonn am leschte Gemengerot mat der Fauscht an der Täsch dat dote gestëmmt. Ech géif dat natierlech direkt stëmmen. Ech froe mech awer: Hu mer dann do e Choix? kKënne mer dat juristesch esou maachen? Oder kréie mer net erëm an zwou Woch gesot: Hei lauschtert, d'Gesetz ass nun eemol esou an da bleiwe mer dobäi? Ech sinn direkt mat um Wee, fir och méi wäit ze goen an dat an d'Ëffentlechkeet ze bréngen an eventuell e Pressecommuniqué ze maachen, dass mer soen, dass mir eis dogéint wieren. Ech stelle mech direkt do bei déi Foto dobäi. Also dat kann ech hei ënnerschreiwen.

Ech fäerte just, ech wollt just nofroen: Ass de juristesche Kader esou, dass mer eng Chance hunn, dass mer dat dann och duerchkréien oder musse mer eis do op eng Konfrontatioun astellen? Dat ass éischter meng Fro.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här Krecké wäert Iech herno eng Äntwert ginn. Den Här Weirich huet sech gemellt.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech sinn iergendwou bei Iech, wann Der sot, op sechs Leit eng Buedzëmmer, eng Toilette, ass effektiv wéineg. Op där anerer Säit fannen ech et elo net extreem. Mee dat, wat mir fuerderen, eng Buedzëmmer an eng Toilette pro Chambre meublée/Wunneng ass vläicht awer och e bësse vill. Also ech wär do éischter, sech um hallwe Wee treffen, dass een da vläicht op zwou, dräi Kummeren eng Buedzëmmer an Toilette deelt. Dat fannen ech elo net esou extreem an nach ëmmer e gewëssene Liewensstandard.

Ech wëll elo net déi Zuele kommentéieren, éischter wéi mer hei virginn. Am Juni wéi am Oktober hate mer allkéiers en Avis vum Intérieur virleien, dee beseet dat, wat Der do wëlles hutt, als Bautereglement ze stëmmen, verstéisst géint d'Gesetz an et gëtt verworf.

Et ass elo zweemol verworf ginn. Elo gi mer eng drëtte Kéier dohinner a stëmmen nach eng Kéier e Bautereglement mat engem Passage, wou mer am Virfeld wëssen, dass et vum Interieur verworf gëtt. Mat där Prozedur sinn ech net ganz averstanen. Dat ass elo schonn e puer Méint, wou dat hin an hier geet. Ech fannen dat onglécklech, dass mer esou virginn.

Et ass zwar dës Kéier, hunn ech gesinn, am Dossier e Compte rendu vun enger Entrevue mam Interieur, wou eise Service Urbanisme den Interieur gesinn hat, eng Entrevue hat. Wou awer nach eng Kéier gesot gëtt: „Dat gëtt refuséiert, wann Der d'Bautereglement an där Form nach eng Kéier stëmmt". An dat maache mer elo haut. Dat ass net glécklech.

Ech mengen, mir hätten do vläicht aner Weeër nach goe kënnen, fir dat Gesetz ze änneren. Do kann een iwwer e Syvicol fueren, d'Ëffentlechkeet – wa mer et hei diskutéieren, ass et op der ëffentlecher Plaz –, et sinn och Parteikolleege vun Iech, déi dat Gesetz vun 2019 matgestëmmt hunn. Et ass vläicht elo dräi Joer méi spéit, no Covid, vläicht sécherlech net méi adaptéiert. Mee fir elo ze murksen, Zäit a Geld ze verléieren, well mer allkéiers en Aller-retour maachen, fannen ech och net richteg.

Wéi den Här Liesch sot, misste mer eis éischter froen: Ass dat juristesch gekläert? Vläicht dat heiten awer mat der Fauscht an der Täsch stëmmen, en attendant, dass d'Gesetz adaptéiert gëtt.

Well och wa mer et elo stëmme mat enger Buedzëmmer an Toilette pro sechs Chambres meublées, et ass jo net, dass muer zéng Promoteuren uklappen an zéng nei Projeten areechen, mat deenen dote Bestëmmungen. Do huet ee jo och nach d'Hand drop. Dat geet jo och net vun haut op muer. Da wär ech éischter dofir, dass ee sech dem Avis vum Interieur uschléisst, et eebe stëmmt, esou, wéi si et verlaangen, an da kuckt, wat ee vu Méiglechkeeten huet, fir dat Gesetz do ze beaflossen.

Dowéinst stëmmen ech dat heiten net mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Meng Fro ass déi heiten: Doduerch, dass mer eis op dee Punkt do fokusséieren a versteiwen, gëtt doduerch net dat ganzt Bautereglement blockéiert, dass mer riskéieren, och aner Bauprojete vun anere Leit ze blockéieren, bis dat do an der Rei ass, wéi dat mam PAG ass? Ech weess, dass am PAG, soulaang deen net total duerch ass, gëtt mer vum Bauteservice gesot, kréie scho Leit säit een, zwee, dräi Joer keng Geneemegung, fir eng Terrass bäizebauen. Meng Fro einfach dozou ass: Ass dat gekläert? Net dass mer riskéieren, d'ganzt Bautereglement ze blockéieren?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wëll dem Här Schwachtgen eng Äntwert ginn, als Member vun der Bautekommissioun. Et ass esou, dass en attendant, datt dat neit Gesetz applizéiert gëtt, déi zwee Gesetzer applizéiert ginn, dat aalt an dat neit. Dat heescht, et ass ëmmer méiglech gewiescht, eng Autorisatioun ze ginn. Mir hunn heiansdo de Leit gesot: „Waart of, dat neit ass méi favorabel. Do kënnt Der, zum Beispill, méi eng grouss Terrass bauen". Nëmme fir e Beispill ze ginn.

Mee entretemps ass dat neit Bautereglement jo duerch, also de PAG. An ech gesinn awer elo net – ech hat déi Fro jo schonn eng Kéier gestallt heibannen, do ass gesot ginn, an ech sinn och iwwerzeegt, dass een Deel, wéi elo deen heiten Deel, net dee ganze PAG impaktéiert. Dat ka jo net sinn.

Da wëll ech zu der Saach kommen. Ech sinn absolutt als Partei, als LSAP an och perséinlech net mat der Interventioun vum Här Weirich d'accord. Well et geet – ech hat et schonn déi leschte Kéier gesot – ëm d'Salubritéit, et geet ëm d'Hygiène vun de Leit.eEt geet souguer deelweis ëm d'Sécherheet, an Zäiten, an deene mer haut sinn.

Ech gesinn dat Gesetz als Mindestufuerderung. A wa mir am Interêt vun der Populatioun, vun de spéideren Utilisateuren, doriwwer erausginn, dann hu mer dat gemaach. Dat ass genau wéi mer aner Initiativen huelen als Gemeng, déi awer d'Mindestuspréch respektéieren. Do gesinn ech absolutt kee Problem.

Ech muss zwar soen, mir hate jo déi leschte Kéier dergéintgestëmmt, grad aus deene Grënn, an et huet mech immens gefreet, wéi ech dann dee Saz gelies hunn, dass ee jo kéint den Texte de loi upassen. Dat war dat, wat ech am Fong proposéiert hat. An dat huet mer Freed gemaach. Dat muss ech zwar soen, dass dat elo drasteet.

Mir stëmmen haut dat dote mat. Grad wéi ech déi leschte Kéier dergéintgestëmmt hunn, sinn ech elo awer ganz derfir, dass mer dat hei elo esou duerchdrécken. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech sinn och éischter dem Här Muller senger Meenung, dass een dat do muss stëmmen. Et gëtt ëmmer vun Autonomie communale geschwat. Dat, wat mir wëllen, ass jo nach besser wéi dat, wat d'Gesetz virgesäit. Mir maachen et jo net ëmgedréit. Do géif ech verstoen, dass de Staat géif soen, mir gesinn dat eent vir an Dir sot, Dir braucht iwwerhaapt keen, dat géif ech verstoen.

Mee dat do verstinn ech net. An ech fannen, mir sollen eis do wieren.wWell, wéi scho gesot ginn ass, sechs Leit an ee Buedzëmmer, mat Covid, ass jo awer – ech mengen, mir hu jo gesinn, zu wat

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se demande si en insistant, le conseil communal ne va pas bloquer le Règlement des bâtisses et donc la réalisation de certains projets. Le service des Bâtisses a en effet expliqué à Frenz Schwachtgen que les gens n'obtiennent déjà plus de permis de construire pour une terrasse parce que le PAG n'est pas approuvé.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répond à monsieur Schwachtgen que l'ancien règlement vaut aussi longtemps que le premier n'est pas approuvé. En d'autres termes, il reste possible d'octroyer des permis de construire. En revanche, la commune a expliqué aux demandeurs que la nouvelle loi permet la construction de terrasses plus grandes.*
*Erny Muller n'est pas d'accord avec l'intervention de monsieur Weirich. Il est question de salubrité, d'hygiène et même de sécurité. La loi représente le minimum absolu. Si la commune prend une décision dans l'intérêt de sa population et des futurs utilisateurs, elle respecte les conditions minimales. Où est le problème ?*
*Les socialistes voteront pour le texte cette fois-ci, car il contient la remarque qu'il faut modifier la loi. C'est ce qu'ils ont proposé la dernière fois. Erny Muller est d'avis qu'il faut résister.*

**TOM ULVELING (CSV)** *est du même avis que monsieur Muller. Il est souvent question d'autonomie communale. Dans ce cas-ci, la commune veut aller plus loin que ce que demande la loi et faire les choses comme il faut. Tom Ulveling comprendrait que le ministère proteste si la commune ne voulait pas construire de salles de bains du tout. Mais dans ce cas-ci, il ne comprend rien.*
*La Ville de Differdange doit se défendre parce qu'une salle de bains pour six personnes est inacceptable en période de COVID-19.*

*En plus, il s'agit d'éviter de se retrouver avec une maison unifamiliale ayant une salle de bains dans la cave et hébergeant six ou sept personnes, dont une femme et un enfant. Tom Ulveling espère que le ministère changera d'avis.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique qu'il ne s'agit pas seulement de COVID-19, mais aussi de dignité. La commune doit veiller à ce que les logements sur son territoire soient comme il faut. Jerry Hartung soutient entièrement le collège échevinal.*
*Il ne comprend pas comment le ministère de l'Intérieur puisse imposer une salle de bains de neuf mètres carrés pour six unités. Cela appartient à un autre temps.*
*Jerry Hartung pense que les demandes seraient nombreuses. Avant d'y mettre un frein, la commune recevait trois demandes de transformations de maisons par semaine. Si le conseil communal acceptait les conditions du ministère, les demandes afflueraient et la commune devrait les accepter.*
*En plus, le nouveau règlement ne concerne que les nouvelles chambres meublées, pas celles existantes.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *ajoute que le collège échevinal n'a pas agi sur le coup de l'émotion. Le conseiller juridique de la commune a confirmé que la Ville de Differdange pouvait mettre en place toutes ces mesures. Mais le ministère a exigé que la commune se tienne à la loi de décembre 2019. Le conseiller juridique reste de l'avis que la commune a raison, mais il n'est pas sûr que d'un point de vue juridique, cela tienne la route.*
*L'architecte communal et Henri Krecké ont discuté avec les juristes du ministère de l'Intérieur la semaine dernière. Ceux-ci ont laissé entendre qu'ils pourraient suspendre ou annuler la partie du Règlement des bâtisses concernant l'hygiène et les salles de bains. Mais le reste du Règlement resterait applicable. Cela signifie que si le ministère campe sur ses positions, il pourra suspendre ou annuler les critères d'hygiène. Henri Krecké es-*

dat féiert. En plus ass et och geduecht, dass een et net ze vill einfach soll kréien an Zukunft, en Eefamilljenhaus mat enger Buedzëmmer iergendwou am Keller ze hunn an dann do sechs, siwe Leit drasetzt, mat nach vläicht Fra a Kand deemno wéi dobäi. Ech fannen, dass mer dat effektiv mol esou probéiere sollen an hoffen, dass de Ministère do alenkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Den Här Ulveling huet villes zu eiser Positioun gesot. Nieft dem Covid geet et och ëm d'Würd vun de Leit. Als Gemengeverantwortlech si mer an der Verantwortung, dofir ze suergen, dass dee Wunnraum, dee mer hei erlaben, ënner uerdentleche Konditiounen ass. Datt d'Leit en uerdentleche Liewensstandard hunn.

Ech ënnerstëtze voll a ganz de Schäfferot. Ech kann net novollzéien, wéi een Inneministère sech op déi néng Meterkaree an ee Buedzëmmer pro sechs Unitéite ka beharren. Dat ass jo wierklech net méi zäitgeméiss.

Éinescht war ugeschwat ginn, wa mer dat trotzdeem géife guttheeschen, also da schätzen ech schonn, datt ganz vill Demandë wäerten erakommen. Well éier mer dat heiten haten, mer hate jo grad eng Brems ageluecht. Virdru krute mer pro Woch heiansdo bis zu dräi Demandë vun Eefamilljenhaiser, fir se ëmzebauen.

A wa mer dat hei elo esou géifen unhuelen, dann hätte mer warscheinlech vun deene leschten zwee Joer alles cumuléiert un Demanden, déi géifen erakommen. Vläicht net alles, awer vill Demanden, déi géife cumuléiert kommen, a mer misste se guttheeschen, well se da souguer Recht hunn nom Gesetz. A mer kënnen et herno net méi réckgängeg maachen.

An et muss ee jo och ganz kloer soen: Dat, wat mer hei stëmmen, dat ass jo fir déi nei Chambres meublées, déi bäikommen, net fir déi bestoend. Dat hu mer ganz kloer esou formuléiert an eisem Bautereglement. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat ass ganz richteg, Här Hartung. Ech ginn d'Wuert un den Här Krecké.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech maachen nach eemol e kuerze Recit, wou mir als Verwaltung sti mam Inneministère. Do gëtt net emotional oder wéi och ëmmer gekuckt, do gëtt einfach demokratesch, rechtlech, juristesch eppes gekuckt.

Mir hunn déi Upassung gemaach an eisem Bautereglement, no Récksprooch mat eisem juristesche Beroder, dee sot, dass mer dat do duerchaus kéinte maachen.aAn all déi Mesuren, déi mer d'ailleurs en place gesat hunn. Mir sinn awer du scho beim éischte Votum, wéi Der nach selwer wësst, jo zréckgepaff ginn, mir misste Verschiddenes upassen, wat net konform ass zum Gesetz vun Dezember 2019, wou déi nei Spillreegele verfaasst gi sinn.

Eise juristesche Beroder ass och haut nach ëmmer der Meenung, dass mer eigentlech net falsch gehandelt hunn. E war zwar mat Momenter net ganz sécher, dass et och esou géif juristesch d'Strooss halen. An et ass jo och esou, dass d'Juristen aus dem Inneministère op hirer Positioun bleiwen.

Mir haten, den Architekt sou gutt wéi ech, Gespréicher d'lescht Woch mat Juristen aus dem Inneministère. D'Fro, déi do am Raum stoung – an dat ass op dem Här Schwachtgen seng Fro geäntwert –, si kéinten higoen a partiell, wa se dat da lo wéilte maachen, eis fir si net konform Haltung betreffend d'Hygiène an d'Buedzëmmere suspendéieren an och annuléieren dinn. Wat dann net heescht, dass de Rescht vun eisem Bautereglement da mat géif op Äis leien. Dat géif awer applikabel ginn. Mir hu scho genuch Zäit d'ailleurs dowéinst verluer.

Soudass, wa mir op där heiter Positioun bleiwen, dann opleit et dem Ministère ze decidéieren, ob si doraus wëllen eng Suspendéierung, eng Annu-

latioun op deenen hygieenesche Krittäre maachen. Et war och vläicht gutt, et esou ze maachen an einfach op dee Mëssel hinzeweisen.
Ech ginn dem Här Weirich gäre Recht, ech gesinn och elo net, dass muer eng Schlaang steet, fir esou Projeten ze realiséieren. Mee ech hunn awer genuch Projete gesinn aus der Vergaangenheet an och haut nach, wou Leit sech heiansdo mussen op engem Stack déi marodesten Toiletten an Duschen deelen.eEch kann Iech gären invitéieren, esou Saache kucken ze goen, dat ass net schéin. A mir sollen do kucken, wierklech e Virreidermodell ze sinn. A vläicht souguer mat dëser Aktioun de Staat matbeweegt ze kréien, no enger Pandemie, d'2019er-Gesetz adequat unzepassen. Dofir fannen ech, et wier eng gutt Saach, et esou ze maachen.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Ech wollt nach eng Kéier erläuteren, firwat mer et méi streng gemaach hunn. Dat ass jo elo net géint déi soi-disant béis Promoteuren, et ass guer net an deem Sënn. Et ass well verschidde Servicer vun eiser Gemeng déi tatsächlech Begeebenheete kennen, wéi Leit nach hei zu Déifferdeng musse wunnen. An dat ass en Hon.

A genau esou sinn déi dote Proposen ze verstoen.fFir dass dat net méi hei zu Déifferdeng esou massiv méiglech ass. Dass mer et net ganz ausgeschloss kréien, dat huelen ech gär un. Awer dat soll net d'Reegel sinn. An dat ass de Grond, firwat mer méi streng Oplage gemaach hunn an eisem Bautereglement, fir deem entgéintzewierken. Ech wollt dat just nach eng Kéier erwänen. Mir hunn dat net gemaach einfach esou.

Här Liesch, wannechgelift.

### GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dir sot, mir hunn dat méi streng gemaach. Ech sinn do éischter beim Här Muller a beim Här Ulveling, déi soen: A wéi enger Faveur ass d'Gesetz geschriwwe ginn? En faveur vun eisem Bierger, deen do wunnt, oder en faveur vun de Promoteuren, déi sech dann hei, ech soen elo mol, d'Täsche vollstoppen? Ech mengen, e Gesetz muss do si fir d'Bierger. An da gesinn ech et net als eng Verschäerfung vun deem, wat mir hei maachen, mee als eng Verbesserung am Sënn vun deene Leit, déi do wunnen.

An da sinn ech awer ganz bei der Interpretatioun vum Här Muller a vum Här Ulveling, déi soen: Mir maachen dat, wat am Gesetz steet, also de Minimum, a mir maachen et besser." An ech fannen, do musse mer awer dann och méi wäit goen an eventuell iwwer e Verwaltungsgeriicht da kucken, zu eisem Recht ze kommen.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da kënne mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 1 voix non d'approuver la prise de position par rapport à la réponse ministérielle concernant le nouveau Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites.*

Erlaabt mer, den Här Ruckert an d'Madamm Saeul ze entschëllegen.

Mir kommen zum nächste Punkt, 8), d'Diffprimmen. Här De Sousa, Dir hutt d'Wuert.

### SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch.

(Ënnerbriechung)

Jo. Haut ass definitiv kee klenge Programm.

Als Éischt wollt ech dem Klimateam, ënner der Leedung vum Här Luc Arend vum Service écologique, e grousse Merci ausschwätze fir d'Ausschaffe vun dësem Dokument.

Am Virfeld hate mir déi verschidde Kommissiounen invitéiert, wou déi Diffprimme presentéiert gi sinn.

*time qu'au moins, Differdange aura attiré l'attention sur le problème.*
*Comme monsieur Weirich, Henri Krecké ne pense pas que demain, il y aura la queue pour réaliser des projets. Mais il a vu suffisamment de projets où les locataires doivent se partager des toilettes et des douches en piteux état. Differdange veut être un modèle et montrer à l'État que la loi de 2019 doit être modifiée.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite expliquer pourquoi le collège échevinal a pris cette décision. Il ne s'agit pas de punir les mauvais promoteurs. Mais les services communaux connaissent les conditions de vie de certaines personnes. C'est une honte. Ce n'est pas ce que le collège échevinal veut pour Differdange. C'est ce qui explique les critères sévères du Règlement des bâtisses.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *voit les choses comme monsieur Muller et monsieur Ulveling. La loi sert-elle les intérêts des citoyens ou des promoteurs ? Si elle sert les intérêts de la population, le collège échevinal essaie d'améliorer la situation. Il fait plus que le minimum. Si nécessaire, il faudrait s'adresser à un tribunal administratif.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *excuse monsieur Ruckert et madame Saeul. Elle passe aux Diffprimes.*
*(Interruption)*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *confirme que l'ordre du jour est imposant.*
*Il remercie le service écologique et notamment monsieur Luc Arend pour ce document.*
*Les commissions ont pris connaissance des Diffprimes.*
*Lundi soir, les conseillers communaux ont reçu un premier document. Paulo De Sousa n'en est pas satisfait.*
*En effet, les modifications ont été portées au stylo rouge. On n'arrive plus à comprendre ce qui a changé. C'est pourquoi le conseil commu-*

*nal a reçu un deuxième document par la suite.*
*Parmi les modifications figure le titre. Le document s'appelle désormais Règlement communal ayant comme objet le subventionnement d'investissements dans le but d'établir un changement d'esprit vers la neutralité climatique de la ville.*
*Le taux des subsides par rapport aux subventions de l'État a été augmenté pour de nombreux points. À titre d'exemple, le subside pour un conseil énergétique est désormais plafonné à 500 €, ce qui représente une augmentation de 150 €. Le conseil énergétique est nécessaire pour pouvoir demander certaines subventions nationales à moins que l'on ne réalise qu'une seule mesure. Dans ce cas, un artisan agréé suffit.*
*Le subside pour les rénovations est plafonné à 5000 €, par exemple pour le remplacement de portes ou de fenêtres, ou pour installer un système de ventilation contrôlée.*
*Pour certains travaux d'isolation, le subside passe à 50 % de celui de l'État. Le taux descend à 25 % pour les isolations minérales et à 12,5 % pour les isolations synthétiques.*
*En matière d'énergies renouvelables, le taux passe à 50 %. Les forages géothermiques sont subventionnés à hauteur de 5000 €, ce qui est nouveau.*
*Les panneaux photovoltaïques sont privilégiés par rapport aux panneaux solaires, car ils sont plus efficaces. En cumulant les aides de l'État et de la commune, un citoyen ne paye qu'un quart de l'installation photovoltaïque.*
*Depuis quelques années, il existe aussi des panneaux photovoltaïques pour les balcons. Ils sont subventionnés à hauteur de 500 €. Il suffit de les brancher à une prise pour qu'ils fonctionnent. Une installation de moins de 0,8 kW/Peak ne doit pas être communiquée au fournisseur d'électricité.*
*Plusieurs conditions ont été ajoutées pour les subsides pour les pellets et les copeaux de bois, car les pompes à chaleur sont plus efficaces. Les chaudières sont subventionnées à hauteur de 50 % de la prime de l'État avec un plafond de 5000 €.*

Zu den Ännerungen. Do fänkt et scho beim Titel un. E Méindeg den Owend hutt Dir nach een Dokument nogeschéckt kritt. Ech gesinn dat als eng ganz schlecht Prüfung, wou ganz vill de roude Bic dra virkomm ass, wou een déi Ännerunge richteg gutt gesäit. Wann een elo dat neit Reglement kuckt an et huet een net dat aalt, da weess een net, wat geännert ginn ass. Dowéinst hutt Dir – e bësse méi spéit, leider – nach en Dokument kritt, da kënnt Der déi zwou Saache vergläichen.

Déi éischt Ännerung fänkt scho beim Titel un. D'Dokument heescht elo „Règlement communal ayant comme objet le subventionnement d'investissements dans le but d'établir un changement d'esprit vers la neutralité climatique de la Ville". An net wéi virdrun „d'une utilisation rationnelle de l'énergie et la promotion des énergies alternatives".
Mir wëlle mat eise Primmen en Ëmdenke bei de Leit erreechen. Esou si mer virgaangen: Mir hu bei ville Punkten de Prozentsaz vun eise Subside par rapport zu deene vum Staat eropgesat.

Zum Beispill fir de Conseil énergétique gi mer neierdéngs 50 % vun deem, wat de Staat gëtt, mat engem Plaffong vu 500 Euro. Dat ass eng Erhéijung vun 150 Euro.

Et muss ee soen, datt een dee Conseil énergétique brauch, fir verschidde Subventioune vum Staat ze kréien. Neierdéngs ass et awer esou, wann een nëmmen eng Mesure ëmsetzt, da geet een Artisan agréé duer, fir déi finanziell Hëllef vum Staat ze kréien. Awer dann däerf een éierlech just eng. Wann een an zwee, dräi Joer eppes Neies wëll maachen, dann akzeptéiere si dat net.

Am Deel vun de Renovatioune fir eng energeetesch Verbesserung hu mir eis Subventiounen adaptéiert. Haaptsächlech erhéije mer de Prozentsaz par rapport zum Staatssubsid ëm 50 %, mat engem Plaffong vu 5.000 Euro. Dës gëllt beim Ersetze vun den Dieren oder Fënsteren, wéi d'Installéiere vun enger kontrolléierter Ventilatioun.

Bei der Isolatioun vum Daach, vun Dallen, engem netgehëtzte Späicher oder Keller, dem Isoléiere vu Mauere bannen oder bausse spillt eng weider Komponent eng grouss Roll: Bei natierlechen an nohaltege Materialie gi mer de Maximum u Subsid. Dat heescht 50 % par rapport zu deene vum Staat. Bei mineralesche Substanze gëtt et nëmmen nach 25 % a bei syntheetescher Isolatioun nëmmen nach 12,5 % par rapport zu deem, wat d'Persoun vum Staat kritt.

Beim Domän vun den erneierbaren Energien hu mer de Prozentsaz an de meeschte Fäll op 50 % erhéicht. Dat gëllt fir d'Installatioun vun enger Loft-Waasser- wéi och enger Waasser-Waasser-Wärmepompel. Am Kader vun enger Waasser-Waasser-Wärmepompel subsidéiere mer neierdéngs d'Buerunge fir d'Geothermie bis zu 5.000 Euro, wat beim Staat net de Fall ass. Dat heescht, wann een eng Waasser-Waasser-Wärmepompel installéiert mat der Geothermie, kann ee bei eis bis zu 10.000 Euro kréien.

Mat eisem neie Subsidekatalog wäerte mer méi d'Photovoltaik ënnerstëtzen a manner op d'Opbereedung vum waarme Waasser setzen, well Photovoltaik op den Diech méi effektiv ass. Fir d'Opbereedung vum waarme Waasser gëtt et nëmmen ee Subsid fir Gebaier, déi méi al wéi zéng Joer sinn. Bei der Photovoltaik hu mir eis Hëllef och erhéicht.

Mat den neie Mesuren, déi de Staat bitt, a mat eisen Hëllefe kann een eng Anlag bis zu 75 % subventionéiert kréien. 3/4 vun der Anlag kann een duerch Subside bezuelt kréien.

Zënter e puer Joer – dat ass ganz interessant – gëtt et och Balcon-Photovoltaikanlagen. Beim Kaf vun esou enger Anlag leeë mir bis zu 500 Euro bäi. Esou eng Anlag kritt ee ganz einfach an engem Baumaart. Et stécht een de Stecker an d'Steckdous, an da leeft dat. Eng Anlag ënner 0,8 Kilowatt Peak muss ee mol net bei sengem Stroumprovider uginn. An déi Anlag deckt schonn de Verbrauch vu ville Geräter, déi am Standby lafen.

Bei de Pellets oder Hackschnitzelchaudièren hu mir bei eisen Hëllefen e puer Konditioune bäigesat: Am Klimateam si mer der Meenung, datt déi CO2-bescht Léisung eng Wärmepompel ass. Mee mir wëssen, datt a verschiddene Fäll dëst net ëmsetzbar ass.

Dat huet sech erauskristalliséiert, ënner anerem, bei den Haiser, déi geschützt sinn, ënner de Konditiounen, déi Dir am Dossier gesitt. Fir d'Installatioun vun esou enger Chaudière gi mir eng Hëllef vu bis 5.000 Euro bäi, ëmmer 50 % vum Subsid vum Staat.

Wéi Dir Iech virstelle kënnt, hu mir d'Hëllef fir eng Kondensatiounschaudière gestrach. Trotzdeem wëlle mer deenen entgéintkommen, déi viru Kuerzem eng nei Kondensatiounschaudière kaf hunn. Et gëtt eng Loft-Waasser-Wärmepompel, déi ee ganz einfach u seng Chaudière uschléisse kann. Esou eng Pompel kascht ronn 4.000 Euro. Domadder hëtzt een iwwer d'ganz Joer d'Waasser. Dat heescht, am Summer kann ee seng Chaudière einfach ausschalten. Grosso modo huet een do 500 bis 600 Meterkibb Gas d'Joer. A mir lieeë beim Kaf vun esou enger Installatioun 1.000 Euro bäi. 500 bis 600 Meterkibb Gas beim Präis, deen Der elo kennt, dat si 500 bis 600 Euro.

Bei den Haushaltsgeräter wéi Frigo, Tifküler, Spull- a Wäschmaschinn gëtt et neierdéngs eng nei Effizienzklass, nämlech den A. Do gi mer de Leit beim Kaf vun esou engem Gerät 100 Euro. Hei hu mir de Subsid verduebelt. Beim Trockner geet d'Entwécklung net esou séier virun, deen ass nach bei A+++, mee do gi mer awer dee selwechte Subsid wéi bei deenen anere Geräter.

An der Mobilitéit hu mer net vill Ännerunge virgeholl. Hei subventionéiere mer de Vëlo, déi liicht elektresch Gefierer: Quad, Moto, 50 Kubik an d'Installéiere vun der Elektroborne. Déi eenzeg Ännerung ass beim Elektroauto. Bei engem Prix de base ënner 40.000 Euro kritt ee weiderhin 1.000 Euro. Duerno geet et linear erof bis zu engem Montant vu 65.000 Euro, wou een dann näischt méi kritt.

Fir de Präis vu 40.000 Euro fënnt ee schonn ee Kombi als Familljenauto, soudatt jidderee vum maximale Subsid profitéiere kann. Als Referenz hu mer de Prix de base geholl, well mer kee benodeelege wollten, deen eng zweet Batterie installéiert an domadder säi Präis an d'Luucht schrauft.

Da komme mer zu den zwou neie Kategorien an eisem Katalog. Als Éischt d'Klimaupassungsmesuren.

No den extreeme Wiederevenementer wëlle mer deem e bëssen entgéintwierken. Mir subventionéiere weiderhin d'Reewaasseranlagen an elo hëllefe mer de Leit, déi entweeder ee Retentiounsweier oder eng Cuve installéieren, fir bei staarkem Reen d'Waasser e bëssen opzefänken.

No den Iwwerschwemmungen zejoert, war e Constat, datt vill Haiser net mat engem Clapet anti-retour ausgestatt waren, an ënner anerem doduerch d'Waasser zréck an d'Haus komm ass. Mir ënnerstëtzen dëst mat engem Subsid vun 1.000 Euro. Dat ass dee Montant, dee mir de Leit d'lescht Joer fir hire Schued ginn hu wéinst den Iwwerschwemmungen.

Weider bei de Klimaupassungsmesure wëlle mer d'Gréngfläch, fir méi Biodiversitéit ze kréien an eise Quartieren, ënnerstëtzen. Do kréien d'Leit eng finanziell Hëllef fir de Bau vun engem gréngen Daach oder enger grénger Fassad, mat de Montanten an de Konditiounen, déi Dir am Dossier fannt.

Fir de Stengerchersgäert, de „groe Gäert", entgéintzewierken, ënnerstëtze mir d'Demolitioun vun engem Bëtonsvirgäertchen ab dräi Quadratmeter mat engem Subsid vun 300 Euro. Mir probéiere mol, mat enger Incitatioun d'Leit ze erreechen. Soudatt si op dëse Wee ginn an dat ellent Grot virun hirer Dier ewechhuelen.

Mir ginn do éischter proaktiv wéi repressiv vir, fir d'Leit dozou opzefuerderen, méi Biodiversitéit am urbane Raum zouzeloossen, wëssend datt eis Liewensqualitéit, an zemools déi vun den Déieren, ganz wichteg ass.

Zu gudder Lescht féiere mer nach eng Reparatiounssubventioun an. Wann een d'CO2-Bilanz kuckt ass et nach ëmmer besser, säin Apparat flécken ze loosse wéi een neien ze kafen. Dofir gi mir bis zu 200 Euro d'Joer, fir alles. Do hu mer eis informéiert, wat d'Assurance bei enger Reparatur net a Kaf hëlt, dofir froe mer eng Preuve de non-remboursement. Net datt ee säi Frigo integral rembourséiert kritt vun der Assurance, an da kënnt een op d'Gemeng an et freet een nach déi 200 Euro.

*La prime pour les chaudières à condensation a été supprimée. Cependant, ces chaudières peuvent être reliées à une pompe à chaleur air-eau coutant quelque 4000 € et subsidiée par la commune à hauteur de 1000 €. La pompe à chaleur permet d'économiser quelque 600 m3 de gaz ou 600 €.*
*Les appareils électroménagers de classe A sont subventionnés à hauteur de cent euros. Le développement des sèche-linges est plus long. La classe énergétique doit être A+++.*
*Les véhicules électriques continuent à être subventionnés. La seule différence concerne les véhicules électriques. La prime se monte à 1000 € pour les voitures coutant moins de 40 000 €. La somme baisse ensuite de manière linéaire jusqu'à 65 000 €, montant au-delà duquel on ne touche plus rien. Quarante-mille euros représentent le prix d'une voiture familiale.*
*Parmi les nouveautés figurent les mesures d'adaptation au climat. Les bassins de rétention, les étangs de rétention et les cuves sont subventionnés. Les clapets antiretours sont subventionnés à hauteur de mille euros.*
*Pour favoriser la biodiversité, la commune propose aussi des primes pour les espaces verts — par exemple, pour les toitures ou les façades écologiques. Les conditions figurent dans le dossier. Par ailleurs, la commune versera un subside de 300 € pour la démolition des jardins de devant de plus de 3 m2 en béton. Pour le moment, le collège échevinal préfère agir de manière proactive plutôt que répressive pour inciter les gens à promouvoir la biodiversité et à améliorer la qualité de vie des habitants et des animaux.*
*Une nouvelle subvention sur les réparations d'appareils est aussi introduite. Elle se monte à un maximum de 200 € sur les frais non remboursés par l'assurance. La commune demande une preuve de non-remboursement pour éviter que la réparation d'un appareil ne soit remboursée deux fois.*
*Le collège échevinal ne différencie pas entre les résidences et les maisons.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *est, en principe, d'accord avec le catalogue des Diffprimes, qui promeuvent le développement écologique et durable de Differdange.*
*Il a cependant une question concernant les résidences. Les capteurs photovoltaïques sont subventionnés à hauteur de 50 % avec un plafond de 5000 €. N'est-ce pas injuste pour les copropriétaires d'une résidence, qui installent généralement des systèmes bien plus volumineux et qui investissent donc plus ? Dix ou vingt copropriétaires recevraient deux-cent-cinquante ou cinq-cents euros. L'État fait quant à lui une distinction entre les maisons et les résidences, mais Erny Muller n'a pas les chiffres en tête. Même la Commission des logements dit ne pas comprendre la logique visant à désavantager les résidences et les bâtiments protégés.*
*Erny Muller a déjà mentionné le problème des résidences lors de la présentation. Pourquoi le collège échevinal n'a-t-il pas modifié ce point ? Pourquoi la commune est-elle aussi restrictive avec une partie des résidents ? Une adaptation est-elle envisageable à court terme ? Erny Muller suppose que le collège échevinal va expliquer sa décision. On lui a rapporté une explication, mais il préfèrerait entendre la version officielle du collège échevinal. Le cas échéant, il demande que le point 3f soit voté à part, car les socialistes ne sont pas d'accord. Pour le reste, ils voteront oui.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *se dit satisfait du fait que le catalogue des primes soit revu régulièrement. Cette fois-ci, il s'agit carrément d'une nouvelle version.*

Ech mengen, ech hätt d'Ännerungen all opgezielt. Ech bieden Iech, dësen neie Katalog matzestëmmen.

Nach eng Informatioun: An deene ganzen Ännerunge maache mer keen Ënnerscheed méi tëschent Résidences a Maisons. Beim Staat sinn déi Montante bal änlech, déi Héchstwäerter, déi Plaffonge beim Staat gi mat eise 50 % och couvréiert bei enger Residence. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wéilt do anhaken, wat Der elo just gesot hutt. Prinzipiell ass d'LSAP mat dësem neien Diffprimm-Katalog averstanen, mat all deenen neie Reegelungen, déi am Interêt si vun enger méi nohalteger a klimafrëndlecher Entwécklung vun eiser Stad.

Mir hunn eng Fro, notamment zu deem Punkt, wat Der elo gesot hutt, iwwert d'Residenzen. Ënner Punkt 3), bei der Installatioun vu Capteurs solaires photovoltaïques, do steet: sur immeuble ou résidence, wat Der elo just gesot hutt, an dass et a béide Fäll nëmmen e Subsid géif vu 50 % a maximum 5.000 Euro. Mir kënnen do eng Ongerechtegkeet entdecke betreffend de Koproprietäre vun enger Residenz par rapport zu engem Eefamilljenhaus. Wann een elo d'Residenz hëlt, da sinn dat meeschtens ganz grouss Daachflächen, wou en Invest en héije Montant dee Moment ausmécht.

A wann Der méi Koproprietären hutt, tëschent 10 an 20, wéi dat oft ass an de Residenzen, da ka jiddweree vun enger Primm tëschent 250 a 500 Euro profitéieren. Wou géigeniwwer awer e groussen Invest steet, och wa 50 % dovu vum Staat iwwerholl gëtt. Ech hu mer awer soe gelooss, ech weess elo kee geneeë Wäert, mee beim Staat wäert trotzdeem d'Primm, déi ee kritt, bei Residenze méi héich si wéi déi vun den Eefamilljenhaiser. Dat huet esouguer eise Beroder mer gesot. Mee ech hunn awer do de Wäert net, wéi vill dat genee ass.

D'Logementskommissioun geet an hirem Avis op deen dote Sujet an. Ech zitéieren, wat déi geschriwwen hunn am Avis: „Les membres de la commission ne peuvent pas suivre la logique de désavantager les logements dans les résidences respectivement des bâtiments protégés.“ Bâtiments protégés hu mer der jo eng ganz Partie an eiser Gemeng, mee ech wollt am Fong just op de Punkt agoe vun de Residencen.

Ech hat dat och erwäänt bei der Virstellung, dass ech do e Problem gesinn. Dofir hunn ech do eng Fro: Et ass jo bäibehale ginn, dass do keng Ännerunge gemaach ginn. Dat heescht, firwat ass dat Reglement elo restriktiv vis-à-vis vun engem Deel vun de Biergerinnen a Bierger par rapport zu aneren? Just well déi an enger Residenz wunnen? Ech mengen, dat ass jo kee Gläichheetsprinzip.
Déi zweet Fro ass, ob mer eventuell kéinten an deem Punkt eng Nobesserung erwaarden a kuerzer Zäit. D'Logementskommissioun huet dat jo och gefrot. Oder wëllt Der do stuer op där Positioun bleiwen? Wa mer dat an Aussiicht gestallt kréien, dass mer eng Upassung do géife virhuelen an dat méi am Detail ënnersichen, wéi dat sech verhält – Dir gitt mer sécher eng Äntwert drop, firwat dat elo esou gemaach ginn ass. Ech hunn emol eng gesot kritt, mee ech wollt awer déi offiziell vum Schäfferot héieren.

Sollt dat de Fall sinn, dass mer do näischt géifen änneren, da froen ech, fir iwwert de Punkt 3) separat ofzestëmmen. Well dat ass e Punkt, dee mer effektiv, esou wéi en elo ass, net kënne matstëmmen. De Rescht vun de Mesuren, déi an deem Katalog sinn iwwert d'Diffprimm, géife mer matstëmmen. Mee heimat hu mer e Problem. Ech soen Iech Merci.

(Keen Toun)

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Insgesamt fannen ech dat heiten e super Exercice, éischtens, dass dee Primmekatalog ëmmer erëm aktualiséiert gëtt un d'Gegebenheeten. An dës Kéier ass et jo net nëm-

men einfach e klengen Update, mee dat hei ass schonn eng komplett nei iwwerschaffte Versioun.

Ech géif och gär ufänke mat engem Merite, wou dëse Katalog hierkënnt. Mir hunn am Ufank vun eiser Sitzung haut eng Gedenkminutt gehale fir de Fernand Jungmann. D'Meritte vun dësem Katalog ginn op hien zréck, dofir: Fernand, merci vun dëser Säit.

Op eng Partie Saachen, déi wierklech interessant sinn, wéilt ech agoen an e puer Ureegunge maachen.

Zu de Klimaupassungen. Mir gesinn effektiv, leider, an der Vergaangenheet, dass mer als Déifferdenger Gemeng net verschount bleiwe vu Repercussioune vum Klimawandel. An dass mer do net iwwerall Äntwerten drop hunn. An dass d'Leit och net dofir gewappnet sinn. Et fänkt domat un, dass mer d'Leit mussen informéieren, dass et méi reegelméisseg zu esou Saache wéi déi, déi mer erlieft hunn, wäert kommen.

An Zukunft wäerte mer also méi reegelméisseg mat Héichwaasser gehäit sinn. Mir wäerte méi reegelméisseg gehäit si mat extreemen Drécheperioden, mat extreem héijen Temperaturen. A mir mussen d'Leit éischtens doriwwer informéieren, dass dat nun eemol esou ass, dass mer et eeben als Gesellschaft net fäerdegbruecht hunn, d'Klimaziler anzehalen an et am Moment och net esou ausgesäit, wéi wa mer dat an Zukunft hikréie wäerten.

Ëmsou méi wichteg ass et dann, dass eng Gemeng, mam Staat zesummen, kuckt, dass déi Mesuren déi méiglech sinn, an dat sinn der net extreem vill, mee zumindest déi déi méiglech sinn, dass mer déi finanziell ënnerstëtzen, dass d'Leit dat och kënne maachen.

Dat sinn effektiv déi Saachen, déi den Här De Sousa elo hei gesot huet, zum Beispill dee Réckschlag-Clapet, wou vill Leit bis elo net dru geduecht hunn, an et och net gebraucht hunn. Wat awer eng Mesure ass, déi net extreem vill kascht normalerweis, awer schonn extreem effikass ass, wann et mol eng Kéier zu Héichwaasser kënnt.

Gréng Diech, gréng Fassaden, alles dat sinn extreem wichteg Elementer, well se dozou bäidroen, dass mer eist Mikroklima an eise Stroossen däitlech verbesseren. Ech mengen, Dir kennt alleguerten déi Biller, wou gewise gëtt, wéi vill d'Temperatur an d'Luucht geet, wann een op enger zoubetonéierter Plaz, zoubetonéierter Strooss ass, wéi wann an enger Strooss Beem, gréng Fassaden a gréng Diech sinn. Dat ass signifikant.

An doduerch, dass mer déi Subsiden hei ginn, reege mer vläicht d'Leit un, doriwwer nozedenken a si maachen dat dann och vläicht. Juristesch si mer elo ofgeséchert, dass mer dat kënnen. Zum Beispill bei de gréngе Fassade war jo laang de Problem, dass d'Leit hu mussen e Lach an den Trottoir public maachen, fir déi Fassadebegréngung, déi Planzen dann och ze setzen. Dat ass heimat elo gereegelt, dass dat emol machbar ass.

Déi Virgäertercherspolitik fannen ech interessant, dass mer elo net direkt op e Verbuet ginn, mee dass mer probéieren, d'Leit unzereegen a soen, mir ginn Iech e Subsid, wann Der deen ëmwandelt. Well och dat dréit erëm zu engem Mikroklima bäi an enger Strooss, wann net all Virgäertchen nëmme mat deene blöde Steng do zougetippt ass, mee effektiv eng Biodiversitéit opweist.

Dat zweet grousst Kapitel geet ëm Reparatiounen. Och wann déi Montanten elo hei net extreem héich sinn, geet et awer ëm eng Signalwierkung. D'Déifferdenger Gemeng seet no baussen: Et ass eis wichteg, dass Der Är Geräter an Är Saachen, déi Der doheem hutt, net direkt nei kaaft an ewechgehäit, wa se nach sënnvoll reparabel sinn. An doduerch, dass mer Subside gi fir d'Reparaturen, ass dat eng staark Signalwierkung no baussen, wa mer dat heiten upassen.

Och aner Upassungen, déi mer hei maachen, wou mer d'Subside bal alleguerten eropsetzen, am energeetesche Beräich, am Waasser-Beräich, dat fannen ech absolutt begréissenswäert, dass mer op deen heite Wee ginn. Wéi den Här De Sousa scho gesot huet, fir eng Photovoltaik brauch een haut net méi laang ze iwwerleeën, wann een de Staat plus d'Gemeng zesummerechent a 75 % vu senger Anlag bezuelt kritt.

Een, deen haut also net op deen dote Wee geet, dee mécht jiddefalls mëttelfristeg e Feeler. Well zu deene 75 %

*Au début de la séance, le conseil communal a tenu une minute de silence à la mémoire de Fernand Jungmann. C'est à lui que reviennent les mérites du catalogue des Diffprimes. Georges Liesch l'en remercie.*
*En ce qui concerne l'adaptation au climat, il devient évident que Differdange n'est pas épargnée par les répercussions du changement climatique et que la commune n'a pas la réponse à toutes les questions.*
*Tout d'abord, il faut informer les gens du fait que ces phénomènes vont se reproduire à l'avenir. Il y aura régulièrement des inondations, des périodes de sècheresse et des températures extrêmement élevées. Malheureusement, la société n'a pas réussi à atteindre ses objectifs en matière de climat et n'y parviendra probablement pas non plus à l'avenir. C'est pourquoi la commune doit promouvoir des mesures comme les clapets antiretours, qui ne coutent pas très cher et qui sont efficaces en cas d'inondation.*
*Les toitures et les façades écologiques permettent d'améliorer le microclimat. Tout le monde sait que les températures augmentent bien plus sur les places et dans rues bétonnées en comparaison aux places et rues bordées d'arbres. Les subsides incitent les gens à réfléchir à ces questions. Juridiquement, ces mesures tiennent la route. En effet, les gens doivent faire un trou sur la voie publique pour pouvoir aménager les plantes de leurs façades. Désormais, c'est autorisé.*
*Le collège échevinal a raison de ne pas interdire les jardins de devant en pierre, mais d'inviter les gens à travers un subside. Les jardins de devant écologiques contribuent aussi à l'amélioration du microclimat et de la biodiversité.*
*Les montants pour les réparations ne sont pas élevés, mais ces primes sont significatives. Il est important de ne pas jeter à la poubelle les appareils qui peuvent être réparés.*
*Georges Liesch salue aussi les subsides dans les domaines de l'énergie et de l'eau. Monsieur De Sousa a expliqué que les installations photovoltaïques sont financées à 75 % par les subsides de l'État et de la commune. Il n'y a donc pas à réfléchir longtemps. Ne pas en installer*

*est une erreur à moyen terme, car les 25 % qui lui restent à payer sont rapidement remboursés à travers la vente d'électricité. Cela en vaut la peine même s'il faut contracter un emprunt.*
*Les installations photovoltaïques pour les balcons sont intéressantes. Il faut juste faire attention à acquérir un système respectant les standards. D'après une étude remontant à une semaine, 80 % de ces appareils vendus sur les plateformes numériques ne respectent pas les normes de l'Union européenne. Parfois, il s'agit de l'absence d'une certaine langue dans le guide, mais d'autres fois les manques sont graves et peuvent même entrainer des incendies. C'est pourquoi Georges Liesch conseille aux gens de se rendre chez un commerçant local plutôt que sur des plateformes en ligne. Mais de toute façon, ces installations restent intéressantes.*
*Georges Liesch rappelle qu'un cadastre solaire figure sur le site internet de la commune. Il faudrait le mettre à jour sur la base des nouveaux subsides. Un nouveau propriétaire ou locataire pourrait ne pas y trouver sa maison. En entrant son adresse, on apprend quel type d'installation est possible ainsi que des renseignements sur les subsides et le rendement. C'est chouette. Mais pour que l'outil soit efficace, il faut y entrer les subsides de l'État et de la commune. Autrement, les gens risquent de recevoir des informations erronées.*
*Monsieur De Sousa a parlé de la géothermie. Il serait intéressant de disposer d'une carte des endroits où la géothermie est possible pour éviter que les gens ne fassent des recherches alors qu'ils ne peuvent pas installer un tel système. Georges Liesch envisage un cadastre géothermique.*
*Dans l'ensemble, il est satisfait du catalogue de mesures, qu'il approuvera.*

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *remercie monsieur De Sousa pour ses explications.*

komme jo nach d'Erträg, déi ee kritt, doduerch dass ee säi Stroum nach verkeeft, soudass déi 25 % déi nach bleiwen, ganz séier erëm an der Keess sinn. An och, wann een dofir muss e Prêt maachen, fir déi 25 %, déi si ganz séier zréckbezuelt.

Weider interessant sinn déi Balconsphotovoltaikanlagen, déi elo ëmmer méi a Moud kommen. Ech géif do just de Leit soen, si sollen e bëssen oppassen, wat se kafen. Well do si vill, soen ech emol, Saachen ënnerwee op verschiddene Marchéen, zemools op digitale Plattformen, déi net de Standarden entspriechen.

Dir hutt vläicht matkritt, dass virun enger gudder Woch eng grouss Stéchprouf gemaach ginn ass vun elektronesche Geräter, ob se EU-konform sinn, an dass 80 % vun deene Geräter, déi iwwer esou Plattformen hei an d'Land kommen, an dat ass bei eis net anescht wéi am Ausland, net konform sinn.

Verschidde Saache si kleng Mängel, dass zum Beispill eng Gebrauchsanweisung net an enger Sprooch ass, déi mer verstinn. Mee et sinn awer och eng ganz Partie Saachen dobäi, déi gravéierend Mängel opweisen, déi zu elektresche Schied kënne féieren an zu Brand kënne féieren. Dofir géif ech do gären en Appell maachen un d'Leit, do opzepassen an esou Saache vläicht net onbedéngt op iergendwellechen dubiéisen oder och net dubiéise Plattformen ze kafen, mee éischter bei engem lokalen Händler, wou een dann och erëm kann zréckgoen, wann eppes net funktionéiert.

Mee dat sinn awer interessant Installatiounen.

Zwou Saachen, déi ech nach mat op de Wee wollt ginn. Mir haten als Déifferdenger Gemeng eng Kéier e Solarkadaster gemaach gehat. An deen Internetsite, dee funktionéiert och nach ëmmer, dee misst allerdéngs à jour gesat ginn, mat deenen neie Subsiden, déi mer elo hunn an och mat den neie Stroossen a mat den neie Gebaier. Do sinn eng Partie nei Saachen nach net dran.

Dat heescht, wann elo een neie Locataire oder ee Proprietär op Déifferdeng wunne kënnt, da fënnt dee säin Haus zum Beispill nach net. Dee Solarkadaster ass jo esou opgebaut, dass ee seng Adress agëtt an da fënnt deen direkt eraus, wéi vill Kilowatt Peak op deem säin Daach passt, wat de Rendement ass, wat d'Installatioun kascht, wat ee vu Subside ka kréien a wéini sech déi Anlag bezuelt mécht. Also e ganz flotten Tool, wou een doheem um Kannapee ka kucken: Wann ech dann elo hei op mengem Daach wéilt eng Anlag maachen, wat misst ech dann nach finanzéieren a wéini hätt ech déi Suen, déi ech muss finanzéieren, eran?

Dofir missten allerdéngs déi Subside vum Staat an déi vun de Gemengen op deem Site agedroe ginn, fir dass dat och wierklech aktuell ass. Soss ginn d'Leit do mat falschen Informatioune gefiddert.

Eng Iddi, déi ech nach derwäert géif fannen, dat ass, wat den Här De Sousa gesot huet, dass mer ewell Subside gi fir Geothermie, wou et méiglech ass. Do wär et interessant, eng Kaart ze maachen, wat d'Gemeng finanzéiert, wou Geothermie bei eis arealméisseg méiglech ass a wou net. Net dass d'Leit sech elo vill Gedanke maachen: Dat ass interessant! Kéint ech bei mir Geothermie maachen? A si si vläicht grad an engem Gebitt, wou dat guer net geet, da kann ee sech déi Aarbecht nämlech spueren. Et wär flott, änlech wéi e Solarkadaster, dass mer e Geothermiekadaster hätten, wou ee gesäit: Geet dat bei mir, wou ech wunnen, iwwerhaapt? Soss brauch ech mer guer keng Gedanken driwwer ze maachen. A wann et geet, dann ass et vläicht interessant op dee Wee ze goen.

Just e puer Saachen, déi ech mat op de Wee wëll ginn. Insgesamt kann ech deen heite Mesurëkatalog mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här Weirich, wannechgelift.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och dem Här De Sousa, fir déi ausféierlech Erklärungen.

Ech versichen, mech e bësse méi kuerz halen. Et ass elo vill geschwat ginn zu dësem Punkt.

Ech fänke mat engem klenge Bemoll un, fir duerno awer positiv opzehalen, wat d'Diffprimmen ugeet.

Bemoll, dat ass net onbedéngt eis Schold. Dat ass déi Saach mat der Virfinanzéierung. Wann ee sech nei energeetesch Apparater zouleet oder eng energeetesch Sanéierung maache wëll, muss een natierlech ëmmer virstrecken. Da kënnt nach dobäi, wann ee Locataire ass, huet ee guer keng Hand drop, fir déi Saachen unzestoussen, wann de Proprietär et net wëll. Do hu mir d'Hand natierlech och net drop.

A wat och blöd ass, dat ass och scho gesot ginn, dass een e Conseil énergétique maache loosse muss, fir iwwerhaapt Subsiden ze kréien. An dat kascht e puer Dausend Euro. Dat ass scho mol en éischte Frein, eng éischt Brems, eng éischt Hürd, wat d'Leit ofschreckt, fir iwwerhaapt dee Wee ze goen.

Och wann et staatlech Subside gëtt a mir och lokal Gemengesubside ginn, fir déi Berodung, oder op d'mannst en Deel dovunner, ofzefiederen an zréckbezuelt ze kréien, ass dat awer nach ëmmer eng Hürd.

Am Avis vun der Logementskommissioun hate mer drageschriwwen ze kucken, iergendwéi e System en place ze setzen, fir dat vläicht virzefinanzéieren a Sue virzestrecken. Ech mengen, dat gëtt schonn informell gemaach. Wa bei engem Beneficiaire vum Office social en Apparat futti fiert, dass een do ganz onkomplizéiert do eppes virstreckt an déi Suen dann zréckhëlt.

Den Här Liesch huet mer nach en interessant Stéchwuert gi mam Solarkadaster. Do hat ech mol net dru geduecht, mee do gëtt et zum Beispill och Modeller, dass vläicht eng Gemeng oder, ech soen elo, e Stroumproduzent eng Anlag, eng Photovoltaikanlag virfinanzéiert a soulaang eeben do de Feed-in-Tariff, also d'Suen, déi do generéiert gi vum Verkaf vum Stroum, encaisséiert, bis d'Anlag zréckbezuelt ass.

Esou eppes kéint ee vläicht um Niveau vun enger Gemeng en place setzen, oder op d'mannst déi Diskussioun ustoussen, fir dass mer déi energeetesch Sanéierung op den nächste Level kréien. Et ass immens wichteg, dass mer eis Gebaier energeetesch sanéieren. Et ass e risegt Puzzlestéck an den Ustrengungen, fir eis CO2-Emissiounen als Land oder als Stad Déifferdeng ze reduzéieren.

Positiv, natierlech dee ganze Katalog, dee gouf vu Grond op iwwerschafft. Den Här De Sousa an den Här Liesch hunn e puer Kategorien ervirgehuewen. Ech wéilt och gären e puer ënnersträichen. Éischtens d'Subsiden, wann ee Saache flécke léisst. Do si mer eng vun den éischte Gemengen, déi esou ee Subsid aféiert. Wat wierklech fortschrëttlech ass, och am Sënn vun enger Économie circulaire a vun Nohaltegkeet, fir en Apparat éischter flécken ze loosse wéi nei ze kafen.

Dat Zweet: dee ganze Block mat Upassungen un de Klimawandel, mat Retentiounsbecke bei Iwwerschwemmungen an esou weider an esou fort. Dass dat ee ganzt Kapitel fir sech ass, mat den entspriechende Subsiden, déi een do kréie kann, wann ee säin Haus/Wunneng upasst, dat ass absolutt begréissenswäert.

Och dass d'Montanten allgemeng an d'Luucht gesat goufe fir déi verschidde Primmen, ass begréissenswäert. Dass se un déi staatlech Subside gekoppelt goufen, och. Dat mécht eis d'administrativ Saach e bësse méi einfach, well do schonn e Contrôle um Niveau vum Staat geschitt ass.

Op där anerer Säit goufe gewësse Seuilen agesat oder Primmen ofgeschaaft, wou eis Ekipp gesinn huet, dass d'Leit profitéiert hunn, dass et do Abuse gouf. Dat ass natierlech och gutt.

Ech géif ophale mat engem Merci un déi ganz Ekipp, déi hei mat dru geschafft huet, déi ganz Ekipp vum Service écologique. Och fir déi Virbereedungsreuniounen, déi se organiséiert haten am Wok, wou, mengen ech, d'Hallschent vun de Leit, déi haut hei sëtzen, och dobäi waren. Dat war ganz interessant, fir Erklärungen do ze kréien, Froen ze stellen. Dat war e ganz gudde Prozess. Ech stëmmen dat heite gäre mat. Merci.

*Il essaiera de se montrer bref et commencera par un bémol.*
*Il regrette le préfinancement nécessaire lors de l'achat d'un appareil ou de l'assainissement énergétique. En plus, si l'on est locataire, on ne peut rien installer sans l'accord du propriétaire.*
*Enfin, pour obtenir un subside, il faut disposer d'un conseil énergétique coutant plusieurs milliers d'euros. Pour beaucoup de personnes, c'est un véritable obstacle.*
*La Commission du logement propose de mettre en place un système permettant de préfinancer ces mesures. C'est déjà le cas de manière informelle pour les clients de l'Office social dont un appareil est en panne.*
*Monsieur Liesch a parlé du cadastre solaire. Eric Weirich propose un modèle où la commune ou le fournisseur d'énergie préfinancerait une installation photovoltaïque, qui serait ensuite remboursée grâce à l'électricité produite par cette installation. Il faudrait lancer ce type de discussions au sein de la commune afin de promouvoir davantage les mesures d'assainissement. L'assainissement énergétique est une pièce de puzzle essentielle pour réduire les émissions de CO2 dans le pays.*
*Le catalogue a été complètement revu. Differdange est une des premières communes à offrir un subside pour les réparations. C'est important du point de vue de l'économie circulaire et de la durabilité.*
*Eric Weirich salue expressément la partie concernant l'adaptation du climat.*
*D'une manière générale, les montants ont augmenté, ce qui est une bonne chose. Le fait qu'ils dépendent des primes de l'État facilite le travail administratif, car tous les contrôles sont effectués par l'État.*
*Certaines primes ont été supprimées parce que la commune a constaté des abus.*
*Eric Weirich remercie l'équipe du service écologique pour son travail. Elle a organisé des réunions de préparation au wok auxquelles de nombreux conseillers communaux ont participé. Ils ont obtenu des explications ; ils ont posé des questions ; le processus était efficace.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie à son tour le service écologique et le Klimateam. Il est important de lutter contre le réchauffement climatique. Il faut de l'énergie et des ressources pour de nombreuses choses grandes et petites. Et comme la population mondiale croît, la consommation augmente aussi. Les énergies fossiles polluent et ne sont pas durables. Mais les énergies renouvelables ne suffisent pas à combler les besoins. C'est pourquoi il est nécessaire d'inciter la population à investir dans des mesures écologiques à travers des primes.*

*Pour atteindre la neutralité climatique, il faut renforcer la biodiversité au sein de la ville. Les chrétiens sociaux soutiennent les Diffprimes. On peut évidemment discuter du poids donné à certaines mesures ou du montant des primes. Dans le cas de l'isolation, on vérifie par exemple s'il s'agit de matériaux durables, minéraux ou synthétiques. Mais il faudrait aussi faire attention à la manière dont ces matériaux ont été traités.*

*En ce qui concerne les énergies renouvelables, l'accent est mis sur les pompes à chaleur et les installations photovoltaïques.*

*Jerry Hartung salue l'augmentation de la prime pour l'acquisition d'équipement électroménager écologique.*

*En matière de mobilité, la commune soutient le vélo électrique et la voiture électrique. Mais la prime pour celle-ci pourrait être inférieure.*

*Pour ce qui est des réparations, une liste des appareils a été dressée. Mais Jerry Hartung la trouve incomplète. Soit on ouvre cette liste à tous les appareils électriques, soit on se limite aux appareils électroménagers comme les frigos, les congélateurs, les lave-vaisselles ou les sèche-linges.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *précise que les primes de l'État pour les résidences ne dépassent souvent pas les 10 000 €. C'est pourquoi la commune ne distingue plus entre les maisons et les résidences. En outre, certaines résidences ont commis des abus. Il s'agit de ne pas exploser le budget qui passe déjà de 75 000 € à 175 000 €.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären, virop wëlle mir dem Service écologique an dem Klimateam Merci soen, fir hir Aarbecht. D'Moossname fir de Klimaschutz si wichteg, fir géint déi global Äerderwiermung unzekämpfen. Mir brauchen iwwerall Energie a Ressourcen, fir wichteg an net esou wichteg Saachen. Doduerch, datt et ëmmer méi Mënsche gëtt a jiddwereen och ëmmer méi brauch, duerch ëmmer méi Maschinnen, geet de Verbrauch stänneg erop.

Déi fossil Energië bréngen eng Belaaschtung fir eis Ëmwelt mat sech a se sinn och iergendeng Kéier opgebraucht. Déi erneierbar Energië liwweren zwar stänneg Noschub, an der Quantitéit geet et bei wäitem awer nach net duer. Dofir ass et gutt, datt iwwert de Wee vu Primmen, d'Awunner ënnerstëtzt ginn, fir zum enge bei sech doheem a Moossnamen ze investéieren, fir selwer erneierbar Energien ze produzéieren, zum aneren Energien a Ressourcen effizient ze notzen a Verschwendung ze verhënneren.

Am Kontext vun der Klimaneutralitéit brauch et innerhalb der Stad méi Biodiversitéit, woufir nei Poste virgesi sinn: beplanzten Diech, Virgäert a sou weider.

D'Déifferdenger CSV ënnerstëtzt dësen Dossier vun den Diffprimmen. Am Detail kann een natierlech driwwer diskutéieren, wéi wat gewiicht gëtt, also wéi vill wat subventionéiert gëtt. Bei der Isolatioun gëtt beispillsweis fir d'Héicht vum Subsid ënnerscheet, ob een nohalteg mineralesch oder syntheetesch Stoffer benotzt, wat sécherlech Sënn mécht. Nieft dem Basisstoff misst awer och opgepasst ginn, wéi dës Stoffer traitéiert goufen.

Bei den erneierbaren Energië gëtt den Akzent op Wärmepompelen a Photovoltaikanlage geluecht, well déi aktuell am performantste sinn, iwwer ee ganzt Joer gekuckt.

Begréisse maache mer d'Verduebelung vun der Primm, déi et scho länger hei zu Déifferdeng gëtt, vu 50 op 100 Euro, wann ee sech e Frigo, Tifküler, Spullmaschinn, Wäschmaschinn oder Trockner vun enger gudder Energieklass uschaaft. Dës Apparater sinn an der Reegel méi deier.

Bezüglech der Mobilitéit gëtt weiderhin ënner anerem den Elektrovëlo an den Elektroauto ënnerstëtzt. Vu datt bei der neier Berechnung bei engem Elektroauto, jee no Situatioun, d'Primm méi kleng kéint ausfalen an hei jo awer och gewësse Waardezäite gëllen, ass d'Fro, wéi dëst gehandhaabt gëtt. Ass do eng Transitiounsphas virgesinn?

Ofschléisse maachen ech mat de Subventioune fir d'Reparaturen. Hei ass eng länger Oplëschtung vun de verschiddenen Apparater, déi heifir a Fro kommen. Dës fanne mir e bëssen onglécklech, well verschidden Apparater si virgesinn, anerer awer net. An et ass net direkt ersiichtlech firwat. Am Sënn vun enger klorer Linn, wollte mer dofir hei froen, ob een et net soit einfach fir all Elektroapparat kéint opmaachen oder soit just op déi Gros blancs kéint begrenzen, wéi mer jo och schonn op der Säit aacht, Punkt 4) bis 4) bei den Acquisitioune virgesinn hunn, also eebe Frigo, Tifküler, Spullmaschinn, Wäschmaschinn an Trockner. Do handelt et sech hei jo ëm méi grouss Apparater. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Ech kommen op d'Froen zréck. Här Muller, Dir hutt ugefaangen. Vill vun de staatleche Primme fir Residencë sinn net iwwer 10.000 Euro. Dowéinst hu mir e Plaffong dragesat a mir maache keen Ënnerscheed méi tëschent Maisons a Residencen.

Dir hutt eng Ausso vum Här Arend ugeschwat. Do gëtt et verschidde Residencen, déi Abus bedriwwen hunn. Deem wollte mer entgéintwierken, well soss explodéiert eise Budget. Mir hunn

e scho fir d'nächst Joer vu 75.000 op 175.000 Euro erhéicht. Wat vill ass. A mir wëllen awer do och eng Brems aleeën.

Bei der Photovoltaik: Ech war bei där Virstellung vun der Klima-Agence virun zwou Wochen derbäi, mir ass net opgefall, datt se eppes gesot hätten, datt fir d'Residencen een anere Subsid gëllt. Dat hätt ech zwar matgeholl. Ech weess, datt se pro Kilowatt Peak ee feste Subsid ginn. De Montant kennen ech net. Do ass awer eng Brems, mengen ech, bis 30 Kilowatt Peak. Duerno geet et net weider. Bei 30 Kilowatt Peak kritt ee vum Staat bis zu 15.000 Euro. Wann een dann déi 50 % vun eis hëlt, da wier ee bei 7.500 Euro. Mir hunn eeben e Plaffong dran.

Wann Dir dës Diffprimmen elo net matstëmmt wéinst 2.500 Euro, wou ee scho ganz vill kritt, fannen ech e bëssen, jo – awer de Grond, deen den Här Arend ernimmt huet, war, datt mer ganz vill Abusen haten, wat vun de Residencë komm ass.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Däerf ech Iech vläicht dorop direkt äntweren? Do ass awer geschwat ginn, zum Beispill, Dir hutt jo elo selwer gesot, et wär Abus bedriwwe gi vu Promoteuren.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Nee. D'Wuert war Syndicaten.

**ERNY MULLER (LSAP):**

A Syndicaten, net d'Promoteuren.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Nee. Net d'Promoteuren. Et war bei bestoende Residenzen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Well et ass just do, wou et interessant ass, gellt. Mir wëlle jo elo a Richtung goen, dass esou vill wéi méiglech Photovoltaikanlagen op bestoend Residenze kommen.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

De Problem ass, wann elo d'Investkäschte vill méi héich ginn, da si mer net méi bei där klenger Differenz, wat Dir elo gesot hutt, géif ech mengen. Dat ass emol meng perséinlech Meenung. Ech weess awer elo net genau d'Präisser. Mee ech kéint mer awer virstellen, dass do Residenze sinn, wou dat weesentlech iwwert dee Wäert do erausgeet. An da kréie mer e Problem, well mer do keen Accord fanne bei deene ville Koproprietären, fir esou eng Anlag ze bauen.

Déi Primme si jo dofir do, fir d'Leit ze encouragéieren, also d'Biergerinnen an d'Bierger ze encouragéieren, op dee Wee ze goen, dass mer esou vill wéi méiglech nei Photovoltaikanlage kréien. Dat ass jo d'Zil vun eise Primmen.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Ech huelen deen dote Punkt nach eng Kéier mat, grad bei de Photovoltaikanlagen. Dir hutt et richteg gesot: Bei de Koproprietären ass oft e Problem, fir en Accord ze fannen, grad wat den Invest ugeet. Mir hu ganz vill Residencen, wou Propriétaires-bailleurs dra sinn. An deenen ass dat meeschtens egal, wat mat der Dénge geschitt. Do schaffe mir mat SUDenergie. Wa se mierken, datt do e Syndicat ass oder eng Residence net op dee Wee geet, datt déi dann den Daach lounen. De Loyer geet meeschtens an de Fonds de réserve. Awer ech huelen dee Punkt mat, wat d'Photovoltaikanlagen ugeet.

Déi Abusen, déi mir elo erlieft hunn, waren net an déi Richtung. Mee ech huelen et mat.

Zur Virfinanzéierung vum Här Weirich. Wärend den Energiewoche sinn ech gewuer ginn, datt de Staat 0 % garantéiert huet. Oder d'Leit haten d'Méiglechkeet, ee Prêt ze maache vun 0 %. Dat war deemools, wéi d'Tauxe sou niddreg waren. Dat heescht bis 1,5 % Zënsen hu si iwwerholl.

*En ce qui concerne les installations photovoltaïques, Paulo De Sousa ne se souvient pas que la Klima-Agence ait parlé de subsides différents pour les résidences. Elle propose un subside par kilowatt Peak jusqu'à un maximum de trente kilowatts Peak. Dans ce dernier cas, la prime se monte à 15 000 €. La commune ajouterait 7500 €.*
*Paulo De Sousa ne comprend pas que les socialistes n'approuvent pas les Diffprimes pour 2500 €. Monsieur Arend a pourtant mentionné les abus.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle qu'il était question d'abus de la part de promoteurs.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *proteste. Il s'agissait des syndicats de résidences existantes.*
*(Interruption)*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute que l'objectif est d'avoir un maximum d'installations photovoltaïques sur les résidences.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *marque son accord.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime que si les investissements sont importants, la différence entre les primes n'est plus aussi petite que monsieur De Sousa le dit. Mais il ne connait pas les prix. Toutefois, il imagine des difficultés à trouver un accord avec tous les copropriétaires. Les primes servent à encourager les citoyennes et citoyens à installer des panneaux photovoltaïques.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *concorde avec le fait que les copropriétaires ont souvent du mal à trouver un accord concernant l'investissement. Les propriétaires-bailleurs s'en fichent la plupart du temps.*
*Le collège échevinal coopère avec SUDenergie pour savoir quelles résidences ne veulent pas installer de panneaux photovoltaïques.*
*Pour ce qui est du préfinancement, l'État offrait des garanties pour des prêts à 0 %. Cela signifie qu'il prenait les taux d'intérêt à sa charge. Paulo De Sousa l'a appris pendant la Semaine de l'énergie. Mais ac-*

*tuellement, l'offre est moins intéressante, car les taux d'intérêt ont grimpé à 4 % et que l'État n'en finance que 1,5 %. De nombreuses personnes ne peuvent pas se permettre un tel prêt. C'est dommage. Pour ce qui est du frigo, il suffit d'aller dans un magasin et de se le faire livrer. Généralement, il n'y a pas de délai d'attente.*
*En ce qui concerne le délai d'attente pour la livraison des voitures, la commune demande le compromis d'achat pour savoir à quelle prime le demandeur a droit.*
*Quant à la réparation des appareils électriques, Paulo De Sousa propose de se limiter aux appareils électroménagers. Il ne sait pas si on en a oublié.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de poser la question à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *pense aux fours, plaques de cuisson Kitchen Aid, les machines à café… Il suggère de parler d'électroménager sans dresser de listes.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *modifiera ce point.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *constate que monsieur De Sousa fait allusion à la Klimabank. L'État proposait des prêts à 0 %. Mais il fallait malgré tout contracter un prêt, ce qu'une banque pouvait refuser.*
*CE que demande monsieur Weirich, c'est la mise en place par la commune ou l'État d'un système de préfinancement des assainissements énergétiques. Autrement, de nombreuses personnes seront immanquablement exclues.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *répond que les demandeurs n'obtenaient pas de prêts auprès des banques. L'État fournissait alors les garanties nécessaires, ce que certaines banques ne savaient pas.*

Deemools haten awer vill Banken de Leit kee Prêt ginn, well se net woussten, datt de Staat biergt. Momentan ass déi Offer och net méi attraktiv, well, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch virdru gesot huet, d'Tauxe sinn aktuell bei 4 %. Wann een 1,5 % nach ofrechent, ass een ëmmerhin nach bei 2,5 %. Dat ass awer nach vill. D'Leit packen dat net.

Dat ass immens schued. Do misste mer vläicht aner Weeër aschloen, wéi mer d'Leit derzou kréien, awer e bëssen ze investéieren.

Den Här Hartung hat no der Transitiounsphas gefrot. Et ass elo net wéi beim Frigo, wou een net laang am Viraus bestelle muss. Meeschtens geet een an d'Geschäft, et fënnt een een, an zwee Deeg drop kritt een en heem geliwwert. Fir en Auto besteet eng Liwwerzäit. Do hu mer awer déi Transitiounsphas virgesinn, soudatt een déi Primm kritt, eebe just, wann offiziell e Compromis d'achat do ass. Dee gëllt da fir ze kucken, wat fir eng Rechnung geholl gëtt.

Fir d'Reparatur vun den elektreschen Apparater, do hu mir der e puer ernimmt. Kloer wäerte mer der warscheinlech e puer vergiess hunn. Ech mengen, mir kënnen dann einfach déi Oplëschtung duerch Electroménager ersetzen. Ech weess net, wat mer do nach vun Electroménager sollen drasetzen. Do fält mer elo näischt an. Déi meescht hu mer hei ernimmt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Misst een den Här Hartung vläicht froen.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Schäffchen, Kachplack, Kitchen Aid, Kaffismaschinn, … Ech soen einfach Electroménager ouni Opzielung, dann ass et oppe fir d'Leit selwer ze entscheeden, wat se wëllen ufroen.

Hei steet elo Appareils considérés, an da sti Beispiller hannendrun. Wollt just e Beispill ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Jo, dann huele mer dat esou mat. Dann ännere mer dat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Vläicht hunn ech mech falsch ausgedréckt. Wat Dir gemengt hutt, Här De Sousa, dat ass d'Klimabank, déi et säit e puer Jore gëtt. Am Ufank gouf et zwee Tauxen: 0 % fir méi schwaach Stéit an 1,5 % fir all déi aner. An de Staat huet d'Differenz iwwerholl. Do gouf dat verallgemengert mat 0 % an de Staat huet d'Zënsen iwwerholl. Mee et bleift awer nach ëmmer e klassesche Prêt. A wann s du bei der Bank kee Prêt kriss, well s de net kredittwierdeg bass, oder wat weess ech, dann ass dat awer gescheitert.

Meng Positioun, wat ech soe wollt ass, fir finanziell méi schwaache Stéit ze hëllefen, d'Sue virzestrecken, iwwer ee Wee oder en aneren. Dass mer do entweeder um Niveau vun eiser Gemeng e System en place setzen oder um Niveau vum Staat eis asetzen, dass esou eppes kënnt vun enger Virfinanzéierung fir eng energeetesch Sanéierung oder alles, wat an déi Richtung geet vun den Diffprimmen.wWell soss sinn e ganze Koup Leit ausgeschloss vun deene Primmen an deenen Efforten, déi et gëllt ze maachen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Dann hat ech mech och falsch ausgedréckt. D'Leit hu kee Prêt kritt, well d'Banke gemengt hunn, si wieren net kreditwierdeg. Mee dat krute mer vun der Klima-Agence. Wann een esou ee Prêt mécht, da biergt de Staat an d'Banke woussten dat. Verschidde Banke woussten dat net. Dat huet eis ee Kli-

ma-Agence-Beroder erzielt, datt vill Leit deen net kritt hunn, well d'Banke geduecht haten, si wieren net kredit-wierdeg. Awer an esou Fäll ass de Staat, dee biergt fir de Prêt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zur Ofstëmmung. A mir huelen de Punkt ) dann do eraus.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir brauchen en net erauszehuelen. Ech mengen, et gëtt jo nach eng Kéier iwwerpréift. Ech huelen dat zur Kenntnis an dat geet mer och duer. Mir stëmmen dat och. Mir huelen näischt eraus. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le Règlement communal ayant comme objet le subventionnement d'investissements dans le but d'établir un changement d'esprit vers la neutralité climatique de la Ville.*

Här De Sousa, am nächste Punkt ass et och un Iech. Do geet et ëm d'Règlements temporaires de circulation, an ech ginn Iech d'Wuert.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Ech kucken de Kolleeg, den Här Altmeisch do iwwer. Ech ginn elo net an den Detail. Et sinn, wéi ëmmer, déi üblech Saachen: Renovatiounsaarbechten, Demolitiounsaarbechten, Steeën, Bennen, Toiletten, reservéiert Emplacementer an esou weider.

Wat dës Kéier interessant ass, dat sinn déi véier PMR-Emplacementer, déi bäikommen. Déi stinn och schonn am Draft vum Verkéiersreglement, wat d'Mobilitéitskommissioun scho virgestallt kritt huet. Wat mir awer nach net an de Gemengerot bruecht hunn, well mer amgaange sinn, nach weider Adaptatiounen ze maachen, fir net all zweete Gemengerot eist Verkéiersreglement mussen ze änneren.

Wat ass Interessantes dës Kéier dran? De Chantier bei der Sportshal leeft gutt elo. De Busarrêt kënnt bei d'Entrée vun der oppener Schwämm. An der Cité Sidney Thomas komme mer de Leit entgéint, déi schonn eng Zäitche mat deem Chantier geplot sinn. Mir ginn d'Parkplazen net méi um sechs Auer owes fräi, mee schonn um hallwer fënnef. Mir hu gemierkt, datt keng Aarbechter méi um Site sinn. Wann d'Leit dann um fënnef Auer heem kommen, fanne se éischter eng Parkplaz, wéi wa se eréischt um sechs Auer fräi ginn.

Eise Laangzäitchantier an der Rue Belair Metzkimmert, do ass d'Kräizung bis e Freideg gespaart. Do ass en Double sens an der Strooss Belair.

Zu eisem Chrëschtmaart: Wéi déi Jore virdrun, sinn do verschidde Parkplazen an der Dunant-Strooss an de Parking an der Grousssstrooss – ech muss oppassen, ëmmer wann ech Parking an der Grousssstrooss soen – net d'Parkhaus an der Grousssstrooss, fir Commerçanten an d'Aussteller reservéiert. Déi kréien een extrae Badge.

Déi aktuell Liwwerplaz tëscht der Foussgängerzon an der Maartplaz gëtt wärend dem Chrëschtmaart 50 Meter an d'Emile-Mark-Strooss deplacéiert.

Dat sinn déi wichtegst Punkten an dësem Dossier. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren dee ganze Moien a ganze Mëtten.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, merci fir d'Erklärungen, Här De Sousa. Déi gi vu Sitzung zu Sitzung besser. Mee et ass esou, ech begréissen dat och, dass an der Sid-

*C'est la raison pour laquelle elles refusaient d'accorder les emprunts.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de passer au vote. Le point f sera voté à part.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ne souhaite plus de vote à part. En effet, le collège échevinal vérifiera la question. (Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux règlements temporaires de circulation.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *ne va pas entrer dans les détails, mais il sait que monsieur Altmeisch fait attention. Il s'agit comme d'habitude de rénovations, de démolitions, de bennes, d'échafaudages, de toilettes…*
*L'aménagement de quatre places de stationnement PMR est plus intéressant.*
*Le chantier du centre sportif d'Oberkorn va commencer. L'arrêt de bus sera déplacé à l'entrée de la piscine en plein air.*
*Dans la cité Sydney-Thomas, où un chantier perdure, les places de stationnement seront disponibles à partir de 16 h 30 au lieu de 18 h. De toute façon, les ouvriers ne sont plus là quand les riverains rentrent chez eux vers 17 h.*
*Le croisement des rues Belair et Metzkimmert sera fermé vendredi. La rue Belair fonctionnera en double sens.*
*Pendant le Marché de Noël, les places de stationnement de la rue Henri-Dunant et le parking de la Grand-rue sont réservés aux commerçants. La place de livraison sur la place du Marché sera déplacée de cinquante mètres dans la rue Émile-Mark.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *félicite monsieur De Sousa, qui s'améliore de séance en séance.*
*I*

*l salue la mise en place d'un règlement d'urgence dans la rue Sidney-Thomas. Pendant les congés collectifs, de fin décembre à mi-janvier, le parc de stationnement sera ouvert. Dans la rue John-F.-Kennedy, un règlement d'urgence boucle le trottoir des deux côtés le long du Marché de Noël. C'est une bonne chose. Mais un peu plus loin, en direction de la rue Roosevelt, les piétons sont bloqués par le grillage d'un chantier. Aucune mesure n'aide les piétons à traverser la rue à cet endroit. De l'autre côté de la rue en direction de la Caisse d'épargne en revanche, il y a bien un passage pour piétons pour alerter les automobilistes comme c'est prévu par la loi. Il faudrait intervenir d'autant plus que l'éclairage est mauvais et que le coin est obscur. En outre, il commence à faire noir dès 16 h 30.*
*Guy Altmeisch salue la mise en place de deux places de stationnement PMR au 1535° malgré le chantier. Sur place, il a discuté avec deux ouvriers, qui lui ont dit que le chantier durerait jusqu'à avril 2023. Pour les commerçants, il sera difficile de survivre. Si l'entrepreneur envoyait plus d'ouvriers, il n'aurait pas besoin de quatre mois.*
*(Vote)*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux changements dans les commissions. Elle demande si le LSAP peut accepter le document alors que le logo ne figure pas dessus. Il est question de la Commission des séniors, où monsieur Claude Kussman est remplacé par madame Claudine Krippler.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch clôture la séance avant de remarquer qu'il reste des questions.*

ney-Thomas-Strooss eng Upassung vum Drénglechkeetsreglement gemaach ginn ass. D'autant plus hutt Der respektéiert, dass et e Congé collectif ass, hunn ech gelies. Wat och eng gutt Saach ass fir déi Leit, déi do wunnen. Parkhaus zur Verfügung vun Ausgangs Dezember bis Mëtt Januar, wat eng gutt Saach ass.

Eng aner Saach, déi mer net esou gefält, dat ass an der Kennedy-Strooss. Do hutt Der en Drénglechkeetsreglement verfaasst, wat seet, dass den Trottoir béidsäiteg laanscht de Chrëschtmaart gespaart ass, wat eng gutt Saach ass, soss klunschen d'Leit mat de Kutschen an esou virun hanner de Bude laanscht. Dat ass gutt.

Ginn awer da virun an där selwechter Strooss an der Kennedy-Strooss, Richtung Roosevelt erop, kommen op e Chantier, do lafen ech als Foussgänger dann an eng Nadarsbarriär, e Grillage, wou keng Hëllef ass fir de Foussgänger, fir iwwert d'Strooss ze goen. Dat ass schlecht vum Promoteur. Do misst intervenéiert ginn, vu dass dat och kee Chantier ass, deen nëmmen zwou Wochen dauert.

Well wann ech vun där anerer Säit erofkommen, ech gi Richtung Spuerkeess, op der rietser Säit, do ass, wéi de Legislateur et virgesäit, en Zebrasträifen. Dat ass e Warnschëld fir d'Autoen. Mee wann ech vun ënnen eropkommen, wou méi Trafick elo kënnt wéinst dem Chrëschtmaart, Richtung Walzstrooss, op der lénker Säit, do ass keng Hëllef fir de Foussgänger. Misst onbedéngt gemaach ginn.

D'autant plus well do och d'Stroossebeliichtung net extra gutt ass, d'Strooseluucht beim Chantier net do ass an et en däischteren Eck ass. Zemools, wa mer wëssen, dass et um hallwer fënnef däischter gëtt. Dat ass dat.

Dann hunn ech nach eng Saach, begréissen déi och: Am 1535° hutt Der nodréiglech zwou PMR-Parkplaze gemaach, trotz deem Chantier, deen do ass an deen och déi aner Plaze vum Parking do besetzt.

Sinn natierlech e bëssen traureg, ech war dohinner kucken, gesinn dann zwee Aarbechter vun der Baufirma. Wéi ech een dunn ugesprach hunn, wéi laang de Chantier dauere géif, huet hie mer confirméiert, dass et bis Abrëll 2023 geet. Dat si véier Méint. Fir déi zwee Geschäftsleit, déi Restaurateuren ouni Parkplaz ze iwwerliewen, gëtt ganz schwéier, fir dat ze packen.

Wann den Entrepreneur e bësse méi Personal géif dohisetzen, bräicht et keng véier Méint an et wär vill méi kuerzfristeg ofgeschloss.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

---

Villmools merci. Mir gesi geschwënn duerch, Dir Hären an Dir Dammen. Elo komme mer bei d'Ännerungen an de Kommissiounen. Ech wollt froen, ob den Här Altmeisch an d'LSAP d'accord ass, d'Blat esou ze huelen, dass Äre Logo net drop ass. Dir wësst firwat. Dir hutt d'Erklärung kritt. Oder hätte mer sollen en neit Blat drécken? Ären Numm steet jo drop. Dass et drëm geet, dass d'LSAP e Changement virhëlt. An der Seniorekommissioun gëtt den Här Claude Koussman duerch d'Madamm Claudine Krippler ersat. Dat ass OK, gesinn ech hei.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

---

Domadder géif ech Iech villmools Merci soe fir déi eppes e bësse méi laang ëffentlech Sitzung. A nee, et kommen nach Froen, pardon. Ech hunn nach zwou Froen hei leie vum Här Weirich an Här Altmeisch. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wollt op dee Bréif, op d'Mail zréckkommen vu virun zwou, dräi Wochen, déi eis eng Biergerin un eis alleguerten adresséiert huet, wéinst Mobilitéitsfroen zu Déifferdeng an enger Suerg, déi vun där Fra ausgedréckt gouf, par rapport zum Schoulwee vun hirem Meedchen.
Dass si sech net traut, hiert Meedchen eleng vun hirem Wunnuert an d'Schoul goen ze loossen, well relativ vill Trafick do ass. Do goufe Leit um Zebrasträifen ugestouss. Doropshin huet si eis dee Bréif geschéckt. Si huet och do Froe vu Pollutioun, vun der Loftpollutioun opgeworf. Ech hat dat intern och ronderëm geschéckt u verschidde Leit.

Ech wollt vum Bréif profitéieren, fir nach eemol d'Froen opzegräifen, déi ech virun engem décke Joer hei am Gemengerot gestallt hat, am Kader vum nationalen Aktiounsplang géint de Kaméidi. Wou et jo och deelweis ëm de Kaméidi geet, deen duerch Autosverkéier verursaacht gëtt.

Virdrun hat den Här De Sousa geschwat vun der Héisenger Strooss, dass déi berouegt géif. Virun engem Joer war och rieds vun anere Stroossen, wéi d'Péitenger Strooss, d'Lonkescher Strooss, hat d'Madamm Pregno mer deemools als Äntwert ginn. Ech wollt froen, ob do schonn eppes virgesinn ass.

Ech hat scho méi oft gefrot, fir eng Verkéiersberouegung oder en Deel autofräi ze maachen am Zentrum vun Déifferdeng. An déi Fro e bëssen esou en Iwwerbau ass, eeben e Mobilitéitskonzept, wou mer do dru sinn. Et gouf scho méi oft gesot, dass dat an der Maach wär. Ech wollt einfach dovunner profitéieren, fir ze froen, wou mer do dru si mat deene verschiddenen Elementer am Mobilitéitskonzept.

Déi zweet Fro war, dat hat d'Madamm Pregno och deemools gesot, de Projet „Propper Loft“, wou et jo och deelweis drëms geet, fir de Kaméidi ze erhiewen an d'Qualitéit vun der Loft op verschiddene Plazen an der Gemeng. Ob et do scho Resultater gëtt oder net, well dat och mat hire Froen zesummenhänkt.

An ofschléissend, ob virgesinn ass, der Madamm, der Fra formell op hir E-Mail, op hir Ufro ze äntweren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Mir hunn der Madamm nach net geäntwert. Mir hu wëlles, hir an deenen nächsten Deeg ze äntweren.

Dir hutt gefrot fir d'Héisenger Strooss. Dee Projet hu mer nach net an der Mobilitéitskommissioun gewisen, kënnt awer muer, wann Der den Ordre du jour gesinn hutt. Deen ass muer um Ordre du jour. Mir wollten do net ee Schratt iwwersprangen.

Sécher, propper Loft, wat d'Madamm erwäänt huet, do si mer och hannendrun, fir hir do weider Donnéeën ze ginn.

Dir hutt eis ugeschriwwe wéinst der Michel-Rodange-Strooss. Do souze mer ee gudde Moien, fir do all Varianten duerchzekucken. Et ass ëmmer iergendeppes, wat blockéiert, wou et net glécklech ass. Awer mir hunn eis nach net ginn. Also mir sinn do och amgaangen, drun ze schaffen. De Pantograf ass e Problem. Wa mer deen e bëssen deplacéieren, do hu mer kloer Iddien, da menge mer, da setze mer d'Leit awer a Gefor. Mir sinn awer amgaangen, drun ze schaffen.

D'Madamm kritt an deenen nächsten Deeg e Mail, wou all hir Froe beäntwert ginn. Déi Madamm ass ganz aktiv och an der Gemeng.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Den Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Virop eng kleng Bemierkung zu deem, wat Dir gesot hat, wéi mer déi kleng

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *souhaite revenir sur le courriel d'une dame posant des questions sur la mobilité.*
*Elle n'ose pas envoyer sa fille seule à l'école, car entre son domicile et l'établissement scolaire, il y a beaucoup de circulation. Apparemment, des gens ont été renversés sur le passage pour piétons.*
*Elle a aussi posé des questions au sujet de la pollution atmosphérique.*
*Eric Weirich en profite de l'occasion pour poser une nouvelle fois la question du bruit occasionné par le trafic. Monsieur De Sousa a dit que des mesures ont été prises pour calmer la rue de Hussigny. Mais il y a un an, il était aussi question de la rue de Pétange et de la rue de Longwy. Qu'est-ce qui a été fait entretemps ?*
*Eric Weirich a aussi demandé à interdire les voitures dans une partie du centre-ville. Où en est-on avec le concept de mobilité ?*
*Pour ce qui est du projet Propper Loft visant à améliorer la qualité de l'air, a-t-il apporté des résultats ? Est-il prévu de répondre au courriel de cette dame ?*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *répond que le collège échevinal répondra dans les prochains jours.*
*Il sera question de la rue de Hussigny demain dans la Commission de la mobilité.*
*La commune fournira des données concernant Propper Loft à la personne ayant envoyé le courriel.*
*Le collège échevinal étudie la question de la rue Michel-Rodange, mais toutes les variantes posent des problèmes. Si on déplace le pantographe par exemple, cela engendrera des dangers pour les gens.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *revient sur la microforêt dont il a été question tout à l'heure.*

*Il informe le collège échevinal que les habitants du Fousbann accepteraient aussi une grande forêt au lieu de résidences.*
*Par ailleurs, le personnel scolaire a informé Guy Altmeisch du fait que quand les classes vont nager, le filtre de na piscine est souvent en panne et l'eau est brune. Souvent, il faut annuler le cours.*
*Guy Altmeisch a aussi constaté que certains éléments de la partie Wellness d'Aquasud sont cassés. Par exemple les bornes d'eau. Désormais, les gens apportent leurs bouteilles en plastique. Ce n'est pas ce que veut la commune.*
*L'essoreuse ne fonctionne pas non plus.*
*Guy Altmeisch se demande si tous ces problèmes sont dus à des questions financières.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch voudrait bien savoir qu'elle est le pépin.*
*(Interruption)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *n'a pas les réponses à ces questions et s'informera.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a été étonné du problème avec les élèves. C'est pourquoi il a tenu à poser la question.*
*Pour le reste, il n'est pas chouette pour les abonnés de constater ces détériorations. Quand quelque chose ne fonctionne pas, il faut le remplacer.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *clôture la séance publique et passe à la séance à huis clos.*

Sitzung haut ugefaangen hunn, dass Der de Leit um Fousbann géift matdeele vun engem klenge Bësch, vun engem Mikroklima, dat do géif geschaf ginn. Ech kann Iech just confirméieren, dass déi Leit vum Fousbann och géifen e grousse Bësch unhuelen anstatt d'Residenzen.

Dat ass awer net meng Fro gewiescht vun haut. D'Fro ass déi hei: Verschidde Leit aus dem Schoulpersonal sinn u mech erugetrueden. Wa se mat de Kanner schwamme ginn, wär des Ëfteren e Filter blockéiert oder dee wier zou oder net richteg op, de Baseng wier brong. Dat géif net gutt ausgesinn. An da misst d'Schwammen ofgesot ginn.

Des Weideren ass mir selwer opgefall, ech weess net, ob dat aus budgetäre Grënn ass oder duerch wat, verschidde Saachen am Aquasud, ënner anerem, am Wellness-Beräich, si futti. Ech denken un déi Waasserborne, déi do war, wou ee säi Bidon konnt fëllen. Déi hat en technesche Problem, déi ass ewechgeholl ginn, déi ass net méi ersat ginn.

Wat geschitt? D'Leit bréngen erëm hir Plastiksfläsche mat. Dat ass net dat, wat mer wëllen. Mer wëlle jo ewech vum Plastik. Déi Borne, dat Drénkwaasser, woumat d'Leit hire Bidon gefëllt hunn an hire Bidon erëm mat heem geholl hunn, déi hat en Defekt an déi ass net méi ersat ginn.

Och hate mer eng flott Essoreuse an deem selwechte Beräich, fir d'Schwammboxen ze essoréieren. Och en techneschen Defekt drun, net méi ersat ginn. Ech weess net, gëtt et finanziell Problemer do oder wou klemmt et, wou hemmt et?

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Mir huelen dat mat a froen dat no, Här Altmeisch. Ech kann Iech elo do beim beschte Wëlle keng Äntwert drop ginn.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, dat war och meng Reaktioun, wéi ech dat vun de Schoulkanner héieren hunn. Dofir hunn ech geduecht, dann hëls de dat mol mat, frees de, si wësse vläicht, wat den technesche Problem war.

An dat anert kënnt net gutt u bei de Leit, wann s de en Abonnement hues an op eemol gesäis de, dass alles ëmmer méi zréckgefuer gëtt, wat jo awer net flott ass. Wann eppes futti ass, muss et ersat ginn, menger Meenung no. Dat suergt fir Gespréich an deene Beräicher. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da géif ech Iech awer elo Merci soe fir Är Gedold an, wéi seet een op gutt Lëtzebuergesch, fir Äert Sëtzlieder. Da géife mer elo an d'Non-publique goen, déi relativ kuerz ass. An der Tëschenzäit entschëllegen ech och den Här Liesch an den Här Meisch.

# JUKOWO 2023

Il y a 21 ans, la Ville de Differdange lançait sa première Jugendkonschtwoch, une exposition artistique destinée aux jeunes de 12 à 26 ans. Objectif : offrir une plateforme aux artistes en herbe pour se faire connaitre. Dès le départ, le succès a été au rendez-vous et l'édition 2023 ne devrait pas faire exception.

La JuKoWo 2023, organisée par la Ville de Differdange, sa commission des jeunes et Art vivant, aura lieu du 16 au 29 octobre à l'Espace H2O. Elle sera accessible au public de 15 h à 18 h.

Le vernissage est fixé au 16 octobre à 19 h et la remise des prix au 29 octobre à 11 h à l'Espace H2O. Un jury d'experts déterminera les meilleures œuvres et le vainqueur remportera le Jugendkonschtpräis.

Délai d'inscription : 31.8.2023

# ENSEMBLE SUR LA ROUTE

C'est l'été et cela signifie que les cyclistes sont de plus en plus nombreux sur les routes. Comme les accidents entre cyclistes et véhicules à moteur sont fréquents, nous souhaitons rappeler quelques points importants à tous les usagers de la route.

**Les automobilistes**

L'ACL appelle les conducteurs de véhicules à moteur à être particulièrement attentifs et à respecter le Code de la route :

- Les cyclistes sont des usagers de la route à part entière ; sauf dans les cas spécifiés par le Code de la route, ils ont le droit de circuler sur la route ;
- Lors du dépassement d'un cycle, une distance latérale de 1,50 m est à respecter. En effet, un cycliste est facilement déséquilibré par le coup de vent provoqué par un véhicule qui le dépasse ;
- Les voies réservées aux cycles sont interdites aux autres types de véhicules ;
- Lors de l'ouverture des portières, assurez-vous de ne pas mettre en danger un cycliste ;
- Sachez enfin que les cyclistes peuvent contourner par la droite les véhicules immobilisés à une intersection ou un passage à niveau — en usant d'une extrême prudence.

**Les cyclistes**

Les cyclistes doivent également respecter les règles légales de circulation et s'assurer que leur équipement est conforme au Code de la route. Cela vaut aussi bien pour les vélos conventionnels que pour les vélos à pédalage assisté et les vélos électriques.

La police exige l'équipement suivant : une sonnette, deux freins fonctionnant indépendamment, une lampe blanche ou jaune à l'avant, des réflecteurs blancs ou jaunes sur les rayons ou des pneus avec des côtés réfléchissants blancs ou jaunes, des réflecteurs blancs ou jaunes sur les pédales, un réflecteur rouge et un feu arrière rouge. Les cyclistes qui roulent avec un vélo qui n'est pas équipé en conséquence risquent une amende de 49 € à 74 € .

Bien qu'il n'y ait pas d'obligation légale, la police conseille de porter un casque. Il ne doit pas couvrir les oreilles afin de pouvoir percevoir les bruits environnants. En outre, il est fortement déconseillé de porter des écouteurs.
Les enfants à partir de 6 ans peuvent circuler à vélo sur la route s'ils sont accompagnés d'une personne âgée d'au moins 15 ans. À partir de dix ans, les enfants peuvent circuler seuls sur la route. Jusqu'à l'âge de 13 ans, les enfants peuvent utiliser le trottoir dans les parcs, les zones résidentielles et les zones piétonnes. Toutefois, les cyclistes et les personnes en trottinette qui roulent sur le trottoir sont concernés : ils doivent adapter leur comportement et leur vitesse, car les piétons y ont toujours la priorité ! À partir de 14 ans, les cyclistes doivent circuler sur la route.
Autres recommandations de la police :

- Assurez-vous d'être bien visible : portez un gilet de sécurité et allumez vos feux.
- Signalez à temps un changement de voie ou de direction avec le bras.
- N'insistez pas sur le fait que vous avez la priorité et laissez passer les usagers moins vulnérables.
- Ne vous placez jamais à côté d'un camion ou d'un bus, de sorte que le conducteur pourrait ne pas vous voir.
- Soyez prudent, notamment en raison de l'aspiration d'air, lorsque vous passez devant des camions ou des bus.
- Ne roulez pas entre des rangées de véhicules à l'arrêt et faites attention aux portes des véhicules qui pourraient s'ouvrir à tout moment.
- Pensez aux autres usagers de la route et attendez-vous à ce qu'ils fassent des erreurs.
- Restez à droite lorsque vous roulez sur la route.
- Si vous poussez votre vélo, vous devez utiliser le trottoir ou la voie de droite s'il n'y a pas de trottoir.

# WORKING TOGETHER

## THIS IS HOW WE CAN SAVE WATER



### VISIT PUBLIC POOLS

AVOID FILLING AND REFILLING PRIVATE POOLS.



### WASH YOUR CAR IN A CAR WASH

CLOSED SYSTEMS REUSE WATER MORE THAN ONCE.



### OPTIMIZE THE USE OF YOUR WASHING MACHINE

RUN IT ONLY FULLY LOADED.

### WATER AS LITTLE AS POSSIBLE WITH DRINKING WATER

THE LAWN DOES NOT NEED TO BE WATERED BECAUSE IT RECOVERS QUICKLY. WATER YOUR BEDS AND PLANTS AFTER SUNSET.





### AVOID CLEANING YOUR OUTDOOR SURFACES WITH DRINKING WATER

USE DRINKING WATER SPARINGLY.

### DO NOT SHOWER FOR TOO LONG

A SHORT SHOWER IS ENOUGH TO FRESHEN UP.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de la gestion de l'eau

ALUSEAU
association luxembourgeoise des services d'eau

Zesumme fir eist
WAASSER

MOLOKO

## NOUS CHERCHONS DE JEUNES ARTISTES

DU
16/10
AU
29/10
2023

# jukowo

20[e] ÉDITION

JUGENDKONSCHTWOCH

Ce concours s'adresse aux jeunes artistes (musiciens, écrivains, sculpteurs, peintres, graphistes, photographes….) de 12 à 26 ans.

**INSCRIPTIONS SUR**
www.differdange.lu/jukowo-2023

**DÉLAI D'INSCRIPTION**
31/08

**VERNISSAGE** le 16/10 à 19 h
**EXPOSITION** du 16/10 au 29/10 de 15 h à 18 h
**REMISE DU JUNGENDKONSCHTPRÄIS**
le 29/10 à 11 h

**ESPACE $H_2O$**
Rue Rattem
L-4658 Oberkorn

**JUKOWO.LU**

Ville de Differdange